

## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique  
- M. Fernand Etgen, Président
2. 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :  
1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;  
2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;  
3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;  
4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;  
5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;  
6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;  
7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant  
a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;  
b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;  
c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;  
8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;  
9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;  
10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;

11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;

13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (suite)

et

7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)

- Discussion générale (suite) : M. Gast Gibéryen (interventions de M. le Ministre Dan Kersch, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, M. Alex Bodry, M. le Ministre Dan Kersch, M. Mars Di Bartolomeo, M. Georges Engel, M. Laurent Mosar, M. Sven Clement, M. Franz Fayot, M. Alex Bodry et Mme Josée Lorsché) - M. Franz Fayot (fait personnel) - M. Gast Gibéryen (interventions de M. Franz Fayot, M. Alex Bodry et M. Mars Di Bartolomeo) - M. David Wagner (intervention de M. Sven Clement) - M. Gilles Roth (dépôt des motions 3 et 4 et des amendements 1 à 3) (interventions de M. André Bauler, M. Laurent Mosar, M. le Ministre Dan Kersch et M. Mars Di Bartolomeo) - M. André Bauler - M. Sven Clement (interventions de M. Franz Fayot et Mme Martine Hansen) (dépôt de la motion 5) - M. Marc Spautz (dépôt des amendements 4 et 5 et des motions 6 et 7) (interventions de M. Alex Bodry et M. André Bauler) - M. Gusty Graas (intervention de M. Fernand Kartheiser) - M. Laurent Mosar (interventions de M. Sven Clement, M. Alex Bodry et M. Gast Gibéryen) (dépôt de la motion 8) (interventions de M. Gilles Roth, Mme Djuna Bernard, Mme Josée Lorsché et M. Carlo Back) (dépôt de la motion 9 et d'une demande d'interpellation) (interventions de M. Eugène Berger et M. Gilles Baum) - Mme Carole Hartmann (interventions de M. André Bauler et M. Franz Fayot) - M. Fernand Kartheiser
- Prise de position du Gouvernement : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances (interventions de M. Alex Bodry et M. Laurent Mosar)

### 3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. François Bausch, Vice-Premier Ministre ; M. Pierre Gramegna, M. Dan Kersch et M. Henri Kox, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

### 1. Ouverture de la séance publique

► M. Fernand Etgen, Président.- Ech maa-chen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

### 2. 7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :

1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;

2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;

3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances ;

5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauchage de chômeurs ;

7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant

a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;

b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;

c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État ;

8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;

9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques ;

10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;

11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État ;

12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;

13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (suite)

7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)

D'Chamber fiert de Mëtte mat den Debatten iwwert de Staatsbudget 2020 virun. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale (suite)

► M. Gast Gibéryen (ADR).- Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, virop wëll ech am Fong zwee Merciën direkt lassginn: deen een eise Kolleeg Yves Cruchten, Rapporteur vun dësem Budget, fir säi Rapport, deen, wéi och seng Virgänger als Rapporteur zum Staatsbudget, eng gutt Aarbecht gemaach huet an eng gutt Dokumentatioun zesumme-gestallt huet.

Wéi mer de Rapport an der Kommissioun zur Ofstëmmung haten, hat ech en nach net gelies. An der Tëschenzäit hunn ech dat awer nogeholl. Ech mengen, et ass och erëm eng Fläissaarbecht, déi do erauskënnt, an eng gutt Dokumentatioun, wou sécherlech deen een oder deen aneren oder vill vun eis och an Zukunft wäerte réckwierkend ëmmer erëm e Blick an de Rapport werfen, well et ass eng Grouf vu gudden Iddien a Propositionen, déi do dra sinn. An duerfir: Felicitatioun vun eiser Säit fir déi Aarbecht, déi de Kolleeg Cruchten gemaach huet!

Deen zweete Merci wëll ech un de Kolleeg Alex Bodry ginn, deen haut hei seng lescht Budgetsried gehalen huet - ech mengen, wat awer eng

Ried war, déi vläicht aus deem Normalen erausgaangen ass -, dee sech net esou politesch ausenanageresat huet, mee dee vläicht opgrond vu senger laangjäregen Erfarungen, déi en als Politiker, als Buergermeeschter, Minister, Deputéierten huet, an elo eng nei Tâche am Staatsrot wäert iwwerhuelen, wou ech der Iwwerzeegung sinn, datt hie schonn dee richtige Mann ass, fir an de Staatsrot ze goen, wou en am Fong hei e Resümmee gemaach huet vun Iddien an och am Kader vun enger Visioun vun enger Rei vu Problemer, déi mer an dësem Land wäerten an deenen nächste Jore begéinen.

Ech hunn dat wierklech ganz gutt fonnt vun him. En huet dat ganz explizitt a gutt virbruecht. An ech mengen, mir wäerten, oder déi, déi dann hei an der Chamber Politik maa-chen, wäerten an deenen nächste Joren da vläicht déi eng oder déi aner Kéier un de Kolleeg Bodry zrëckdenken, un dat, wat en haut de Moien hei gesot huet, well en huet eng ganz Rei vu Pisten opgezeechent, déi sécherlech wäerten d'Aarbecht vun der Lëtzebuerger Politik an deenen nächste Jore betreffen. Duerfir: Merci un de Kolleeg Bodry! An ech wënschen him an eisem Numm och bonne Chance. A wéi gesot, en ass fir mech dee richtige Mann op där Plaz, wou hien elo hikënnt.

► Une voix.- Très bien !

► M. Gast Gibéryen (ADR).- Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, de Staatsbudget, dat ass virun allem en déckt Buch mat villen Zifferen dran. Et si Chifferen, et sinn déi Zuelen, wou de Staat seng Suen hierhëlt, wou e se erakritt, fir d'Keess ze fëllen. An et sinn op där anerer Säit déi Chifferen, wou d'Suen erausginn, fir déi verschidden Iddien, déi politesch viséiert sinn a gewollt sinn, ze finanzéieren. Et ass duerfir d'Kärstéck am Joer vun der politescher Ausenanersetzung. Et ass dat wichtegst Gesetz, wat mer hunn, well eeben d'Politik fir e ganz Joer doranner festgeluecht gëtt. An duerfir ass et scho wichtig, datt mer eis domadder ausenanersetzen.

Ech wëll net dës Kéier, wéi an deene Jore vir-drun, laang an de finanziellen Deel eragoen, mee ech wëll mech kuerz mat zwou Steiere befaassen, wat de finanzielle Volet ubelaangt, wat fir mech mat déi zwou wichtegst Steiere sinn, well et sinn déi, déi déi meeschte Steieren (veuillez lire : Suen) an de Budget erabrénge. Et sinn engersäits fir d'Betriber d'Kierperschaftssteuer an dann op där anerer Säit d'Steieren, déi déi physisch Persounen musse bezuelen.

D'Kierperschaftssteuer, déi war fir eng ganz Rei vu Joren - véier, fënnf Joer, kann ee soen, vun 2010 bis 2015 - eng Steier, déi stagnéiert huet ëm 1,5 Milliarden. An et ass am Fong eréischt no 2015 ugaangen, wou mer eng Progressioun erlieft hunn, eng Progressioun, wann een dat bis dëst Joer kuckt, déi mer virun ni kannt hunn. 1,5 Milliarden iwwer Joren. 2016:

1.650.000.000. 2017: 1.960.000.000. 2018: 2.300.000.000. An elo 2019: 2.600.000.000. Et ass also all Joers en neie Rekord opgestallt ginn, wou eng enorm Progressioun an engem Zäitraum vu fënnf Joer quasi vun annerhallwer Milliard op 2,6 Milliarden ugewuess ass.

D'nächst Joer ass se réckleefeg. A mir begréissen, datt d'Regierung och déi Zuel méi virsichteg agesat huet op 2 Milliarden 250.000 (veuillez lire : 2.250.000.000), well mer alleguete wëssen, duerch wat dee Rekord engersäits entstanden ass, awer och op där anerer Säit, wat fir eng Risiko eventuell kënnen op eis zoukommen.

Mir wëssen, datt mer d'Digitaliséierung agefouert hunn, datt mer doduerch d'Steierdeklaratiounen vun de Betriber, déi mussen iwwert dee Wee fueren, méi séier erakréien an doduerch och d'Steiere méi séier erakréien. An op där anerer Säit wësse mer, datt och d'Retarden opgeschafft gi sinn zum gréissten Deel an deene leschte Joren. An d'Verwaltung huet eis gesot, datt am Fong d'nächst Joer, 2020, nach een Deel Retarde wäerten erakommen. An da komme mer am Fong vun 2020 un oder 2021 un an eng Situatioun, wou mer kënnen soen: „Ma, dat ass de reelle Chiffer, dee mer un der Kierperschaftssteuer an engem Joer verdéngen.“

Et huet natierlech e kleng Bemoll, well soss hate mer an de Betriber eng Mouk leien. Et kéint ee soen: Et war en Apel fir den Duuscht. An ech weess, wéi mer an déi Kris komm sinn 2008, dunn ass am Fong och vu staatlecher Säit versicht ginn, un déi Mouk ze goen. Déi ass elo net méi do, well mer déi elo opgeschafft hunn. Mir sinn elo bei der Realitéit ukomm.

Wann d'Regierung elo am Projet op 2 Milliarden 250.000 (veuillez lire : 2.250.000.000) zrëckgaangen ass, ech mengen, da muss ee wëssen, datt mer engersäits keng Retarde méi kënnen eranzeien. Mir wëssen awer och, datt mer dëst Joer eng Baisse hate vun engem Prozent bei der Kierperschaftssteuer, wou een elo och nach net weess, wat fir eng Auswierkungen dat huet. Mee déi wäerte schonn zum Deel d'nächst Joer bei de Steuerdeklaratiounen vun de Betriber zum Virschäi kommen.

Mir kennen och déi weltwäit Onsécherheeten, déi doruechter bestinn, déi trotz allem ëmmer kënnen een direkten Afloss och op eis Staatsfinanze kréien.

An dann, een neie Phenomeen, deen elo definitiv ginn ass, dat ass de Brexit. Ech mengen, vun der leschter Woch u wësse mer, datt de Brexit eng Realitéit ginn ass. Et ass ëmmer, och haut de Moien, hei gesot ginn, dat e Boris Johnson e Mënsch wier, deen net berechenbar wier. Ech mengen, mir ieren eis. Zënter der leschter Woch spéitstens musse mer soen, datt e berechenbar ginn ass, well dat, wat hien nämlech gesot huet, datt e géif de Brexit duerschzéien, dat ass elo Realitéit.





An och, datt mer ëmmer gemengt hunn, d'Engländer, déi wieren net méi fir de Brexit. Mee wa mer säi Resultat kucken, dat sinn am Fong alles Leit, déi fir de Brexit gestëmmt hunn, well en dat virus ganz kloer gesot huet.

Wat d'Konsequenze sinn, dat wësse mer net! Mir wësse just, datt mer an Europa en Alliéierte fonnt haten. A Froen, déi d'Finanzplazen ubelaangt hunn, ware mer als klengt Land mat enger Finanzplaz ëmmer gutt beroden, e grousst Land wéi England mat enger Finanzplaz demiewent ze hunn, fir heiansdo dach awer kënne gemeinsam Interessen ze verrieden.

Dee Partner hu mer net méi, mee mir hunn elo e Konkurrent! Virdu war et och e Konkurrent, mee elo gëtt et e Konkurrent, deen ausserhalb der Europäescher Unioun agéiert. Et ass also net méi dat selwecht, wéi dat virdu war.

An et ass och de Moien hei geschwat gi vun dem Handelsofkommes. An ech géif och mengen, datt d'Engländer do net wäerten um klengen Hiewel setzen, well et sinn net nëmmen d'Engländer, déi en Handelsofkommes brauchen, mee och déi europäesch Staaten. A wa mer wëssen, datt Däitschland hire gréissten Handelspartner England ass, da wäerten déi schonn derfir suergen, datt och en Ofkommes do zustane kënnt. A wann d'Europäesch Unioun net à même wier, fir en Handelsofkommes ze maachen, da géif näischt anescht iwwregbleiwen, wéi datt déi eenzel Staaten individuell géifen Handelsofkommes maachen. Dat wëlle mer sécherlech net.

Duerfir mengen ech, datt och an där heiter Phas, zum Schluss, d'Engländer um längeren Hiewel setzen an och vläicht, wat d'Finanzplaz Lëtzebuerg ubelaangt, eng aner Situatioun anhuelen, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Duerfir sollte mer virsiichteg sinn, wat d'Kierperschaftssteuer ubelaangt. Wa mer méi erakréien, solle mer frou sinn. Mee Virsiicht ass ëmmer gutt bei de Recettë bei engem Budget!

Bei de physische Persounen hu mer och eng enorm Progressioun an deene leschte Joren erlieft. Abee, et huet een awer generell festgestallt, wann een zéng, zwielef Joren zrëck kucke geet, war am Fong d'Verhältnis tëschent der Betriebssteuer, der Kierperschaftssteuer, der Steuer vun de physische Persounen, dat war méi oder weiniger ausgeglaach. Et war 50/50 Prozent. Haut stelle mer awer fest, datt deen Equiliber ëmgekippt ass an datt haut am Fong déi physisch Persoun bal dat Duebelt u Steiere bezuelen, wéi d'Betriber bezuelen. Dat ass eng Entwécklung, déi nei ass.

Mee och d'nächst Joer wäerten déi physisch Persoun bal 500 Milliounen méi Steiere bezuelen. Virdu hu mer gesinn, d'Kierperschaftssteiere ginn erof duerch déi bekannten Ursachen. Bei de physische Persounen schwätze mer do net esou vun de Retarden, mee et ass och virun allem dorop zrëckzeféieren, datt den Aarbechtsmaart wäert wuessen. An et huet och dermat ze din natierlech, wann d'Léin an d'Luucht ginn, Indextranchen, alles dat huet och Repercussionen op d'Staatsrecettë bei de physische Persounen. Mee, wéi gesot, mir hunn d'nächst Joer eng enorm héich Progressioun do derbäi.

Physisch Persounen ginn d'nächst Joer 500 Milliounen erop an d'Betriber ginn der 350 Milliounen erof aus deenen Ursachen, déi ech virdu erklärt hunn.

Wat een awer muss wëssen, dat ass, datt bei de physische Persounen e grouss Problem besteet. Wa mer kucken, wéi séier datt d'Leit hei am Land direkt un den héchste Steiersaz vun 41 % kommen - da kënnt jo nach d'Solidaritéitssteuer derbäi an esou weider -, dann ass dat schonn en Taux, deen eiser Meenung no vill ze vill séier d'Leit un dee Maximum erukomme léisst.

Wann ee kuckt, zum Beispill een an der Steuerklasse 1, e Jonggesell, deen ass quasi bei 42.000 Euro um Héchsttaux ukomm. Dat heescht, all Euro, deen deen doriwwer verdéngt, kann ee soen, dovu gi 50 % verluer: engersäits 41 % Steieren, da kommen d'Sécurité sociale, d'Fleegeversécherung, d'Pensiounskeess derbäi, et bleift also nëmme méi d'Hallschent Rescht. 42.000, dat sinn 3.500 Euro de Mount. An ech mengen, dat ass elo awer en uerdentlecht Gehalt, mee et ass awer e Gehalt, wou vill Leit a Jonggesellen hei am Land driiwerleien, déi also ganz séier - ganz séier! - un den Héchststeiertaux kommen.

An der Steuerklasse 1a ass et 45.000 Euro. Dat sinn 3.750 Euro de Mount. Och dat ass een Taux fir eng elengerzéiend Persoun, wou een haut relativ séier un de Maximum vun der Steiertabell erukënnt. An enger Steuerklasse 2, eng bestuete Koppel, do ass et am Fong dat Duebelt: 83.500 Euro oder ronn 7.000 Euro de Mount, awer da fir zwee Leit. Och dat ass en Taux, wou d'Leit ganz séier drukommen.

An ech mengen, wa mer iergendwou eng Kéier mussen upaken, a mir wiere frou gewiescht, wa mer dat direkt hätte kënne maachen, wa mer dorausser eng Prioritéit gemaach hätten a mer hätten d'Steiertabell direkt ugepasst, fir eebe kënne déi doten iwwerdrifwe Besteuerung aus der Welt ze schafen.

Et wäert natierlech vun der Majoritéit hei argumentéiert ginn, datt d'Majoritéit net bereet wier, am Virfeld vun der Steuerreform eenzel Moosnamen, steierlech Moosname schonn duerchzezéien. Dat kéint ee gleewen, mee et muss een awer wëssen, datt direkt am Ufank vun dëser Legislaturperiod, an zwar haut virun engem Joer, kann ee quasi soen, d'Betriebssteuer awer ëm 1 % gesenkt ginn ass! An do ass am Fong keen heibanne gewiescht, dee gesot huet: „Mir waarden do eng Steuerreform of, fir dat ze maachen.“ Mee fir d'Betriber ass et direkt um Ufank vun dëser Legislaturperiod gemaach ginn.

An elo, wou et ëm d'physisch Persounen geet, da gëtt gesot: „Ma mir mussen waarden, bis d'Steuerreform dann eeben an zwee Joer oder an dräi Joer, Gott weess weini, kënnt.“ Mir fanne dat net richtig! An ech fannen et och vun eise Kollege vun de Sozialisten net richtig, datt déi direkt domat d'accord waren, datt d'Betriber Steuererliichterunge kréien, an datt déi Persounen, déi géint Loun a Gehalt schaffen ginn, an d'Pensionnären näischt dovunner elo däerfe kréie virun enger Steuerreform.

Ech kommen herno méi am Detail op d'Steuerreform zrëck.

Dann e Wuert nach zu den Emprunten. Et gëtt ëmmer hei gesot, mir géifen am Geld schwammen. Sécherlech ass duerch déi ekonomesch Entwécklung d'Finanzsituatioun, budgetär gesinn, vill besser ginn. Mir si praktesch bei der schwaarzer Null ukomm d'lescht Joer, dëst Joer. An et wier ze hoffen, quitte datt mer an dësem Budget nach en Defizit virausgesinn, datt deen am Laf vum Joer vläicht och duerch d'Evolutioun géif opgefaange ginn.

Mee et muss ee wëssen, datt mer viru Kuerzem ..., an dat ass dat, wat ech ëmmer gesot hunn, an et ass och de Moie schonn hei ugeschnidde ginn, datt de Staat seng Emprunten net zrëckbezitt. E bezitt d'Zësen. Am Abléck brauche mer keng méi ze bezuelen op deen neie Prêt, mir kréie souguer eppes. Mee op där anerer Säit bezuele mer kee Kapital zrëck! An domadder gi mer deenen nächste Generatiounen eng lerschaft weider. Déi mussen dat iergendwann eng Kéier bezuelen.

Elo an dëser Phas, wou d'Finanze gutt sinn, hu mer et fir d'éischt fäerdegbruecht, datt am Kader vum Refinanzement vun engem Emprunt een Deel u Kapital zrëckbezitt ginn ass. Am Ganzen, de Moien ass de Chiffer vum Minister hei genannt ginn, 500 Milliounen, déi mer an dësem Joer konnten zrëckbezuelen. Dat begrësse mer extreem, datt mer do bezuelt hunn.

Och wa mer elo en neie Fong schafen, an et gi keng Suen direkt an dee Fong gesat, mir hu léiwer, mir bezuelen d'Schold zrëck, wéi datt mer se do op d'Säit géife setzen. Duerfir begrësse mer dat.

Mee mir mussen awer erëm 1,7 Milliarde finanzéieren, déi mer elo mat engem Minustaux vun 0,247 % op siwe Joer geléint kruten. An déi Differenz vun 1,7 Milliarden op déi 2 Milliarden, deen Emprunt, dee muss refinanziert ginn, déi 300 Milliounen, déi ginn aus der Tresorerie erausgeholl.

Wat awer net gesot ginn ass haut de Moien hei: Et ass wuel geschwat ginn, datt de Budget nach en Defizit virgesäit vu 682 Milliounen fir 2020, mee net, datt awer och am Budget erëm en Emprunt ageschriwwen ass vun enger Milliard! Ob e gezu gëtt, wësse mer net. Mee ech hätt mer awer erwaart, datt souwuel de Rapporteur wéi vläicht d'Kollege vun der Majoritéitsparteien, wa se iwwer Emprunte schwätzen, gesot hätten, datt eeben och erëm en Emprunt virgesinn ass, fir eventuell kënne an dem Joer gezunn ze ginn. Jee nodeem, wéi d'Finanze sech am Laf vun dësem Joer entwéckelen, ass also eng Milliard neien Emprunt am Budget 2020 virgesinn.

E Wuert zu de Spezialfongen. Och do sinn ech frou, datt mer heibanne lues a lues ëmmer elo awer zumindest de Courage hunn, fir dat offiziell ze soen - ech war een, deen dat ëmmer eleng heibanne gesot huet -, datt déi 2 Milliarden, déi mer op de Spezialfongen hunn, datt dat am Fong kee Geld wier, wat do wier, mee datt dat am Fong eng Écriture comptable wier, déi just dosteet, mee d'Geld wier net do.

Mir hunn eis an der Finanzkommissioun méi wéi eng Kéier doriwwer ënnerhalen. An ech mengen, de Moien hunn de Kolleg Bodry an och nach anerer kloer hei gesot, datt dat Geld net do ass, mee datt een am Fong ka soen: Déi Fongen, dat sinn Engagementer, déi géife geholl ginn, mee d'Geld ass net do. Mee d'Fonge

kréien am Fong all Joers iwwert de Budget déi Suen, déi se brauchen, fir dat Joer eeben hiren Engagementer nozekommen.

An ech wier och der Meenung, datt mer awer eng Kéier sollten higoen an dat esou zum Ausdrock bréngen, wéi et wierklech ass, well ech gesinn net an, datt mer do esou vill Fongen opzielen an dann duerno soen, et sinn zwou Milliarden, an a Wierklechkeet sinn déi Suen net do. Do misst ee sech awer eng Kéier iwwerleeën, ob een net sollt do ëmdenken an dee System ofschafen an einfach soen: „Ma, mer ginn déi Suen op d'Fongen, déi gebraucht ginn.“ Fir all Kéiers mat deenen zwou Milliarden do ze jongléieren! An da gëtt ëmmer nach gerechent, wiwvill ass d'Reserv d'nächst Joer a wiwvill war se d'lescht Joer, an a Wierklechkeet ass dat Geld net do!

Ech mengen, et kéint een och eng Kéier ... A mir waren eis am Fong virun de Wälen och eng Kéier an der Finanzkommissioun eens, datt ee gesot huet, no de Wale sollt een dat eng Kéier kloerstellen. An ech mengen, et sollt een dat maachen. Da bräichte mer net all Joers hei doriwwer ze diskutéieren.

Deen neie Fong, dee mer elo schafen, de Fonds de rééquilibrage, deen niewent dem Zukunftsfong entsteet, dat sinn am Fong zwee Fongen, déi dann eeben anescht si wéi déi aner Fongen, wou zwou Milliarden dropstinn a keng Suen dra sinn. Bei deenen heite Fongen, well hei Suen draginn, déi si quasi blockéiert fir dat, wat an deene Fonge virgesinn ass an et kann een och nëmmen ënnert deene Konditiounen dorop zrëckgräifen mee déi Sue sinn do! An déi sinn aus der Tresorerie erausgeholl. Se sinn also ofgebucht ginn. An d'Sue stinn, kann ee soen, blockéiert op der Säit.

Dat fanne mir eng gutt Léisung. Dat si wierklech Reserven, déi de Staat sech kann uleeën! Ob dat elo den Zukunftsfong ass, wou mer 360 Milliounen drop hunn, oder de Fonds de rééquilibrage, wou am Fong, wa mer erëm eng Kéier sollte Plus-valuë maachen, déi Plus-valuen dropkommen.

D'lescht Joer hu mer hei diskutéiert, ob een net sollt - et war eng Proposition vun eis, et ass awer, mengen ech, vun alle Kollegen och esou gesot ginn -, ob een net hätt solle scho vun leschte Joer Suen drophuelen. Mee mir sinn awer dermat averstanen, wann de Staat Suen an der Tresorerie huet, gesi mer léiwer, mer bezuele Kapital vu besteeënden Emprunten zrëck, wéi datt mer déi Suen op d'Säit setzen.

Här President, ech géif dann zum zweeten Deel kommen, dat sinn d'Klimamoosnamen. Mir hunn d'Akzisen dëst Joer den 1. Mee ëm 1 Cent beim Bensinn gehuewen an ëm 2 Cent beim Diesel. D'Regierung kritt iwwert dëst Budgetgesetz d'Méiglechkeet, fir d'Akzisen iwwer e Règlement grand-ducal kënne ze héijen. Dat ass näischt Aussergewöhnlech. Dat ass och legal. Mee et sollt een awer wëssen, datt mat dësem Budget am Fong déi legal Basis geschafft gëtt, fir datt d'Regierung kann eng Augmentatioun virhuelen, wa se dat wëllt.

Et muss een awer wëssen, datt déi zwee Cent, déi mer 2019 den 1. Mee gehéicht hunn, eng Minderung mat sech bruecht huet beim Diesel. Et ass wuel manner Diesel verkaaft ginn, mee op d'Joer gesinn, mengen ech, hu mer nach ee kleng Plus. Mee wat een awer muss wëssen iwwer dat Manner-Verkauf, wat nom 1. Mee agetratt ass, virun allem wat den Transit vun de Camionen vun der Belsch hier ubelaangt, datt dat de Staatsbudget awer 35 Milliounen kascht. Also 2 Cent erofsetze (veuillez lire : eropsetze) vun den Akzisen um Diesel si 35 Milliounen manner am Staatsbudget.

Elo kann ee soen: „Ma, de Budget erreecht awer säi Resultat, wat e virgesinn hat, et ka souguer nach licht driwwer sinn.“ Mee wa mer déi 2 Cent net erofgesat (veuillez lire : eropgesat) hätten, da wieren nach 35 Milliounen weider an d'Staatskeess erakomm.

Wa mer elo gesinn, datt fir d'nächst Joer, weini dat och ëmmer mag sinn, d'Akzise 4 Cent zousätzlech an d'Luucht ginn, da kann et sinn, datt den Tanktourismus weider erofgeet. E gëtt och vläicht erëm zum Deel opgefaangen duerch eng Progressioun, déi hei am Land entsteet, mee ënnert dem Stréch maachen déi 4 Cent erëm 70 Milliounen manner aus, déi de Staat a seng Keess erakritt. 2 Cent: 35 Milliounen, 4 Cent: 70 Milliounen, soudatt mer, duerch déi zwee kombinéiert, awer 100 Milliounen manner an d'Staatskeess erakréien.

Wat ass d'Resultat dervunner? Majo d'Residenten, d'Entreprises, d'Handwerksbetriber, déi mussen alleguer méi hei am Land bezuelen, fir dat ze kompenséieren!

Elo kann ee sech d'Fro stellen: D'Leit si jo net dergéint, fir eppes ze bezuele fir d'Klima, mee d'Leit géife gären e Resultat gesinn. Ass dann och elo eppes fir d'Klima geschitt?

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Mee hei ass awer elo näischt fir d'Klima geschitt, well et fiert duerfir hei am Land keen ee Kilometer manner! D'Leit fueren alleguerten d'selwecht, well se mussen fueren. D'Entreprisë fueren alleguerten d'selwecht, well se mussen fueren. Se fuere souguer méi laang, well se vu Joer zu Joer méi laang am Stau stinn. Also stousse se nach méi CO<sub>2</sub> aus wéi virdu a se bezuele just weider.

Elo kéint ee soen: „Ma, wéi ass et da mat eisen Noperen, déi elo net méi heihinner tanke kommen, wou mir dann eebe kee Geld méi verdéngen?“ Bon, ma déi fueren och nach genausou vill an der Géigend ronderëm, am Ausland an och hei duerch d'Land. Also, mir bezuele méi, fir dat ze kompenséieren, an ënnert dem Stréch ass fir d'Klima absolutt guer näischt geschitt! An et ass dat, wat d'Leit opreegt, datt se mussen ëmmer méi bezuelen a méi bezuelen an et geschitt näischt fir d'Klima, well et fueren nach eemol esou vill Autoen a Camionen duerch d'Géigend, wéi dat virdu de Fall war.

De Budget kréie mer vläicht duerch d'Uwuesse vum Bannemaart, doduerch, datt mer méi Aarbechtsplazen zwar hunn a méi Recetten doduerch wäerte kréien, e bësse kompenséiert, mee déi 100 Milliounen, déi sinn ëmmer fort. A wéi gesot, déi heiten Akzisenherhéijung, déi bréngt dem Klima glat a guer näischt, ausser datt d'Leit mussen bezuelen, oder et kann een och soen: „D'Klima huet zwar näischt dervun, awer de Staatsbudget.“

D'CO<sub>2</sub>-Steier, Här President: Niewent den Akzise kréie mer dann eng CO<sub>2</sub>-Steier vun 20 Euro op der Tonn 2021. Dat mécht erëm eng Augmentatioun vu 5 Cent um Liter. 2022 5 Euro zousätzlech op der Tonn, 2 Cent um Liter. 2023 5 Euro zousätzlech op der Tonn, erëm 2 Cent. Ingesamt sinn dat 9 Cent, déi duerch déi CO<sub>2</sub>-Steier an deenen nächsten dräi Joer op eis zoukommen. Mee déi CO<sub>2</sub>-Steier, déi gëtt net nëmmen um Bensinn an um Diesel op der Pompel opgehuewen, mee déi gëtt och um Masutt oder um Gas, zum Beispill bei de Leit doheem fir d'Heizungen, opgehuewen.

Da kann ee sech emol d'Fro stellen: Wat kascht dat elo eng normal Famill, déi Erhéijung vun den Akzisen a vun der CO<sub>2</sub>-Steier? Wann een eng Famill hëlt, mer huelen eng Koppel mat zwee Mëttelklass-Autoen, déi fueren 20.000 Kilometer d'Joer, se brauchen 8.000 Liter op 100 Kilometer (veuillez lire : 8 Liter op 100 Kilometer) a si huelen och nach 3.000 Liter Masutt. Se hu 6 Cent Akzisen, déi an d'Luucht ginn, 9 Cent Heizung, also insgesamt hu se eng Progressioun an dëser Legislaturperiod vu 15 Cent. (Se hunn ee Plus vu 6 Cent beim Masutt fir d'Heizung. An den Diesel geet ëm weider 9 Cent, also ëm 15 Cent an d'Luucht.) Dat mécht ee Plus um Auto, fir déi Koppel, vu 480 Euro, wa se Diesel fueren. An et mécht an der Heizung e Plus vun 180 Euro. Also am Joer 660 Euro kascht dat eng Koppel weider, d'Akzisenherhéijung an d'CO<sub>2</sub>-Steier. Oder 55 Euro de Mount.

Op d'Fro an der Finanzkommissioun un den Här Finanzminister, ob dat dann elo all Erhéijunge wieren, déi op den Akzisen oder op der CO<sub>2</sub>-Steier an dëser Legislaturperiod géife kommen, huet de Minister gesot, hie kéint op déi Fro zu dësem Zäitpunkt net äntweren.

Mir gesinn also, wat elo scho virgesinn ass vun der Regierung, wat dat d'Leit kascht: Eng Koppel, wéi ech se elo genannt hunn, wéi gesot, 660 Euro d'Joer.

An domadder ass et net gedoen! Duerch dës Erhéijung vun de Präisser wäerten och aner Präisser klammen. D'Betriber wäerten déi Augmentatioun weider un hir Clientë facturéieren. An och d'Gemengentaxe wäerten an d'Luucht goen. Ech huelen eleng eng Verbrennungsanlag SIDOR, déi enorm Energie verbraucht, och do ginn dann d'Präisser an d'Luucht. Déi facturéieren déi weider un d'Gemengen. An d'Gemenge facturéiere se erëm weider iwwert de Wee vun den Taxen un hir Leit.

Dat heescht: Wann ech soe 660 Euro, dann ass dat den direkten Impakt, awer den indirekten Impakt, deen d'Leit ze bezuele kréien iwwert d'Betriber an iwwert d'Taxen, dee kënnt do nach derbäi. Soudatt dat herno, ënnert dem Stréch, dach awer eng grouss Depense fir d'Leit wäert ginn. An, wéi gesot, de Problem ass: Dem Klima ass guer näischt gedéngt!

Firwat menge mer dann, mir missten déi CO<sub>2</sub>-Steier do aféieren? Ma mat der Absicht eeben, fir den Tanktourismus zrëckzeféieren an domadder eis national Klimabilanz kënne no ënnen ze féieren, se ze verbessern.





Insgesamt gött d’Klimabilanz awer net besser! Si géif vläicht hei zu Lëtzebuerg besser ginn, mee da geet se eeben elo, wat se hei erfroget, an den Nopeschlänner an d’Luucht, well dann eeben do getankt gött.

Et kann een also, wann ee wëllt, seng national Klimabilanz domadder verschéineren, mee da geet se an den Nopeschlänner an d’Luucht. Mee dem Klima insgesamt gött domadder näischt gehollef.

A wann eis Noperen elo, Här President, an dat schéngt jo de Fall ze sinn, och d’CO<sub>2</sub>-Steier aféieren a vläicht op deem selwechten Niveau, vläicht souguer méi héich, dann hu mer um Tanktourismus jo guer näischt geännert, well da komme se erëm heihinner tanken! Well da si mir, trotz CO<sub>2</sub>-Steier, duerch eng CO<sub>2</sub>-Steier, déi si agefouert hunn, awer erëm interessant. Dann hu mer eng Situatioun, dass hei an an den Nopeschlänner méi bezuelt gött, dass mer fir d’Klima näischt gemaach hunn an dass eis Klimabilanz ënnert dem Stréch trotzdem net besser ginn ass, mee nach d’selwecht bleift, well se nach ëmmer virun heihinner tanke kommen.

Duerfir, d’Regierung hätt besser gehat, si hätt eppes Direktes gemaach. Zum Beispill dass se Initiative geholl hätt a se hätt de Wuesstum kontrolléiert, dass d’Leit aus dem Stau erauskomm wieren, amplatz dass d’Stauen all Dag méi grouss ginn. Well all Stonn, wou d’Leit an de Staue sinn, gött esou vill CO<sub>2</sub> an d’Klima produzéiert (veuillez lire : an d’Ëmwelt ausgestouss). Do hätte mer kënnen eppes Direktes maachen. Mee och do wäert en an d’Luucht goen, wéi gesot, well d’Staue vu Joer zu Joer méi laang ginn.

E Wuert zur Wuesstumspolitik. Ech ginn haut net an d’Detailer vun der Wuesstumspolitik an, dat hat ech am Kader vun der Lag vun der Nation gemaach. Mee mer mussen awer wëssen, dass déi grouss Problemer, déi mer hei am Land hunn, ech wëll dat just rappeléieren, sief dat de Logement, sief dat d’Mobilitéit oder sief dat elo, dass mer musse Personal beim Staat rekrutéieren oder egal wat, dass déi alleguer op deem onkontrolléierten an iwwerdrüwene Wuesstum zréckzeféiere sinn.

Ech stellen awer mat Satisfaktioun fest, dass ëmmer méi Leit am Land sech där Problematik bewosst ginn an zur Konklusioun kommen, dass mer net weider esou kënnen wuessen, wéi dat an deene leschte Joren de Fall war. D’Leit am Land mierken dat elo. An et stellt een och fest, dass ëmmer méi Leit sech géint dee Wuesstum do opposéieren, well d’Liewensqualitéit bleift op der Streck an d’Liewensqualitéit ass de Leit eppes wäert. An duerfir sinn ëmmer méi Leit, déi sech mat där Problematik do auserneesetzen. A mir als Politik, ech hunn dat och déi leschte Kéier gesot, och eng Majoritéit kënnt net derlaanscht, fir sech wierklech mat där Problematik seriö ausenannerzesetzen.

Eise Kolleeg Yves Cruchten war virun e puer Wochen, 14 Deeg ongeféier, moies bei RTL Invité am Studio an am Kader vun der Wuessumsdebatt huet en du gesot, et misst een agesinn, dass d’Land weider wäert wuessen. Dat wier kee politesche Choix, mee eng Realitéit. Ech géif soen: „Dat ass esou falsch, wéi et nëmme ka falsch sinn.“ Alles ass e politesche Choix! Soss bräichte mer keng Gesetzter, keng Regierung an och keng Chamber.

Et ass e politesche Choix, dass Google heihinnerkënn. A wien huet Google gefrot? Google huet jo net selwer gefrot! Si hu jo selwer deklaréiert, si wiere vun der Regierung gefrot ginn, fir heihinnerzekommen! Also ass et e politesche Choix, dass se heihinnerkommen!

Wien huet der Jugurtsfabrik d’Terraine verkaaft? Ma de Staat huet der Jugurtsfabrik d’Terraine verkaaft! Et war also e politesche Choix, dass déi Jugurtsfabrik soll heihinnerkommen!

Wien decidéiert iwwer Steieravantages, Rulingen? D’Politik! Soss decidéiert keen doriwwer. Also alles, wat mat Wuesstum ze dinn huet - wien decidéiert, wou gebaut gött, wéi gebaut gött, wou zoubetonéiert gött -, d’Politik decidéiert! Et ass also alles e politesche Choix, wat hei geschitt. Dat ass d’Realitéit. An et ass net, wéi de Kolleeg Cruchten gesot huet, et wier kee politesche Choix. Et ass alles e politesche Choix!

De Wuesstum beschäftigt awer och d’Kolleeginnen an d’Kolleegen heibannen. Sou huet zum Beispill de Minister Claude Turmes am Sozialalmanach vun der Caritas dëst Joer, 2019, en Artikel gehat, „Mehr Seele statt mehr Singapur“, wou e geschriwwen huet: „Es geht darum, zu verhindern, dass neben dem sozialen Verteilungskampf auch ein Kampf um die immer knapper werdenden natürlichen Ressourcen

cen wie Wasser, Natur und Boden einsetzt. Wenn Trinkwasserressourcen schwinden, zusätzliche Emissionen Luft und Klima bedrohen, muss verantwortlich entschieden werden, wie die Bedürfnisse der zukünftigen Generationen mit den Ansprüchen der aktuellen Industrie-, Verkehrs- und Bautenpolitik in Einklang gebracht werden können.“

Ech mengen, déi Analys do, déi kann ee mat zwou Hänn ënnerschreien. Déi ass richtig!

Mee da muss ee sech d’Fro stellen: Mee wéi ass dann awer d’Realitéit, wann ech eng Regierung hunn, déi op maximale Wuesstum setzt? An och dese Budget ass op maximale Wuesstum ausgerichtet. Wéi kann een esou eppes schreiben a gläichzäiteg als Regierung alles maachen, fir zum Beispill eng Jugurtsfabrik, Google op Lëtzebuerg ze kréien, an alles op maximale Wuesstum trimmen? An dann ass et natierlech och esou, dass dat doten ee Minister ass, ee grénge Minister, mee du hues awer och aner Ministeren, en anere grénge Minister!

Zum Beispill schreift de François Bausch am Summerinterview am „Lëtzeburger Wort“ vum 9. September dëst Joer iwwert de Projet Google: „Wort: «Theoretisch könnte Luxemburg sich zurückziehen. Ist das eine Option?» - François Bausch: «Bei Google fände ich das falsch (...) Wenn wir das Datenzentrum nach Luxemburg bekämen, wäre das ein gutes Signal (...) Es wäre ein Fehler, ausgerechnet bei Google einfach Nein zu sagen.»“

Dat heescht, do ass dann also ee grénge Minister, dee seet: „Wenn Trinkwasser schwindet“, misste mer oppassen. Wann d’elektresch Ressourcen un hir Capacitéit kommen, da misste mer oppassen. An hei ass awer een anere grénge Minister, dee seet, dat wier falsch. „Mir müssen déi onbedéngt huelen. Mir musse kucken, egal wat dat elo u Waasser, egal wat u Stroum ass, mir müssen déi huelen.“ Et wier falsch.

Dat eent ass eng Sonndesried an dat anert ass d’Realitéit!

Wann ee kuckt, wat Google u Stroum brauch, ech hat bei der Lag vun der Nation gesot, dass mir Chiffere gesot kritt hunn, déi mir extrem héich fonnt hunn. A mëttlerweil gött e Prozentsaz vun 12 % genannt. Déi Informatiounen, déi mir kritt hunn, ech kann lech soen, déi leie vill méi héich wéi 12 % an déi sinn och net vu Leit komm, déi iergendwann eng Kéier e Patt ze vill geholl haten, mee déi si vu Leit komm, déi wierklech direkt un der Source setzen. A wann deenen hir Prozenter stëmmen, dann ass dat heiten eng Bagatell par rapport zu deem, wat an der Realitéit wäert antrieden. Mee loosse mer elo emol bei deenen 12 % hei bleiwen!

Wann dat dann 12 % vum gesamte Stroumverbrauch hei zu Lëtzebuerg ass, da sinn dat 770.640 Megawatt Stonnen. Wa mer elo géife soen: „Ma, da maache mer dee Stroum selwer, mir maache Wandmillen“, da misste mer mat de Wandmillen, wéi se am Abléck fonctionéieren, ronn 100 Wandmillen opriichten. Dat heescht, am Eislek kritt all Kopp eng ganz Rëtsch vu Wandmillen dohinner geriicht eleng fir de Stroum vun Google. Dat heescht, déi nei Postkaarten ...

#### (Interruption)

Déi nei Postkaarten, déi da vu Lëtzebuerg géifen erauskommen, dat wiere Wandmillen, an drënner ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Här Gibéryen, déi do Zuel vun 100 Wandmillen ass genausou falsch wéi dat, wat Der virun enger gewëssener Zäit gesot hutt, dass et vill méi héich wär wéi déi 12 %. Wannechgelift informéiert lech ...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ech schwätzen elo! Hei ass ... Ech weess net, Här President, wat ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Et ass einfach falsch!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Sot et nach eng Kéier, ech hat et net verstanen! Et war bestëmmt gutt.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Dir hutt deemools schonn eng Spekulation an d’Luucht ...

#### (Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Hei, wannechgelift, generell e bësse méi roueg!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Dir hutt jo selwer elo gesot, ...

#### (Hilarité et brouhaha)

Dir hutt jo elo selwer gesot, dass Der virun enger gewëssener Zäit Chifferen an de Raum

hei gesat hutt, wou elo bestätegt ginn ass, dass déi net an där Gréisstenuerdnung wäeren, mee dass et 12 % wär vum gesamte Stroumverbrauch.

Gutt. Elo sot Der, wa mer dat missten erreechen, da bräichte mer 100 Wandmillen. Dee Chiffer ass tout simplement falsch. Méi ass dozou net ze soen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Tjo. Ech ka jo och soen, dee Chiffer vun 12 %, deen ass tout simplement falsch, well e wäert net esou antrieden. Ech kann lech just soen, mir hunn dat vu Spezialisten, déi an dem Wandmilleberäich sinn, gesot kritt, bei der aktueller - bei der aktueller! -, wéi mer se momentan opriichten, brauche mer der 100. An dann ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Da kommt, mir eenegen eis drop, ...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Da loosst mech dach emol ausschwätzen!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Da kommt, mir eenegen eis drop, dass mer aner Chifferen hunn ...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här Minister, Dir géift guer näischt verléieren, ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- ... an eng Kéier doriwwer sollte seriö diskutéieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, d’Regierung kritt d’Wuert, mee si muss sech et fir d’éischt froen!

#### (Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Voilà! An, wann Der mech net ënnerbrach hätt, da steet mäin nächste Saz hei: Bei där nächster Wandmillegeneratioun brauche mer der 50.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Dat ass och falsch.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Nee! Bon, da kennt Dir, ech weess net, wat Dir studéiert hutt, da kennt Dir op jidde Fall vill méi wéi déi Leit, déi dat studéiert hunn an déi Dag fir Dag an där heiter Branche an och hei zu Lëtzebuerg am Wandmilleberäich schaffen an aktiv sinn!

#### (Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

Déi hunn eis déi Chifferen do ginn. Dat ass vu kompetenter Säit. Wann natierlech den Här Minister elo mengt, hie wier méi kompetent wéi déi, da loosse ech him dat awer gären zoukommen. Mee déi aner Leit wäerten dann awer de Kapp iwwer lech rëselen.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire*.- Här Gibéryen, mat deem, wat mer studéiert hunn, do brauche mer eis allen zwee net ze bretzen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Déi hu mir vun deene Leit kritt, déi hei zu Lëtzebuerg d’Wandmillen opriichten, déi hunn eis déi heite Chiffere ganz genau ginn. An ech trauen, éierlech gesot, Här President, deene Leit méi wéi dem Här Minister.

Am Abléck sinn 71 Wandrieder weider geplangt hei am Land, op aacht Sitten. Dat ass, wéi gesot ... A nee, 71 hu mer der am Abléck an et si 40 neier op aacht Sitte geplangt. Déi nei Generatioun vu Wandmillen, déi kaschte 6 Milliounen, mat den Infrastrukturen, an déi ginn dann och jee nodeem staatlech subventionéiert.

Dann zu den Aarbechtsplazen. Hei muss ee sech d’Fro stellen: Wou gi mer an Zukunft déi Aarbechtsplaze sichen? Mir wëssen, den Här Finanzminister huet bei der Presentatioun vum Budget gesot, dass mer d’nächst Joer, sot en, weider zousätzlech 15.000 Aarbechtsplaze géife schafen. Dat wier also erëm en neie Rekord. Elo virun dräi Wochen huet d’Chambre des Métiers gesot, dass hinnen am Handwierk an am Bau am Abléck géifen 9.400 Aarbechtsplaze (veuillez lire : Aarbechter) feelen, déi si direkt kéinten astellen, wa se se hätten, mee si hätte se net.

Mir soen elo, d’nächst Joer kommen der nach eng Kéier 15.000 bäi. Wou gi mer déi sichen?

An der Grenzregioun hu mer bal alles ausgeschöpft, wat auszuschöpfen ass.

► **Une voix**.- Ausschäffen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ausschäffen.

Et si vill Leit aus der Grenzregioun, déi sech haut schonn d’Fro stellen, ob et iwwerhaupt nach derwäert ass, fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen, well déi stinn tëschent dräi a véier Stonnen den Dag am Stau, moies, wa se kommen, an owes, wa se heemfueren.

D’Différenz tëschent dem Loun, dee se hei hunn a bei sech géife verdéngen, déi muss scho relativ grouss sinn, fir dass se dat op sech huelen. Leit am Niddreglounberäich, do ass d’Différenz guer net méi esou grouss. An do gött et ëmmer méi Leit, déi soen: „Ma, mir huelen dat net méi op eis, nach just fir 100 oder 200 Euro all Dag véier Stonnen am Stau ze stoen.“ Dat heescht, et wäert ëmmer méi schwéier ginn, fir Leit aus der Grenzregioun hei op Lëtzebuerg ze kréien, eebe well d’Un- an d’Offaarten déi Leit wäerten ëmmer méi ënner Drock setzen a se sech dat wäerten iwwerleeën.

Elo gött proposéiert vun der Chambre des Métiers, dass mer missten envisagéieren, fir d’Leit méi wäit sichen ze goen.

► **Une voix**.- Wéi dann?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass eng gutt Fro! Wann een d’Leit méi wäit siche geet an et bréngt ee se heihinner, da muss ee wëssen, dat sinn dann och Leit, déi müssen dann och heihinner wunne kommen. An do ass d’Différenz zu de Frontalieren, fir d’Frontaliere brauche mer kee Logement hei zu Lëtzebuerg. Mee wa mer d’Leit méi wäit siche ginn, da müssen dat och e lauter Leit sinn, déi müssen hei kënnen wunnen. Dat heescht, da gött den Drock op de Wunnengsmaart nach méi grouss!

Sidd Der net averstanen, Madamm Beissel?

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Nee, guer net.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Firwat dann?

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Ma éischstens fanne mer keng méi. Duerfir müssen och Leit sech ëmmer méi wäit vu Lëtzebuerg ewech beweegen, fir sech Leit mat Qualifikation artisanale sichen ze goen.

An zweetens sinn ëmmer méi Artisanen, déi net méi wëllen am Stau stoe vun der Groussregioun, déi iwwerall versichen, eng Chambre meublée zu Lëtzebuerg ze kréien.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Maja!

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Dat, wat Der sot, ass net richtig!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wat ass net richtig? Ma wann déi Leit heihinnerkommen, ...

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Déi zwou Saachen, ...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ... déi müssen dach wunnen!

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Déi zwou Saachen, déi Der gesot hutt, sinn net richtig!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wat ass net richtig?

► **M. Eugène Berger** (DP).- Déi zwou Saachen.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Déi zwou Iddien, déi Der elo gesot hutt: vun de Frontalieren an dass d’Patrone soen, si misste méi wäit siche goen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma dat hunn d’Patrone gesot!

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Ma nee, Dir hutt gesot, an da misste se hei logéiert ginn an hei an do. Da bréngt eis der vun hei!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Majo, ech hu jo net gesot, ech géif se siche goen!

#### (Hilarité)

D’Patronen ...

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Nee, mee et si keng méi do.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- D’Patronen hu gesot, ...

#### (Interruption par Mme Simone Beissel)

D’Patronen hu gesot, ...

#### (Coups de cloche de la présidence)

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Dir sidd net concernéiert do dervun, mee et si keng méi do!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma, Madamm Beissel, ...

#### (Coups de cloche de la présidence)

... d’Patronen, ...

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Soss bräichte se net esou wäit sichen ze goen!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ... d’Chambre ...

#### (Brouhaha)

Majo sécher, dat hunn d’Patrone jo op enger Pressekonferenz viru 14 Deeg gesot: Si géife keng méi hei fannen a si géifen och keng méi an der Grenzregioun fannen. An dunn hu se gesot: „Mir müssen elo ons iwwerleeën, ob mer déi Leit net méi wäit musse siche goen.“





Dat hunn d'Patronen op enger Pressekonferenz viru 14 Deeg gesot, d'Chambre des Métiers! Dir waart vläicht deen Dag net um Radio oder am Land, datt Der dat net matkritt hutt, mee dat hunn d'Patronen op enger Pressekonferenz gesot!

An da soen ech: Wa mer déi Leit méi wäit siche ginn, dann ass dat jo net an d'Grenzregioun, da gi mer se méi wäit sichen, ma da mussen déi Leit awer hei kënnen wunnen! Also musse mer och e Logement maachen. A mer wëssen, wéi d'Logementspräisser hei sinn a wéi den Drock um Logement ass.

Dat ass eng Realitéit! Madamm Beissel, ech wollt lech dat awer soen. Frot emol eng Kéier no op der Chambre des Métiers, déi kënnen lech dat alles confirméieren, wat ech elo hei gesot hunn, well si hunn et viru 14 Deeg op enger Pressekonferenz gesot! Déi Chifferen, déi ech gesot hunn, an och, datt se wëlle méi wäit siche goen, well se keng méi an der Grenzregioun fannen! Voilà!

Da kommen ech op en anere Punkt, dat ass d'Aarmut. D'Regierung an d'Majoritéit, déi ginn net midd fir ze soen: „Dem Land geet et gutt.“ An de Premier seet dann och ëmmer: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et och de Leit gutt goen.“ Et ass e flotte Slogan. Dat stëmmt och fir eng Partie Leit! Dat stëmmt och fir eng Partie Leit. Mee et ass eng Zuel vun deenen, eng grouss Zuel an ëmmer méi eng grouss Zuel vun deenen, deenen et net esou gutt geet, deenen et ëmmer méi schlecht geet, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

An ech brauch net d'Chifferen ze nennen, haut de Moie si se iwwregens och hei genannt ginn, wivill Leit bei den Office-sociale vun de Gemengen ageschriwwen sinn, wivill hei a wivill do: Mir kennen dat. An ech mengen, wann een déi Rapporte liest an alles, da weess een, datt mer hei am Land ëmmer méi Leit kréien, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen.

An da muss ee sech d'Fro stellen, wa mer hei schwätze vun 20 % vun de Leit, déi ënnert d'Aarmutsgrenz falen, wéi dat an engem esou räiche Land wéi Lëtzebuerg méiglech ass. De Gruef tëschent Räich an Aarm gëtt ëmmer méi grouss. De Rapporteur huet gëschter am „Wort“ gesot: „Die Schere geht immer weiter auseinander. Die Armen stagnieren und die Reichen werden immer reicher.“

Et ass richtig, wat de Rapporteur do gesot huet a wat och aner Kollegeen an deem Zusammenhang soen. Mee ech mengen, et muss een dann awer och emol e bëssen a sech eraucken! Wéi eise Kolleg Cruchten dat dote geschriwwen huet, dunn hunn ech geduecht: „Majo, en huet Recht an deem, wat en do seet.“ Mee sinn d'Sozialisten an der Regierung oder sinn déi net dran? A wéi laang si se an der Regierung?

► **Une voix.** - Méi laang wéi d'ADR.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Majo. Well wann d'ADR esou laang dra wier, da wier dat mat der Aarmut net esou.

(**Brouhaha et hilarité**)

Mee bei de Sozialisten, ...

(**Hilarité, exclamations, interruption par M. Dan Biancalana et coups de cloche de la présidence**)

... mee mat de Sozialisten, ...

(**Brouhaha général**)

... mee mat de Sozialisten, Här President, ...

(**Coups de cloche de la présidence**)

... mat de Sozialisten ass dat nun emol eeben esou.

Ech war op den ... Ech wousst wierklech net, wéi laang datt d'Sozialisten an der Regierung wieren. Et ass schonn esou laang hier, du war ech op hire Site kucke gaange gëschter. An do steet dann dran, si wiere permanent vun 1984 bis haut an der Regierung, mat enger Ausnam vun 1999 bis 2004. Dat heescht, vun 1984 bis haut waren d'Sozialisten 30 Joer an der Regierung! 30 Joer an der Regierung! Fir dann elo heihinnerzekommen, Här Parteipresident vun der LSAP, ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - An et ass dem Land net schlecht dobäi gaang!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Fir dann heihinnerzekommen an ze soen, de Gruef tëschent Aarm a Räich wier nach ni esou grouss gewiescht wéi elo! Et kann een och soen: No 30 Joer Sozialisten an der Regierung war de Gruef nach ni esou grouss tëschent Aarm a Räich wéi elo. Dat ass d'Tatsaach!

An da kommt elo net heihinner a macht, wéi wann Der eppes géift fir déi kleng Leit maachen, well Äert Resultat, 30 Joer Sozialisten an der Regierung, ass dat Resultat, wat mer haut hei hunn: déi gréissten Aarmut, déi dëst Land jeemools erlieft huet!

A wann d'Sozialisten hei zu där Konkusioun kommen, dann ass dat een Aarmutszeugnis, wat si sech selwer ausstellen!

An da muss een d'Fro stellen: Wat ass da Konkreetes an deem Budget, wat dee Gruef do géif méi kleng maachen? Näischt! Näischt Konkreetes ass an deem Budget, wat dee Gruef do géif méi kleng maachen. Am Contraire: D'Erhéijung vun den Akzisen an d'CO<sub>2</sub>-Steier wäerten un alleréischter Stell déi dote Leit treffen! Déi mat de gudde Paien, déi verkraften déi 15 Cent. Déi verkraften och déi 660 Euro d'Joer. Mee déi mat deene klenge Paien, déi hu Problemer, déi ze verkraften. An da kommt net heihinner a sot, Dir géift ... Mat Ärer Politik maacht Der de Gruef nach méi grouss, wéi e schonn ass!

► **Une voix.** - Dat stëmmt guer net.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach, dat stëmmt! Jo, Dir sot alleguer, dat géif net stëmmen, wat ech hei géif soen. Mee loosse mer d'Leit dobaussen, ...

(**Interruptions et coups de cloche de la présidence**)

... loosse mer d'Leit dobaussen decidéieren! An d'Fakten, déi kloer sinn, déi beweisen, datt mer haut esou vill Leit an der Aarmut hu wéi nach ni. An dat trotz, Här Parteipresident vun der LSAP, ...

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Mer schwätzen op Facebook doriwwer.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ... d'Sozialisten ... Elo wëllt Der d'Theema wiesselen! Elo wëllt Der d'Theema wiesselen, well Der hei de Krich verléiert, well en ass net ze wannen.

(**Brouhaha et hilarité**)

Well en ass net ze wannen! Et ass Äert Resultat: 30 Joer Sozialisten, déi gréissten Aarmut am Land, déi mer jeemools haten!

► **M. Dan Kersch, Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Wann Dir vu Krich schwätzt, ass dat eng Frechheet vis-à-vis vun all Zaldot!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - An dann, Här President, ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Den Hoppen Théid huet e wierdegen Nofolger.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ... dann ...

(**Hilarité**)

Jo, jo! Ech liesen lech elo nach eppes anescht vun engem Hoppen Théid vir!

(**Hilarité**)

Dir sidd jo, Dir sidd jo ...

(**Brouhaha et coups de cloche de la présidence**)

... an der Lëtzebuergescher Sozialistescher Aarbechterpartei, déi dem „Tageblatt“ ganz no steet. Ganz no steet! Dann hutt Dir jo och sécher den ...

(**Brouhaha et coups de cloche de la présidence**)

... Leitartikel haut am „Tageblatt“ gelies mat dem Titel: „Wer hat uns verraten?“ An do geet et drëm, datt d'Sozialisten net méi do wiere fir déi Leit, déi se am Fong misste vertrieben, fir den Aarbechter, mee datt d'Sozialisten am Fong déi sinn, déi versichen, fir ënnert déi ...

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Gibéryen, wannechgelift, den Här Kersch wëllt lech eng Fro stellen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Kersch soll sech elo e puer Minutte berouegen an d'Regierung huet herno Zäit, da kritt hien d'Wuert. Den Här Kersch wëllt mech elo schonn hei ënnerbriechen, ier ech ufänken, eppes ze soen. Deen Trick geet net! Also ech wäert dat heiten elo schéin erklären. Dir sidd jo ... Jo, jo, ech liesen lech d'„Tageblatt“ vir!

(**Interruption**)

Majo sécher, ech liesen lech d'„Tageblatt“ vir! An zwar geet et dorëm, datt d'Sozialisten am Fong politesch d'Planche huelen, fir e Sprangbriet ze kréien, fir an d'Verwaltungsreit vu multinationale Konzernern ze kommen.

An da ginn do opgezielt, zum Beispill den Tony Blair, de Gerhard Schröder, ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - O, wat sidd Der lues am Virliesen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ... de Jeannot Krecké ...

► **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Geet et?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ... an neierdénge den Étienne Schneider.

(**Brouhaha, hilarité et coups de cloche de la présidence**)

An da steet dran: „Alle diese ...“

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Wat huet dat mam Budget ze dinn?

(**Interruptions**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et ass, fir lech ze hëllefen, erëm op de richtige Wee ze kommen! Dorëms geet et mir.

(**Hilarité générale et coups de cloche de la présidence**)

Dorëms geet et mir. Mee Dir wëllt net op de bessere Wee kommen!

(**Brouhaha général et coups de cloche de la présidence**)

Dir wëllt net op de bessere Wee kommen!

Lauschtert elo no, ...

(**Interruption**)

... wat d'„Tageblatt“ de Moien am Leitartikel geschriwwen huet!

„Alle diese Männer sind Mitglieder in Parteien, die sich vorgeblich für die Rechte der Arbeiterklasse engagieren. Nur haben sie selbst mit Arbeitern oder deren Representation nichts zu tun: Sie haben die Politik als Startrampe für eine Karriere im internationalen Big Business genutzt und sind nun willfähige Handlanger jener Kapitalisten, vor deren Interessen sie ihre Wähler eigentlich einst beschützen sollten.“

An da geet et virun: De Schröder hat wenigstens noch den Anstand gehabt, seng Amtszeit nach fäerdeg ze maachen, net wéi den Étienne Schneider. „Krecké machte es ihm (veuillez lire : in Luxemburg) vor und Schneider zieht wohl nach: « Was kümmert mich mein Mandat? Ich habe eine Karriere! » Wenn das die sozialdemokratische Auffassung von staatspolitischer Verantwortung ist, hat die LSAP die wirtschaftsliberale DP inzwischen rechts überholt.“

Här President, ...

(**Interruption par M. Georges Engel**)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Wou steet dat, Här Gibéryen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat stoung am „Tageblatt“, haut!

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat ass dach net méiglech!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat stoung am „Tageblatt“, haut!

(**Hilarité générale**)

Ech hunn och geduecht ...

(**Coups de cloche de la présidence**)

A wann d'„Tageblatt“ dat scho schreift!

(**Brouhaha**)

Wann dat elo am „Wort“ gestanen hätt oder am „Journal“, dann hätt ee gesot, ...

(**Brouhaha**)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Hei, wannechgelift!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - En huet et souguer op Pabeier derbäi.

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - ... mee wann dat awer am „Tageblatt“ steet, da muss et wierklech schrecklech sinn! Da muss et schrecklech sinn, well wa se emol déi eng oder déi aner fléie loossen, d'Sozialisten, da schreift d'„Tageblatt“ jo näischt. Also wann dat heiten esou krass, ...

(**Interruption**)

... esou krass am „Tageblatt“ steet, da muss et wierklech verdammt schlëmm ausgesinn ëm d'Sozialistesche Partei!

An nodeem den Här Krecké dann elo eng Plaz do kritt hat, kritt elo den Här Schneider eng, an ech mengen, Här Parteipresident, Dir hutt jo dee Posten ugeziilt, da wësse mer jo och schonns, wou Är Karriär vläicht eng Kéier lant.

(**Hilarité et brouhaha**)

► **Une voix.** - Dat kënnen mer jo net wëssen!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, ...

Ech hu gesot „vläicht“, ech hunn et net behaapt. Ech hu gesot, „vläicht“. Mee d'Chance ... Jamais deux sans trois !

Här President, ...

(**Hilarité**)

... da gëtt geschwat vum Bien-être. Vum Bien-être. Ech sinn domadder d'accord. Mir kënnen nach e Gremium schafen, mir kënnen der och nach zwee schafen, mee ech mengen, et ass alles bekannt. Mir wëssen, wivill Leit ënnert der Aarmutsgrenz sinn, mir wëssen all d'Chifferen, déi mer wëllen. Mir brauchen der Caritas hire Sozialalmanach all Joers, do kréie mer alles presentéiert. Mir kréie vu riets a lénks.

Mir kënnen awer elo nach eppes maachen. Ech muss lech soen, ech war de Samschdeg virun aacht Deeg zu Esch an der Uelzechtstrooss, e ganze Mëtteg. Ech brauch am Fong keng Étude maachen ze loossen. Ech hu gekuckt, wann d'Leit komm sinn, wou se akafe gaange sinn a wou se net akafe gaange sinn, a wat d'Leit mer gezielt hunn. Da weess een alles. Da weess een alles! Et brauch ee just ënnert d'Leit ze goen. Mee wann ech mech als Sozialist an de Verwaltungsreit ronderëm beméien an tummelen, da ginn ech dat net gewuer. Gitt ënnert d'Leit! Gitt bei déi Leit, déi Der sollt vertrieben. Déi soen lech schonn, wéi et hei am Land ausgesäit. An dann denkt Der emol no an da maacht Der emol eppes fir déi Leit, vun deenen Der gären d'Stëmmen hätt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ...

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - A wat fir enge Verwaltungsreit ass deen dann?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - U wie riicht Der lech do, Här Gibéryen?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Un d'Sozialisten. Un d'Sozialisten!

(**Hilarité et exclamations**)

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Un eis allegueren eenzel?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Un d'Sozialisten!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Et ass kee méi do!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Un d'Sozialisten! Un d'Sozialisten!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - U wien heibanne riicht Dir lech mat deene Virwërf do?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ma un d'Sozialisten. Dat sidd Der alleguer.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Wie vun eis sëtzt hei a Verwaltungsreit?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hu gesot, ...

(**Protestations**)

Nee. O ma, ...

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Den Här Bodry zum Beispill.

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Also, Här Bodry, wat Dir akzeptéiert oder net akzeptéiert, dat ass mir esou laang wéi breed. Dat ass mir esou laang wéi breed! Ech soen dat hei, wat hei muss gesot ginn. An ech hunn de Sozialisten hei, ...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Dat ass d'LSAP!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hunn de Sozialisten hei de Spigel dohigehal an ech hunn net méi an net manner gesot wéi dat, wat haut am „Tageblatt“ iwwert d'Sozialiste stoung.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dir hutt méi gesot.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech hunn, ...

(**Protestations**)

Ech hu gesot, datt Sozialisten ...

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

... datt Sozialisten, ...

(**Interruption**)

Ech hu gesot, datt Sozialisten ...

(**Coups de cloche de la présidence**)

... sech géifen an de Verwaltungsreit tummelen, amplaz bei d'Leit op d'Strooss ze goen an do ze kucken, wou deenen hir Problemer sinn.

(**Interruptions**)

Ma ...

► **Une voix.** - Dat ass ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Hutt Dir keng Sozialisten an de Verwaltungsreit sëtzen? Da kuckt emol eng Kéier no.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Dir schwätzt vun lech selwer.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Elo hutt Der awer ganz vill vun lech ...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Da kuckt emol eng Kéier no. Da kuckt emol eng Kéier no.

(**Interruption et exclamation de M. Alex Bodry**)

Jo, Dir kënnt ...

O Mamm, o Mamm.





**(Exclamations et coups de cloche de la présidence)**

Dat dote mécht Är ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

Dat mécht Är Positioun ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Hei, wannechgelift, ech bieden Iech, zu der gewinnener Souveränitéit, ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).-... Här President, ëmsou méi wéi Der engem Deputéierten ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... déi mer hei am Haus gewinnt sinn, zréckzekommen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **Plusieurs voix.**- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- D'Wuert huet de Moment den Här Gibéryen ...

**(Interruptions)**

... a soss keen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Bodry, hutt Der nach eng Fro un den Här Gibéryen?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Nee. Ech loosse keng Fro ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Wann dat net de Fall ass, da kann den Här Gibéryen ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... mat sengen Ausféierunge weiderfueren.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech wëll just soen, datt virun e puer Méint e Kolleg vu mir hei eng Verwarnung kritt huet, deen hat manner gesot wéi dat doten. Jo.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Manner?

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo. Manner. Jo.

Voilà, Här President, da komme mer un de gratis ëffentlechen Transport, mir si jo nach net fäerdeg.

**(Brouhaha)**

De gratis ëffentlechen Transport. D'ADR huet zënter 15 Joer de gratis ëffentlechen Transport an hirem Walprogramm verlaangt. D'Sozialisten hunn et tëschenduerch och emol verlaangt.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- An d'DP hat en déi leschte Kéier och an hirer Walcampagne stoen. Just déi gréng waren déi leschte Kéier an de Wale géint e gratis ëffentlechen Transport.

**(Interruption)**

► **Une voix.**- Falsch!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Am „Lëtzebuerger Land“ vum 14. Dezember ...

► **Une voix.**- Falsch!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... 2018, steet ... Am „Lëtzebuerger Land“ vum 14. Dezember 2018 steet: „Bausch nannte das Gratisversprechen der DP in ihrem Wahlprogramm «Populismus».“ E schrecklecht Wuert! Populismus huet d'DP gemaach, wéi se de gratis ëffentlechen Transport gemaach huet.

Haut hu mer, Gott sei Dank, de gratis ëffentlechen Transport kritt, well eeben déi aner Koalitionsparteien, ech huelen un, datt d'DP an d'LSAP sech an de Koalitionsverhandlung geint déi gréng duerchgesat hunn an eeben de gratis ëffentlechen Transport kënn.

Haut gi mer anscheinend an der Welt gelueft fir dee gratis ëffentlechen Transport, dee mer aféieren. An haut de Moien hu mer souguer vun deene Gréngen hei héieren, datt dat am Fong e richtegt Signal wier, an datt domadder am Fong d'Akzisen an d'CO<sub>2</sub>-Steier scho géife kompenséiert ginn, duerch dee gratis ëffentlechen Transport.

Dat heescht also, et war wuel net deene Gréngen hir Iddi, si waren och dergéint, mee haut gi si am Fong hin a si bretze sech dermat, datt mer de gratis ëffentlechen Transport hei am Land kréien. Dat soll ee wourechtkeetshalber och emol eng Kéier hei soen.

De Käschtepunkt dierft 30 Milliounen sinn 2020 a 40 Milliounen 2021. Dat ass eng Bruttodepense. Op där anerer Säit ass net berecksichtegt, datt jo Gelder agespuert ginn eeben doduerch, datt d'Verwaltung an d'Gestioun vun deene Venté vun de Billjeeë wäerten ewechfalen.

Dann nach e Wuert zur Steierreform. Déi soll d'nächst Joer finaliséiert ginn, se soll verein-

facht ginn. Et soll nëmme méi eng Steuerklasse ginn. Dat Wichtigst an där Ausso ass: „Et soll keen eppes dobäi verléieren!“

Dat wier schéin, wann dat esou wier. Mir sinn awer do gespaant, well wa keen eppes soll verléieren, a mir maachen nëmme méi eng Steuerklasse, da brauche mer jo just d'Steuerklasse 2 ze maachen. Da verléiert keen eppes a mer hu just nach eng Steuerklasse.

Da kréichen allerdéngs d'Familljen an der Steuerklasse 2 näischt bäigesat, da kréiche just déi an der 1 an der 1a eppes. A mir kënnen eis awer net virstellen, datt et eng Steierreform gëtt, wou grad d'Familljen näischt bäigesat kréichen a just déi am 1 an am 1a. Also musse mer schonn e bëssen dropleeën op d'Steuerklasse 2 fir d'Leit.

Ech hu virdru bewisen, wéi séier een hei am Land un den Höchststeuersatz vun 41 % drökent. 41 %. Och do muss eppes Generelles gemaach ginn. Déi Rechnung vun der Regierung wäert, eiser Meinung no, net opgoen. Et geet net op, datt ee seet: „Mir maachen eng Steuerklasse a kee verléiert eppes!“ An et wëllt een och nach aner Rektifikatiounen an der Steiertabell maachen. Wann d'Regierung dat fäerdegbréngt, sinn ech deen Eischen, deen heihinner kënn a se felicitéiert. Mee ech gleewen net drun.

Ech mengen eischer, elo ginn d'Leit emol fir d'eischt ënnert dem Deckmantel vum Klimawandel mat Akzisenherhijungen, CO<sub>2</sub>-Steier a méi héijen Autossteieren zur Keess gebieden. An da kënn d'Steierreform an zwee Deeler, wouvun een Deel, dee vläicht méi positiv ass, virun deenen nächste Chamberwale kënn an deen Deel, dee méi negativ ass, deen trëtt dann eeben eréischt no de Chamberwale an Kraaft.

Kommt, mir verhalen eis emol dee Saz, deen ech elo gesot hunn. Dir wäert gesinn, datt en herno ganz no wäert bei der Wourecht leien.

Här President, nach zwee Wieder zum Logement an zur Mobilitéit. Dese Budget huet och, niewent deenen normalen Investissementen, déi mer hunn, weeder kloer Perspektiven nach Propositionen, wéi mer de Logements- oder de Wunnungs- oder de Mobilitäitsproblem an de Grëff kréien. Wa mer weider esou onkontrolléiert wuessen, wäerte mer dee Problem net an de Grëff kréien. D'Staue wäerten zouhuelen an d'Präisser vum Logement wäerten och weider klammen an deenen nächste Méint a Joren.

An der Familjepolitik, mengen ech, musse mer och un en Emdenke kommen. Ech hunn där Deeg, wéi ech zu Hesper am Stau stoung, moies kuerz virun aacht, du stoung ech do bei der Schoul, well ech sinn iwwer Fenneng komm - ech hat geduecht, dat géif méi séier goen, mee et ass net méi séier gaangen, an elo hunn ech gëschter héieren, de Buergermeeschter mécht och nach dee Schläichwee zou - du stoung ech zu Fenneng bei der Schoul, ...

**(Hilarité)**

... et war fënnel vir aacht, do hunn ech dann do moies déi aarm Mammen a Pappe gesinn, ee Kand um Aarm, eent un der Hand, se si gelaf, fir um aacht Auer an der Schoul ze sinn. Fënnel Minutten drop hunn ech d'Mammen oder d'Pappen erëm gesinn erausgerannt kommen an den Auto. Dat heescht, déi Leit sti moies mat de Kanner um hallwer siwen op, an da si se fäerdeg an da stelle se sech mam Auto an de Stau. An da fuere se an d'Crèche, rennen eran, ginn d'Kand of, kommen a setze sech erëm an den Auto a stinn erëm am Stau fir op hir Aarbecht.

Dann hu se am Fong Rou, géif ech soen, well ech stelle mer vir, datt déi Leit soen, wa se op der Aarbecht ukommen: „Uff, elo sinn ech endlich op der Aarbecht!“ Dann hu se schonn annerhallef Stonn Parcours hanneru sech. An da si se op der Aarbecht. An owes fir heem geet genau dat selwecht am emgedréite Wee weider. An da kommen déi Leit owes um siwen Auer heem, da sinn déi jo fäerdeg! Déi ware schaffen a se hu sech moies missen annerhallef Stonn hetzen an owes annerhallef Stonn hetzen. An da soe mer, ma d'Leit hätten dat gär!

**(Interruptions)**

Nee, d'Leit wëllen dat net. D'Leit hu keen anere Choix. D'Leit hu keen anere Choix! Eeben, ...

**(Coups de cloche de la présidence)**

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Ech wëll just soen, datt d'Salle des pas perdus do ass, fir Zwëschesgesprécher ze féieren.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci. Wannechgelift.

**(Brouhaha)**

Här Gibéryen, Dir dierft weiderfueren.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Här President, Dir hutt mech elo komplett ënnerbrach. Ech weess elo net méi, wou ech dru war.

Duerfir hu mir, ...

**(Interruption)**

D'Leit, ...

**(Interruption)**

D'Leit, déi hätte gäre méi Zäit fir hir Kanner. Mee si hu keen anere Choix bei deene Wunnungspräisser. Si si condemnéiert, fir zu zwee schaffen ze goen. An duerfir hu mir jo och d'Proposition gemaach, fir e Familjegeld anzeféieren. D'Leit hunn haut net de Choix, well déi Ennerstëtzen, déi mer de Famillje ginn, sinn nëmme fir déi Leit, déi soen: „Ech gi schaffen.“ Also, deen eenzege Choix, dee se hunn, dat ass ze soen: „Ech hätt gär eng Subventioun“, oder „Ech wëll keng Subventioun.“ A wie ka sech et leeschten, ouni Hëllef doheem ze bleiwen? Keen. Also hunn d'Leit net de Choix. Se hu kee Choix. Se musse schaffe goen.

An duerfir hu mer ëmmer d'Proposition gemaach: Kommt, mir ginn e Familjegeld, wat mer alle Famillje ginn. An d'Leit decidéieren, d'Familljen decidéieren, ob se mat deem Geld eng Crèche bezuelen oder d'Maison relais oder Gott weess wat, a si ginn da schaffen, een oder zu zwee, oder et bleift een doheem. An dann huet deen dat Geld eeben als Ausgläich, well en d'Kannerversuergung doheem mécht. Dann hätt d'Famill wierklech de Choix.

An et sinn ëmmer méi Leit, déi gäre géife méi bei hire Kanner doheem bleiwen, fir sech an hire Kanner dee Stress ewechzehuelen, deen déi Kanner elo vu moies hallwer sechs bis owes siwe musse matmaachen. An da komme se bei Elteren heem, déi midd sinn, d'Kanner si midd. Do ass kee Familjeliewe méi. An dat geet op d'Käschte vun de Kanner a vu soss kengem. An duerfir musse mer och familjepolitesch emdenken. A mer dierfen net nëmme méi eng Politik maachen, wou mer d'Eltere forcéieren, schaffen ze goen. Mee mir mussen den Elteren och eng finanziell ausgläichend Indemnitéit ginn, fir déi, déi soen: „Ma mir bleiwe gäre méi bei eise Kanner doheem.“ An dat musse mer maachen, do komme mer net derlaanscht. A mir wäerten als ADR op jidde Fall do derhannert bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren e puer Iwwerleeungen, déi ech wollt mat an dës Budgetdiskussionen erabréngen. Et deet mer leed, datt ech d'Kollege vun de Sozialisten esou opgereegt hunn.

► **Une voix.**- Et deet Iech iwwerhaupt net leed!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Mee et ass nun emol eeben esou, d'Wourecht deet heiansdo wéi. Haut war keng Ausnam.

Ech soen Iech Merci.

**(Brouhaha)**

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Den Här Fayot freet d'Wuert.

**(Interruption par M. Alex Bodry)**

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Fait personnel, Här President. Den Här Gibéryen huet éinescht, wéi e fäerdeg war mat senger Tirade mam Leitartikel vum „Tageblatt“, gesot u meng Adress, dass ech jo wuel warscheinlech dann deen nächsten LSAP-Wirtschaftsminister wär, an dass ech warscheinlech da géif dat selwecht maachen ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Vläch!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- ... wéi meng Virgänger.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Vläch!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Ech muss soen, ech fannen dat en inakzeptabele Virwurf. Do sidd Der ... Eischens si mer do an der puerer Spekulation. Zweetens gëtt et keen Ulass, fir esou eppes vu mir ze soen. Ech sinn a kengem Verwaltungsrot, ausser dee vum Kasematten-theater a vun der Fondation Robert Krieps, wat benevoll Verwaltungsreit sinn.

A meng Kollegeen hei vun de Sozialisten, do ass keen een en nom personnel an engem Verwaltungsrot vun enger kommerzieller Gesellschaft. Mir mussen ons vun Iech esou Frecheeten net bidde loosse. A wann ech net wéisst, dass souwisou esou eppes net vun Iech ze erwaarde wär, da géif ech elo eng Excuse hei froen. Dat ass inakzeptabel an ech akzeptéieren dat net. An ech fannen dat wierklech eng Frechheet, wat Dir hei vum Stapel gelooss hutt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Ech fannen dat, wat den Här Fayot gesot huet, do huet e Recht, well am Artikel 37 steet: «Toute imputation ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo. Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... de mauvaise intention [...] sont interdites. »

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- „Toute attaque personnelle ...“ an an an.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, Här President, ech brauch do guer näischt zréckzehuelen. Ech wëll mech och guer net entschëlle-gen, well dat, wat ech gesot hunn, dat ass dat, wat am „Tageblatt“ steet. Wat am „Tageblatt“ steet!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Nee.

**(Brouhaha)**

► **Plusieurs voix.**- Ma nee.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ma da loosst mech dach ausschwätzen!

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Et ass dat, wat Der duerno gesot hutt.

**(Interruption)**

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ass den Här Krecké an engem Verwaltungsrot? Kënn den Här Schneider elo an e Verwaltungsrot?

► **Une voix.**- Et ass dat, wat Der duerno gesot hutt.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Nee.

**(Interruption)**

An ech hunn duerno gesot ...

**(Interruption)**

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Wat Der duerno gesot hutt vu mir.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... an ech hunn duerno gesot: „An den Här Fayot, dee jo warscheinlech d'Relève wäert huelen am Wirtschaftsministerium“, sot ech, „Vläch! geet hien dee selwechte Wee.“ Vläch! Ech hunn net gesot, hie géif e goen. Ech hu gesot: ...

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Dat do ass infek, wat Dir do macht.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Vläch! geet hien dee selwechte Wee.

► **M. Franz Fayot** (*LSAP*).- Dat ass infek!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dat hunn ech gesot. A wa keen ...

Här Bodry, sidd Dir dann net am Verwaltungsrot vun der CLT?

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dat sinn ech net en nom personnel, mee ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir sidd awer dran! Dir sidd awer dran! Ech hunn net ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Gibéryen, ech wëll Iech just soen, datt den Här Fayot ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... net am Leitartikel vum „Tageblatt“ ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... ernimmt ass. An doduerch ass et eng Ennerstellung.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Ech, ...

Här President, ech loosse mer vu kengem, och net vum President, hei virschreien, wat ech soen. Hei loosse ech mir kee Maulkuerf opsetzen. Dat wëll ech Iech och kloer soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Dir respektéiert, ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir kënn och doiwwer engem, ...

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Dir respektéiert ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... wann den Här Bodry ...

**(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)**

Jo, Dir kënn esou haart jäizen, wéi Dir wëllt. Ech hu genau esou eng gutt Stëmm wéi Dir.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Wéi all Deputéierten.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir kënn ... Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- ...all Deputéierten macht Der dat!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- All Deputéierten ...

Déi Zäit, jo. Dir verdrot keng Kritik.

**(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)**

Wann een Iech de Spigel virun d'Gesicht hält, da gitt Der rosen.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Dir hutt kee Respekt virun dësem Haus!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

**(Coups de cloche de la présidence)**





Dir och net. Dir och net.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Wannech-gelift.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Dir och net. Dir och net.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Wannech-gelift.

► **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*).- Fäerdeg!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Här Gibéryen, ech wollt elo am Fong geholl just soen, ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... datt ech hei sinn, fir d'Reglement anzehalen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- An ech wollt lech dat an Erënnerung bréngen.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo. Ech hunn näischt gemaach, ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- An ech hof-fen, datt domadder elo fir ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ... wat géint d'Reglement verstouss huet.

► **Une voix.**- Dach!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Nee!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... deen In-cident kloer ass.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Just d'Sozialiste mengen dat.

**(Interruption)**

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Ech soen dem Här Gibéryen ...

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... Merci fir seng Interventioun. An ech ginn d'Wuert ...

**(Interruption)**

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Jo, jo.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- ... un deen nächsten ageschriwwene Riedner, den hono-rabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**(Interruption)**

► **Une voix.**- Schlëmmer.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et muss wéige-doen hunn.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et gëtt Zäit, datt mir méi Sëtz wéi d'ADR kréien, well ech muss all Kéiers hannert dem Här Gibéryen schwätzen. An all Kéiers si se all esou ...

**(M. David Wagner fait des gestes.)**

**(Hilarité)**

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Den Här Gibéryen geet an d'Pensioun, Här Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Nee, nee.

**(Interruption)**

Waart emol of.

► **Une voix.**- Jo.

**(Hilarité)**

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Bon, Här President, Merci. Ier ech wierklech zum Budget kommen, duecht ech, wier et wichteg, wann Dir géift erlaben, datt mir als Lénk de Millioun Frënn a Kolleegen a Frankräich eis Solidaritéit matdeelen, déi amgaange sinn ze kämpfen, fir hire Rentesystem ze retten a fir villes méi. Et ass ëmmer schwéier ze streiken, zemoos am Wan-ter an zemoos ënnert dem Macron, deen net viru Gewaltdoten zrëckschreckt, wéi mer wës-sen.

**(Brouhaha)**

A mir denken awer och hei zu Lëtzebuerg un de Kampf, deen elo d'Beleegschaft vum Cactus féiert. Vill Leit mengen nämlech, datt dee Be-trib e feine Familljebetrieb ass. Ma nee, datt ass net esou. Ech kann dat bestätegen. Mäi Brud-der huet 16 Joer laang do geschafft. Hien huet natierlech net d'Geleeënheet, fir hei ze schwät-zen. D'Aarbecht gëtt do ëmmer méi haart. Et gëtt ëmmer méi vun de Leit erwaart an en re-tour kréie se d'Liewen nach ëmmer méi schwéier gemaach. Mir vun déi Lénk bewonne-ren de Courage vun der Cactus-Beleegschaft, well Courage brauch ee bei esou engem Kampf.

Här President, d'Liewensbedéngunge vun de schaffende Leit verschlechtere sech vu Joer zu Joer, an dat iwwerall an Europa, an och hei zu Lëtzebuerg.

De Reporter ass gëschter och relativ laang a breet dorobber agaangen. Aneschtens wéi d'Regierung huet hie kee rosat Bild vum Land

gemoolt. Et mécht tatsächlech kee Sënn, d'Bild vum Land schéinzmolen a schéinzerieden, well d'Leit mierke jo den Ënnerscheed tëscht deem, wat ass, an deem, wat behaupt gëtt.

„Wann et dem Land gutt geet, da geet et och de Leit gutt.“ Esou heescht dem Premier seng Floskel. D'Realitéit zu Lëtzebuerg wéi och an anere Länner ass déi heiten: Well et e puer Leit super gutt an ëmmer besser geet, geet et ëm-mer méi Leit ëmmer méi schlecht. Dat ass näischt Neies. Zënter dem Ufank vun der Mën-schegeschicht hunn déi ganz Räich a ganz Mächtig ëmmer um Bockel vun de schaffende Leit gelieft.

Här President, dem Här Cruchten säi Budgets-rapport war warscheinlech deen éischte vun deser Majoritéit, dee sech ausibeg mat de so-ziale Problemer vum Land ausenanergesat huet. Et wier jo och schwéier gewiescht, der-laanscht ze kommen. Een Hoke gëtt et awer: Esou gutt dee Rapport déi sozial Problemer uschwätzt an och e puer Lésungsvirschléi mécht, esou weínege spigelt sech dat an dem Budget selwer erëm. Ech géif souguer nach méi wäit goen a behapten, datt dese Budget dee Budget ass, deen am mannsten op d'Héicht vun de sozialen an ekologesche Proble-mer vum Land a vun de Leit ageet.

Et fänkt scho beim Solde structurel un. Ech wollt e bëssen doriwwer schwätze wéi all Kéiers. De Solde structurel ass jo esou eng ko-mesch Geschicht, iwwert déi an der Effentlech-keet u sech weínege geschwat gëtt. Et ass awer eng wichteg Saach. De Solde structurel, dee leet nämlech fest, wivill Iwwerschoss beim Staat a bei der Verwaltung iwwregbleiwe muss. Wann zum Beispill de Solde structurel op minus 0,5 % läit, heescht dat, graff gesot, datt d'Ver-waltungen därferen iwwer e bestëmmten Zäit-raum ëm 0,5 % an de Keller goen, dat heescht, si kënne méi investéieren.

Wann awer entscheet gëtt, wéi elo, de Solde structurel op plus 0,5 % ze setzen, heescht dat, datt en Iwwerschoss vun 0,5 % an de Konte si muss. Et ass also eng Spuermesure, déi et dem Staat méi schwéier mécht fir ze investéieren.

Dat ass u sech déi komesch Reegel, déi ier-gendwéi e bëssen aus Däitschland kënnt - „die goldene Regel“ oder „schwarze Null“ -, déi aus Däitschland e Land gemaach huet, wou d'Leit veraarmen a wou d'Infrastrukturen - d'Brécken, d'Stroossen, déi effentlech Gebaier - viru sech hi vergammelen, wéi de Reporter och gësch-ter zu Recht ënnerstrach huet.

An dann därff ee sech jo och net wonneren, datt an deene leschte Joren d'Nazie vun der AfD ëmmer besser Walresultater kruten a kréien.

Mat der Entscheidung, fir en Iwwerschoss vun 0,5 % an dem Solde structurel ze hunn, gëtt de Stabilitéitspakt, dee vun der EU selwer ëm-mer méi a Fro gestallt gëtt - op jidde Fall vun enger Partie Memberen -, vum Finanzminister iwwererfëllt, fir domadder d'Austeritéit weider ze rechtfertegen, eng Austeritéit, déi mer un-hand vun der sozialer an ekologescher Kris guer net brauchen.

Dobäi ass et net esou, wéi wann et kee Räich-tum am Land géif ginn. Duerch Tricker schwätzt dee Budget d'Land awer aarm. Zum Beispill baséiert de Budget um PIB „en vo-lume“. Dat heescht ouni d'Deierecht. Géif een awer d'Deierecht mat aberechnen, dann hätte mer méi héich Recetten. D'Recettë ginn iwwer-haapt systematesch ënnerschat. Dat heescht am Kloertext, datt fir dëst Joer d'Comptes pré-visionnels d'Recetten ëm 632 Milliounen ën-nerschätzen. D'lescht Joer goufe se souguer ëm 1,2 Milliarden ënnerschat.

Firwat ginn d'Recetten dann iwwerhaapt ën-nerschat? Firwat mécht d'Regierung dann esou, wéi wa manner Suen an d'Keess kéime wéi a Wierklechkeet? Majo ganz einfach: Mir mengen, an dat seet jo och d'Staatsbeamte-kummer, datt d'Regierung d'Land aarm schwätzt, fir am Nachhinein de Spuerpak vun 2015 ze justifizéieren oder vläicht fir weider Spuermooßnamen ze justifizéieren. Duerno ginn awer och d'Depensen iwwerschat, sou-datt um Enn d'Regierung sech selwer belobege kann a soe kann, datt awer méi erauskomm ass, wéi erwaart.

An da kënnt nach eppes derbäi: Dat ass dee faméise Fonds de rééquilibrage budgétaire, deen erëm reaktivéiert gouf. Wat soll een dann dorënner verstoen? Dat gouf schonn e puermol hei gesot. Ma zum Beispill gëtt de Meerwärt, déi Gelder, déi vläicht während engem Budgets-joer erschafe goufen, déi ginn automatesch an dee Fong redirigéiert, an déi Gelder kënnen nëmmen agesat ginn, fir en Defizit ze decken. An dat ass ganz onofhängeg vum Tresor. Dat sinn awer Gelder, déi an d'Land investéiert kéinte gi fir besser Infrastrukturen, fir besser Schoulen, fir besser effentlech Crëchen, fir d'Ëmwelt a fir de Klima a fir de Logement.

Ma nee, déi Gelder, déi d'Bevëlkerung an d'Land elo batter néideg hunn, déi ginn an

deem Fong gehamstert. De Finanzminister, dee sammelt also lénks a riets Mouken un a ver-stoppt se, soudatt keen anere se fënn. Net, datt een och nach op d'Iddi kéim, se fir ier-gendeppes anzesetzen. Dat ass eng Zort vu Po-litik, déi ëmmer e bëssen archaesch als „en bon père de famille“, als „guter Pater familias“ be-zeechent gëtt. Mee a Wierklechkeet ass et dann esou, datt dee gudder Familljepapp oder déi gutt Familljemamm eent vu sengen oder hire fënnef Kanner am Ree géif stoe loosser, fir säin oder hiert Spuerschwäin ze fëllen.

Här President, am Rapport vum Budget heescht et, datt een all deenen Associatiounen oder all deenen Initiativen, déi deenen äermste Matbierger hëllefen, wéi zum Beispill de sozia-len Epicerien, dankbar soll sinn, well déi eng Aarbecht leeschten, déi de Staat net iwwer-huele kéint. Éischter hätt de Reporter misse soen: „déi de Staat net iwwerhuele wëllt“.

Et ass richtig, datt ee se begrëisse soll, all déi Initiativen, all déi Leit, déi sech doranner enga-géieren, ob haaptamtlech oder benevöll. Et gëtt vill Leit an eiser Gesellschaft, déi sech ëm aner Mënsche bekëmmern, déi net vill Suen hunn, déi op der Strooss sinn, déi krank sinn an awer net vun eise anscheinend esou gudder Gesondheetssystem opgefaange ginn. Déi Leit, déi déi Aarbecht leeschten, gehéiere meesch-tens och net zu deenen Allerräichsten. Mee et ass net normal, datt privat Initiative sech ëm déi Äermst an eiser Gesellschaft musse bekëm-meren. Dat arrangéiert natierlech d'Regierun-gen, well da brauche si sech net drëms ze bekëmmern.

Den Erfolleg vun enger Regierung, Här Pre-sident, léisst sech dorunner moossen, ob méi Leit an d'Aarmut verfalen oder manner Leit an d'Aarmut verfalen. An zu Lëtzebuerg ass et kloer: Et gëtt ëmmer méi Leit, déi an d'Aarmut verfalen oder riskéieren, aarm ze ginn. An dat trotz Rekordrecetten a Budgetsiwwerschëss.

Mëttlerweil gëtt et iwwer 10.000 Leit, déi vun deenen Associatiounen opgefaange ginn. A wann een 10.000 Leit seet, da kann een do-vunner ausgoen, datt et der nach méi sinn. Well de Mënsch huet jo och eppes, wat ee Stolz nennt. An et gëtt vill méi Leit, déi an eng Epicerie sociale kéinte goen, déi bei den Office social kéinte goen, fir Almosen ze froen, déi eng Aide au logement kéinte froen, a si maa-chen dat net! Aus Stolz!

Dobäi muss een ëmmer erëm betounen: Wann een aarm ass, dann ass et net engem seng Schold. Dat erziele gären zwar heiansdo Politi-ker, déi d'Interesse vun der Bourgeoisie vertrie-den, mee et ass net esou!

Et gëtt ëmmer gesot: „Wann ee vill schafft, da geet et engem gutt.“ Abee, déi meescht hei am Land, déi vu moies bis owes riicht duerch schaffen, a souguer kujenéiert ginn, sief et am Supermarché, am Cactus eeben, als Botzfra, als Aide soignante, um Bau, déi, déi d'Poubellen oprafe ginn, dat sinn alles Leit, déi richtig schaffen a richtig eppes produzéieren an der Gesellschaft eppes bréngen.

A wourunner moosst een den Notze vun enger Aarbecht? Majo ganz einfach: Wann déi Aar-becht op eemol net méi gemaach gëtt, wann déi Leit zum Beispill streike géifen, well wann d'Müllabfuhr streike géif, wann d'Aide-soi-gnantë streiken, wann d'Botzfrae streiken, wann d'Educateure streiken, ma da geet et eis all ganz schlecht!

Ech géif dat net onbedéngt behappte vun en-gem Trader, dee streikt, oder vun engem Steierberoder, dee streikt. Vlächcht géif et eis souguer besser goen!

Här President, ech hu gëschter e Video gesinn, wou den Här Finanzminister säi Budget versicht ze verkafen. An um Enn vum Video, do bleift e bei zwou Fotoe vum Edward Steichen stoen. Op där enger Foto ass den Här J. P. Morgan ze gesinn, de Grënner vun der Bank vum selwech-ten Numm, déi och d'Finanzkris vun 2008 mat ze verantweren huet, op deem anere Bild en italieenesche Schrëftsteller, de Luigi Pirandello. Dem Här Gramegna säi Fazit ass deen, datt den Edward Steichen als gudder Lëtzeburgerger d'Kënschtler an d'Banquieren d'selwecht gäre gehat hätt. Datt de Steichen d'Kënschtler gä-ren hat, dat kann ech mer ganz gutt virstellen, en huet der ganz vill fotografiéiert. En huet souwisou vill Leit fotografiéiert. Warscheinlech och, fir säi Geld ze verdéngen.

Mee ech wier net esou kéng ze behapten, datt en d'Banquieren esou gären hat. Well ëm-merhin heescht eng vu senge gréissten Exposi-tiounen „The Bitter Years“, wou Mënschen, Aarbechter, Baueren, hir Famillje fotografiéiert goufen, déi an den 30er Joren Opfer wore vun der Grousser Depressioun an den USA an a brutaalst Aarmut gestierzt goufen. Vu wíem goufe se a brutaalst Aarmut gestierzt? Ben, vun de Banken! An et ka gutt sinn, datt den Edward Steichen dann engersäits d'Opfer wollt ver-éiwegen an anerersäits och d'Täter.

Här President, de Problem ass deen, datt grad déi, déi am meeschte schaffen an déi penibelst Aarbecht maachen, déi sinn, déi am mannste verdéngen an déi am meeschten op der Aar-becht emmerdéiert ginn. Sief et, fir kuerz an eng Pisspau ze goen. Dat si Saachen, déi mir hei guer net méi erliewen, glécklecherweis, hei an eise Krees. Oder heiansdo souguer op der Aarbecht stierwen, wéi dat och nach gëschter op engem Chantier zu Gaasperech de Fall war. Et ass net deen éischten! Zu Lëtzebuerg kënnt dat oft vir, datt Aarbechter op Chantiere stier-wen! Et ass net normal, datt een op der Aar-becht stierft!

An et géif vlächcht manner virkommen, wann d'ITM och nach méi, weider Mëttelen zur Ver-fügung géif gestallt kréie wéi bis elo. Ech weess, dat ass amgaangen ze geschéien. Mee ech mengen, deen Effort muss schleunegst weidergoen, well hiren Asaz immens wichteg ass.

Här President, huet awer dës Regierung wierk-lech eppes géint d'Aarmut ënnerholl? Mir mengen net! Mee, wien ass soss zoustänneg derfir, wann et de Leit gutt geet oder wann et de Leit schlecht geet? Den Herrgott? D'Mars-männercher? D'Illuminaten? Nee! Et ass tat-sächlech d'Regierung!

**(Interruption)**

Bon, et sinn der, déi mengen dat.

**(Hilarité)**

Dës Regierung mécht eng Politik, déi awer nach méi Aarmut produzéiert. Ech weess jo net, wie soss responsabel wier!

De Bericht schléit vir, et misst een en Observa-toire de la pauvreté grënnen. Firwat net! Vlächcht och en Observatoire de la richesse grën-nen, vlächcht, et wier och emol eng Kéier inter-essant ze kucken, wien hei zu Lëtzebuerg alles besëtzt. Et ass awer och net esou, wéi wann d'Aarmut e komesche Phenomeen wier, deen op eemol esou aus dem Nichts entsteet an deen ee misst observéiere wéi en exotescht Déier oder eng onbekannte Krankheet.

D'Aarmut ass kee Wiederphenomeen! D'Aar-mut ass d'Resultat vun enger Politik! Mir hunn 18 % vun de Leit, déi am Aarmutrisiko sinn. Dat ass eng Verduebelung innerhalb vun néng Joer. 13 % vun de schaffende Leit sinn am Aar-mutrisiko. 72 % vun de Chômeure sinn am Aarmutrisiko. 40 % vun den Elengerzéiende sinn am Aarmutrisiko. 23,5 % vun de Kanner sinn am Aarmutrisiko. Tëschent 2012 an 2016, also ënnert deser Regierung, hu sech d'De-mande-d'aiden op den Office-socialle verfën-neffacht. Verfënnneffacht!

Wann e Premierminister behaupt, wéi dat am „Lëtzeburger Land“ de Fall war, wann de Pre-mierminister behaupt, datt eng Regierung weí-neg géint d'Aarmut kéint maachen, dann huet en de Sënn vun der Politik guer net verstanen an dann huet en de Sënn vu sengem Amt war-scheinlech och guer net verstanen. An dann hätt en och besser, et engem aneren ze iwwer-loossen.

Här President, d'Demokratesch Partei vum Här Bettel ass ganz daper, wann et drëms geet, Ge-setzer ze maachen, déi d'Steierlaascht vun deene Räichsten erofsetzt. Mee d'Demokra-tesch Partei ass och ganz daper doranner, fir de schaffende Famillje Gelder ewechzehuelen! Well mat der Reform vun der Familljeminis-tesch vun de Familljenhëllefen hunn d'Famillje Geld verluer.

Wann een alles zesummerechent, also d'A-fréiere vun den Allocatiounen am Joer 2006 - dofir kann dës Regierung elo net - plus d'Re-form vun der Madamm Cahen, dann huet eng Famill mat engem Kand 18,6 % verluer. Eng Famill mat zwee Kanner huet 28,2 % verluer. Eng Famill mat dräi Kanner huet 38,1 % ver-luer an eng Famill mat véier Kanner huet 42 % verluer.

Da gëtt natierlech gesot: „Jo, mee et gëtt Chèques-services accueil.“ Mee dozou kann een och villes soen. Éischstens: Amplaz datt de Staat Suen investéiert an de Bau vun effent-leche Crëchen a Maison-relaisen, iwwerléisst de Staat et dem private Secteur a finanzéiert de private Secteur mat deene Gelder duerch d'Chèque-servicen.

Zweetens kënnt et dann och nach zu engem bürokratesche Chaos, well déi dann och nach all zertifizéiert musse ginn. Wa se effentlech wieren, bräicht een dat guer net. Drëttens, d'Educatricen an d'Educateuren hätte bestëmmt besser Aarbechtskonditiounen a besser Paien, well am Private gi si meeschtens guer net gutt bezuelt.





Mee dobäi bleift et net! Wiere mer nach bei deem System, wou d'Elteren d'Allocatioune kréien, déi net gekierzt sinn, déi net agefruer goufen, a si kéinte souguer hir Kanner a gutt effentlech Crèchen a Maison-relaise setzen, déi gratis wieren, dann hätt keen eppes verluer. Mee mat de Chèque-servicé gëtt déi antisozial Familljepolitik vun dëser Regierung net kompenséiert.

Firwat? Dat wërf d'Salariatskummer jo dës Kéier, dës Joer och gutt op. Ma ganz einfach, well net jiddereen, dee Kanner huet, e Chèque-service kritt. Laut Eurostat profitéieren nëmmen 58 % vun de Kanner, global, vun deene Chèque-servicen. Dat heescht, datt 42 % dovunner net an de Genoss vun de Chèque-servicé kommen, warscheinlech well och net all Kand an eng Maison relais geet. Mee dat heescht am Kloertext, datt Elteren, déi hir Kanner net an d'Crèche oder an eng Maison relais ginn, schlussendlech eppes ewechgeholl kruten an näischt amplaz.

Mee net nëmmen déi schaffend Famillje mat Kanner si geschuer ginn. D'Studenten och. D'Jugend ass net verschount ginn. D'Reform vum Här Meisch, géint déi Dausende vu Schüler a Studenten op d'Strooss gaange sinn, huet dozou gefouert, datt d'Studente schlussendlech manner vum Staat kruten, an dat zugschichte vun der Bank, well se e Prêt maache mussen. Du schaffs nach net an du muss dech scho bei der Bank verschëlden.

Wéi d'Salariatskummer et och an hirem Avis berechent huet, ass déi méiglech Verschëldung vun engem Student tëschent 2009 an 2018 äusserst an d'Héicht gaangen. Mat engem Bac+5, well hautzudaags braucht de e Bac+5, fir iwwerhaupt eng net onbedéngt gutt bezuelten Aarbecht ze kréien, huet e Student deemno wéi eng Schuld vu 50.000 oder souguer vläicht 60.000 Euro. E Student awer, deen aus besserem Haus kënnt, huet oft manner Scholden, well en net gezwonge war, ganz einfach, e Prêt opzehuelen. Tant mieux pour lui och!

Wat bedeit dat alles fir d'Jugend vun haut? Wat fir eng Zukunft ass dës Regierung amgaangen, der Jugend virzubereeden?

Du gees an d'Schoul. Du kënns net aus enger räicher Famill, déi souwiso mat dräi Kanner 38 % manner vun de Familljegelder huet. Vun doheem aus gëss de net vill ënnerstëtzt. Du hëls e Prêt op. Du bréngs et fäerdeg, d'äi Bac+5 tatsächlech a fénnef Joer ze packen, mee vläicht braucht de awer ee Joer méi, well s de niewebäi schaffe muss. Da bass de mam Studéiere fäerdeg. Da muss de der Bank schonn emol 40.000, 50.000, 60.000 Euro zrëckbezuelen. Dofir braucht de eng Aarbecht. An du sichts als Student da schonn emol eng Aarbecht, fir d'Bank ze beglécken. Sou wéi an den USA. Do ass et nach e Krack méi schlëmm.

Mee de Problem ass deen, datt s de zu där Hallschent vun de Jonke gehéiers, déi keng Laangzäitkontrakter kritt, mee just e Kuerzzäitkontrakt, dee bestëmmt vläicht och net legal ass, well déi meescht Kuerzzäitkontrakter zu Lëtzebuerg, mengen ech, si warscheinlech net onbedéngt legal. Wivill gëss de bezuelt? De qualifizéierte Mindestloun oder vläicht e bëssen driwwer. Éischtens geet et net duer, fir de Loyer ze bezuelen. Zweetens wëllen déi meeschte Proprietären dech net, well se kee mat engem Kuerzzäitkontrakt wëllen.

Da gees de fir d'éischt emol an den Hotel Mamma zrëck. Duerno lands de vläicht, wann s de dir et leeschte kanns, an enger WG, wat och net onbedéngt jidderengem säint ass. An déi ass souwiso och iwwerdeiert, well d'Regierung näischt mécht, fir de Loyer ze plafonéieren, an de Proprio, dee weess, datt e froe kann, wat e wëllt. An du bass scho bal 30 Joer. Dengem Proprio muss de 1.200 Euro bezuelen an du hues d'äi Prêt nach ëmmer net zrëckbezuelt. Du bass nach keng 30 Joer, da gëss de scho gro vu Suergeren.

An dann héiers de de Finanzminister sech op der Tëlee freeën, datt mer den Triple-A hunn. Mee fir den Triple-A ze hunn, do muss de Finanzminister alles maachen, fir d'Finanzmäert glécklech ze maachen, d'Fongenindustrie glécklech ze maachen an d'Banke glécklech ze maachen. An dat heescht, datt si e Fräischäi kréien, fir alles hei kënnen ze maachen, wat se wëllen a Wierklechkeet. An dofir muss du als jonke Salarié blechen. Dat ass d'Resultat.

An da kënnt nach d'Krënung, well mir hunn och nach eng ferm Klimakris. An déi Klimakris wäert och d'sozial Problemer verschärfen.

Dann héiers de heiansdo gewëssen eeler Hären, deenen et gutt geet an och weiderhi gutt goe wäert, well se jo meeschtens déi Poli-

tik ënnerstëtzen, déi haut zur Klimanoutlag gefouert huet, a si verbréngen nach tëschent zwee Verwaltungsreit hir Zäit domadder, fir en heroeschen, ganz virille Kampf géint e jonkt Meedchen aus Schweden ze féieren.

Also ech weess nach net, wéi et ass, ech si 40 Joer al, mee heiansdo soen ech mer: D'Andropause ass eppes Ellenés, hein! Also ech hoffen, datt Der mech warnt, wann et ufänkt.

## (Hilarité et interruption)

Et geet nach.

Mir wëssen natierlech, Här President, datt Lëtzebuerg net ganz eleng déi weltwäit Klimakris wäert bewältegen. Mee wa mer weider nach laang waarden, da sti mer warscheinlech ganz domm do. An da kann een dovunner ausgoen, datt, wéi een heiansdo héiert, déi ganz Räich mat der faméiser „Big Fucking Rocket“ mam Étienne op de Mars fléien.

Mee grad ...

Ech zitieren nëmme Regierungsmemberen!

## (Hilarité)

Mee grad well mer esou räich sinn, kënnen mer eise Part dozou bäidroen a souguer eng Modelfunktioun iwwerhuelen.

Den Här Finanzminister behaupt, d'Regierung géif eng hallef Milliard an Investissementer géint d'Klimakris investéieren. Dat stëmmt net! Dat stëmmt net!

An dat ass jo och de Problem mat deem Budget. Do si ganz vill Mogelpackungen dran. Well, wat stécht an dëser hallwer Milliard?

D'Hallschent dovunner, 251 Milliounen Euro, dat ass de Fonds du rail. Dat sinn Etüden, dat sinn normal Investor, déi esou oder esou misste gemaach ginn an och ëmmer gemaach goufen an déi a Wierklechkeet scho längst hätte solle gemaach ginn, well mer jo total hannendra sinn.

1 % dovunner, dat si 5 Milliounen, dat ass de Pacte Climat. Do gi Projekte finanziert, déi ganz an der Rei sinn. Mee et ass eng Dréps Waasser op e waarme Steen. Weider 5 %, also 25 Milliounen Euro, dat ass fir d'CFL. Da kënnt nach e méi héije Posten, 67 Milliounen Euro, dat sinn, zum groussen Deel, déi Kompensationsmesuren. Dat sinn déi Rechter, déi mir bezuelen, fir weider kënnen CO<sub>2</sub>-Emissionen ze maachen, a wou jidderee weess a wou jidderee seet: „Dee Mechanismus, dee bréngt guer näischt!“ Also bekämpfe mer do guer keng Klimakris.

An dann hu mer weider 67 Milliounen Euro, dat ass den Tram. An ech géif net behaupten, datt den Tram elo eng fierchterlech Niegekeet ass, well dee gouf och scho virun 30 Joer diskutiert, an dat war och nach net am Kader vun der Klimakris, déi elo wierklech lassgeet. En plus ginn och nach derbäi Funktionementskäschte mat aberechent, wat nu wierklech keng Investitioun sinn.

Dobäi kënnt och nach, datt den Tram eng privat Gesellschaft ass, zwar mat effentleche Gelder finanziert, mee wou d'Stad Lëtzebuerg an den Transportminister selwer soen, datt se sech net an d'Geschäft amësche wëllen. An do ass grad d'Klux, well eng richtig effentlech Politik muss vun der Gesellschaft, muss vum Staat, vun de Gemengen a vun de Leit gesteeert ginn.

An da kéint een och nach iwwer aner Mesurë schwätzen - mee ech mengen, ech komme muer dorobber zrëck -, nämlech déi sougenannte „gréng Finanz“. Well dat ass de Witz vum Joer. Wann d'Regierung mengt, datt se domadder dat als Kampf géint d'Klimakris ka verkafen, da maachen ech mer wierklech ganz seriö Suergeren. Mee ech wäert muer dorobber agoen.

Awer nach e Wuert, well domadder brett sech d'Regierung jo och, dat soll jo eng sozial Measure sinn oder eng Klimamasure sinn, jee nodeem, nämlech de gratis effentlechen Transport. Viru genau zwee Joer hu mir hei, bei där selwechter Debatt an enger viregter Legislatur, mir als déi Lénk, eng Motion deposéiert, fir den effentlechen Transport gratis ze maachen. Vu 60 Deputéierten, dat war nach an där aler Chamber, hunn nëmme fénnef Deputéiert derfir gestëmmt.

## (Interruption)

Déi zwee vun déi Lénk an déi deemoleg dräi vun der ADR.

An ech ka mech nach gutt drun erënneren, datt souwuel den Här Gramegna wéi och den Här Bausch erkläert hunn, firwat déi Measure an hiren Aen totale Quatsch wier. D'LSAP war scho länger Zäit derfir. Dat stëmmt. Mee si krut sech an der deemoleger Regierung net duerchgesat, wat jo och normal war, well déi zwou aner Koalitionsparteien, d'DP an déi gréng, dergéint waren. An du koud de Walkampf. déi gréng ware weiderhin dergéint. Mee d'DP huet op eemol decidéiert, derfir ze sinn, esou e bës-

sen als Walgadget. Aus Opportunismus. Anerer géife soen, dat wier Populismus. Mee ech soen dat net. Ech benotzen dat Wuert net gären.

An du koud déi nei Regierung an op eemol waren nach just déi gréng net derfir. Mee et ass am Koalitionssaccord festgeschriwwen ginn. An déi eenzeg Partei, déi um Enn nach weiderhin net derfir war, ben, déi muss dat mat hirem Transportminister duerchsetzen.

An hie mécht dat och gutt! Well hie geet mat der gréisster Iwwerzeegung dobaussen erklären, wéi gutt déi Measure ass!

Et ass schued, datt hie mir dat virun zwee Joer net erkläert hat, hei am Plenum, amplatz ze soen hei: „Dir hutt erëm näischt verstanen“ an esou weider. Mee dat si mer jo gewinnt.

Ëmmerhi kann d'Regierung sech dat och nach an hirer Klimabilanz zouschreiwelen.

Fazit ass: Eng vun de rare sozialen oder souguer klimafreundleche Mesuren - dat géif ech zwar net esou iwwerstrapazéiere bei dëser Saach, mee bon! -, eng vun de rare soziale Mesurë vun dëser Regierung, déi souguer fir eng Kéier international positiv vu Lëtzebuerg schwätze gelooss huet, geet op eng Initiativ vun déi Lénk zrëck. Also, Dir braucht wierklech keng Topegkeeten ze maache wéi den Nation Branding. Frot eis just, mir maachen dat gratis, hein!

Ech kommen net derlaanscht, Här President - mir hunn zwar schonn oft dovunner geschwat -, vum groussen Problem vum Logement ze schwätzen. Am Fong geholl misst sech d'Leistung vun der Logementskris am Budget erëmspigel. Mee dee Poste klëmmt nëmme licht bis 2023. A souguer, wann ee kuckt mat de Gesamtdespensen, geet e souguer erof: 2,5 % amplatz vu 6,6 %. Dee liichte Plus vu 6,2 Milliounen, deen erkläert sech esou, datt engersäits et e Plus gëtt vun 11 Milliounen weinst de Konventionen an de Projekte mam Kierchefong an da kommen nach 2 Milliounen fir d'Aide au logement dobäi a 5,4 Milliounen falen ewech, well de Pacte Logement ausleeft. Dat heescht: Reng budgetär gesinn, leeft beim Logement Business as usual.

Da gouf e Spezialfong ugekënnegt, fir un Terrainen ze kommen. E Spezialfong, deen u sech de Finanzministère wäert steieren. An dee soll Terrainen fir de Fong kafen. Mee mir wëssen nach net, wat sech do wäert änneren, well bis elo hu mer net den Androck, datt sech do wäert vill beweegen, well dee regroupéiert nëmmen zéng verschidde Budgetartikelen. An a Wierklechkeet, wéi et och drasteet, wäert e kee budgetären Impakt hunn.

Sou wéi et bis elo ausgesäit, ass et also eng technesch Reform, awer keng, déi op der Héicht vun den Erausforderungen läit.

D'Salariatskummer schwätzt vun 3 Milliarden, déi de Staat misst investéieren amplatz vun 3 Milliounen. Ech weess, et ass e Crédit non limitatif. Ech weess dat. Mee de Crédit non limitatif hätt een och kënnen e bësse méi an d'Luucht setzen. Well mat 3 Milliounen, da geet een dovunner aus, datt mer net ganz wäit kommen. An ech mengen, datt, wann d'Chambre des Salariés déi Kritik mécht, ech soupçonéieren, d'Chambre des Salariés dëser Regierung net richtig traute. Mee dat musst Der vläicht d'Madamm Back selwer froen. Mat 3 Milliarde kéint een, jee nodeem, 5.000 bis 10.000 Wunnengen schafen. Mee da si mer nach ganz wäit vum Kont, wäit vun deenen 30.000 soziale Wunnengen, déi een, laut Caritas, baue misst.

Här President, et gëtt behaupt, de Premier hätt keng Linn. Mir mengen awer, datt an dëser Regierung d'DP ganz wuel eng Linn huet a se och duerchzitt. Et ass eeben eng Linn vum Laisser-faire, wou d'Regierung nokuckt, wéi jidder een no sech selwer kuckt.

Dat ass awer e Modell, deen ëmmer manner Mënsche wëllen. A mir stinn op der Säit vun all deenen, déi sech derfir setzen, datt deen immense Räichtum erëm zrëck un déi soll goen, déi en erschafft hunn.

Da gouf och nach d'Fro opgeworf, e puermol, well d'„Wort“ gouf zitiiert: „Hat diese Regierung fertig?“ Ech weess et net!

## (Interruptions)

Ech mengen éischer: „Die Menschen haben mit dieser Regierung fertig.“ An aus deenen Ursaache wäerte mer dee Budget och net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

## ► Une voix.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.“ An:

„Mir maache mat manner méi.“ Dat gëtt de Staatsminister net midd, elo am siwente Joer, zanter Dezember 2013, de Leit an och der Chamber ze zielen.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, dem Land, deem geet et gutt. Seelen hate mir hei zu Lëtzebuerg, grad wéi eis Nopeschlänner, iwwer Joren esou eng gutt wirtschaftlech Konjunktur, wéi mer déi elo virfonnt hunn. An d'Steierrecettë bei all deem, déi spruddelen eigentlech wéi Rousperter Waasser.

E Beispill: D'Betriebssteuer 2016 bis 2019, Dir Dammen an Dir Hären, déi geet vun 1,6 Milliarden op 2,6 Milliarden Euro an dräi Joer an d'Luucht. Dat ass e Plus vu 55 %. Eng Lounsteuer, also dat, wat d'Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffe ginn, dem Staat u Steiere bezuelen, déi geet vun 3,4 op 4,8 Milliarden Euro an d'Luucht zanter 2017 bis viraussichtlech 2020. E sate Plus vu 37 %.

De Finanzminister, den Här Gramegna, dee gëtt net fäerdeg, fir de Leit ze zielen, elo wiere mer endlich bei där schwaarzer Null. Jo, dat mag sinn, Dir Dammen an Dir Hären! Mee déi Leidtragend dobäi, dat ass déi breet Mëttelschicht! Et ass déi breet Mëttelschicht, déi hei am Land de Kapp muss duerhalen, fir dass mer e Budgetsequiliber hunn!

## ► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - An et ass genau déi breet Mëttelschicht, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert déi all Fraktiounen, parteiwwergräifend, virun de Wale gesot hunn: „Dir musst entlaascht ginn. Mir müssen de berühmte Mittelstandsbockel offlaachen.“ An no de Wale wëllt sech kee méi un déi Versprochen halen!

An dass déi Mëttelschicht am Ree stoe gelooss gëtt, illustréieren ech lech un zwee konkreete Beispiller. Kuckt emol e Jonggesell, dee 4.500 Euro brutto Pai de Mount huet! Dat ass net deen Äermsten. Et ass och net dee Räichsten. Mir géife soen: „Dee läit esou an där gudder bis gehobener Mëtt.“ Dee behält, no Ofzuch vu Sozialofgaben, also deem, wat en u Sécurité sociale bezitt, a vu senge Steieren, nach 3.000 Euro ronn netto Akommes de Mount. De Problem ass awer deen, dass dee Mann oder déi Fra, déi Persoun fir all 100 Euro, déi se bäikritt an hirer Lountut, an hirem Gehalt oder an der Pensioun, dem Staat mëttlerweil iwwer 40 % Steiere bezitt! Iwwer 40 %!

Mat deem Gesetz, wat d'Majoritéitsvertrieeder, net d'Oppositoun, virun engem knappe Mount gestëmmt hunn, a wou dann d'Bandé sollte festgeluecht ginn - et gëtt zwar gesot an enger Kris, mee wourun dann awer d'Banke sech halen -, no deenen d'Kreditor fir d'Immobilie verdeelt sollte ginn, abee, Dir Dammen an Dir Hären, dee Jonggesell, dee kritt mat sengen 3.000 Euro netto no deene Krittären nach genau 113.000 Euro geléint, virausgesat, en huet och nach 31.000 Euro Eegekaptal! Dat heescht, zéngmol dat, wat en de Mount als Nettopai ouni all aner Chargen huet!

Da kommt, mir huelen emol eng Famill, eng Famill mat zwee Kanner - klassesche Lëtzeburger Modell! Mir ginn deenen eng brutto Pai, mat engem oder zwéi Léin, vun 8.000 Euro. Dat ass kee schlechte Verdéngscht. Et ass kee Spëtzeverdéngscht, mee et ass kee schlechte Verdéngscht. Déi behalen no Ofzuch vu Sozialofgaben a Steiere genau 6.000 Euro netto. A fir lech emol ze illustréieren, wat fir eng Paien dat awer scho sinn: Dat si Paien vun engem Expeditionnaire (veuillez lire : vun zwee Expeditionnaires) am effentlechen Déngscht, also Karriär C. D'mëttel Pai vun engem Schoulmeeschter, een eleng. Abee, och déi Leit bezuelen, als Famill mat zwee Kanner, fir all Euro, dee se weider kréien, dem Staat 40 % Steieren! 40 % Steieren!

An déi Famill mat zwee Kanner, mat enger brutto Pai vun 8.000 Euro, netto 6.000, déi kann nach an Zukunft 640.000 Euro léine goen, virausgesat, si huet 64.000 Euro Eegekaptal.

Dir Dammen an Dir Hären, dat geet just duer, wann iwwerhaupt, fir, an der Stad emol net ze schwätzen, sech ronderëm en Appartement ze leeschten, do ass eng bescheide Kichen derbäi, da weess ech emol net, ob d'TVA, déi nach dem Staat ofgefouert muss ginn, dran ass, fir sech en Appartement ze kafe vu genau 80 Meterkaree. 80 Meterkaree fir eng Famill mat zwee Kanner!

Dir Dammen an Dir Hären, wann een da seet: „Wann et dem Staat gutt geet, da soll et och de Leit gutt goen“, da muss ech lech soen: „Dat ass net dat Verständnis, wat d'CSV huet.“ An ech mengen, dat ass och net dat Verständnis, wat vill Leit dobaussen hunn.

## ► Plusieurs voix.- Très bien !

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Dir Dammen an Dir Hären, et gouf keng Generatioun nach no dem Zweete Weltkrich, déi huet misse soen: „Eis geet et u sech manner gutt wéi eisen Elteren.“





De Contraire war nämlech ëmmer an der Ver-gaangenheet de Fall.

An de Problem ass jo deen: Mir hu Leit, déi e mëttelt Akommes hunn, déi berüümte Mëttel-schicht, déi musse Bücklinge maachen, fir vun der Bank e Prêt ze kréien, fir sech en Haus, eng Wunneng kënnen unzeschaffen, oder e Loyer bezuelen. An déi Leit, déi sinn awer gutt genuch, fir dem Staat fir all zousätzlechen Euro, dee se verdéngen, 40 % dovunner als Steieren ze bezuelen!

Dir Dammen an Dir Hären, dat ass net d'Ver-ständnis vun enger gerechter Steuerpolitik an dat ass och net d'Veständnis, déi mir als CSV hu vun enger gerechter Laaschtedeuelung, fir de Staatsbudget ze finanzéieren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, d'Steiergerechtegkeet, déi zielt fir d'CSV fir d'Mëttelschicht, mee si zielt awer och bei de Spëtzeverdénge. An ech ginn lech och do e konkret Beispill. Et gëtt esou eng Etüd vun dem Conseil économique et social, dem Wirt-schafts- a Sozialrot, 2018 gemaach, déi baséiert sech op d'Statistike vum Verdéngscht vun den eenzelne Stéit vun 2016.

A wann Der dat kuckt, da staunt Der! Firwat staunt Der? Mee et sollen, laut där Statistik, an ech mengen, déi ass net falsch - blouss ob se all Spëtzeverdénge och steuerlech erfaast, dat woen ech zumindes, ech soen dat à titre personnel, ze bezweifelen! -, well laut där Etüd soll et zu Lëtzebuerg genau 600 Steuerzueler ginn, 600 vu 515.000, Lëtzebuurger an net Lëtzebuurger Leit, déi zu Lëtzebuerg residéieren, déi d'Joer méi solle verdénge wéi 700.000 Euro versteierbaart Joresakomes!

Dir Dammen an Dir Hären, 700.000 Euro versteierbaart Joresakomes, do kënn Der schmunzelen! Wësst Der, wivill dat an der Reegel netto ass? Dat si 34.000 Euro netto Akomes de Mount. An do si jo net nëmme Fräiber-fluffer dobäi oder déi, déi géint Loun a Gehalt zu eent oder zu zwee an engem Stot schaffen, mee do sinn och nach matabegraff alleguerten déi Leit, déi iwwer e Joer eng exceptionnell Im-mobilientransaktioun zum Beispill gemaach hunn. Eng Bauerefamill, déi Stécker verkaaft huet, déi se herno erëm an hire Betrib erage-fouert huet, Leit, déi eng Ierfschaft haten, déi en Haus verkaaft hunn an déi investéiert hunn, och déi gehéieren do derzou.

Also, Dir Dammen an Dir Hären, et soll hei am Land - a kuckt emol de Luxus, deen dorëmmer ass! - just 600 Steuerzueler ginn, déi méi wéi 34.000 Euro Revenu net de Mount hunn.

Ech soen dat dann och à titre personnel, dass mer hei net an eng ganz Kategorie gehäit ginn: Ech ka mir dat net virstellen! Ech mengen, dass et grad an de Spëtzeverdénge ganz héich Defiskalisatiounen gëtt, oder fir et einfach op Lëtzebuergesch gesot ze kréien, dass net all Spëtzeverdénge a senger Gesamtheit vun de Steieren esou erfaast ass, wéi e misst er-faast sinn.

An do ass jo de sprangende Punkt vun der Ge-rechtegkeet! Wéi wëllt Der enger Persoun er-klären, déi 3.000 Euro verdénge, dass déi fir all 100 Euro, déi se bäikritt, do dem Staat 40 % Steiere muss bezuelen, an deen, deen 30.000 Euro oder méi verdénge - dat heescht dat Zéngfacht! -, dass dee mat engem Steiersaz be-laascht gëtt vu manner wéi 20 %?

A mir hunn et schonns des Ëftere gesot, mir hunn et virun zwee Joer scho gesot, mir hunn et d'lescht Joer gesot a mir soen et haut nach eng Kéier: Mir sinn der Meenung, dass dee be-rüümte Regimm vun de Stock-Options, deen nämlech genau dat do erlaabt, dass ee kann net op dem Spëtzesteiersaz besteiert ginn, mee wäit drënner, wäit ënner 20 %, dass deen net méi seng Daseinsberechtigung ënner senger jëtzege Form huet.

An et ass eigentlech erstaunlech! Virun de Wa-len 2017/2018 huet hei all Fraktioun fraktiouns-iwwergräifend, souguer d'DP, gesot, jo, et misst een dat kucken, dat wier effektiv net rich-teg an et misst een dee Regimm änneren. Wal-programmer zitieren ech lech net. Ech zitieren lech net d'Walprogrammer. Abee, elo jub-bele mer schonn erëm ee Joer mat der neier Regierung virun. Ass iergendeppes um Regimm vun de Stock-Options geännert ginn zanther-hier?! Neel!

(**Interruption**)

Mir sinn also der Meenung, Dir Dammen an Dir Hären, dass déi Circulaire vun dem Steierdi-rekter oder der Steierdirektesch, wéi se de Mo-ment funktionéiert, ofgeschafft muss ginn an dass, esou wéi et iwwerengs d'Parteien an hire Programmer haten - Vill! Partei-iwwergräi-fend! -, e Gesetz gestëmmt muss ginn, fir dass de Regimm vun de Stock-Options, vun deem ee ka profitieren, am Plafong limitéiert ass, an der Zäit limitéiert ass, a virun allem, dass just d'Salariéen dovunner kënnen profitieren fir déi

Investissementen, déi se maachen an Aktie vun hirem eegene Betrib oder am Grupp, wou hir eegen Arbeitneemer dra sinn.

Well, Dir Dammen an Dir Hären, et mag een en Talent sinn, et mag een Expat sinn, dat heescht een, dee vu baussen op Lëtzebuerg kënnt, an där brauche mer och, där Talenter, dat soe mer. Mee et ass een net säi Liewe laang en Ta-lent an engem Marché oder fir déi Entreprise, wou ee schafft, an dass duerfir d'Allge-mengheet muss duerhalen, fir dass een eng héich Defiskalisatioun vu sengem Akomes huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an ech erlabe mer, an deem Sënn och eng Mo-tioun vun der CSV ze iwwerreechen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci.

**Motion 3**

*La Chambre des Députés,*

*- revues les motions du groupe politique CSV des 14 décembre 2016 et 14 novembre 2017 concernant la réforme du régime d'imposition des stock-options ;*

*- rappelant les déclarations de Monsieur le Ministre des Finances qui a publiquement reconnu que le régime fiscal des stock-options a été détourné de ses finalités visant à attirer des talents au Luxembourg, de même qu'à faire participer les salariés de start-ups aux bénéfices de ceux-ci ;*

*- qu'il a, à cette même occasion, annoncé vouloir (i) intégrer le régime fiscal des stock-options dans un texte de loi, (ii) mettre un terme aux abus et (iii) présenter ledit projet « dans les semaines à venir » ;*

*- regrettant les déclarations ultérieures de Monsieur le Ministre des Finances lequel s'est satisfait, lors de la présentation du projet de budget pour l'année 2018, d'annoncer une imposition plus forte des plans d'options sur actions via circulaire du directeur des contributions directes ;*

*- prenant à cet égard acte de la circulaire du directeur des contributions directes du 29 novembre 2017 ;*

*- considérant que les stock-options continuent à échapper à la progressivité du barème d'imposition et qu'il convient dès lors de revoir ce régime d'imposition pour des raisons d'équité sociale ;*

*- rappelant que l'article 101 de la Constitution dispose que les privilèges, de même que les exemptions ou modération d'impôts sont une matière réservée à la loi ;*

*- notant qu'au cours de la dernière législature, certains députés de la majorité gouvernementale (i) affirmaient que le régime des stock-options était inacceptable, voire (ii) souhaitaient la fin du régime des stock-options couplée à une phase de « phasing out », tout en limitant ces avantages fiscaux à des participations dans l'entreprise concernée même, dans le meilleur des cas aux start-ups,*

*invite le Gouvernement*

*- à provoquer l'abrogation de la circulaire du directeur des contributions directes du 29 novembre 2017 ;*

*- à mettre en place un régime d'imposition des stock-options dont les avantages fiscaux (i) sont limités dans le temps, (ii) sont plafonnés à un montant déterminé et (iii) garantissent l'attractivité du Luxembourg avec un accent sur les start-ups ;*

*- à incorporer le nouveau régime dans un texte de loi, comportant, le cas échéant, une période de « phasing out » du régime actuel, et dont l'entrée en vigueur sera fixée au 1er janvier 2021 au plus tard ;*

*- en attendant l'abrogation de la circulaire et jusqu'à la fin de la période du « phasing out », à renseigner les députés sur les dépenses fiscales liées au régime d'imposition des plans d'option sur acquisition d'actions et à consigner ces informations annuellement dans le projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle.*

(s.) Gilles Roth, Diane Aedem, Martine Hansen, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Steiergerechtegkeet virum Budget, dat zielt och fir déi berüümte Leit aus der Steierklass 1a. Dozou ziele Wittleit, et ziele Leit derzou, déi gescheet sinn, wat och keen Drama ass, an et ziele Leit derzou, déi monoparentall sinn.

A wa mer soen: „D'Mëttelschicht ass déi, déi muss bludden“, da soen ech lech och: D'Leit aus der Steierklass 1a, dat si leider nach ëmmer déi Vergiessenst vun deene Vergiessenen. An och fir si zielt Steiergerechtegkeet, an zwar elo direkt an net „auf die lange Bank“.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- E Beispill, fir dass dat och emol eng Kéier kloer gëtt. Eng Per-soun, déi 3.000 Euro monatlecht Akomes huet, déi bezilt an der Steierklass 1a 76 Euro Steieren. An der Steierklass 2 15 Euro an an der Steierklass 1, also wann et e Jonggesell wier, bezilt se 202 Euro.

Wa mer d'Beispill huele vun enger Persoun, déi 4.000 Euro de Mount verdénge, jo, déi bezilt an der Steierklass 1a, also als Rentner, als Pensi-onist, als Persoun, déi gescheet ass a Kanner à charge huet oder monoparentall mat Kanner à charge, bezilt déi schonns 418 Euro Steieren. An der Steierklass 2, also als Famill, bezuele se nach ëmmer 131 Euro. An als Jonggesell 489 Euro. Also den Ennerscheid bei enger Persoun, déi monoparentall ass, par rapport zu enger Persoun, déi Jonggesell ass, deen ass genau 70 Euro Steieren de Mount manner.

A mir sinn der Meenung, dass dat net gerecht ass. An och do, Dir Dammen an Dir Hären, huet parti-iwwergräifend jiddweree gesot: „Dat do, dat muss opheieren. Dat muss nei gereegelt ginn. Den Tarif vun der Steier-klass 1a, dee muss méi no bei dee vun de Fa-millje vun der Steierklass 2 geréckelt ginn.“

Abee, näischt ass geschitt! Elo ginn d'Leit op déi nächst Steierreform verträischt, vun där se gesot kréien: „Ma mir maache souwisou eng modern“ - wéi hate se dat scho méi gesot? - „Mëtt-lénks-Steierreform.“ Op enger Podiums-diskussioun seet den Energieminister, den Här Turmes, an den Här Gramegna Pierre: „Mir sinn eng Mëtt-lénks-Regierung.“

Jo, ben, déi Mëtt-lénks-Regierung, Dir Dam-men an Dir Hären, déi huet de Leit versprach, si géif eng revolutionär Steierreform maachen, bei där jiddwereen an där selwechter Steier-klass wier a keen eppes géif verléieren!

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, mir soen lech dann als normal CSV-Partei vun der Mëtt, Vollekspartei vun der Mëtt soe mir lech: Mir huelen d'Regierung beim Wuert a mir kucken op dat a virun allem, ob keen eppes verléiert! Mir kucke mat Argusaugen no!

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An, Dir Dammen an Dir Hären, mir schléissen eng grondsätzlech Reform net aus. Eng grondsätzlech Reform vun de Steierklasse schléisst d'CSV net aus. Mir ku-cken eis dat un. Mee mir sinn awer der Mee-nung, dass, wann ee bis dohinnerkënnt, een dann en Iwwergangsregimm sollt huelen an dat maachen, wat all Parteien, iwwerengs och d'Partei vun deser Majoritéit, de Leit dobausse versprach hunn, nämlech dass déi Diskrepanz vun der Steierklass 1a ab engem Revenu vu 4.000 Euro sollt ophalen.

An an deem Sënn iwwerreechen ech lech och zwee Amendementer, Här President. Dat eent ass, dass den Iwwergangsregimm vun der Stei-erklass 2, dat heescht, wann ee gescheet gëtt oder wann ee Wittfra oder Wittmann gëtt, vun 3 op 5 Joer an d'Luucht gesat gëtt an dass pa-rallell déi Steierklassen esou adaptéiert ginn an den Tarif esou adaptéiert gëtt, dass een net di-rekt, wéi d'Leit soen: „Aus Witwen wurden Junggesellen gemacht“, dass dat net bei 3.000 Euro schonns spilt.

Här President, ech erlabe mer, lech och an deem Sënn zwee Amendementer ze iwwerree-chen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci.

**Amendements 1 à 3**

**7500** - *Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 et modifiant :*

*1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;*

*2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d'un fonds de réserve pour la crise ;*

*3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concer-nant l'impôt sur le revenu ;*

*4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant insti-tution d'une inspection générale des finances ;*

*5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;*

*6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le re-venu en cas d'embauchage de chômeurs ;*

*7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant*

*a) harmonisation de l'enseignement musical dans le secteur communal ;*

*b) modification de l'article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;*

*c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonction-naires de l'État ;*

*8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;*

*9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et les taxes assimilées sur les pro-duits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons al-cooliques ;*

*10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 ;*

*11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le ré-gime des traitements et les conditions et modali-tés d'avancement des fonctionnaires de l'État ;*

*12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;*

*13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l'Administration de l'enregistrement, des do-maines et de la TVA*

**Amendement 1**

*Un nouveau paragraphe (2) est inséré à l'article 3 du projet de loi et libellé comme suit :*

« (2) L'article 119 de la loi modifiée du 4 dé-cembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu est remplacé comme suit :

“En vue de l'application du tarif, les contribuables sont répartis en trois classes :

1. La classe 1 comprend les personnes qui n'appartiennent ni à la classe 1a ni à la classe 2.

2. La classe 1a comprend les contribuables sui-vants pour autant qu'ils n'appartiennent pas à la classe 2 :

a) les personnes veuves,

b) les personnes qui bénéficient, selon les disposi-tions de l'article 122, d'une modération d'impôt pour enfant dans les conditions définies à l'article 123,

c) les personnes ayant terminé leur 64<sup>e</sup> année au début de l'année d'imposition.

3. La classe 2 comprend :

a) les personnes imposées collectivement en vertu des articles 3 ou 3bis,

b) les personnes veuves dont le mariage a été dis-sous par décès au cours de cinq années précédant l'année d'imposition,

c) les personnes divorcées, séparées de corps ou séparées de fait en vertu d'une dispense de la loi ou de l'autorité judiciaire au cours des cinq an-nées précédant l'année d'imposition, si avant cette époque et pendant cinq ans elles n'ont pas bénéficié de la présente disposition ou d'une dis-position similaire antérieure.” »

**Commentaire de l'amendement 1**

*Par une loi du 6 décembre 1990, le législateur avait décidé de reclasser dans la classe 1 (tarif de base) les contribuables célibataires, séparés de fait et divorcés avec descendant(s) vivant(s) âgés de moins de 65 ans.*

*Afin toutefois de tenir compte des charges excep-tionnelles qui peuvent découler de la dissolution d'un mariage, il a néanmoins été proposé de ré-server pendant une phase transitoire aux contri-buables concernés le bénéfice de leur classe d'im-pôt antérieure. Les trois premières années suivant l'année de l'autorisation judiciaire de séparation, les séparés de fait et les divorcés pourront conti-nuer de bénéficier passagèrement du splitting.*

*Pour les autres contribuables à reclasser, leur re-classement sera amorti pour des raisons sociopoli-tiques tenant à leur capacité contributive. Ils se-ront rangés dans une classe intermédiaire 1a, classe dans laquelle l'impôt se trouve certes être calculé en application du tarif de la classe 1, mais pour un revenu réduit du fait de l'application d'un abattement de revenu dégressif.*

*Afin d'atténuer encore davantage les effets d'une rupture des liens du mariage, il est proposé de prolonger la phase transitoire de 3 à 5 ans.*

**Amendement 2**

*Un nouveau paragraphe (3) est inséré à l'article 3 du projet de loi et libellé comme suit :*

« (3) L'article 120bis de la loi modifiée du 4 dé-cembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu est modifié comme suit :

“L'impôt à charge des contribuables de la classe 1a est déterminé par application du tarif au revenu imposable ajusté réduit de la moitié de son complément à 56.325 euros, sous réserve que le taux d'accroissement maximal ne puisse pas dépasser 39 % pour la tranche de revenu comprise entre 37.842 euros et 100.002 euros, 40 % pour la tranche de revenu comprise entre 100.002 euros et 150.000 euros, 41 % pour la tranche de revenu comprise entre 150.000 euros et 200.004 euros et 42 % pour la tranche de re-venu dépassant 200.004 euros.” »





Commentaire de l'amendement 2

Il est proposé d'augmenter le montant de 45.060 à 56.325 euros, i. e. 2,5 fois la tranche de revenu exonérée en classe 1a.

Amendement 3

Un nouveau paragraphe (4) est inséré à l'article 3 du projet de loi et libellé comme suit :

« (4) À l'article 127, alinéa (4) de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu le tableau servant de base de calcul des charges extraordinaires, réduisant de façon considérable la faculté contributive du contribuable, est remplacé par le tableau ci-après :

Pour un revenu imposable	pour un contribuable appartenant à la classe d'impôt 1 (avec au moins une modération d'impôt, et, cette modération en raison de 50 pour cent compte pour une modération d'impôt à 100 pour cent)						
	1	1a ou 2					
		nombre des modérations d'impôt pour enfants					
		0	1	2	3	4	5
Inférieur à 25.000 euros	2 %	0 %	0 %	0 %	0 %	0 %	0 %
25.000 - 50.000 euros	4 %	2 %	0 %	0 %	0 %	0 %	0 %
50.000 - 75.000 euros	6 %	4 %	2 %	0 %	0 %	0 %	0 %
75.000 - 100.000 euros	7 %	6 %	4 %	2 %	0 %	0 %	0 %
100.000 - 125.000 euros	8 %	7 %	5 %	3 %	1 %	0 %	0 %
125.000 - 150.000 euros	9 %	8 %	6 %	4 %	2 %	0 %	0 %
supérieur à 150.000 euros	10 %	9 %	7 %	5 %	3 %	1 %	0 %

Le paragraphe (2) actuel de l'article 3 du présent projet de loi devient le nouveau paragraphe (5).

Commentaire de l'amendement 3

Sur sa demande, le contribuable peut obtenir un abattement de revenu imposable du fait de charges extraordinaires qui sont inévitables et qui réduisent d'une façon considérable sa faculté contributive (art. 127 L.I.R.). Le contribuable est censé avoir des charges extraordinaires lorsqu'il a des obligations qui n'incombent normalement pas à la majorité des contribuables se trouvant dans une position analogue quant à la situation familiale et quant à l'importance des contribuables se trouvant dans une position analogue quant à la situation familiale et quant à l'importance des revenus et de la fortune. Une charge extraordinaire est considérée comme étant inévitable lorsque le contribuable ne peut s'y soustraire pour des raisons matérielles, juridiques ou morales.

Sont notamment considérées comme charges extraordinaires :

- les frais de maladie non remboursés par un tiers ;
- les charges supplémentaires des invalides et infirmes ;
- les frais de domesticité et de garde d'enfants
- les pensions alimentaires entre époux ;
- les frais d'aides et de soins en raison de l'état de dépendance.

Le degré de déductibilité des charges extraordinaires est fonction de la faculté contributive du contribuable. Une dépense est supposée réduire la capacité contributive d'un contribuable dès qu'elle dépasse un pourcentage de revenu variant par rapport au revenu et à la situation familiale du contribuable.

La modification sous rubrique vise à refixer les limites de revenus intervenant dans le calcul de l'abattement pour charges extraordinaires, adaptations qui tiennent compte de l'inflation du niveau des coûts depuis 1980 (cote d'application de l'indice 4/1980 : 318,77 et cote actuelle : 814,40) lors de la dernière mise à jour du tableau actuel.

(s.) Gilles Roth, Diane Adehm, Laurent Mosar, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, et ass nawell vill vu Kilometerpauschal an effentlechen Transport a vun ech weess net wat geschwat ginn. Steiergerechtegkeet, Dir Dammen an Dir Hären, déi zielt am ganze Land. An déi zielt vu Mondorf bis douewen op d'Wemperhaart. An déi zielt net nëmme ronderëm d'Ballungsgebidd der Stad Lëtzebuerg oder vun der Minettmetropol.

An dann huele mer emol d'Kilometerpauschal. An ech muss lech soen, Här Finanzminister, ech war awer e bësse schockéiert virgëschter, wéi

Der an der Finanzkommissioun gesot hutt a wéi et haut nach eng Kéier op der Chambers-tribün widderholl gouf, nämlech: ab dem 1. März géif et en effentlechen Transport ginn an - seet d'Madamm Lorsché - et géif awer net un der Kilometerpauschal gefréckelt ginn.

► **M. André Bauler** (DP).- Nach net.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- „An nach net“, sot se.

► **Une voix**.- Nach net.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Also, Dir hutt also gesot an Dir hutt et fäerdegbruecht, dass Der gesot hutt: „Mir weichen zwar vun dem Regierungsprogramm of.“ An Dir hutt de Leit et po-

sitiv verkaaft. Also, dat muss ee fäerdegbréngen! Dir hutt de Leit et positiv verkaaft, dass net géif un der Kilometerpauschal gefréckelt ginn an dass dat nach en Avantage fir d'Leit soll sinn! En Avantage!

Mee, da kommt, mir kucken emol eng Kéier d'Kilometerpauschal! An ech hu selwer gestaut: Déi ass 1990 als forfaitaire agefouert ginn. Déi Valeur, déi sengerzäit pro Kilometer ab 4 Kilometer zrëckbehale gouf, déi ee vun de Steiere kann ofsetzen: 99 Euro; virdu mussen dat 4.000 Lëtzeburger Frang gewiescht sinn. Dat geet plus ou moins op.

Wësst Der, wivill dass déi Kilometerpauschal haut misst sinn, wa se mat dem Index vun haut berechent géif gi par rapport zu dem Index vun 1990? Mee déi misst net 99 sinn, déi misst 163 Euro sinn! Pro Kilometer! Dat kréien also d'Leit alles ewechgeholl.

Elo kënnt Dir soen: „Ma amplatz kréie se den effentlechen Transport.“ Mee wat sot Der dann engem wéi dem Här Kaes? Wat sot Der engem wéi deene Leit, déi an dem Éislek wunnen? Deene Leit, déi am ländleche Raum wunnen, wou zweemol den Dag vläicht e Bus kënnt, ma déi awer ...? Dir kënnt déi dach net an den effentlechen Transport setzen!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Déi Leit, déi brauchen hiren Auto!

(Interruptions)

Déi brauchen hiren Auto, fir dass se kënnen akafe goen! Déi Leit brauchen hiren Auto, fir dass se kënnen bei den Dokter goen! Déi Leit brauchen hiren Auto, fir dass se d'Kanner an d'Crèche kënnen féieren, an d'Maison-relais féieren, an de Sport - seet d'Madamm Arendt - kënnen féieren! Si mussen se dohinner féieren a siche goen.

Majo, zu deene sot Der: „Dir bezuelt den effentlechen Transport mat.“ Déi Stater an all déi Leit, déi ronderëm fueren, déi rennen, mam Bus fuere se emol net. Ech sinn de Moien an d'Stad komm, Véirel op siwen zu Mamer just virum Rond-point: siwe Bussen! Siwe Bussen! Déi hunn e Stau fir sech selwer gemaach!

(Brouhaha)

A gleeft mer, no dem zweeten ass kee Mënsch méi an de Bus erageklomm, well et stoung kee méi op der Haltestell!

Also mussen d'Leit aus dem ländleche Raum dat doten alles mat hire Steiere matbezuelen, wat eng Ideologie ass, wou déi gréng dergéint waren, wéi se an d'Wale gaange sinn. An duerno hu se gesot, dat wier eng sozial Mesure. Abee, déi Leit aus dem ländleche Raum, déi wëssen, wat fir eng sozial Mesure dass et ass. Si bezuelen den effentlechen Transport mat ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- ... an op der Kilometerpauschal, do leeë se nach monter drop.

Wann dat d'Maxim „Wann et dem Land gutt geet, soll et de Leit gutt goen“ ass, also, mir hunn do en anert Verständnis dovun.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Voilà !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, dat selwecht ass bei de Familljen. Et ass virdu gesot gi vun dem Här Gibéryen: „Da wäerten d'Famillje mussen bludden.“ Abee, Dir Dammen an Dir Hären, d'Familljen, déi mussen scho bludden!

Mir ginn net midd ze soen: Majo mir kucken, dass den Taux d'employabilité - et kritt een et scho bal net eraus -, dat heescht, dass d'Frae solle vermeert schaffen goen ...

(Interruption)

Ma sécher, d'CSV steet dozou! An ech menge wéi all Partei, oder ech ginn dovun aus oder ech hoffen, dass all Partei dat selwecht Verständnis oder dat selwecht Weltbild huet. Mir brauchen zu Lëtzebuerg, dass béid Partner an engem Stot, wa se dat wëllen, kënnen enger Aarbecht nogoen. An d'Ekonomie, Dir Dammen an Hären, brauch et och! Déi brauch et och!

Mee wa mer dat wëllen, jo, da mussen mer dat awer och steierlech begleeden! A mir dierfen awer och net steierlech d'Leit dann nach op der Streck loosse!

An et gëtt ëmmer gesot: „D'CSV, die Ewiggestrigen“. Majo, déi Ewiggestrigen vun der d'CSV hâte beim Här Werner schonn eppes agefouert, dat huet sech genannt: en Abatement extra-professionnel. En Abatement extra-professionnel, fir dat op Lëtzebuergesch ze soen, dat ass en außerberuflicher Freibetrag.

► **Une voix**.- Op Däitsch.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Jo, dat war op Däitsch, mee fir op Lëtzebuergesch ... Also, fir et einfach ze soen: Wann zwee Leit an enger Koppel schaffen ginn, ob se gepacst sinn, ob se bestuet sinn, da kënnen déi en Abatement geltend maachen duerch déi méi Fraisen, déi se hunn, well se zu zwee schaffen ginn. Wat eigentlech absolutt normal ass a wat och soll steierlech incitatif sinn, fir dass d'Leit op den Aarbechtsmarché ginn.

Abee, deen Abatement extra-professionnel, dee läit schonn zënter 1990 bei 4.500 Euro. Wann een deen Index nëmme géif adaptéieren, da géif deen haut bei 7.425 Euro leien!

(Interruption)

Wann Dir de steierleche Gain oder den Netgain dovunner rechent, da mécht dat fir eng Famill 100 Euro netto de Mount aus. 100 Euro netto de Mount mécht dat aus!

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn der Meinung, dass dat alles ass, mee keng Steiergerechtegkeet.

An deem selwechte Sënn, an ech halen domadder op, ass déi sougenannte Charge extraordinaire. A mir gi jo als Vollekspartei vill ënner d'Leit. An, Här Finanzminister, dat, wat mer vun de Leit rapportéiert kréien ... An déi se nach net gemaach hunn, déi maachen dat dann elo iwwert déi Chrëschtdeeg, nämlech hir Steiererklärung. Abee, do muss ech lech soen: Dat ass net ganz einfach auszufüllen.

Déi Steiererklärungen si vill ze vill komplizéiert fir d'Leit, fir se auszufüllen. An dat, wat eigentlech net an der Rei ass, dat ass: Well déi Steiererklärungen esou komplizéiert sinn a well d'Leit net richtig rensignéiert ginn, wat se och vun de Steiere kéinten ofsetzen, setze se vill Saachen net of, wou se e Recht an en Usproch drop hätten, fir dat kënnen steierlech geltend ze maachen. Dat sinn déi sougenannte Charges extraordinaires, also aussergewöhnlech Belaaschtungen.

Well et ass net jiddwer Persoun, net jiddwer Stot, net jiddwer Koppel, déi dat selwecht Akommes huet, déi herno och déi selwecht finanziell Laaschten huet. Dat kann zum Beispill bedéngt sinn duerch:

e Krankheetsfall vun engem Kand, vun engem Partner, vu soss engem enke Familljemember; d'Kannerbetreuung - déi eng hu Kanner, déi hu Fraise vun der Kannerbetreuung, déi aner hunn dat net -;

en Altersheim. Wat d'Leit net wëssen, et sinn oft Leit, wou een Ehepartner an d'Altersheim geet an deen anere seet: „Ech wëll awer nach, zumindest temporär, doheem bleiwen.“ Dann hu se also, wéi déi Däitsch soen, eng eigentlech „doppelte Haushaltsführung“. Dass d'Leit déi Fraisen dann, déi se als Pensiounspräis am Altersheim bezuelen, kënnen ofsetzen, ass deene mannste bekannt.

A wat och nach net an der Rei ass, an deem selwechte Sënn, ass dat, dass déi Zommen, déi ee ka geltend maachen no engem Berechnungsschema, deen an der Steierlegislatioun virgesinn ass, zënter 1990 net méi ugepasst sinn an dass d'Leit doduerch weesentlech mainer steierlech Ausgabe kënnen geltend maachen, wéi dat virdrun de Fall war.

A wann een dat alles zesummenzielt, ...

(Interruption)

Moien awer.

(Hilarité)

... ech kéint déi Lëscht nach weiderféieren, da gesäit een, dass een de Steiersystem net eleng no dem Tarif ka kucken, mee et muss ee kucken, wat alles nach ronderëm ass.

An ech muss lech soen, den OGB-L huet 2018 op eng ganz einfach a verständlech Aart a Weis eng Fibel erausginn, wou en all déi Saachen do opgelëscht huet. An da gesäit een, dass Steiergerechtegkeet eppes ass, wou een net no Rescheschiber ka vun enger Tabell fueren, mee dass ee muss dat Globaalt vun der gesamter Steiergesetzgebung en compte huelen.

An dat explizéiert iwwregens och, obschonns iwwert d'Jore verschidden Adaptatiounen am Tarif gemaach goufen, dass d'Leit lues awer sécher ëmmer méi Steiere mussen bezuelen. An dat ass och eng vun den Explikatiounen, wisou dass trotz uwuessender Lounmass esou massiv Steierzoulage vu Joer zu Joer, iwwer 400 Milliounen eleng vun 2019 op 2020, vun de Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen, mussen bezuelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, Steiergerechtegkeet heescht och, dass een d'Leit an Zäite vu gudder wirtschaftlecher Konjunktur net mat de Kriseninstrumenter vun de Joren 2011/2012 ka belaachten. Et schreift een net seng schwaarze Null, andeem een d'Solidaritätssteuer vun de Krisenjoren nach weider bei gudder a floréieren der wirtschaftlecher Konjunktur de Leit ofverlaangt.

Et kann net sinn, dass ee mat Steiergranaten, grad vun engem DP-Finanzminister, haut weiderféiert, wou den deemolegen DP-Sprieche, den Här Claude Meisch, a -president 2011/2012, wéi mer d'Solidaritätssteuer an d'Luucht gesat hunn - an dat aus guddem Grund, well de Chômage natierlech sengerzäit an der Kris extreem an d'Luucht gaangen ass -, (veuillez lire : dat deemols kritiséiert huet), an dass een dee Moment, wou de Chômage erofgeet, wat eng gutt Saach ass, einfach riicht viru mat deenen Instrumenter fiert.

Dat heescht, d'Lëtzeburger Regierung léisst sech hire Budget sanéieren duerch Steiergranaten, wéi de Claude Meisch et 2012, viru siwe Joer, qualifizéiert huet. An dat fanne mir net an der Rei!

Et kann net sinn, Dir Dammen an Dir Hären, dass fir d'Ausgabe vun dem Beschäftigungsfond 626 Milliounen Euro u Solidaritätssteuer bezuelt ginn, dovunner eleng 435 Milliounen Euro vun de Privatpersounen.

A komescherweis sinn, an ech fannen dat richtig, souguer Gewerkschaftsorganisationen, deene jo eenzel Regierungsmemberen awer net onbedéngt wäit ewech stinn, wat hiert gutt Recht ass, mee et sinn och déi, déi soen, dass dat net an der Rei ass.

Eis Zentralbank seet, dass dat net an der Rei ass. D'Zentralbank schreift am Avis vun 2017: « Il serait en effet logique que les hausses de l'impôt de solidarité subies en temps de crise soient revues ou annulées avec l'amélioration de la situation générale. Cela permettrait non seulement de préserver la nature même de l'impôt de solidarité, mais également de se doter d'une certaine marge de manœuvre en cas de nouvelle récession. »

An da seet den OGB-L eigentlech an déi selwecht Richtung: « [...] l'impôt de solidarité payé par les personnes physiques », also déi normal physesche Persounen, « a progressé de près de 800 % », 800 %!, also dat Aachtfacht, « alors que l'impôt de solidarité payé par les entreprises a progressé de 180 % [...] ». Also vun 2.000 un. « L'impôt de solidarité doit être réparti plus équitablement entre les entreprises et les ménages. L'équilibre doit être rétabli pour cette charge fiscale. »

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ass där selwechter Meinung. An ech erlabe mer, Här President, lech och an deem Sënn eng Motion ze iwwerreechen, déi virgesäit, dass d'Solidaritätssteuer fir d'physesche Persounen net sollt ofgeschaaft ginn, mee dass se am Moment, am Taux no ënne sollt ugepasst ginn.

An et ass ganz einfach esou, wësst Der, et ass Wanter, et ass zwar haut waarm. Dir kënnt mat enger Wanterjackett an der Stuf setzen, mee wann et dobausse kal ass an Dir gitt mat der Wanterjackett eraus, dann erkaalt Der lech. A mir hoffen, dass et mat der Solidaritätssteuer, wann et dem Land net méi esou gutt geet, net änlech geet. Well wéi héich mussen mer se da setzen, wa mer se haut sollten op deenen Taux loosse, wéi se elo ass?

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

Motion 4

La Chambre des Députés, considérant





- que l'impôt de solidarité est une majoration de l'impôt sur le revenu des personnes physiques et des collectivités ;

- qu'ensemble avec d'autres recettes, parmi lesquelles une dotation provenant directement du budget de l'État, ces rentrées fiscales sont versées au fonds pour l'emploi ;

- qu'en 2013, 56 % des dépenses du Fonds pour l'emploi ont été financées via l'impôt de solidarité ;

- qu'en 2019, l'impôt de solidarité prélevé sur les personnes physiques et les collectivités couvrirait 82 % (dont 55 % à charge des personnes physiques) des dépenses du Fonds pour l'emploi ;

- que si l'État contribuait encore en 2015 à hauteur de 125 millions d'euros au Fonds pour l'emploi sous forme de dotation extraordinaire, il s'est depuis désolidarisé de sorte que la dotation pour l'année 2020, toujours qualifiée d'« extraordinaire », ne s'élève plus qu'à 5 millions d'euros ;

- rappelant que le taux de la majoration d'impôt pour les personnes physiques était de 2,5 % entre 1991 et 2009 ;

- que le taux de de l'impôt de solidarité s'établit actuellement à 7 % pour les collectivités et à 7 % respectivement à 9 % pour les personnes physiques en fonction du revenu imposable ajusté ;

- que les niveaux de taux actuels de la majoration d'impôt ont été introduits à partir de l'année d'imposition 2013 afin de mieux affronter les effets néfastes de la crise économique et financière sur l'emploi ;

- que depuis lors, le chômage a largement baissé ;  
- que, malgré des années où la conjoncture s'est revigorée, le Gouvernement n'a pas revu à la baisse le taux de l'impôt de solidarité ;

invite le Gouvernement

- à revoir à la baisse l'impôt de solidarité pour les personnes physiques.

(s.) Gilles Roth, Diane Adehm, Léon Gloden, Martine Hansen, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och schonn vill zum Logement haut gesot ginn. An et ass richtig, dass d'Chamber sech besonnesch bei de Budgetsdebatte mat den Immobilieproblemer dobaussen an der Accessibilité zu de Logementen vun de Leit beschäftigt.

De Staatsminister huet am Neijoerschinterview fir 2019 - dat wäert sech elo an deenen nächste 14 hellegen Deeg da repetéieren - gesot ... Do seet den Här Bettel: „Ech kann lech haut soen, dass ech alles wäert maachen, dass mir a fënnel Joer e Land hunn, wou de Stau net den Alldag ass vun all Bierger“, seet den Här Bettel, „wou d'Wunnengsproblematik net d'Suerg ass vun all jonkem Stot, wou d'Schéier tëschent aarm a räich net méi grouss gëtt.“

Abee, och do huele mir de Staatsminister beim Wuert. Ass wierklech de Stau iwwert déi lescht siwe Jore mat de Mobilitéitskonzepter vun déi gréng hei am Land méi kleng ginn? Ech mengen éischter, de Contraire ass de Fall.

An ech mengen och, dass éischter de Contraire de Fall ass, wéi dass d'Leit, virun allem jonk Stéit, méi einfach géifen an eng Wunneng kommen. An an deem Sënn fanne mir et eigentlech total contraire. A mir verstinn dat och net, wéi et méiglech ass, dass dës Regierung weiderhin - weiderhin! - vun de Leit eng TVA, op den Erstwunnenge souguer, net vun 3 %, mee vun 17 % verlaangt an dass de Steierkredit duerfir net an d'Luucht geet.

An au contraire zu deem, wat de Finanzminister ëmmer behaupt huet oder weider nach behaupt: Och duerch d'Erhéijung vun der TVA ...

**(Interruptions)**

... kommen d'Leit, déi eng Éischtwunneng hunn, méi schlecht ewech, well den Taux, op deem ee kann den 3%-superreduzierten-TVA-Saz hunn, dee geet vu 416.000 op 357.000 Euro fir eng Konstruktioun erof. A fir 357.000 Euro, Här Baum, baut Der weeder zu Jonglens-nach zu Mamer nach iergendwou am Land ganz vill.

Här President, an deem selwechte Sënn proposéiert d'CSV duerfir nach eng Kéier - an ech erënneren un dat, wat den Här Lies schonn des Eftere gemaach huet -, fir de Steierkredit bei der Uschafung vun enger Immobilie vu 50.000 op 100.000 Euro an d'Luucht ze setzen. Dat selwecht iwwergens och fir de bëllegen Akt. Do soll de Steierkredit vun 20.000 op 50.000 Euro an d'Luucht goen.

Well ech soen lech emol eng Kéier, wat dat fir d'Leit dobaussen ausmécht: Wann Dir en Haus kafe gitt, wat scho steet, jo, ier Der iwwerhaupt emol de Schlëssel kritt vun deem Haus, da freet den Nottär lech emol, net fir sech selwer - fir sech selwer freet e seng Honorairen, wou

d'Tauxen zënter jeehier net méi ugepasst gi sinn, obschonn d'Immobiliepräisser vill an d'Luucht gaange sinn -, mee freet den Nottär lech nach 7 % Enregistrements- an Transkriptionskäschten.

Dat si bei enger Immobilie vun 800.000 Euro 56.000 Euro. Dat heescht, de Bierger, deen eng Immobilie vun 800.000 Euro fir sech a fir seng Famill keeft, dee bezilt emol direkt dem Staat 56.000 Euro! Dat fanne mir net an der Rei. An duerfir wëlle mer och, dass de Kredit vun dem bëllegen Akt vun 20.000 op 50.000 Euro an d'Luucht gesat gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen net derlaanscht, fir och nach e Wuert zu der sougenannter ekologescher Steuerreform ze soen. Mir hunn eis do dat ugelies, wat déi gréng an anerer alles esou gesot hunn, wéi se nach an der Oppositoun waren.

Den Här Kox, Logementsminister, Member vun der Lëtzebuerger Regierung, dee sot 2010 bei engem Débat d'orientation iwwert d'Attraktivitéit vu Lëtzebuerg - 2010 huet en dat scho gesot -: „Säit 1997 huet sech nämlech parallel derzou och den Tanktourismus explosiounsarteg entwéckelt, ouni dass ee sech mat de Konsequenzen vun dëser Entwécklung ausenanageresat gouf. [...] Leider“, seet den Här Kox 2010 schonn, „verkannt an och erëm verpasst.“ Et misst een en Apel fir den Duuscht hunn, seet den Här Kox 2010. „Säit Laangem verlaange mir“, also déi gréng, „ee graduellen Ausstiegenario aus dësem Tanktourismus. Mee mir hu grad de Contraire vun deem gemaach.“

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, wat huet dann dës Regierung zanter 2013 gemaach? Näischt!

Am selwechte Sënn den Här Bausch, dee virun hei war, deen huet och zum Tanktourismus am Joer 2013, dat heescht, knapps dräi Wochen ier d'Regierung Juncker/Asselborn op d'Kopp gehäit gouf, huet den Här Bausch dann als deemolegen Oppositionscoleader gesot „vum Tanktourismus haut schonn zu engem groussen Deel net dierfte benotzt ginn“, also d'Ausgaben, „fir d'Konsumausgaben zum Beispill ze finanzéieren vum Staat.“ Seet den Här Bausch, haitege Vizepremier vun dëser Lëtzebuerger Regierung. „Et hätt ee sollen déi Suen an e Future Fong sichen ze stiechen.“

Majo! Mee firwat hutt Der dat dann net gemaach zënter 2013? Zënter 2013: eng Regierung mat grénger Bedeelegung, mat engem gréngen Haus ziele se, mat Honnerte Beamten! Näischt ass an deem Sënn geschitt! Au contraire! Déi duerschneittlech Rentrée vum Akzise sinn zanter 2013 net erfogaangen, mee déi si stabiliséiert gi bei 700 Milliounen Euro. 700 Milliounen Euro sinn all Joers iwwert de Wee vun den Akzisen erakomm!

Den Tubak! Do misst jo e Grénge geckeg ginn, do derbäi. Se sinn zwar elo fir de Cannabis. Wéi dat dann herno soll besteiert ginn oder net besteiert ginn, do loosse mer eis dann iwwerrassen. Mee den Tubak! Akzisen 2013: 97 Milliounen Akzisen 2019: 197 Milliounen ënner grénger Bedeelegung.

Dir Dammen an Dir Hären, wann dat en nohalleten Ëmgang mat den Akzisen ass, wann ee seet: „Ma dat misst een alles an e Future Fong setzen“, also da versti mir nach just Bahnhof, warscheinlech wéi och den Här Bausch.

**(Hilarité)**

Dir Dammen an Dir Hären, de Klimafong. Da kommt, mir kucken dat emol: de Klimafong fir déi gréng. Avoiren, net an der Keess, dat hu se net, kontabel awer gesécher: 757 Milliounen Euro. 757 Milliounen Euro! D'Avoire vun dem Klimafong si permanent an d'Luucht gaangen! Dat heescht, déi gréng soen de Leit 2013: „Ma mir huelen d'Sue vun dem Tanktourismus.“ Dat dierf net fir d'Konsumausgabe vun dem Staat sinn! An déi huele se, se bunkere se an de Klimafong a se fabrizéieren iwwerhaupt näischt domadder!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass keng nohallet ekologesch Steuerreform! A wann Der konkreet Beispiller frot: ...

**(Interruptions)**

... Mir hätten déi Suen do geholl a mir hätten de Leit schonn zënter 2013 gehollef, fir dass se eng ekologesch Transitioun gemaach hätten. Mir hätten déi Sue geholl a mir hätten d'Entreprises ënnerstëtzt mat Steierbonifikatiounen, déi investéiert hätten a Greentechnologien. Mir hätte gekuckt, wéi d'Lëtzebuerg als Standuert an der Groussregioun an doriwwer eraus sech hätt kënne bedeelegen u Fuerschungsprojekter fir Waasserstoffzellen, fir Elektromobilitéit.

Alles dat ass verfeelt a verpasst ginn an et huet een d'Sue monter weider ausginn als Konsumausgabe vun dem Staat, fir d'Gadgets vun dëser rout-blo-grénger Koalitioun ze finanzéieren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An et huet een dat net gemaach, mat deem een ugetratt ass.

Wat huet ee gemaach? Eng ekologesch Steuerreform. Dat ass eng Kakofonie sonnergläichen!

Dir Dammen an Dir Hären, et huet ee gemaach: ... Wat huet ee gemaach? Den Här Schank, deen hat fir Elektroautoen eng sougenannt PRIME CAR-e agefouert, dat heescht e Subsid, wann ee sengerzäit en Elektroauto kaaft huet. Wat hunn déi gréng gemaach? Ma si hunn emol fir d'éischt dem Här Schank seng Propositionen a säi Gesetz ofgeschaaft. Si hunn et ersat duerch e Steierabatement. An zwee Joer duerno hu se dat erëm ersat duerch e Steiersubsid. Dat heescht, si hu beim Här Schank ofgefuert (veuillez lire : Dat heescht, si hunn dem Här Schank säi Subsid ofgeschaaft) an herno hu se erëm dat selwecht, wat den Här Schank gemaach hat, agefouert.

An da komme mer zu de berühmte Klimaprëten. Dat sollt jo d'Wonnerléisung sinn 2013, fir d'Klima zu Lëtzebuerg - d'Klima zu Lëtzebuerg!? - ze retten. 80 Kilometer vu Clierf, e bësse méi uewen, bis ënnen op Mondorf. 55 vu Réide bis op Rouspert. Fir d'Klima do ze retten.

A wat hu se gemaach? E Klimaprët agefouert. E Klimaprët! Soll ech lech emol d'Resultat soen?

2018 - d'Chambre des Métiers huet dat virgerechent - :

12 Demanden un der Zuel fir e Klimaprët zu 0 %;

68 Demandë fir e Klimaprët zu engem reduzierten Taux. Vun deenen 68 Demandë sinn der 20 ugeholl ginn. A wësst Der, wat de Staat u Klimaprëten ausbezuelt huet? Dat sollt jo d'Wonnerwaff sinn. Ganzer 22.000 Euro pro Joer. An dat bei engem Budget, deen de Moment iwwer 20 Milliarden ausmécht. Wann dat gréng Klimapolitik ass, Dir Dammen an Dir Hären, da versti mir näischt méi!

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Weider ...

**(Brouhaha)**

Jo, jo.

Déi Konzeptlosegkeet bréngt eis awer nach just zum Staunen, wa mer dann elo - an ech woen dat ze soen - net d'lescht Woch als CSV, déi och vun deenen anereren Oppositionsparteien ënnerstëtzt ginn ass, eng Motioun eraginn hätten, fir dass de Finanzminister oder d'Lëtzebuerger Regierung endlech der Chamber an de Lëtzebuerger an den Netlëtzebuerger zu Lëtzebuerg gesot hätt, wat et dann elo op sech hätt mat der Akzisenherhéijung op dem Spritt.

Ech muss lech ganz éierlech soen, Här Gramegna, Dir souzt do, Dir hutt d'leschte Kéier esou ofgewonk. Mir hunn eng Motioun erabruucht. D'Regierungsparteien hunn dergéint gestëmmt, dass déi hei soll zur Ofstëmmung kommen. Dat muss ee sech emol virstellen! Dunn hutt Der awer vläicht kal Féiss kritt, dann hutt Der e Freideg annoncéiert ...

Den Här Bauler, dee souz do: „Jo“, sot en dunn, „ech hu fir e Méindeg eng Kommissioun aberuff an da kënne mer och där Fro vun Ärer Motioun Rechnung droen.“ Da kënnt den Här Gramegna - an dat éiert en, well do huet e misen eleng kommen - an d'Finanzkommissioun an da léisst en definitiv d'Kaz aus dem Sak. An d'Leit si gewuer ginn, wat alles op se duerkënnt.

Et kënnt elo derbäi: Akzisen 3 bis 5 Cent um Diesel. Da kënnt awer nach derbäi 2021, 2022 an 2023: déi sougenannten CO<sub>2</sub>-Steier. An da si mer bei deem, wat den Här Gibéryen virdru gerechent huet, dass d'Leit eleng mat deem, wat elo bekannt ass, um Diesel bis zu 15 Cent um Liter musse weider bezuelen.

An den Hummer - den Hummer! - bei all deem ass jo eigentlech, dass den Här Turmes gëschter an der - wat war et? - Émweltkommissioun op déi konkreet Fro, déi mer em gestallt hunn: „Jo, firwat maacht Der et?“ geäntwert huet: „Majo mir müssen den Differential mat de Belsch a mat de Fransousen a mat den Däitschen ausgläichen, well doduerch kommen d'Camionneuren. Se tanken zu Lëtzebuerg an da kréie mir dat alles an eis CO<sub>2</sub>-Bilanz agerechent.“

Dunn hu mer em d'Fro gestallt: Jo, wat maacht Der dann, wann elo d'Belsch eng nei Regierung hunn, wann d'Fransousen, déi jo e bëssen an der Bredouille de Moment sinn, an déi Däitsch higin, an dat hu se jo gemaach, wann déi soen: „Ma mir féieren och eng CO<sub>2</sub>-Steier an a mir héijen d'Akzisen.“?

A wësst Der, wat den Här Turmes du gesot huet? „Jo, da musse mer kucken, ob mer se net nach müssen an d'Luucht setzen.“ Dat heescht, elo sinn d'Leit scho mat 15 Cent um Liter Diesel a Spritt gebeidelt an da soll herno nach derbäikommen! Dat heescht, mir bezuelen, fir dass

d'belsch Camionen, d'Fransousen, d'Hollänner, dass déi monter bei eis derduerchfueren. D'Lëtzebuerger bezuele fir eis CO<sub>2</sub>-Bilanz, déi duerch déi aner matverursaacht gëtt, fir dass déi sollt besser ginn! A wann een alles kuckt, gëtt se da besser? Ma nee! Ma nee! Si gëtt net besser!

Well, do hu se och d'Wourecht gesot. An elo eréischt. Duerch déi heiten Akzisen- an CO<sub>2</sub>-Bepreisung gëtt d'CO<sub>2</sub>-Bilanz bei eis am Land kee Jota besser. Well trotz där Erhéijung vun den Akzisen an der CO<sub>2</sub>-Steier geet souguer am Gesamtpaket dee verfuereenen Diesel an den nächste Joren, net méi esou staark - dat muss ee soen, net méi esou staark -, mee e geet nach a senger Globalitéit an d'Luucht.

An dat, wat mer de Leit net zielen, elo sinn d'Leit beschäftigt mat dem Spritt, mee wat nach derbäi kënnt, dat sinn d'Heizungen. Et ass net all Mensch, dee mat enger Wärmepompe do sëtzt. A wat soe mir dann? Wat soe mir dann der Wittfra, vun 78, 80 Joer, déi ...

**(Brouhaha)**

Jo, jo!

... déi de Mann verluer huet an déi mat enger mickreger Rent do sëtzt?

**(Interruption)**

Jo, Dir kënnt elo laachen, Madamm. Jo, jo!

Déi sëtzt do mat enger mickreger Pensioun oder enger mickreger Rent an da soe mer zu där: „Ma elo rappt Dir emol Är Masuttsheizung eraus an dann ersetzt Der déi duerch eng Wärmepompe!“ Oder eng Damm oder en Här, dee schonn e Gasbrûleur huet, da sot Der: „Do musst Der nach weider bezuelen. Da musst Der deen duerch eng Wärmepompe oder duerch en anere Brûleur ersetzen.“ Ma wësst Der, wat dat kascht? 10.000 bis 14.000 Euro. Déi Fra, déi 2.500 Euro Rent oder Pensioun huet, ma déi muss sechs Méint spueren, well se kritt näischt méi geléint, bis dass se hire Brûleur oder hir Heizung ersat huet!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat ass jo schrecklech, Här Roth!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ma dat geet net!

**(Hilarité)**

Här Mosar, dat ass genau ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ma dat ass schrecklech!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ma dat ass genau déi Politik ...

**(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)**

Dat ass genau déi Politik, déi dës Regierung de Leit ...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre des Sports, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Et ass gutt, dass den Här Mosar lech demaskéiert. Da brauche mir et net ze maachen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- An da si mer nach net fäerdeg! D'Madamm Polfer, wou ass se? Si ass elo eraus.

Mir kruten am SIDOR, dem Müllverbrennungssyndikat ...

**(Interruption)**

Jo, jo.

De Müllverbrennungssyndikat, dee verbrennt fir 400.000 Leit hei an dem Land zu Leideleng den Dreck. Ech hunn net matkritt, dass bis elo eng aner alternativ Eliminatioun vun Haushaltsmüll technesch virgesi wier. Op jidde Fall spuert de SIDOR, fir 2027 oder 2028 kënnen eng nei Anlag amplat ze setzen. Ob déi Technik eng aner ass, weess ech net, mee bis elo schéngt alles op déi Verbrennungstechnik er auszelaafen.

Wësst Der, wat de SIDOR kascht? 2021, da steet nach ëmmer déi jëtzeg Anlag do: 4 Milliounen Euro! Wësst Der, wat de SIDOR 2022 kascht mat der CO<sub>2</sub>-Bepreisung? 5 Milliounen Euro! A wësst Der, wat de SIDOR 2023 kascht? 6 Milliounen Euro! A mat dem Verursacherprinzip, dat geet also net vun Benefiss vun SIDOR of, well soss huet e kee méi, mee dat geet of, an et muss bezuelt gi vun den eenzele Leit. A wann een et ëmleet, dann ass dat e weidere Käschtepunkt vun iwwer 40 Euro an engem Stot. An all aner Punkte kommen nach do derbäi.

Dir Dammen an Dir Hären, als Konklusioun: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.“ „Mir maache mat mander méi.“ Mir sinn der Meenung als CSV, dass de Contraire de Fall ass. A wa mer och esou d'Debatten haut an hannert de Kulissen héieren, da





gi mir awer d'Gefill net lass, dass d'Regierungs-politik éischter, déi jo da sollt 2018 en neien Elan kréien, well se net méi domat gerechent haten 2018 - do si mir vläicht och selwer Schold drun -, ...

**(Hilarité)**

... dass et nach eng Kéier géif virugoen ...

**(Brouhaha)**

Jo, mir haten och eng Kéier e Plang, hein. Mir schwätzen awer haut net méi dervun.

**(Interruptions)**

Mee dass déi Regierungspolitik eis eigentlech de Moment éischter den Uschäi gëtt - ech drécke mech da virsichteg aus, Dir kënnt jo de Contraire bewisen -, dass et e politesche Kouhandel ass. E politesche Kouhandel:

Nämlech d'Sozialisten, déi ware méi schlau. Déi hunn emol direkt gesot: „Mir kréien eis 100 Euro Mindestloun,“ wat och richteg ass, „an d'zousätzlech Congésdeeg, iwwert déi kann een diskutéieren.“

► **M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP).- Déi al Léift kënnt erëmeraus.

**(Hilarité)**

► **M. Gilles Roth** (CSV).- déi gréng, ...

**(Hilarité et interruption)**

déi gréng, Dir Dammen an Dir Hären, déi kruten hir Ökotaxen. Wat fir eng Grausamkeeten dat fir d'Leit mat sech bréngt, dat wäert d'Zukunft weisen.

An d'DP, déi kréien dann ee Kaddo, nämlech dass se hir Clientèle esou klammheemlech mat de Stock-Options nach weider kënne berouegen. An do wäert de Regimm vertaagt a vertaagt a vertaagt gi bis op Sankt-Nimmerleins-Tag.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Regierung huet et mat all deem, wat se ugekënnegt huet, fäerdegbruecht, dass zënter 2013 ... An dat ass dat, wat dramatesch ass. An et ass richteg, dass de Paul Galles déi Orientierungsdebat iwwert den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg ugefrot huet. An et ass néideg, dass déi Debätt esou schnell wéi méiglech breet - breet! - an dësem Haus an an de Kommissioun fraktiounsiwwergräifend diskutéiert gëtt.

**(Interruption par M. Eugène Berger)**

Här Berger, zanter 2013. Well déi fréier Regierung, d'CSV/LSAP-Regierung, déi hat et fäerdegbruecht, dass trotz Kris den Aarmutsrisiko net erofgaang ass, mee en ass zumindest net an d'Luucht gaang. Mat all deene Moossnamen, déi gemaach goufen, ass e stagnéiert. En ass stabil bliwwen ënner schwierigsten Ufuerderungen.

Abee, zanter 2013 liewe méttlerweil 105.000 Leit - 105.000 Leit! - zu Lëtzebuerg ënnert der Aarmutsgrenz. An dat sinn 3 % weider. Dat sinn 20.000 Leit méi wéi 2013. An dat trotz deem, dass de Staatsbudget ëm 6 Milliarde Recetten zanterhier - 6 Milliarde Recetten zanterhier! - an d'Luucht gaangen ass. Do kann een nëmme soen: Du aarmt räicht Lëtzebuerg!

An zanterhier ass net nëmmen den Aarmutsrisiko an d'Luucht gaangen ass, dass d'Logemententspräisser si parallel tëschent 35 a 40 % an d'Luucht gaangen, soudass eis Konkusioun vun deem Ganzen éischter ass, dass mir e Staatsminister mat enger Regierung hunn ...

E Staatsminister, deen ech gëschter an haut net gesinn hunn! Dat hunn ech beim Här Juncker ni gesinn, ech hunn dat beim Här Juncker ni gesinn. Wann de Fraktiounspresident vun där gréisster Oppositionspartei seng Ried gehalen huet, war de Staatsminister ëmmer present! De Staatsminister war present, wann de Rapport vum Budget sai Rapport gemaach huet. An de Staatsminister war och bei den uschlëssenden Diskussiounen, wann et him erlaabt war, uweise.

Abee, do hu mir d'Impressioun, dass et éischter vill Bling-Bling ass, mat Schlagwuertpolitik iwwer Facebook, iwwer Snapchat, Instagram an alles, wat et nach esou gëtt, an de Leit hir Problemer ze léisen, ass een net amstand!

Dës Regierung dréit un der Spëtzt keng Handschreift, si huet keng Iddien a si léist d'Problemer vun de Leit net, well se domadder iwwerfuerdert ass.

An aus all deene Grënn, Dir Dammen an Dir Hären, wäert d'CSV dës Budget net stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech wëll awer, an dat gehéiert och zur Politik, zum Schluss, trotz alle Meenungsverschiddenheeten, déi mer

hunn, fir d'éischt dem Yves Cruchten, als responsableslem Budgetsrapporter, villmools Merci soen. Dat ass, et gëtt ëfter gesot, et ass eng Fläissaarbecht. „Fläissaarbecht“ ass e bëssen eppes Pejoratives. Et ass eng Fläissaarbecht, well ee sech a kierzester Zäit ganz vill Zuelen, Politikorientierung muss uneegnen, an dat queesch duerch all d'Politikfelder, vun de Sozialversécherunge bis zu den Infrastrukture bis zu de Steiere bis zu anere Politikberäicher, Santé, Famill a villes aneres méi.

Här Cruchten, Dir hutt dat exzellent gemaach! Felicitiounen och vun eiser Säit nach eng Kéier!

An dat selwecht wëll ech awer och soen, zum Schluss, och wann ech e bësse bedauert hat, mee dat ass esou beim Här Gibéryen a beim Här Di Bartolomeo, beim Här Bodry, dass do heiansdo awer d'Temperament vill erauskënnt!

Abee, mam Här Bodry, muss ech ganz éierlech soen, trotz allen Divergenze politescher Natur, déi mer haten an der Ausriichtung vun der Politik, hu mer och vill Weeër zesumme fonnt, an, wat sech appreciéiert, en hat ëmmer eng Argumentatioun fir dat, wat e gesot huet. En huet net einfach eppes gesot. Eng Behauptung, eng Argumentatioun, an dat huet e geéiert. An ech hunn de Moien eppes, virun allem, zréckbehalen. Dat ass dat, en huet gesot: „D'Politik muss sech d'Mëttele ginn.“ An dozou zielen och d'Deputéiert eenzel. Dass se net nëmme méi, wéi ech virdu gesot hunn, mat Bling-Bling, mat Facebook a mat, ech weess net Gott wat, ronderëm hantéieren, mee se solle sech selwer en Inhalt ginn. Se solle sech selwer - selwer an net permanent op Mataarbechter zréckgräifen - mat dem Inhalt vun der Politik, déi ëmmer méi komplex gëtt, well europäesch Elementer an anerer eraflëissen, solle se sech ausenanesetzen.

Mat dem Här Bodry verléiert d'Chamber e gudder Mann. An de Staatsrot gëtt gestärkt.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Roth. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer, fir an deem sereinen a soberen Toun, deen de Gilles Roth zum Schluss vu senger Ried ugeschloen huet, weiderzefueren. An ech wollt och fir d'éischt dem Budgetsrapporter Yves Cruchten felicitéiere fir seng Fläissaarbecht. Fläiss ass fir d'Demokratesch Partei näischt Pejoratives. Et ass näischt Negatives. Mir si frou iwwer jiddwereen, dee fläisseg an opgeschlossematschafft.

An ech wollt dem Här Roth och nach zum Schluss soen, ier en de Sall verléisst: Wéi ech déi leschte Kéier déi Annonce gemaach hunn, ...

**(Interruptions)**

... fir op d'Sitzung vun de Méindeg ze invitéieren, hunn ech dat net an engem hesitéierenden Toun, mee an engem frouen, determinéierten Toun gemaach. Erlaabt mer awer, dat richtegzustellen! Et hat een e bëssen d'Impressioun, ech wier do verschotert gewiescht. Dat war awer net de Fall!

**(Interruptions)**

Budgetsrapporter ze sinn, an ech hunn dat um eegene Leif ufanks des Joers erfuer, ass eng eenzeg Weiterbildung. An et geet een als Deputéierten, fir dann erëm op d'Inhalter an op d'Substanz ze kommen, Här Cruchten, inhaltlech gestärkt aus dësem Exercice ervir. Dass de Kolleg Cruchten sech am Spezielle mat der Thematik vun den Ongläichheeten an eiser Gesellschaft befaasst huet, dat éiert hien, well en den Zeigefanger domadder op eng offe Wonn leet.

Jo, och an eisem Land ass net alles Gold, wat blénkt. Och an eisem Land gëtt et Leit, déi et ganz schwéier hunn, fir um Enn vum Mount d'Enner, wéi dat esou schéin op Lëtzebuergesch heescht, zesummenzekeréien. Déi sozial Differenze wuessen, besonnesch an Europa an a Länner wéi Däitschland a Frankräich, eisen Nopeschlänner. Dat soll eis ze denke ginn. Virun allem, well dës Inequitéiten déi politesch Forcé stäerken, déi dës ëmmer méi komplizéiert Welt mat ëmmer méi einfache Léisungen a Rezepten vu fréier ze léise versichen.

Dass den Yves Cruchten de PIB du bien-être nach eemol an d'Vittrinn stellt, ass duerfir richteg. Quitte dass mer eis bewusst musse sinn, dass mer et um Niveau vun der Europäescher Unioun nach ëmmer net fäerdegbruecht hunn, e gemeinsamt Moossinstrument an deem Kontext ze definéieren. Ausser dem Indicateur de développement humain vun der UNO an dem Better Life Index vun der OCDE aus dem Joer 2011 gëtt et de Moment kee méi ela-

boréiert Moossinstrument, fir de PIB du bien-être ze errechnen. Index hin oder hier, et muss een emol fir d'éischt déi finanziell Voraussetzunge schafen, fir dass een d'Wuelgefill vun de Leit ka sécheren an Ongläichheete ka bekämpfen.

Geld ass sécherlech net alles. Mee ouni Finanzmëttel, déi méttels Investitiounen a Subsiden de Leit hëllefen, besser ze liewen, ouni dës Finanzmëttel ass alles näischt. Duerfir brauch een an Europa wierklech net wäit ze goen, fir sech däers seier bewusst ze ginn.

Am Verglach mat eisen Nopere kënne mer eis heiheim eng séier entwéckelt Sozialpolitik leeschten. De Finanzminister huet et 2018 fäerdegbruecht, fir de Staatsbudget trotz héijen Investitiounen, déi awer noutwendeg sinn, an d'Gläichgewicht ze kréien. Et ass gelongen, net just d'Scholdespiral ze brieche, an déi mer no der Kris gerode waren, mee och d'Ewechfale vun de Recetten, déi aus dem Commerce électronique stamen, opzefänken a gläichzäiteg eng éischt Steuerreform ëmzesetzen.

De Staatsbudget steet haut op zolitte Féiss, soudass mer aus finanzieller Siicht gutt op d'Zukunft virbereet sinn. Gesond Staatsfinanze si wéi d'Fëllement vun engem Haus: Ouni eng stabil Basis kann d'Gebai esou estheetesch sinn, wéi et wëllt, et dëngt alles näischt, wann et op wackelege Féiss steet, op Sand gebaut ass an duerno an de Koup fällt. Deemno fänkt och all nohalteg Politik, sief et am Ëmwelt-, Klima- oder am soziale Beräich, fir d'éischt emol u mat stabille Staatsfinanzen.

Ouni en ausgeglachene Budget kann d'Regierung net dee generéis Sozialstaat oprechterhalen, dee mer hei zu Lëtzebuerg, am Verglach mat villen anere Länner, awer nach hunn. An ouni gesond ëffentlech Finanze kënne mer eis déi héich Investitiounen net leeschten, déi d'Regierung an de Klimaschutz, an d'Mobilitéit, an déi energieetesche Renovatioun, fir nëmmen déi ze nennen, stécht. An dat wier fatal.

Net genuch investéieren, dat kéinte mer eis nu wierklech net leeschten. Eng verantwortlech Budgetpolitik ass allerdéngs och nëmmen dran, wa mer déi néideg Instrumenter an Indicateuren hunn, déi eis e méiglechst preziiist Bild vun eiser Wirtschaft liwweren. Lëtzebuerg ass als klengt Land enger grousser makroökonomescher Volatilitéit ausgesetzt. Grad dowéinst ass et wichteg, fir déi makroökonomesch Analys, op där d'Previsiounen, mat deene mer eis reegelméisseg an der Cofibu beschäftegen, och baséieren, fir déi Analys ze verfeinern, andeems den Impakt vun eventuellen externe Schocke besser ageschat ka ginn. Och muss et eis geléngen, fir den Impakt vun der Aktivitéit vun de Multinationale besser anzuschätzen oder zumindest ze verstoen, a wat fir engem Mooss hir Entscheedungen en Afloss op de PIB hunn.

Et ass richteg, fir de PIB als Moossinstrument vun eiser nationaler Produktioun oder vun der Produktioun iwwerhaupt ze hannerfroen. Mir wësse jo, dass mir de PIB vun engem gewesene Joer eréischt véier oder fënnf Joer méi spéit eenegermoosse genau berechnen kënnen. Awer kleng Länner si mat änleche Problemer konfrontéiert an hunn divers Methoden oder Approchen entwéckelt, fir un déi Saach erunzegoen.

An der Kommissioun ass och vun Irland geschwat ginn. Irland, zum Beispill, benotzt zousätzlech zum PIB de sougenannte GNI, de Gross National Income, wat eng modifizéiert Versioun vum Revenu national brut duerstellt, fir eeben Abstraktioun vum Afloss vu verschiddene Multinationale kënnen ze maachen.

Dës soll net esou verstane ginn, dass Lëtzebuerg dat einfach kopéiere soll. Loin de là! Ech denken awer, dass déi Diskussioun och hei am Land sënnvoll wier. A mir hunn, wéi mer den Avis vun der Zentralbank studéiert hunn, och eng éischte Kéier mat där Diskussioun ugefaangen.

An deem Kader wëllt ech och nach op eng méi generell Problematik hiweisen. An der politescher Debätt gëtt vill geschwat vu wirtschaftlecher Entwécklung, vu Wuesstum, vun eenzele Secteuren an esou weider, allerdéngs ass et, wa mer éierlech sinn, ganz schwéier, eng wëssenschaftlech fundéiert Ausso iwwert d'Ekonomie hei am Land, iwwer hir Entwécklung an hir Dynamik ze maachen. Et misst vill méi an der Deféit vun deem Sujet gefuerscht ginn, fir en informéierten Debat ze hunn. Och a besonnesch a Bezuch op d'Thema Croissance, op d'Thema Wuesstum.

Wëlle mer iwwer eise Standuert fuersche loos- sen, da lande mer onweigerlech bei der Fro: Wéi funktionéiert eigentlech eis ganz kleng, mee oppe Wirtschaft an der Welt vun haut, déi jo eng onendlech konnektéiert a komplizéiert ass? Wa mer dës Fro stellen, da kéinte mer se zum Beispill vun der Uni, déi jo onofhängeg - onofhängeg! - schafft, belichte loos- sen.

Wat fir een Impakt kënne verschidden Entscheedunge staatelechsaits op bestëmmte Branchen hunn? Liwwert eis déi aktuell statistesch Analys genuch Zuelen, fir ze verstoen, wéi eis Wirtschaft am Kär vun hirem Wiese funktionéiert?

Wëlle mer dat wierklech verstoen, musse mer och erausfannen, wéi verschidde Variabele mateneen verbonne sinn. Mee mir mussen dës Fro vun engem onofhängegen Akteur studéieren loos- sen.

Firwat net an deem Sënn eng Professur op der Uni fir Lëtzebuergesche Ekonomik ariichten? D'Uni ass jo vun hirer Vokatioun hier komplett inde- pendent.

À propos Uni. D'Fuerschung an d'Innovatioun sinn zwee zentral Piliere vun eiser nationaler Wirtschaft, fir se weider ze diversifizéieren an ze entwéckelen. An als DP kënne mer et dowéinst nëmme begrëssen, dass de Budget vun der Héichschoul kontinuierlech an d'Luucht geet, vu 490 Milliounen dës Joer op 535 am Joer 2020. Dat ass eng Augmentatioun vu bal 10 %.

De Budget 2020 suert derfir, dass eis Betriber och weider kompetitiv bleiwen. Denke mer nëmmen un déi sëllege Initiativen, wéi zum Beispill d'House of Startups, de Luxembourg Digital Innovation Hub, Luxinnovation, d'Programmer Fit 4 Digital oder Go Digital ze- summe mat der Chambre de Commerce, fir eis méttelstänneg Betriber an enger ëmmer méi digitaler Welt ze begleeten, oder och nach d'Luxembourg House of Financial Technology.

Dës Beispiller weisen, dass mer eis net vun de groussen Entwécklungen, souwuel am technolo- giesche wéi am wirtschaftleche Beräich, iwwerrasche wëlle loos- sen. Ganz am Géigendeel: Lëtzebuerg gestalt dës aktiv mat an ass souguer Virreider an eenzele Beräicher.

Parallell zur wirtschaftlecher Evolutioun spillt awer och d'Entwécklung vun de verschiddene Regione vun Land eng entscheedend Roll, op déi ech op dëser Plaz e bësse méi genee wëll agoen. Während laange Joren ass sech virun allem op eis Hauptstadt konzentréiert ginn, sou- dass dës zum wirtschaftlechen an administrati- ven Zentrum vum Land ginn ass. D'Problemer, déi domadder verbonne sinn, besonnesch an der Mobilitéit, sinn eis all bekannt. Mir kënne se all Dag hautno erliewen.

Mee déi wirtschaftlech an administrativ Zentra- lisierung an der Vergaangenheet werft awer net just d'Fro op, wéi dann d'Mobilitéit nei or- ganiséiert muss ginn, wa quasi all Mënsch aus dem Land an doriwwer eraus aus der Grenze- rgioun mateneen an en urbane Ballungszent- rum komme soll. Et stellt sech gradesou d'Fro no der Opwärtung vun den anere Géigenden am Land. An ech denke speziell un den Nor- den, mee dat gëllt natierlech gradesou fir aner ländlech Géigenden an de Süden.

D'Unzéiungskraaft vum Zentrum huet am Éis- lek zanter den 80er Joren dozou gefouert, dass vill Jonker d'Regioun verlooss hunn, fir an a ronderëm d'Stad schaffen a wunnen ze goen. Och wann deen Trend entre-temps gebrach konnt ginn an d'Éislek, d'Nordstad an de Réi- dener Kanton zënter enger Rei Joren erëm en Opschwung erliewen, bleibt de Sujet aktuell. Wichteg Froen, déi sech haut ënner anerem gestallt ginn, sinn déi vun der wirtschaftlecher Diversifizierung am ländleche Raum, engem performanten Noutdängscht, dem Iwwerliewe vun de klengen Geschäftsstied an insgesamt der Entwécklung vun der Nordstad als drëtten na- tionalen Entwécklungspôle.

D'Regierung huet dës erkannt an deem- sprechend am Koalitionssaccord festgehalen, dass souwuel eng wirtschaftlech Dezentraliséie- rung gefërdert soll gi wéi och eng Dezentra- lisierung vun de Verwaltungen aktiv viru- gedriwwen soll ginn. Grad dës leschte Punkt géif e wichtegt Signal duerstellen. Beispiller gëtt et wéi de Sëtz vun der Naturschutzverwaltung zu Dikrech, deen 2015 an d'Nordstad verluecht gouf, oder d'Veleer vum engem Deal vum État-major op den Härebiere. Dat ass e ganz zaarten Ufank vun Dezentraliséierung. Mee eng rezent Diskussioun an der Finanzkommissioun huet gewisen, dass souwuel quasi all politesch Familien heibannen - déi Lénk waren deemools net vertrueden, mengen ech - wéi och den zoustänneg Beamten aus dem Ministère de Wëllen ënnerstrach hunn, méi resolutt op de Wee vun der administrativer Dezentraliséierung ze goen.

Wann de Staat selwer seng Mataarbechter net méi alleguer an d'Stad komme léisst, mee hin- nen d'Méiglechkeet gëtt, bei sech an der Géig- end ënner bessere Konditiounen ze schaffen, gëtt natierlech déi Géigend zousätzlech belieft, wat och aner Akteuren encouragéiere kéint, nozezéien a méi an déi Regioun ze investéieren.

Aner Virdeeler wieren ausserdeem e bessere Service um Bierger an deene Géigende grad





wéi eng Berouegung vun der Verkéierssituation a Richtung Stad. Dat dierft iwwerengs och dem Klima guttduen. Duerfir si mir als DP natierlech frou, dass d'Regierung dat och esou gesäit an deementspriedend lwwerleungen a Projeten an der Maach sinn.

Konkreet wëll ech op d'Entwicklungsgesellschaft Nordstad hiweisen, déi mat dësem Budget net manner wéi 2 Milliounen kritt, fir déi urban Entwicklung an der Nordstad ze favoriséieren. D'Beispill Belval huet gewisen, wéi wichtig d'Dezentraliséierung ass. Denke mer nëmmen un d'Uni, un d'Fuerschungsinstituter oder och nach un d'Nationalarchiv, dat am kommende Jorzéngt an de Süden no bei d'Uni, also och no bei d'Institut für Zeitgeschichte an de Geschichtsdepartement vun der Uni, komme soll!

Komme mer nach eemol op d'Nordstad zrëck! Och d'Investitiounen an d'Mobilitéit sinn ze begreifen, sou zum Beispill de Reamenagement vun der Ettelbrécker Gare als Pôle d'échange multimodal. Och wann et nach ëmmer ..., ben, wann ech zumindest perséinlech bedauern, dass duerfir d'Patton-Bréck an déi historesch Gare mussen ofgerappt ginn.

Am Kader vun dësem Projet sinn och nei Büroe fir d'Police an den Inspektorat vum Bildungsministerium virgesinn, wat natierlech alt erëm eng Kéier en zaarten, mee e gudden Ufank duerstellt. An ech hoffen, dass dës Beméiungen an der Zukunft weiderginn.

Nach e puer Wuert zu engem Dossier, dee mir perséinlech um Häerz läit, dat ass d'Kultur. De Finanzminister sot dat esou schéin: „Eng Gesellschaft ouni Kultur ass wéi e Bam ouni Blieder.“ Et war och Hierscht, wéi Der dat gesot hutt, Här Finanzminister. Mee et war treffend gesot!

#### (Hilarité)

Deementspriedend geet de Budget vum Kulturministerium dat anert Joer ëm 4,2 % erop. Zu de Prioritéite gehéieren hei virun allem d'Ëmsetzung vum Kulturentwicklungsplang an de Projet Esch2022. Et ass richtig a wichtig, dass mer an d'Kultur investéieren. Mir investéieren domadder an d'Kreativitéit vun de kulturschaffende Leit a mir droe mat dësen Depensen derzou bäi, dass eis Gesellschaft sech net nëmmen op materiell Wäerter fixéiert.

D'Kultur ënnerstëtzen, dat ass kee Luxus, mee eng Noutwendegkeet!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. André Bauler (DP).** - Deen neie Kulturentwicklungsplang wäert déi nächst Méint an der zoustänneger Chamberskommission ënnert der Presidence vun der Madamm Bernard analyséiert ginn. Et ass en Dokument, dat fir a vun der Lëtzebuurger Kulturzeen entwickelt ginn ass. No enger breeder Diskussioun iwwert de Kulturentwicklungsplang, deem ënnert dem Kollege a fréiere Staatssekretär Guy Arendt elaboréiert gouf, wat wierklech vill Aarbecht war a wou och ganz vill Gespréicher a Kontakter mam Secteur waren, leie Recommendationen vir. Et heescht also, déi grouss Chantiere vun der Kulturpolitik zrëckzebehalen, dat heescht, wou sech eppes beweegen a wou sech eppes verännere muss.

Beim historesche Patrimoine, dat soll och emol eng Kéier op dëser Plaz gesot ginn, ginn d'Dépenses en capital zolidd an d'Luucht: vu 6,8 Milliounen am Joer 2018 op iwwer 11 Milliounen fir de Budget 2020. Et geet hei ëm den Erhalt vu schützenswäerter Bausubstanz, an dee gëtt et eeben net zum Nulltariff.

Dat neit Denkmalschutzgesetz, dat geplangt ass, gëtt extra wichtig. Mir wäerte wuel am neie Joer dorunner ze schaffe kréien, soubal den Avis vum Staatsrot der Kommission virläit. Ech wollt an deem Kontext och nach eng Kéier drun erënneren, dass - ech mengen, et ass am Wenzelsturm - Sites et Monuments mëttlerweil en extrae Service de l'inventaire huet, dee ganz detailléiert Opstellungen mécht vun deem, wat hei am Land u Substanz ze schützen ass. Och do Felicitatiounen un de Kulturministère!

E puer Wuert zum Mëttelstand. De Budget 2020 ass och e Budget vun der Kompetitivitéit. Well mir dierfen net vergiessen: Nëmmen eng performant Wirtschaft schafft de Wuelstand, dee mer hei am Land hunn an duerch dee mer och deene Leit hëllefle kënnen, deenen et net esou gutt geet. Grad déi kleng a mëttel Entrepris sinn d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft. Fir dass si och an Zukunft op engem Marché mat-hale kënnen, dee sech besonnesch ënnert dem Afloss vun de rezenten technologeschen Entwicklungen permanent verännert, muss de Staat hinne gezielt ënnert d'Äerm gräifen. Als DP kënnen mir et dowéinst nëmmen begreifen, dass dee gréissten Deel vum Budget vum Mëttelstandsministère fir Aidé virgesinn ass. Par rapport zum leschte Joer hu mer eng Progressioun vun net manner wéi 20 %: vun 12 Milliounen am Joer 2019 op 14,5 Milliounen d'nächst Joer.

Zu deene wichtigen Initiativen, déi vum Ministère finanziert ginn, gehéieren an deem Kader ganz kloer Programmer wéi de Pakt fir de Commerce, de Pakt fir d'Handwerk, de Fit 4 Digital oder och nach Digital Packages (veuillez lire : Fit 4 Digital Packages). Ech ginn elo net op den Detail dovunner an. Hei gi ganz cibléiert Projeten am Beräich vun der Digitaliséierung ënnerstëtzt, fir eis Betriber op d'Zukunft virzubereeden. Donieft ass och virgesinn, an den nächste Joren zousätzlech Mëttel fräizeginn, fir de Betriber ze hëllefle, Klimaschutzmoossnamen ëmzesetzen.

Zu gudder Lescht e puer Wuert zum Thema Tourismus - dat soll och de Leit aus dem Osten an dem Norden um Häerz leien. Den Tourismus spillt och fir Lëtzebuerg, d'Lëtzebuurger Land, d'Lëtzebuurger Economie eng wichtige Roll. Den Tourismus stellt ëm déi - ech hunn elo net genee nogekuckt - 7 % vum PIB duer. A besonnesch am Kader vum Kulturtourismus, dem Onotourismus oder dem aktiven Tourismus wéi dem Cyclotourismus huet eist Land ganz vill ze bidden.

Den Tourismusminister Lex Delles setzt sech dowéinst och ganz konsequent derfir an, d'Destination Lëtzebuerg am Ausland méi bekannt ze maachen. Esou geet zum Beispill de Budget fir Foire weider an d'Luucht, fir och international Presenz ze weisen, ënner anerem am Kader vun den Olympesche Spiller zu Tokio. Mee et geet natierlech net eleng drëms, Leit vu ganz wäit unzezielen. Grad wat de Proximitéitourismus zum Beispill - ech denken elo un d'Dagesausflug - betrëfft, ass Lëtzebuerg ganz interessant. Fir dat ze féerden, schafft de Ministère Relatiounen mat den Nopeschlänner. E schafft och ganz enk mat hinne an dëser Matière zesummen.

D'Valoriséierung vun de verschiddene Regione grad ewéi d'Valoriséierung vun de regionale Produkter ass a bleift eng Prioritéit vun der Regierung. Och d'ORTE kréie méi Mëttelen. D'Demokratesch Partei kann dat am Sënn vun enger ausgeglachener Landesentwicklung nëmmen begreifen.

Schliisslech ass nach d'Ausféierung vum Fënnfjoresplang mat 8,6 Milliounen e grouse Posten am Budget. Mat deene Sue gëtt zolidd an d'Infrastrukturen hei am Land investéiert, soudass déi och beschtméiglech un d'Besoinen ugepasst sinn.

Dat gesot, léif Kolleginnen a Kollegeen, wëll ech nach eng Kéier dem Budgetsrapporteur Yves Cruchten a sengem Staff en häerzleche Merci soe fir déi gutt an éierlech Zesummenaarbecht an der Finanzkommission.

Da wëll ech och hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir engem Member aus der Finanzkommission en extrae Merci ze soen: nämlech dem Alex Bodry, deem ëmmer ganz aktiv matgeschafft huet, eng ganz Rei héichwäerteg Awërf gemaach huet, eeben duerch säi laangjäregt Wëssen, duerch seng Erfahrung. An ech wëll dir, Alex, op dëser Plaz och duerfir en häerzleche Merci soen an dir an denger weiderer Karriär - am gudden Sënn vum Wuert - bonne Chance wënschen. Merci! Däi Wësse gëtt och nach op enger anerer Plaz gebraucht, mee et wäert eis hei feelen!

lech alleguer soen ech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Bauler. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, wéi all meng Virriedner et schonns gemaach hunn, soen ech natierlech och als Alleréisch dem Kollege Yves Cruchten Merci fir säin exzellente Rapport, fir seng Aarbecht, déi en investéiert huet. Et ass net nëmmen Fläissaarbecht, wéi virdu gesot gouf, et ass nämlech eng Konscht: eng Konscht, e Rapport ze schreiwen, deen engersäits e Budget verdeedegt, dee seng Schwächen huet, an dee gläichzäitig e puer vun deene Schwächen awer nach trotzdem thematiséiert huet. Dëse Spagat ze packen, ass net ëmmer einfach. Den Yves Cruchten huet dësen Exercice awer gepackt an duerfir kann ech him a senger Ekip nëmme gratuléieren.

Och seng Resolutioun, déi en deposéiert huet, kann ech nëmmen explizitt ënnerstëtzen, well et kann een an engem demokratesche Staat dach net eng Chamber hunn, déi A seet, dann eng Regierung hunn, déi B mécht, an dat Joer drop kann d'Chamber sech net emol méi drun erënneren, dass se u sech a gefuerdert huet. Nee, ganz am Contraire, mir ginn hinne souguer nach méi Suen, fir B weiderzemaachen. Also ech mengen, an deem Sënn ass déi Resolutioun scho ganz sënnavoll an duerfir sollte mer déi dann och nach stëmmen.

Léif Kolleginnen a Kollegeen, dës Resolutioun ass awer och en Appell un eis als Deputéiert, fir

der Regierung méi kritesch op d'Fangeren ze kucken, an zwar onofhängeg vun engem parteipolitesche Brëll. Onofhängeg dovunner, ob ee lénks oder riets vum Riederpult sëtzt, denken ech, sollte mer allegueren eis gefuerdert fillen, fir am Interêt vum Land ze schaffen an net an deem vun enger Partei. Loosst eis dat duerfir muer ëmsetzen!

Här President, nodeems de Premier deklaréiert huet, dass dës Regierung géif „weider maachen“, waren d'Erwaardungen un dës Budget natierlech ganz héich. Et feelt eis an den aktuellen Zäiten nämlech net wierklech un Erausforderungen. D'Ënnerscheeder an eiser Gesellschaft ginn ëmmer méi grouss, eis Loft gëtt ëmmer méi schlecht an eis Biedem an eis Flëss ginn ëmmer méi staark belascht. D'Wunnungspräisser ginn duerch de Plaffong. An eng konstruktiv international Zesummenaarbecht gëtt duerch wuessend nationalistesch Tendenzen an de jeeweilege Länner ëmmer méi schwéier. Bref, et gëtt genuch ze maachen!

Ëmsou méi erstaunlech ass et, dass eis Regierung anscheinend decidéiert huet, nëmme mat enger eenzeger Saach „weiderzemaachen“: an zwar mam Näschtmaachen! Amplaz déi néideg Mesuren ze treffen, déi esou dréngend néideg wieren, fir op déi aktuell Problemer ze reagieren an d'Land op déi kommend Erausforderungen ze preparéieren, kuckt d'Regierung léiwer ewech a schwätzt e komplett substanzlose Budget schéin.

D'Budgetried vum Finanzminister stoung, wéi mer wëssen, ënnert der lwwerschrëft: „Liewensqualität am Alldag. Verantwortung fir d'Zukunft.“ Ech wäert meng Zäit haut notzen, fir lech duerstustellen, firwat dës Budget zu der Liewensqualität an eisem Land näscht Substanzelles wäert bäidroen kënnen, an ze ënnersträichen, dass dës Politik alles aneres wéi verantwortungsbewusst an d'Zukunft kuckt.

Loosst et mech duerfir och schonn direkt vu virera soen: D'Piraten wäerten dës Projet net matdroen.

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Dës Projet ass nämlech eng verschenkte Chance. An engem Joer ka vill erreicht ginn. Mee wann ee sech net traut, ...

(Interruption par M. Alex Bodry)

... déi néideg Schrëtt ze maachen, dann trëpelt een op der Plaz! An dat wäert fir d'Joer 2020 de Fall sinn, wann dës Budget gestëmmt gëtt.

(Interruption)

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, grad wat d'Politik géint de Klimawandel ugeet, vermësse mir Piraten de grénge Fue dem am Budget. Jo, op den éischte Bléck gesäit et esou aus, wéi wann den Émwelt- a Klimaschutz fir d'Regierung eng Prioritéit wier. D'Ausgabe sinn héich a sollen et och bleiwen. Et kéint ee bal mengen, d'Regierung hätt den diversen zivilgesellschaftlechen Demonstranten a virun allem de Kanner a Jugendlechen nogelauschert. Mee wann ee sech awer déi Zuele méi genee ukucke geet, wat zum Beispill mat de Sue geschéie soll, déi vum Finanzminister fir Klima- an Émweltmesuren ugekënnegt goufen, dann erkennt ee ganz séier, dass hei just d'Étikett gréng ass: 70 % vun den ugekënnegte Gelder sollen nämlech eenzeg an eleng dem Ausbau vun Tram an Zuch zeguttkommen.

Am Endeffekt wäerte vun den annonciéierte 502 Milliounen, déi am Interêt vum Émwelt- a Klimaschutz solle mobiliséiert ginn, esou just 13 % an de Fong fir Klima an Énergie goen a souguer just 1 % an de Fong fir Émweltschutz.

Et geet net duer, fir vun der Urgence climatique ze schwätzen, et muss een och entsprechend handelen. Mee de Ministère huet jo nach en Ass am Ärmel: Déi nei gréng Finanzproduiten. Awéifern d'Investéiere vu Gelder aus der Pétroindustrie an nei Finanzproduiten eng ambitiéis Klimapolitik duerstelle soll, muss awer nach ee mer erklären. Hei gëtt duerch grouss Ausgaben esou gemaach, wéi wann op d'Fuerderunge vun de Wielerinnen a Wieler géif aangaange ginn. An dobäi fléisst d'Geld einfach weider a Projeten, déi d'Regierung ewell säit Laangem am An hat. E konkreet Émdenken, wann et ëm de Wuesstum an d'Nohaltegkeet geet, dat als Suite vun de rezente Klimaprotester kéint ugesi ginn, huet bei der Regierung nach ëmmer net stattfonnt.

Anescht ass et net ze erklären, dass eist aktuell Steuerrecht zum Beispill am Verhältnis zum PIB ëmmer nach méi niddreg Émwelttaxe virgesäit wéi a villen aneren EU-Länner an Entreprisen zu Lëtzebuerg ëmmer nach Ureizer gebuede kréien, fir sech déck Déngschtween ze kafen, déi da vun der Steuer kënnen ofgesat ginn. Soit: D'Ekonomie steet nach ëmmer un éischer Plaz an d'Ekologie muss sech en Ticket huelen.

Esou gesäit Verantwortung fir d'Zukunft iwwerhuelen net aus. Et gi sech an der Émweltpolitik

zwar héich Ziler gesat an et gëtt vill geschwat, mee um Enn gëtt dann awer näscht gemaach.

Dat gesäit een och, wann ee sech d'Ausgabe vum Klima- an Energiefong vun de vergaangene Joren ukuckt. A kengem Joer ass wierklech dat ausgi ginn, wat de Budget virgesinn huet. 2016 hunn déi tatsächlech Dépense souguer just 16 % vum geplangte Budget entsprach. Datt ee sech also elo brette kann, dass de Fong gutt gefëllt ass, läit deemno net zulescht och dorunner, dass einfach näscht gemaach gouf. Wéi soll sech d'Liewensqualität verbessern, wann een näscht duerfir mécht?

Här President, léif Kolleginnen a Kollegeen, dass en décke Budgetsposten nach laang net heescht, dass mat deene Suen och eng kohärent Politik bedriwwen gëtt, ass eigentlech evident. An trotzdem ass déi traditionell Approche bei der Bewäertung vum Budget: Wat méi, wat besser! Datt dës engersäits eng tendenziell Gefor fir e kënschtlech opgeblosene Budget ass, deen net ausgeschöpft ka ginn, an anersäits en Ureiz fir d'Verschwendung vun öffentleche Gelder duerstelle kann, muss ech hei net laang erklären. Datt et héich Zäit gëtt, endlech eng Gestion par objectif anzeféieren, hoffentlech och net. Émmerhi si sech d'Kummeren, d'Opposition an esouguer d'Regierung, déi dat 2014 ugekënnegt hat, jo wäitgeeënd eens. Et misst ee just déi gutt Virsätz vu viru fënnel Joer eng Kéier aus dem Tirang huelen, e bëssen ofstëbsen an ëmsetzen.

Et ass e bësse wéi mat de gudde Virsätz zu Neijoerschdag, wou jiddweree wëllt an de Fitnesszenter goen, sech och nach en Abonnement hält an ni do optaucht. Mir brauchen en Émdenken, wann et drëm geet, Versprieche aus der Vergaangenheet anzehalen, well ouni kloer formuléiert Ziler, déi festhalen, wéi e bestëmmte Budgetposte soll agesat ginn, ass et einfach onméiglech ze bewäerten, ob de virgesinne Montant appropriéiert ass oder net.

Méi reaktiv ze sinn a séier op Problemer ze reagieren, ass eeben net grad eng vun de gréisste Stärkte vun dëser Regierung. Dat gouf an de vergaangene Méint och am Kontext vun der Finanzéierung vum Museksunterricht an de Conservatoiren a Museksschoulen däitlech. Säit Ufank des Joers ass bekannt, dass mir eis, wat d'Finanzéierung, vun de Museksschoulen ugeet, op dënnem Äis beweegen. Wann ech dënnt Äis soen, da mengen ech domadder, dass d'Cour des comptes kloergemaach huet, dass géint d'Gesetz verstouss gouf. Eng Léisung soll elo eréischt mam Budget fir 2020 virleien. A wat mat den illegalen Ausbezielungen aus dem Passé geschitt, virun allem vun 2019, weess keen. Warscheinlech gëtt um Enn einfach gemaach, wéi wann näscht geschitt wier.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech fir all déi, déi den Dossier net kennen, kuerz duerstellen, ëm wat et hei geet.

Ufanks dës Joers huet d'Cour des comptes, wéi ech gesot hunn, e Rapport geschriwwen, wou drastoung, dass et e Règlement grand-ducal gëtt, deen net konform mam Gesetz ass. Et huet sech erausgestallt, dass säit Joren déi finanziell Ennerstëtzunge vu staatlecher Säit aus anescht berechent goufen, wéi d'Gesetz dat virgesinn huet. Sou wäit, sou gutt.

Fir eng Rei Museksschoule war dat mat engem Plus, fir anerer mat engem Minus verbonnen. An der Moyenne ass kee Geld ze vill ausgi ginn, dat stëmmt. Mir hunn eis du mam zoustännegen Minister, deen tëschenzäitlech och gewiesselt hat, zesumme gesat, fir Léisungen ze fannen. An et gouf drop insistéiert, dass hei eng séier Léisung fir 2019 nach géif fonnt ginn. Wat fir en Erstaunen hate mer, wéi mer dunn am Projet vum Budget gelies hunn, dass quasi de Budget vun 2020 benotzt gëtt, fir e Feeler vun 2019 schéinzeschwätzen. Dat ass eng Approche, déi een einfach net verstoe kann. Fir sech d'Aarbecht méiglechst geréng ze halen, gi Problemer einfach ignoréiert a verschoben, bis dass et grouss Reform usteet.

Mir kennen dat jo scho vun der Steuerreform. Émmer erëm gëtt als Excuse benotzt, dass jo eng grouss Steuerreform kënnt, fir ze erklären, firwat de Mëssel vun der Steuerklasse 1a nach ëmmer net behuuewen ass. Ech mengen, d'Virriedner hunn dat schonn ugeschwat. Hei muss eppes geschéien. A wa mer dat op Sankt-Nimmerleins-Tag verleeën, majo, ech mengen, jiddweree vun eis weess, dass dann näscht geschitt.

Duerfir mengen ech, dass mer müssen an Zukunft eng aner Approche zu Gesetzestexten hunn. Allgemeng plädéiere mir derfir, dass am Budgetgesetz net och nach aner Dispositiounen





festgehalte solle ginn, déi do net higehéieren. De Gast Gibéryen huet et virdu gesot: Ënner anerem kritt d'Regierung elo d'Base légale, fir d'Akzise per Règlement grand-ducal um Ben-sinn oder um Diesel ze erhéijen.

All Joers ginn nach a leschter Sekonn e puer Punkten an de Budget gedréckt, déi esou ën-nert dem Radar vun der Effentlechkeet er-duerch solle goen. Den eenzege Punkt, deen dëst Joer grouss thematiséiert gouf, war d'In-demnité de secrétariat vun den Deputéierten, wou fälschlecherweis dobaussen heiansdo ver-stane gouf, d'Deputéiert géifen elo méi Geld kréien. Bref, Dir alleguerde wësst, deem ass net esou. Eis Mataarbechter kréien eventuell méi Geld oder mir kënnen méi Mataarbechter astel-len, dat heescht awer net, datt en Deputéierte méi kritt.

Esou kommen natierlech eenzel Projeten ën-nert dem Radar vun der Effentlechkeet duerch, an esou gesäit transparent Politik net aus. Fir eenzel Gesetzer ze änneren, sollen och eenzel Projet-de-loie geschriwwen an an der Chamber debättéiert ginn.

De Budget als Fourre-tout ze benotzen, fir méiglechst vill verschidden Theemen nëmmen an engem Debat mussen ze behandelen, ver-hënnert, datt d'Leit sech einfach a Gesetzestex-ter aliese kënnen, Ännerungen novollzéie kën-nen, soit d'Gesetzer verstoe kënnen.

« Nul n'est censé ignorer la loi », seet een esou schéin.

#### (Brouhaha)

Fir e Gesetz awer wierklech verstoen ze kë-nen, muss een, Dank eisem Budgetsgesetz, heiansdo duerch Honnerte vu Säite sichen, fir eventuell Ännerungen ze fannen. Dat ass net nëmmen ontransparent, mee ondemokratesch, well et den Zougang zu Gesetzestexten onnéi-deg erschwéiert.

Mir brauchen endlech - an ech fänken un, mech wéi een MP3 op „single repeat“ un-zehéieren - d'Moyenen, fir méi Gesetzer a kon-solidéierte Fassungen ze verëffentlechen, a wann och nëmmen informell.

#### (Interruption)

Fir déi, déi net wëssen, wat een MP3 ass: Dat ass esou déi digital Equivalenz vun engem Pla-ckespiller.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Ass dat wéi e Walkman?

► **M. Sven Clement** (Piraten).- De Walkman war, mengen ech, kuerz no der Plack, awer nach virun dem MP3, Här Fayot.

D'Technik duerfir ass do, et feelt awer um poli-tesche Wëllen. Duerfir freet ee sech schonns, ob et net System huet, datt normal Biergerin-nen a Bierger d'Gesetzer net solle liesen oder verstoe kënnen. Eng transparent Politik fänkt eeben domadder un, datt jiddwereen, esou ba-nal wéi et och kléngt, en einfachen Zougang zu Gesetzestexten huet.

Fir doriwwer eraus d'Transparenz am Zesum-menhang mam Budgetsgesetz ze steigern, misst d'Regierung den Deputéierten och onbe-déngt méi Detailler iwwert d'Natur vun den Ausgaben zur Verfügung stellen. Et gëtt vill Budgetposten, bei deenen net kloer ass, wat da genau domadder geschitt.

Ech ginn e Beispill: e Poste mam Numm „Sub-side jugé opportun par le Gouvernement“. Bref, dat ka vill sinn. A wann een dann nofreet, kritt een d'Antwort: „Majo, dat sinn déi Subsiden, déi mir fir néideg halen.“ Heiansdo kritt een nach e puer Nimm vun Organisatiou-ne genannt, mee och kloer gesot: „Dat ass indicatif an dat kann änneren, esou wéi mir dat fir néideg halen.“ Et steet am Numm, et misst ee sech iwwert déi Antwort u sech net wonne-ren.

Natierlech ass et verständlech, datt d'Regie-rung sech e gewëssene Spillraum wëllt loossen. An awer soll probéiert ginn, esou transparent wéi nëmme méiglech mat effentleche Gelder ëmzegoen. Déi Äntwerten op déi Froe mussen iwwregens net nëmme fir Deputéiert sinn, mee fir all Biergerinnen a Bierger, déi de Budget wëlle liesen a verstoen, wien dann elo vun deem Budget profitéiert.

Dat kéint also och bedeiten, datt mer net nē-men de Budget, mee och d'Bilanen effentlech an der Pleniëre méi am Detail diskutéieren. Mee vun esou vill Transparenz si mer aktuell a wa mer iwwert d'Fonds-spécialë schwätze ganz wäit ewech.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een d'Liewensqualitéit wierklech steigere wëllt an eng zukunftsorientéiert Politik be-

dreiwéi wëllt, da muss ee sech Gedanke maa-chen iwwert d'Nohaltegkeet vun eisem Wuess-tum. Den 1-Millioun-Awunner-Staat ass keng Léisung, onbegrenzte Wuessstum op Käschte vun der Ëmwelt an der sozialer Kohäsion ass keng Optioun, net fir sech eleng geholl.

Wa mir den aktuelle System just um Liewen hale kënnen duerch en illimitéiert Weiderwues-sen, da muss een de System vläicht grond-leeënd iwwerdenken. Dat ass zu gudder Lescht grad beim Rentensystem essenziell. Wann d'Rente just nach duerch d'Bäikomme vun neier Aarbechtskraaft garantéiert kënnen ginn, begi mir eis an eng Wuessstumsspiral, déi eis Lo-gementspräisser weider duerch de Plafong goe léisst an de Mobilitéitsproblem just nach ver-schärft.

Eist Land ass net grouss, eis Ressourcë si be-grenzt, an dat muss mer respektéieren. Jo, eis Bevëlkerung gëtt ëmmer méi al an ëmmer méi Leit mussen am Alter versuergt ginn an eng Rent ausbezuelt kréien. Duerch Wuessstum eleng kënnen mir dës Erausforderungen awer net meeschteren. Et dierf hei net ëm d'Quantitéit, mee et muss ëm d'Qualitéit goen: verbes-sert Konditiounen an den Altersfleegeheemer, déi der Dignitéit vun de Bewunner gerecht ginn, an d'Upassung vum Rentensystem un déi nei Gesellschaftsstrukture mussen eng Prioritéit ginn. An d'Liewen am Alter muss och bezuel-bar bleiwen.

Mir dierfen dach net akzeptéieren, datt eeler Mënsche mat hirer Rent net iwwert d'Ronne kommen, just well d'Altersheemer ëmmer méi onbezuelt ginn. Ech soen et hei ganz kloer: Jiddweree vun eis gëtt - hoffentlech! - emol al an hofft dann, op eng Rent zielen ze kënnen, vun där e selbstbestëmmt liewe kann. Dat Recht muss jiddwereen hei am Land hunn.

Kleng Rente mussen ugehewe ginn a sollen net iwwert den Ëmwee vun den Ausnamen oder Käscheniwwernamen aus de Sozialkeese subventionéiert ginn, well esou verstoppt ee just de reelle Käschtspunkt vun eiser alternder Populatioun duerch verschidde Budgetposten.

Loosst eis transparent sinn, wann et drëm geet, wat den Alter kascht. A loosst eis virun allem deene Leit, déi hiert Liewe laang de Bockel kromm gemaach hunn, fir datt et eis haut gutt geet, d'Chance op ee Liewe bidden, wou se esou selbstänneg wéi méiglech kënnen bleiwen, ouni sech als eng Belaaschtung ze fillen.

Amplaz sech haut awer scho Gedanken iwwer muer ze maachen, gi vun der Regierung ein-fach ëmmer méi nei Scholde gemaach.

Wéi wichteg et ka sinn, e grouse Spillraum an de Staatsfinanzen ze hunn, hu mer 2008 an an de Joren duerno gesinn. Virum Hannergrond vun den aktuellen Ònsécherheeten, déi mat Kli-maverännerung, dem Brexit oder der amerik-anescher Handelspolitik verbonne sinn, wier et gutt, d'Staatsschold ze reduzéieren, fir am Noutfall erëm den néidegen Handlungsspill-raum, de sougenannten Apel fir den Duuscht, ze hunn.

Eng zukunftsorientéiert Politik muss sech drop virbereeden, datt Jore kënnen kommen, déi net esou gutt si wéi déi rezent. Do geet et net duer, einfach de Krisefong an e Fonds de réé-quilibrage budgétaire ëmzewandelen, deen duerch Plus-valuen aus dem Budget soll gefëllt ginn, ganz besonnesch net, wann ee weess, datt d'Administration centrale, wéi d'Chambre des Métiers richteg ze bedenke gëtt, souguer an Zäite mat guddem Wuessstum defizitär ass.

Wéi soll dës Fong dann iwwerhaupt gefëllt kënnen ginn, wa keng Plus-valuen do sinn? Esou gesäit Verantwortung fir d'Zukunft iwwerhue-len an eisen Aen net aus.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een d'Liewensqualitéit am Land wierk-lech steigere wëllt, da misst ee virun allem um sozialen Niveau en Akzent setzen. Do ginn et esou vill Problemer, datt d'Bierger aktuell a-gräife mussen, wou de Staat verseet. Datt dat an engem eigentlech räiche Land wéi Lëtze-buerg, an deem et dëst Joer jo e Rekordbudget gëtt, de Fall ass, ass en Drama. Wéi géif eist Land ausgesinn, wa mir keng ASBlen a Bierger-initiativen hätten, déi sech ëm d'Sans-abrise këmmern, déi Refugiéë bei sech doheem ophuelen an déi Persounen an Nout op all er-denklech Aart a Weis mat Hëllef a Rot zur Säit stinn?

Natierlech ka gesellschaftlecht Engagement net duerch staatlech Aktivitéiten ersat ginn, mee de Staat dierf bei esou frappante Mëssstänn wéi deenen aktuellen net einfach nokucken an eleng d'Hoffnung op de Benevolat setzen. Wou dat hiféiert, gesäit een a Länner, wou de Sozial-system well kollabéiert ass a just nach de Bene-volat d'Leit um Liewen hält.

Wa Famillje keng Wunnenge méi fannen, ëm-mer méi Kanner vun Aarmut gefäerdet sinn a Mënschen, déi no den internationale Konventi-ounen e Recht op Schutz an eisem Land hunn, gezwonge ginn, zesummegedrängt an Heemer

viru sech hin ze vegetéieren, da leeft eppes fuerchtbar schif. Mir brauche méi Sue fir de soziale Wunnensbau, méi Sue fir Fraenhaiser, méi Sue fir d'Ënnerstëtzung vun all deenen, déi op Hëllef ugewise sinn, och wann dat heescht, datt da vläicht um Enn manner iwwregbleift, fir e schicke Pavillon an engem Land ze bauen, an deem d'Mënscherechter mat Féiss getréppelt ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann ech scho bei de Mënscherechter sinn, loosst mech kuerz e Punkt uschwätzen, dee mech an dësem Joer awer besonnesch getraff huet, an zwar de Constat vun der Commission consultative des droits de l'homme, datt an der Vergaangenheet d'ITM net effektiv genuch géint Mënschenhandel konnt virgoen.

Déi personell Opstockung a spezifescht Schou-lunge bei der ITM sinn also dréngend néideg, an ech begrëssen duerfir, datt nei Plaze bei der ITM geschafe goufen, fir dës Mëssstänn an Zu-kunft ze bekämpfen.

Ech kommen awer nach eemol op déi sozial Froen zrëck, well de Budget verstoppt duerch Ëmschichtunge vun engem an deen anere Mi-nistère ganz gutt, datt net esou vill am Beräich vu soziale Froe gemaach gëtt, wéi d'Regierung no bausse kommunizéiert.

Léif Regierungsmemberen, e Budget ass kee PR-Coup, mee d'Basis, op där eng responsabel Politik fir d'Land muss gemaach ginn. Schéi Grafiken a Pressekonferenzen ginn net duer, fir d'Problemer vun de Leit konkret ze léisen. Hei sinn Aktiounen mat den néidege Mëttele gefuer-dert.

De Rapportier huet et treffend formuléiert, wéi e gesot huet, datt nom Bezuele vum Loyer hee-feg net méi genuch um Kont ass, fir déi rest-lech Ausgabe vum Mount ze bezuelen. A grad deene Leit, déi vun dëse Problemer betraff sinn, gëtt mat dësem Budget net geholfen.

Engem, deen op säin Auto ugewisen ass, well e Schichte schafft, deem hëlleft den effentlechen Transport net vill. Och blöd, wann dës Persoun dann net déi néideg Mëttelen huet, fir sech e schéinen neien Elektroauto ze kafen, well et um Enn vum Mount knapps duergeet, fir nach ep-pes tëscht d'Zänn ze kréien, a 5.000 Euro Primm dann och net méi hëllefe wäerten.

Dës Subside sinn éischter eng Ëmverdeelung vun ënnen no uewe wéi ëmgedrënt. Geneesou wäerten och déi nei Akzisen- a Klimasteieren, esou wéi se eis bis elo presentéiert goufen, eng Ëmverdeelung vun ënnen no uewe sinn. De Lo-yer an engem schlecht isoléierten Haus ass nun emol méi bëleg wéi an engem Passiv- oder Energie-Plus-Haus. Och wann d'Avantagen duerch d'Masuttspräisser um Enn vum Mount opgefress ginn, kënnen sech Leit mat klenge Paien heefeg nëmmen ineffizient Logementer leeschten.

Mee wien eng besser Pai huet, ka sech och méi leeschten. Wien also genuch huet a schonns an engem Haus oder engem Appartement wunnt, dat mat enger VMC oder duerch Solar- oder Geothermie geheizt gëtt, gëtt vun der CO<sub>2</sub>-Steier net getraff.

Anescht ass et, wann ee sech nëmmen en aalt Haus oder en Appartement an engem alen Ap-partementshaus leeschte kann, wou nach eng al Masuttsheizung steet. Da bezilt een d'CO<sub>2</sub>-Steier fir den Heizungsasutts a bezilt an Zu-kunft esou fir deene Räichen hir Solaranlagen.

Ass dat gerecht, wann déi Ärmsten deene Räichsten hir Subside finanzéieren? Ech denken nee. Dat ass ganz offensichtlech déi genannten Ëmverdeelung vun ënnen no uewen. Jo, mir mussen eppes géint de Klimawandel maachen, a jo, mir mussen dat direkt maachen. Mee wéi solle mir eise Wielerinnen a Wieler erklären, datt, amplaz sozial Ongläichheeten ze bekämp-fen, Ongläichheete verstärkt wäerte ginn, an dann och nach grad duerch de Klimawandel, deen eis alleguerde betrëfft?

Wéi erkläert Dir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Leit dobaussen, datt déi, déi en alen Auto fieren an net all dräi Joer en neie vum Betrib kréien, méi CO<sub>2</sub>-Steieren an CO<sub>2</sub>-Akzise bezuele wäerte wéi een, deen de Fliger hëlt? Wéi erkläert Dir, datt grad déi de Kampf géint de Kli-mawandel finanzéiere sollen, déi am mannsten hunn?

De Risque de pauvreté läit haut well vill ze héich. Duerfir hätte mir eis hei am Budget kloer Pisten erwaart, fir elo direkt géint d'Energieaar-mut virzegoen. Bensinn an Diesel hunn haut iwwert d'Akzise well eng CO<sub>2</sub>-Steier vir ronn 11 Euro d'Tonn. Duerch déi annoncéiert nei Akzise geet dat op ronn 20 Euro d'Tonn erop. Do der-bäi kommen dann nach déi 20 Euro d'Tonn an-noncéiert CO<sub>2</sub>-Steier. A wien dat bis 2025 ze-summerechent, kënnt, an dat ass deen ën-neschte Seuil, op deen ech komm sinn, op eng Méibelaaschtung vun eise Biergerinnen a Bier-ger vu mindestens 300 Euro pro Stot pro Joer.

Fir e Stot mat nëmmen engem Mindestakom-mes sinn dat 1,3 % vun hirem Bruttoakkommes.

Do geet eng Erhéijung vun 100 Euro vum Min-destloun net duer. Do mussen kleng Salairen esou entlaascht ginn, datt keng nei Ongläich-heeten entstinn. Mee och hei huet d'Regierung erëm decidéiert, dat ze maachen, wat se am beschte kann: Ofwaarderen! Dobäi bräichte mer genee de Géigendeel: Eng Erhéijung vum neie Steierkredit fir Leit mam Mindestloun oder en neie Steierkredit fir Mobilitéit muss d'nächst Joer am Budget stoen.

Mir bräichten hei eng Regierung, déi reaktiv ass, eng Regierung, déi zoubäisst. Mir bräichte souzesoen en Tiger: T wéi transparent, I wéi in-teeger, G wéi gerecht, E wéi engagéiert an R wéi responsabel.

#### (Hilarité)

Mee wat mer hunn ass éischter eng Kaz, eng Kaz, déi gemittlech de Gros vun de wichtegen Decisiounen einfach verschléift.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Budget, deen hei zum Vott steet, ass elo well caduc. Mir kruten all vum Finanzminister er-kläert, wéi eng Akzisenherhéijungen an och Steiererhéijungen d'nächst Joer komme wäer-ten, ouni datt dës an dësem Budget iwwer-haapt agerechent sinn.

Wa mir muer iwwert de Klimaplang schwätzen, da schwätze mir iwwer e Plang, deen an dësem Budget guer net agerechent ass. Dat nennt een d'Päerd de falsche Wee suedelen.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Vun hanne gesuedelt.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Vun hanne gesuedelt. Ech wollt léiwer de falsche Wee soen. Et ass vläicht méi propper.

► **Une voix.**- O!

#### (Hilarité)

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Amplaz als éischt e konkrete Klimaplang duerch breet Diskussiounen, wéi versprach, opstellen an duerno den néidege Budget ze stëmmen, maa-che mer dat hei hannerzeg. Mir sollen hei e Budget stëmmen, ouni ze wëssen, wéi vill Sue mer iwwerhaapt brauche wäerten, wéi vill Suen iwwerhaapt erakomme wäerten. Dat ass e Be-weis duerfir, datt d'Regierung gutt doranner ass, fir grouss Annoncen ze maachen, mee fir d'Ëmsetzung feelt et u Visiounen. Dës Budget ass eleng wéinst den Annoncen an de leschte Wochen zu renger Navigation à vue verkomm.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, er-laabt mer, an deene puer leschte Minutten nach kuerz eppes zur Digitaliséierung ze soen, en Theema, wat mer grondsätzlech um Häerz läit a wou ech eleng domadder hätt kéinten eng ganz Ried fëllen, mee dat wollt ech lech dann zu esou spéider Stonn haut net méi undoen.

#### (Brouhaha)

Duerfir beschränken ech mech, wat d'Digita-liséierung ugeet, op den Dépôt vun enger kon-kreter Proposition, mat där mer kënnen an Zukunft méi käschteneffizient am Staat ëm-goen, nämlech andeem mer Open-Source-Lo-giciellen ënnerstëtzen a virun allem, wann de Staat Entwécklung vum neie Logicielle maache léisst, dës ëmmer als Open Source solle verëf-fentlecht ginn.

Wannechgelift!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

#### Motion 5

*D'Deputéiertechamber stellt fest:*

- datt digital Servicer, déi vun effentleche Verwal-tunge benotzt ginn, d'kritesch Infrastruktur vum 21. Jorhonnert duerstellen;

- fir zuverlässeg Systemer ze etabléieren, mussen d'effentlech Instanze sécherstellen, d'Kontroll iwwer hir digital Infrastruktur ze hunn;

- datt restriktiv Softwarelizenzen d'Deele vu „pub-lic funded codes“ verhënnern, wat eng Kooperati-on tëscht effentleche Verwaltungen onméiglech mécht;

- datt restriktiv Softwarelizenzen d'Bildung vu Monopoler ënnerstëtzen an d'Kompetitioun tëscht den Developpeure verhënnern;

- datt d'effentlech Instanzen ofhängeg vun enger Handvoll IT-Firme ginn;

- datt restriktiv Softwarelizenzen den Accès zum Quellcode verbidden a soumat eng Gefor fir d'Sécherheet vun der digitaler Infrastruktur duerstellen. D'Flécke vu Sécherheitslücken ass do-duerch extreem schwéier bis onméiglech.

Mir wëssen, datt:

- fräi an oppe Software e modernen, effentleche Bien ass, deen et jidderengem erlaabt, Logicielle fräi ze notzen, ze studéieren, ze deelen an ze ver-besseren;

- fräi an oppe Software e Géigepol duerstellt zu zouenen, restriktive Lizenze vun enger Handvoll IT-Firmen, déi Konkurrenz verhënnern;





- *fräi an oppe Software et erlaabt, Sécherheetslücken ze eliminéieren, ouni vun engem Software-provider ofhängeg ze sinn.*

*Mir invitéieren d'Regierung dowéinst:*

- *fräi an oppe Software an éffentleche Verwaltungen aktiv ze ënnerstëtzen a verstärkt ze promouvéieren;*

- *all nei entwéckelt, staatlech finanzéiert Logiciel-  
len als Open Source ze verëffentlechen.*

(s.) Sven Clement.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Dat gesot, et gëtt also nach vill ze maachen. Well dës Budget den aktuellen Defie leider net gerecht gëtt, well weeder de Klimaplang nach d'sozial Eerausfuerderunge vun der aktueller Zäit berücksichtegt sinn, kann ech den Accord vun de Piraten, wéi gesot, haut net ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, Merci soe fir säi Rapport an him felicitéieren. Verschidde Passagen an deem Rapport fannen ech genial, anerer gefale mer awer guer net.

► **Une voix.**- O!

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- An dofir - wie wonnert et? - wëll ech dem Yves awer fir déi Aarbecht felicitéieren. An ech wëll him och grad felicitéiere fir dat Theema, wat en erausgesicht huet, iwwert de PIB vum Bien-être, iwwert d'Aarmut an dat soziaalt Lëtzebuerg. Dat ass ganz wichteg an dat ass och gutt esou, an dofir huet dat mer gefall.

**(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)**

Wuelbefannen a sozial Gerechtegkeet si wichteg an engem Land wéi Lëtzebuerg, an de Kolleeg Aly Kaes an ech, mir hunn de Moien nach driwwer geschwat, 1992 hate mer eng Broschür erausginn, déi „Humanisierung der Arbeitswelt“ geheescht huet, An am Fong, do hu mer nach net vum Bien-être geschwat, do hu mer méi vun Humaniséierung geschwat, an do hu mer och gesot, oder do si scho verschiddenen Iddien deemools gefouert ginn, awer méi op gewerkschaftlech wéi op politischem Niveau.

Ech sinn och frou, dass den Här Cruchten op déi Ufro vum Paul Gales an och op déi Ufro vum Serge Wilmes higewisen huet, fir eng Diskussioun ze féieren iwwert de PIB du bien-être respektiv iwwert d'Aarmut. Ech hätt et just besser fonnt, Här President - déi Ufro se si gemaach ginn, net am Oktober, net am September, mee déi si gemaach ginn am Juni respektiv am Juli -, dass een do d'Méiglechkeet gehat hätt, schonn éischter iwwert de PIB du bien-être an och iwwert d'Aarmut ze schwätzen. Dann hätten déi Konklusiounen, déi mer vläicht do gezunn hätten, an dem Yves Cruchten säi Rapport kënnen afléissen, an dann hätt de Rapport mer vläicht nach besser gefall, wann een dat alles hätt kënnen do berücksichtegen.

Wann een déi Lëschte kuckt, déi am Rapport vum Här Cruchten dra sinn, do geet et jo dann och iwwert d'Prioritéiten, iwwer all dat, wat soll geplangt sinn. An do ass mir als Schëfflenger ee Punkt ganz an d'A gestach, dat ass dee beim Fonds d'investissement fir déi staatlech Kannerheemer, déi staatlech Kannerheemer, wou mer jo virun der Sommervakanz e Gesetz heibanne gestëmmt hunn. Et sinn haut net méi d'„staatlech Kannerheemer“, mee am Budget, souwuel am initiale Budget, deem d'Regierung gemaach huet, wéi och am Här Cruchten sengem Rapport steet nach dran: „staatlech Kannerheemer“. An Zwëschenzäit huet den Numm geännert, mee dat ass awer net schlëmm. Ech mengen, grad an där Uertschaft, wou ech hierkommen, zu Schëffleng, ass dat e grouse Bestanddeel. Dat gehéiert zu eiem Schoul- a Veräinsliewen, a ganz vill Frëndschaft mat Leit, déi an deene Kannerheemer waren, sinn do geschloss ginn an déi gëllen och haut nach.

An ech muss soen, dass ech dofir begreissen, dass deen Invest an déi staatlech Kannerheemer gemaach gëtt. 11,5 Milliounen, fir déi Kannerheemer unzepassen. Mee wat mech am Fong awer stéiert, dat ass d'Iwwergangsléiung. D'Iwwergangsléiung u sech stéiert mech net, awer de Finanzement dovunner. D'Kannerheemer solle während der Chantierszäit an dem Moulin Bestgen, dem ehemolege Sëtz vum Objectif Plein Emploi ënnerbruecht ginn. Déi Millen ass zanter den 80er Joren am Besëtz vum Staat. A wéi de Staat se kritt huet, ass festgehalde ginn, dass déi Mille fir sozial Aufgabe genotzt misst ginn.

Fir d'éischt war et de Sëtz vun der ALJ, kuerzzäiteg war eng Maison relais dran an duerno den OPE, bis et dann do leider zu der Faillite vum Objectif Plein Emploi komm ass. A vun do u war déi Millen net méi ausgelaascht. Den deemolege Schäfferot huet do de Staat gefrot, fir déi Millen ze léinen, wat och ofgemaach gi war fir 50 Joer. An do ass e Bail ënnerschriwwen ginn, fir déi Mille 50 Joer ze léinen, an d'Gemeng soll da sozial Aktivitéiten dra maachen.

D'Gemeng hat och Kontakt opgeholl mat sozialen Träger, an et war amgaangen sudgechafft ze ginn, fir do e soziale Projet dran ze maachen. Do ass de Staat un d'Gemeng eruge-tratt, si brächten awer elo eng Iwwergangsléiung fir d'staatlech Kannerheemer. Do war et selbstverständlech, dass d'Gemeng gesot huet: „Majo, dat ass kee Problem, dat kréie mer provisoresch hin.“ Mee wat awer elo doraus entstanen ass, ass awer e bësse komesch: Elo solle fir 3,5 Milliounen Renovatiounen do gemaach ginn, fir dass staatlech Kannerheemer dra kommen, an et ass net de Staat, deen dat soll bezuelen, mee d'Gemeng.

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, fannen ech net gutt. Ech fannen dat schlecht an ech sinn der Meinung, dass do de Staat seng Responsabilitéit soll iwwerhuelen. 20 Joer, sou ass elo virgesinn, sollen do staatlech Kannerheemer ënnerbruecht ginn, a während 20 Joer soll d'Gemeng da Loyer kréien, fir déi 3,5 Milliounen eng Kéier zrëckzekréien, déi se dran investéiert.

Wann dat och a wirtschaftlech schlechten Zäite vläicht eng Iwwerleeung wäert ass, mengen ech, wann et dem Budget esou gutt geet, wéi de Staatsminister an och de Finanzminister eis ëmmer soen, wann et dem Land gutt geet, mengen ech, kéint de Staat déi Finanzementer och selwer iwwerhuelen. An ech géif en Appell maachen, dass de Staat dat och géif maachen.

An ech si sécher, dass d'Gemeng och bereet ass, no deenen 20 Joer, wann de Staat dann esou laang staatlech Kannerheemer dran hat, do e Projet dran ze maachen. Mee et ass net un der Gemeng, elo e Virfinanzement ze maachen, fir dass duerno d'staatlech Kannerheemer och an enger uerdentlecher Form sinn, mee ech mengen, dass do de Staat déi Responsabilitéit och selwer kéint huelen. An ech wëll och dorop hiweisen, dass den Här Finanzminister an d'Madamm Inneministesch mer och gëschter an deem Kader nach eng Äntwert ginn hunn op eng Question parlementaire iwwer änlech Beispiller, déi et gëtt. An ech mengen, dass et do wichteg wär, dass mer déi Finanzementer géifen hannerfroen an iwwerleeën, ob dat nach zäitgeméis a richtig ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut de Moien huet den Här Finanzminister op verschidden Aussoe reagiert, déi am Rapport stinn, dee vun de Beruffschambere komm ass, dee komm ass vum Staatsrot, vun der CSSF, wat alles am Budget drasteet.

Ech hat mech do ameséiert an ech war nach eng Kéier kucken, ech hat deemools a menger Budgetsried ... Dat war dee leschten Avis vun der Chambre de Commerce, deen nach eraus-komm ass ënnert der Verantwortung vun engem Direkter namens Pierre Gramagna, dat war fir de Budget 2013. An dat war den Avis vun der Chambre de Commerce vun 2012.

Ech war do nach eng Kéier dra kucken, wat d'Chambre de Commerce do alles geschriwwen huet, an also och den haitege Finanzminister, op wat fir eng Geforen en do higewisen huet. An och an deem Kader hunn ech meng Notten erëmfonnt. An ech wëll dat awer haut hei soen an och deenen nach eng Kéier Merci soen, do hu mer ganz vill zesummen - dat war nach eng schwaarz-rout Koalition -, den Alex Bodry an de Michel Wolter als déi zwee Parteipresidenten an de Lucien Lux an ech, do hate mer e bëssen um Budget - wéi soll ech dat soen? - gefrëckelt an do hate mer verschidden Ännerunge gemaach. An do hu mer eis alt moies um hallwer siwe getraff, fir dass mer alles ...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dat waren nach Zäiten.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Dat waren nach Zäiten. Voilà, dat waren nach Zäiten!

... fir dat alles hinzekréien. An do hu mer och ëfters iwwert déi Aussoen da vun der Chambre de Commerce, Chambre des Métiers an dem Staatsrot geschwat, well déi do och eng aner Siicht haten, wéi dat hei op verschiddene Punkten deemools diskutéiert ginn ass.

An ech wëll dem Alex dofir och Merci soen. Et war haut de Moie seng lescht Ried. Ech hat se e bësse méi ... Et war eng ganz sachlech Ried. Normalerweis kann en och anerer halen. Ech wëll him awer Merci soe fir déi Aarbecht, déi en hei gemaach huet, déi 19 Joer, wou mer hei konnten zesummeschaffen. Ech mengen, dass et interessant war. Mir waren net ëmmer enger

Meenung. Ech mengen, déi lescht Joren ëmmer manner.

Mee ech wëll em awer soen, dass en ëmmer e faire Partner war, an ofgemaacht war ofgemaacht. Et huet een net alles missen dräimol ënnerschreiwen, mee wann eppes gesot war, da war et och esou an dann huet et och esou gegollt. An ech wëll em op sengem künftege Wee, well ech sinn dovun iwwerzeegt, dass dat de Freideg grandios wäert klappen, alles Gutts wënschen a vill Erfolg. An ech wëll em och soen, dass mer en hei oft wäerte vermessen, mee vläicht kréie mer dann och eng aner Qualität an de Berichter oder an den Avice vum Conseil d'État.

**(Exclamations)**

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. André Bauler** (*DP*).- Wat wëllt dat dann heeschen?

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Jo, dach, well heiansdo hues de d'Gefill ...

► **M. Mars Di Bartolomeo** *Président de séance*.- Ech mengen, Dir kommt net an de Conseil d'État, Här Spautz.

**(Hilarité)**

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: Famill, Ausbildung, Aarbecht, Wunnen, ...

► **Une voix.**- Elo ass e waakreg!

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- ... sozial Ofsécherung a Mobilitéit, alles dat sinn Theemen, déi ee muss diskutéieren, wann een iwwert de Budget schwätzt. D'Planbarkeet an d'Kalkuléierbarkeet beim Wuert Familljegrënnung an de Kannerwonsch an d'Liewensplanung abaue ginn ëmmer méi schwier. Vill Froe stelle sech d'Leit: Kann ech mer e Kand leeschten, finanziell a berufflech? Wéi muss mäi Liewen dann ausgesinn? Wéini ass de richtigen Zäitpunkt?

Fir d'éischt wëllt ee sech an deene meeschte Fäll am Job etabléieren an d'Aarbechtsëmfeld muss stëmmen a selbstverständlech d'Pai. Fir déi Leit, déi Chancen am Beruff wëllen an trotzdeem eng eege Famill wëlle grënnen, ass et wichteg, dass mir Fräiraum schafe fir d'Famill. Mir mussen iwwert d'Bedürfnisser vun den Elteren a vun de Kanner an iwwert d'Zukunft vun der Famill an der Gesellschaft schwätzen.

Fraen a Männer wëllen et sech leeschte kënnen, der Famill dee Stellwäert ze ginn, dee se aus hirer Siicht verdéngt, an zwar och wa se schaffe ginn. An ech wëll dat ënnersträichen, wat mäi Kolleeg, de Gilles Roth, gesot huet, dass et ganz kloer ass, wa se wëllen zu zwee schaffe goen, solle mer all hinnen déi Méiglechkeete ginn, fir dat och kënnen ze maachen.

Fir d'Famill do ze sinn, an och ouni sech seng berufflech Zukunft ze verbauen, do muss ee vill investéieren, do muss ee vill investéiere privat, mee et ass och un eis als Politik, déi néideg Messuren ze huelen, fir de Leit dat ze erméiglechen, dass se kënnen souwuel schaffe goe wéi och Kanner kréien.

All Kand huet dee selwechte Wäert - do si mer eis alleguerten heibannen eens -, mee net all Kand huet dee selwechte Point de départ. Well et hänkt och ëmmer dovun of, a wat fir eng Famill dass de gebuer gëss. Et hänkt dovun of, a wat fir enger Region dass de wunns. An et hänkt dovun of, wat fir Gegebenheeten a wat fir eng Offer eng Gemeng oder de Staat der an denger Region bitt.

Gëschter sot den Yves Cruchten betreffend d'Indexéierung zum Beispill vum Kannergeld: Wat éischter, wat besser. An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, wollt ech op dat agoen, wat den Yves gesot huet, an ech wollt an deem Sënn hei en Amendement proposéieren, fir dass d'Kannergeld wat éischter, wat besser och géif ugepasst ginn, fir dass mer ...

A mäi Kolleeg Gilles Roth hat schonn d'lescht Joer drop higewisen, do war jo emol eng Kéier en Accord, dass d'Kannergeld net méi sollt indexéiert ginn. Duerno war en Accord do fir d'Indexatioun vum Kannergeld. Duerno huet d'Regierung en Accord gesicht gehat mat de Gewerkschaften. Dunn ass de Projet awer zrëckgezu ginn. Dofir menge mir als CSV, dass et wichteg wier, dass d'Kannergeld esou séier wéi méiglech, sou wéi den Här Cruchten dat och gesot huet, géif ugepasst ginn. An dofir géif ech hei en Amendement deposéieren, dass mer d'Kannergeld scho fir d'Steierjoer 2019 géifen erhéien an dass dat och alles géif gëllen ab dem Joer 2020. An dofir, Här President, hei den Amendement zum Kannergeld.

**Amendements 4 et 5**

**Amendement 4**

*Un nouvel article 42 est inséré au projet de loi. Cet article est libellé comme suit :*

« Art. 42 Modification du Code de la sécurité sociale

1. À l'alinéa 1<sup>er</sup>, première phrase de l'article 272 du Code de la sécurité sociale, "265 euros" est remplacé par "271,62 euros" ;

2. Un nouvel alinéa 3 est inséré à l'article 272 du Code de la sécurité sociale et libellé comme suit :

« Le montant ci-dessus est périodiquement adapté à l'indice pondéré du coût de la vie suivant les dispositions applicables aux traitements des fonctionnaires de l'État. » »

Les articles 42 et 43 sont renumérotés et deviennent les articles 43 et 44.

L'intitulé du projet de loi est modifié. Un nouveau numéro 1° faisant référence au Code de la sécurité sociale est inséré. Les numéros 1° à 13° deviennent les numéros 2° à 14°.

**Commentaire de l'amendement 4**

ad 1) : L'adaptation du montant prévu à la première phrase de l'alinéa 1er de l'article 272 tient compte de la dernière augmentation indiciaire qui remonte au 1er août 2018.

ad 2) : L'insertion d'un nouvel alinéa 3 à l'article 272 du Code de la sécurité sociale est en ligne avec les propos de Monsieur le Ministre des Finances tenus en date du 23 juillet 2018 :

« Les comptes de l'État sont désormais très proches de l'équilibre » et « le prochain Gouvernement pourra poursuivre une politique volontariste engagée pour préparer au mieux le pays aux défis de l'avenir et continuer à améliorer la qualité de vie des citoyens. »

Dans la mesure où les finances publiques se trouvent en équilibre, l'amendement sous rubrique entend ainsi introduire le système de l'indexation automatique pour l'allocation familiale. La modification au niveau de l'article 272 du Code de la sécurité sociale prévoit par conséquent l'adaptation du montant de l'allocation à l'indice des prix à la consommation.

**Amendement 5**

L'article 44 est libellé comme suit :

« Art. 44. Entrée en vigueur

La présente loi entrera en vigueur le 1er janvier 2020, à l'exception des dispositions de l'article 3 (1) qui sont applicables à partir de l'année d'imposition 2020 et à l'exception des dispositions de l'article 3 (2) qui sont applicables à partir de l'année d'imposition 2019.

Le point 1 de l'article 42 produit ses effets au 1<sup>er</sup> janvier 2019. »

**Commentaire de l'amendement 5**

Un deuxième alinéa est inséré à l'article 44. Suivant cet amendement, l'adaptation des allocations familiales se fait avec effet rétroactif au 1<sup>er</sup> janvier 2019.

(s.) Marc Spautz, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, Laurent Mosar, Gilles Roth.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- A mir freeën eis op d'Zoustëmmung vum Yves Cruchten a senge Leit, fir deen Amendement dann och ze stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech gi se esou séier wéi méiglech weider.

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Merci, Här President.

► **Une voix.**- Macht lues, macht lues!

**(Hilarité)**

► **M. Marc Spautz** (*CSV*).- Kolleeginnen a Kolleegen, d'familljepolitesch Diskussiounen beschränke sech oft just op d'Kannergeld, Congé parental, Congé pour raisons familiales a Maisons relais. Et musse genuch Crèchen- a Maison-relais-Plaze geschafe ginn, fir dass all Kand, wat muss a soll ënnerdaach kommen, och eng Plaz fënn. Genausou wichteg ass et, den Elteren de Choix ze loosse, ob si hiert Kand an eng Struktur wëlle ginn oder ob se et selwer doheim wëllen erzéien.

Fir alles dat ze errechen, ass et awer wichteg, dass mer Verännerungen an der Aarbechtswelt maachen, soss bleift eppes op der Streck, d'Famill oder de Beruff. Jo, et ass wichteg, dass de Staat déi richtig Ramebedéngunge schafft. Jo, et ass wichteg, dass eng finanziell Familljefëderung stattfënn a fir all Kand en Ennerdaach, finanzéiert vum Staat. Dat awer als Vereenbarkeet vu Famill a Beruff duerststellen an do mat basta, dat ass et net.

Zanter der Industrialiséierung a bis an d'70er Jore war et kloer, wien déi familiär Verantwortung iwwerhëlt. Dat war zu 95 % d'Fra. Dofir ass d'Aarbechtswelt op d'Männer zougesechnid-





den. Eis Aarbechtswelt huet also mat der gesellschaftlecher Entwécklung net Schratt gehalen. Dat muss Politik a Wirtschaft gemeinsam änneren. D’Kultur an d’Strukturen an eiser Aarbechtswelt si prioritär op Mënschen agestellt, déi keng familiär Aufgaben hunn. Dofir missten d’Sozialpartner zesumme mat der Politik eng Charta maachen, wéi et se a verschiddenen EU-Länner gëtt - Skandinavien, awer och doriwwer eraus -, fir iwwer familijbewosst Aarbechtssäiten ze diskutéieren an ze schwätzen. Eng familijbewosst Aarbechtssäitorganisatioun ass awer ee Gesellschaftsproblem. An dee Problem gëllt et, an Ugrëff ze huelen.

Wéi kann een eng Aarbechtssäitkultur erreechen? D’Basisgesetz muss geschafe ginn, wou een dat ka festhalen, an duerno ass et iwwer Aarbechtssäitkonten an um Betribs- respektiv Tariffniveau, fir iwwert d’Exekutioun vun deene Ramebedéngunge kënnen ze schwätzen an och Detailler festzehalen.

Mir müssen diskutéieren: Wat fir eng Zäitmodeller gëtt et fir d’Vereenbarkeet vu Famill a Beruff? Wéi kann een d’Liewensaarbechtssäit esou organiséieren, dass se an all Liewensphas an den Aklang mat de Bedierfnesser ze bréngen ass? Dat ass vu Betrib zu Betrib a vu Secteur zu Secteur verschidden.

Mir kënnen net méi alles iwwer ee Leescht zéien, wéi dat emol an de 50er an an de 60er Joren de Fall war, wou de Gros vun eisen Aarbechtspulzen am Industriesector war. An Tëschenzäit ass dat ganz anescht an et ass all Betrib, deen aner Besoinen huet, an et ass all Secteur, deen och aner Noutwendegkeeten huet, fir dat ze maachen. An dofir ass et do wichteg, zesumme mat de Sozialpartner Arrangementer ze fannen. Awer et ass fir d’éischt um Legislatateur, de Kader ze schafen, an duerno un de Sozialpartner, dat och kënnen am Betrib ëmzesetzen.

Et gëtt Betriber hei am Land, déi hu verstanen, dass et och Personal gëtt, wat net nëmmen op d’Pai aus ass, mee dat och gären hätt, dass et eng gutt Aarbecht ass an dass och d’Aarbechtsbedéngungen dem Familljeliewe Rechnung droen an dass ee Fräiraum huet am Privat-liewen, dass ee verschidde Méint méi schafft a verschidde Méint dofir manner schafft, fir dass ee sech och do ka mat der Famill arrangéieren.

Awer dofir muss mer och verschidde gesetzlech Ännerunge maachen a mir brauchen en anert Familijbewosstsäin. An dëst Familijbewosstsäin géif entscheeden, wéi mer och familijefrëndlech Aarbechtssäitgestaltung kënnen maachen. Mee dat geet awer net vun haut op muer a vun uewen erof decidéiert, mee dat geet just, wa mer zesummen, d’Politik mat de Patronen a mat de Gewerkschaften, kucken, wat mer do alles müssen op de Wee bréngen, fir och deem kënnen gerecht ze ginn.

Et ka jo net sinn, dass mer aner Aarbechtssäitmodeller maachen an doduerch ginn d’Karrière gebremst an domadder gëtt een op d’Ofstellgleis gesat. Mee et ass wichteg, dass mer déi Leit fërderen, dass mer deene Leit eng Chance ginn an dass et änlech wéi a Skandinavien iwwerhaupt kee Problem ass, wann een emol eng Kéier eng Auszäit mécht. A wann een erëmkennt, kritt een déi Plaz an och dee Posten erëm, deen ee virduun hat. Och alles dat si Saachen, déi mer müssen diskutéieren. An dann ass et och wichteg, dat an der Aarbechtssäitorganisatioun esou festzehalen, dass dat net kann am negative Sënn sinn, fir an der Karrièreleeder an engem Betrib weiderzelaufen.

An dës Diskussioun muss mer d’Sozialpartner mat abauen, mee mir müssen et awer och fäerdegbréngen, fir d’Gesellschaft ze sensibiliséieren, well dat, wat während Joerzëntgen de Fall war, ass net iwwerall an d’Ëmdekenke mat ukomm (veuillez lire : ass net iwwerall duerch dat Ëmdekenke verännert ginn). An dofir ass et wichteg, dass mer do och eng Diskussioun féieren, wéi mer dat kënnen änneren a wéi mer dat kënnen op dee Wee bréngen.

Dës Deeg war ech mat Responsabele vu Maison-relais zesummen. Déi soen, dass et eng Zäit laang duergaangen ass, wa se moies um siwen Auer opgemaach hunn an owes um siwen zou. Déi soen, dat ass haut net méi méiglech. An Zwëschenzäit brauche mer fir 18 Kilometer zwou Stonnen. A wann déi Leit um aacht Auer an der Stad oder ronderëm müssen ufänken, da muss se um sechs Auer fort-fueren. An dat géif jo also dann heeschen, dass fir dat Personal an deene Maison-relais nei Aarbechtssäite géife kommen, dass se müssen um sechs respektiv um hallwer sechs do sinn.

An dofir muss ee sech d’Fro stellen, ob mer do net aner Punkte müssen diskutéieren, iwwer aner Ëffnungssäiten, an dass mer och do kucke

bei deene Maison-relais an och bei anere Saachen, wéi et ass mat den Heure-d’ouverturen. Si mer nach dobäi, dass et muss vu moies siwe bis owes siwe sinn? Musse mer net éischter ufänken? D’Mobilitéit spillt do eng ganz grouss Roll.

Do ginn et verschidde Weeër. An Zwëschenzäit, an dat ass schonn heibanne gesot gi vum André Bauler, ass de Gros vun den Aarbechtspulzen hei an der Stad a ronderëm. All Moie probéieren 200.000 Leit plus ou moins ëm déi selwecht Zäit, an d’Stad a ronderëm eranzekommen. An da gëtt et eppes wéi an engem Triichter. Wann Der an den Triichter ze vill draschëtt, da schléit den Triichter zréck an da geet net alles an d’Fläsch. An esou huet een och moies, ob dat aus dem Norden, aus dem Süden, aus dem Osten oder aus dem Westen ass, déi Verkéierssituatioun.

An déi Zäit, wou Lëtzebuerg industrialiséiert ginn ass, sinn Industrieaarbechtspulze geschafe ginn, sief et am Süden, sief et am Norden, sief et am Osten. An do sinn dann d’Uertschaften entwéckelt ginn.

Wann ech kucken, d’ARBED, wann do nëmme Leit aus dem Süde geschafft hätten, wéi dat am Ufank 1900 ugaangen ass, da wier net vill produzéiert ginn. Do ass eng ganz grouss Zouwanderung queesch aus dem Land gewiescht. Dat selwecht war duerno bei der Goodyear, dat selwecht war duerno bei enger Monsanto, och wann déi net esou laang bliwwen ass, mee do hunn déi Uertschaften sech dorëm entwéckelt. Et ass Wunnengsbau entstanen an déi Gemenge si gewuess.

Aarbecht, Wunnen a Fräizäit waren do no beieenen. An dat, Dir Dammen an Dir Hären, bréngen mer haut net méi fäerdeg, well 200.000 Leit probéieren all moies, ech hunn et scho gesot, an d’Stad eranzekommen, a mat deem Triichter kréie mer ëmmer e Réckstau.

An dofir stellen ech nach eng Kéier d’Fro: Wou si mer dru mat de Plan-sectoriellen? Déi sollten do hëllefen, fir dass mer Aarbecht, Wunnen, Fräizäit an Natur géife matenee vereinbaren. Sait Hierscht 2014 waarde mer do drop. Dunn ass et op eemol zréckgezu ginn an duerno sinn nei Beméiunge gemaach ginn, mee d’Plan-sectorielle sinn nach ëmmer net do. An ech mengen, dass déi awer och noutwendeg wieren, souwuel fir d’Aarbechtspulze wéi fir de Wunnengsbau wéi fir d’Mobilitéit, an do och kéinten hëllefen. An dofir och do mäin Appell un d’Regierung, endlech dann domat ze kommen. Ech weess, dass et un de Reglementer ass, mee och déi Reglementer gi gebraucht, fir dass een do endlech dat ka dann applizéieren. An et géif esou lues Zäit ginn.

Eng aner Fro, déi ech wëll opwerfen, an ech weess, doriwwer ass scho geschwat ginn heibannen an do gëtt et ëmmer e Pro an e Kontra: 80.000 Kanner, Elteren an Enseignantë fänken all moies um aacht Auer un. Ass dat nach zäitgeméis? Misste mer net doriwwer diskutéieren, ob mer un deenen Aarbechtssäiten eppes änneren? Well wann do all Kéiers 80.000 Leit ëm dee selwechten Zäitpunkt probéieren, op eng Plaz ze kommen, da verursaacht ee Stau, ob ee wëllt oder net. Et gi Länner, do gëtt et aner Schoulzäite fir de Secondaire wéi fir de Primaire. Ass dat net eng Diskussioun, déi mer muss féieren?

Ech wëll e Beispill ginn: 1930 ass zu New York den Empire State Building gebaut ginn - mat Stol vun Déifferdeng, ech wëll dat och betounen! An ech wëll elo net iwwert d’Bauzäit schwätzen, well dat waren 18 Méint, fir dee ganzen Empire State Building ze bauen. Ech mengen, wann een haut esou eppes géif bauen, da géif et e Bësse méi laang dauere wéi 18 Méint.

Awer wat dat éischt war, wat do gemaach ginn ass, dat war, déi hunn dunn iwwer eng Organisatioun vun den Aarbechtssäite geschwat, well et net méiglech war, dass all Mënsch zu deem selwechten Zäitpunkt op deem jeeweilege Stack war. An dofir hu se mat Decalagë vun zéng Minutte geschafft, wéi et 1932 opgaangen ass. Misst ee sech net d’Fro stellen, ob mer a verschiddenen ekonomeschen Zweiger an och an der Schoul misste mat Decalagë schafen, an dass et net iwwerall muss um aacht Auer lassgoen, mee dass een och do ka mat aneren Zäite schaffen?

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Et si verschidde Kolleegen, déi sech emol mat Roulement vu Busser beschäftegt hunn, an déi wëssen, vu sechs bis hallwer néng an owes vu fënnf bis hallwer siwe bräichte mer iwwerall 20er Busen, dat heescht, fir 200 Leit dranzekréien. An duerno fueren op verschiddene Strecken Busser, do setzen nach dräi Leit am Bus. Wann een do en Decalage géif maachen, kéint een och dee Problem geléist kréien.

Ech mengen, dass een dat net ka vun uewen erof maachen, mee dass et wichteg ass, dass

mer mat den Akteuren vun dem Terrain eng Diskussioun doriwwer féieren. An ech mengen, dass déi Besoinen och sécherlech regional ënnerschiddlech sinn, deemno wou ee wunnt an deemno a wat fir eng Schoul dass ee geet, dass dat vläicht anescht ass, mee dass et awer wichteg ass, dass mer dee Sujet diskutéieren an net einfach am Tirang leie loossen, well anescht bréngen mer et ni fäerdeg.

Well wann ëmmer 80.000 Leit matenee probéieren, zu deem selwechten Zäitpunkt op där selwechter Plaz ze sinn, dat bréngen mer net fäerdeg, weeder mat engem gudden öffentlechen Transport nach mat soss eppes. Mee da muss mer och do de Courage hunn, fir doriwwer ze schwätzen, a mir sollten dat mat den Akteuren vun dem Terrain ugoen.

D’lescht Woch hu mer heibannen och geschwat iwwert de Logement. An ech wëll dofir net méi dorop agoen. De Marc Lies hat do eis Positiounen duergeluecht. Et ass och wichteg, dass mer et fäerdegbréngen, am Logement eppes ze maachen.

Mee wa mer vu Logement schwätzen a mir schwätze vun Aarbecht, sollte mer och vu Schoul schwätzen. A meng Fraktionspresidentin ass haut de Moie laang a breet op de Problem vu Schoul an Ausbildung agaangen. An ech mengen, dass et och wichteg ass, all Kéier an ëmmer erëm iwwert d’Schoulproblematik ze diskutéieren.

Mee bei der Schoul ass et wéi beim Fussball: Jiddweree weess alles besser wéi den Trainer, wéi de Kapitän a wéi d’Spiller. Dofir ass et och wichteg, dass mer heiansdo Bilanen zéie vun deenen Decisiounen, déi geholl gi sinn am Schoulwies. A wann een e Feeler gemaach huet, dann ass et och keng Schan, deen ze redresséieren.

Et kann ee jo net all Kéier d’Leit wiessene wéi am Fussball: Wann et dräimol hannerenee gerabbelt huet, gëtt den Trainer gewieselt. Mee et wier och wichteg, dass mer do heiansdo Bilanen zéien, an zum Beispill Bilanen zéien iwwert dat, wat an der Berufsausbildung geschitt ass. An der Berufsausbildung si schonn an deene leschte Joren Ännerunge gemaach ginn. Hunn déi Ännerungen eppes bruecht? Hunn déi Ännerungen näischt bruecht?

Mir hunn d’lescht Woch heibannen driwwer diskutéiert an an där Logementsdebat hate mer eng Motioun hannerluecht - an d’Martine Hansen huet et de Moie scho gesot -, de Marc Lies, dass mer eppes misste maache fir d’Handwierk, fir d’Attraktivitéit vum Handwierk. Ech hu bedauert, dass dat ofgeleent ginn ass.

Mee et huet mer awer gefall, no der Debatt vun där Interpellatioun, wou den Henri Kox dem Marc Lies erkläert huet an och nach aner Leit, déi Motioun, déi war superfetatoire, dass beim Punkt hannendrun, wou den Här Bauler mam Här Kox iwwer Wunnenge fir d’Personal a Betriber geschwat huet, awer nach eng Kéier ënnerstrach ginn ass, dass mer e Manktum hu vu Leit am Handwierk.

Dat war zwar beim Logement falsch, mee et war bei der Diskussioun vun de Wunnenge richtig. An haut de Mëtteg hu jo och, wéi den Här Gibéryen gesot huet, dass do e Manktum ass, Leit heibanne gemengt, dat wier net esou. Mee ech kann lech op alle Fall soen, dass et esou ass an dass ëmmer méi Leit sech Suerge maachen a Betriber, dass se keng Leit méi fir d’Handwierk fannen.

Mir brauchen en attraktiiv Handwierk. A fir en attraktiiv Handwierk ze hunn, brauche mer och en anere Stellwäert vum Handwierk. D’Unerkennung vum Handwierk ass fir d’Lëtzebuurger Wirtschaft wichteg, well den Handwierksector ass ee vun deenen dynameschsten hei zu Lëtzebuerg. A mir brauchen net nëmmen Handwierker am Handwierksector, mir brauchen der an der Industrie, mir brauchen der am Bau, beim Staat an de Gemengen, iwwerall do ginn Handwierker gebraucht.

Och hei brauche mir en anere Stellwäert vum Handwierk, en aneren Image vum Handwierk an der Gesellschaft. Soulaang et hei zu Lëtzebuerg ass: „O, et ass knapps duergaange fir d’Handwierk“, wann dat d’Astellung ass, déi gesellschaftlech do ass, da gëtt et problematesch, fir do eppes ze ënnerhuelen.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV). - An do misste mer onbedéngt eppes ënnerhuelen, fir deen Image ze änneren. Jo, och Loun an Aarbechtsbedéngunge gehéieren dozou, awer och de Respekt vis-à-vis vun deene Mënschen, déi dat ausüben.

Ech wëll nämlech drun erënneren, d’Chambre des Métiers huet am November nach eng Kéier ënnerstrach, wiwill Leit hinne feelen an dass et schwierig ass, fir nach kënnen esou weiderzefueren, an dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee dat an der ganzer Groussregioun. Änlech wéi an de Gesondheetsberuffer hu mer och am

Handwierk d’ganz Groussregioun ofgegraast. An dofir sollte mer alles ënnerhuelen, fir dass erëm méi Leit sech och hei zu Lëtzebuerg fir de Wee vum Handwierk interesséieren.

Ech hat d’Chance, derbäi ze sinn, wéi d’Diplomer vun de Geselleprüfungen ausgedeelt gi sinn um Belval viru 14 Deeg. An do huet ee gesinn, déi Freed an déi Begeeschterung, déi bei deene Leit war, dat war eppes Ustiechendes. An ech mengen, do sollte mer dran investéieren. A mir sollten och als Politik drop hiweisen, dass et wichteg ass, dass mir Handwierker hunn, well och e gudder Servicesector an e gudder Finanzsector kréie Schwierigkeeten, wa keng Leit méi do sinn, fir d’Installatiounen an d’Reparaturen ze maachen, well och déi sinn op Handwierker a gutt qualifizéiert Leit ugewisen, fir hir Aarbecht kënnen ze maachen. An dofir solle mer do alles ënnerhuelen, fir dat ze änneren.

A wann ech soen: „fir dat ze änneren“, da muss een ufänke bei der Beruffsorientéierung an da muss een och ufänke bei deene Beruffsbiller. An do huet een heiansdo d’Gefill, dass mer bei de Beruffsbiller virun 20 Joer stoe bliwwe sinn an dass op verschidde Plazen d’Beruffsbiller net mat virugaange sinn. An dofir ass et wichteg, doran ze investéieren.

A wann ech vu Berufsausbildung schwätzen, da muss ech och vu Weiterbildung schwätzen, well och dat ass ganz wichteg. Ech ginn e Beispill. A fir keen aneren ze huelen, huelen ech mäin eegent. Ech hunn emol eng Kéier en Handwierk geléiert. Wann ech awer haut de Capot vun engem Auto opmaachen, maachen ech en erëm séier zou. Ausser Antigelswaasser an den Uelech kucken, maachen ech erëm séier zou, well dat, wat zu menger Zäit war a wat haut ass, dat ass eppes ganz aneres. An dofir ass et och wichteg, wa mer vum Handwierk schwätzen, dass mer dann och mussen vun der Weiterbildung schwätzen, déi och ëmmer méi wichteg gëtt.

Kolleginnen a Kolleegen, en anere Problem, deen och net grad mam Handwierk ze dinn huet, mee deen awer mat deene Leit ze dinn huet, déi schaffe ginn, dat ass, dass d’Schéier tëschtent Aarm a Räich hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi ausernegeet. Ech wëll elo net nach eng Kéier all déi Zifferen widderhuelen, déi scho verschidde Kolleegen de Mëtteg gesot hunn. Mäi Frënd, de Paul Galles, wäert och a senger Interpellatioun nächste Mount sécherlech dorop agoen. Mee d’Schéier tëschtent Aarm a Räich gëtt hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi grouss an dat ass e schlecht Zeeche fir Lëtzebuerg, dat seet eis jiddwereen, ob dat d’Caritas ass, ob dat d’Chambre des Salariés ass oder ob dat de Statec ass. An dofir ass et och wichteg, dass mer deene sozial schwache Leit ëmmer méi hëllefen, dass mer deene méi eng grouss Hëllef zoukomme loossen.

Während déi rächsten 10 % eng Moyenne vu ronn 8.000 Euro de Mount hunn, sou sinn et fir déi 10 % vun deenen Äermes ronn 1.000 Euro. Parallell dozou, an dat ass e grouse Problem, hëlt de Working Poor zou, Leit, déi schafen an, obwuel se schaffe ginn, net genuch hunn, fir ze liewen. An dat ass engem Land wéi Lëtzebuerg net würdeg an do schneide mer och am internationale Vergläich net gutt of. An do ass et och un eis als politesch Responsabel, déi Mesuren unzegoen, fir dat kënnen ze änneren.

Ech weess, ee vun de Problemer, fir net ze soen den Haaptproblem, sinn och d’Logementspräisser, déi dat verursaachen, well néierens gëtt ee fir e Logement esou vill aus wéi zu Lëtzebuerg. An dofir ass et wichteg, dass mer do eppes maachen. Mee mir gesi jo selwer, déi Propositionen vum Marc Lies si jo leider viru 14 Deeg ofgeleent ginn, dass mer weeder am Locatif nach an der Vente et fäerdegbréngen, déi Präisspiral ze drécken.

An ech wëll och dozou bäifügen, dass déi Mindestlounerhéijung, déi Ufank vum Joer blutt-noutwendeg war, déi gemaach ginn ass, scho laang vun der Präispolitik vum Logement erëm opgefriess ginn ass, dass dat scho bei de Loyer-en an och bei der Vente vun den Haiser erëm opgefriess ginn ass.

Ech weess, dass mer net all Mënsch kënnen hëllefen, mee fir eis ass et och wichteg, dass et elo Zäit gëtt, och emol eng Ännerung ze maachen un der Allocation de vie chère, vu dass 18 % vun de Lëtzebuurger vun der Pauvretéit betraff sinn, dass mer do Ännerunge maachen, dass mer iwwert dat Recht nodenken, wéini een déi Allocation de vie chère ka kréien, iwwert de Wee, wéi een déi muss ufroen, well do sinn och vill Leit, déi se zegutt hätten, déi sech awer net trauen, déi Primm unzefroen, well dat och net ëmmer ganz flott ass, an dass mer gläichzäiteg och eng Erhéijung géife maachen.

An ech géif och do eng Motioun eraginn am Numm vun der CSV, fir dass mer do eppes géifen änneren un der Allocation de vie chère,





souwuel d'Bedéngungen, fir se kënnen ze kréien, wéi och de Montant upassen.

## Motion 6

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que près de 18 % de la population est concernée par la pauvreté ;*

- *rappelant que ce taux serait encore beaucoup plus élevé sans transferts sociaux ;*

- *considérant que les inégalités ne cessent de croître depuis la crise de 2008 ;*

- *notant que la situation des plus pauvres est particulièrement préoccupante, alors que leur condition s'est dégradée ces dernières années et qu'ils sont presque deux fois plus nombreux à être touchés par la pauvreté qu'il y a dix ans ;*

- *déplorant que la situation des familles monoparentales les plus pauvres reste inchangée malgré les promesses et mesures qui ont été prises lors de la législature précédente, et qui s'avèrent insuffisantes pour freiner de manière efficace la montée de la pauvreté ;*

- *constatant également que les ménages ayant des enfants à charge demeurent particulièrement fragiles et sont plus exposés au risque de pauvreté que les ménages sans enfants ;*

- *constant par ailleurs qu'un enfant sur cinq risque l'exclusion sociale ;*

- *constant encore que de plus en plus de personnes qui ont un emploi sont touchés par la pauvreté, le travail ne mettant plus à l'abri de la précarité ;*

- *rappelant que l'allocation de vie chère constitue une des mesures parmi tant d'autres destinées à aider les ménages à faible revenu ;*

- *rappelant encore que cette allocation a remplacé l'allocation de chauffage en 2009 destinée à protéger les ménages les plus modestes contre une forte hausse des prix des combustibles, et plus particulièrement du mazout ;*

- *considérant que le Gouvernement via le projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2020 entend adapter les limites maximales du droit d'accise autonome sur le gasoil, et ce pour atteindre les objectifs que le Gouvernement Bettel 2 s'est fixés en matière environnementale ;*

- *donnant à considérer que si la protection de l'environnement et la lutte contre le réchauffement climatique sont importants et doivent être réalisés le plus rapidement possible, il est impératif d'éviter toute rigueur sociale et de sanctionner les couches les plus fragiles de notre société ;*

- *notons encore que le montant alloué au titre d'allocation de vie chère n'a pas augmenté depuis 2009 et se situe toujours à 1.320 euros pour une personne seule ;*

- *considérant qu'il échet de s'assurer que les personnes les plus démunies ne soient pas touchées de manière disproportionnée par les mesures fiscales que le Gouvernement entend mettre en œuvre,*

*invite le Gouvernement*

- *à revoir les critères d'attribution de l'allocation de vie chère, et notamment des montants pris en compte en tant que revenus ;*

- *à adapter le montant de l'allocation de vie chère à l'évolution du coût de la vie ;*

- *à analyser en tout état de cause tous les deux ans, si les critères d'attribution voire si les montants de l'allocation de vie chère sont toujours adaptés.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo.

Mir müssen déi Leit begleeten, déi an Noutsituatioun sinn. Mir mussen mat hinnen diskutéieren a mir müssen och duerno handeln. Mir müssen eppes maache géint d'Aarmut vun de Kanner a mir müssen eppes maache géint d'Aarmut bei deene Jonke vu fréier, fir dat emol net anescht ersueden.

De Gilles Roth huet haut de Mëtteg scho Beispiller gi bei de Steieren a bei dem Steuerpackage, wat dat all Kéier ausmécht, wéini wien nach wat ka kréien. An dofir hate mer eis och vill erwaart bei der Steuerreform. Mee ech muss lech soen, mir sinn awer nach ëmmer op deem Sätze gelooss ginn, wat mer bis elo esou zwëschen den Zeilen héieren hunn, well weeder d'Regierung nach ee vun de Majoritéitspolitiker gesot huet, a wat fir eng Richtung et soll goen. Mee et muss een och wëssen, Leit, déi aarm sinn a keng Steiere bezuelen, deenen hëlleft Der och net, wann Der deene Steuerabtemente gitt, well se bezuele jo keng Steieren.

Mir müssen och déi Jugendlech besser en charge huelen, déi Jugendlech, déi d'Schoul ofbriechen an déi dann ouni Qualifikatioun do-stinn. Et gëtt en EU-Projet, deen heescht Outreach. An et sinn och verschidde Südgemeengen, déi en Outreach agestallt hunn. Mee déi

Leit, déi sti virun administrative Problemer. Si kréien net ëmmer d'Informatioun seier genuch vun der Schoul, wann een an der Schoul ophält, fir dass den Outreach sech kann drëm bekëmmern.

An do hu mer e Problem, sief et mam Date-schutz, sief et mam Gesetz. A mir géifen do en Appell maachen, dass do Ännerunge gemaach ginn an de Schoulen, fir dass déi Informatioun vill méi seier bei deene Leit ukënn, fir dass dann d'Gemenge respektiv d'Outreach, déi an deene jeeweilige Gemengen aktiv sinn, deene Leit och kënne hëllef, fir dass se erëm zréck op den Aarbechtsmaart kommen.

Well nëmme wa mer et fäerdegbréngen, Jonker ze mobiliséieren, awer eng Qualifikatioun ze maachen an am Aarbechtsmaart ze bleiwen, verënnere mer, dass dat déi Aarm vu mer respektiv vun iwwermuer sinn. Mee mer mussen se begleeten a mer müssen hinnen all Hëllef ginn, déi se brauchen. An dat gëllt souwuel an der formaler wéi an der nonformaler Bildung.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- En anere Punkt, deen ee muss ugräifen, an dat huet mech e bëssen erfieert, dat war dee Bericht vun de Médecins du monde hei zu Lëtzebuerg, wivill eeler Leit et och net fäerdegbréngen, fir kënne bei den Dokter ze goen, well se net déi néideg finanziell Mëttelen hunn, fir dat ze maachen. Ech mengen, dat ass keng Reklamm fir e Land wéi Lëtzebuerg a mir sollten do och als politesch Responsabel déi néideg Mesuren huelen, fir dat kënne ze ënnerbannen a fir och deene Leit déi Hëllef zoukommen ze loosse, déi se brauchen.

Mir kënne net dovun schwätzen iwwerall, mir hunn den Triple-A, mir kënne net dovun schwätzen, mir entwéckelen de Weltraum, a mir bréngen et net fäerdeg, dass um Terrain Leit, déi Hëllef a Fleeg brauchen, déi och kënne kréien. Ech mengen, dat géif eis alleguer gutt zu Gesicht stoen, wa mer et do géife fäerdegbréngen, Ännerungen ze kréien. An ech sinn dovun iwwerzeegt, dass de Paul eis den nächste Mount d'Iddie vun der CSV dozou wäert bréngen an dass mer dann och d'Zoustëmmung op de Majoritéitsbänke kréien, fir déi Projekte kënne ëmzesetzen, dat am Interêt vun deene Leit, deenen et manner gutt geet.

Ech mengen, dass ee bei der Verdeelungsgerechtigkeit muss driwwer schwätzen: Wat ass Verdeelungsgerechtigkeit? Verdeelungsgerechtigkeit ass net nëmme eng sozial Ëmverdeelung, mee dat ass och, dass ee kuckt regional, also deen eenzelne Statut, dass d'Leit iwwerall vun deem selwechte kënne profitéieren.

An ech hat deslescht viru sechs Wochen d'Geleeënheet, hei bei enger Heure d'actualité iwwert d'Problemer vun eisen eelere Matbierger ze schwätzen, déi Schwierigkeiten hunn, wa se emol gesondheetlech Problemer kréien, fir an e Fleegeheim ze kommen, dass et Leit ginn, déi brauche Fleeg doheim, dass et Leit ginn, déi e Fleegeheim brauchen an dass mer och do Ännerungen mussen maachen. An ech géif mer dofir och erlaben, Här President, lech eng weider Motioun ze ginn.

Mir hunn ab dem 1. Februar hei zu Lëtzebuerg 88.328 Leit iwwer 65 Joer, mer hu (veuillez lire : mer bräichten also) 6.360 Better a CIPAen an a Maison-de-soinen. Et ass och do wichteg, dass mer zousätzlech Better schafen, dass mer och do déi néideg Investor maachen, dat och queesch duerch d'Land an de jeeweilige Regiounen, an dass mer do dann och déi administrativ Problemer léisen.

Viru sechs Woche war heibanne gesot ginn, do hat ech eng änlech Resolutioun, mee do hat ech e konkret Haus ugedeit, dat wier superfatoire, well dat géif lafen. Ech hunn awer am Gemengerot vun där Gemeng gesinn, et ass déi südlech, déi et gëtt am Land, dass dee Problem nach ëmmer net leeft an dass et nach ëmmer net deblockéiert ginn ass, obwuel heibanne viru sechs Woche gesot ginn ass, dat wier amgaangen. Dofir géif ech mer awer erlaben, des Motioun - et ass net déi selwecht - eranzebréngen, Här President, wannechge-lift, ...

## Motion 7

*La Chambre des Députés,*

- *rappelant que trois types de structures d'habitations pour les personnes âgées sont prévus par la législation luxembourgeoise : les CIPA (Centre intégré pour personnes âgées), les maisons de soins et les logements encadrés ;*

- *notant qu'au 1er février 2019, 88.328 personnes âgées de 65 ans et plus vivent au Luxembourg ;*

- *constatant que toute proportion gardée, il faudrait alors assurer 6.360 lits dans les CIPA et les Maisons de soins réunis ;*

- *notant que les établissements fixent librement les prix des structures d'hébergement pour personnes âgées ;*

- *considérant qu'en 2018, il faudra déboursier en moyenne pour une place dans une chambre à un lit 2.452 € par mois dans un CIPA, 2.706 € dans une maison de soin et 1.718 € par mois dans un logement encadré ;*

- *constatant que le montant médian mensuel des pensions vieillesse pour les hommes est de 3.634,40 € alors que celui des femmes s'élève à 1.838,20 € ;*

- *rappelant que les montants moyens des pensions de vieillesse des résidents s'élèvent quant à eux à 3.632,26 € pour les hommes et 2.083,17 € pour les femmes ;*

- *sachant que les femmes pensionnées sont approximativement 76 % à toucher moins que le prix moyen d'une chambre dans un CIPA, et 79 % des femmes touchent une pension inférieure au prix moyen d'une chambre dans une maison de soins ;*

- *notant que les hommes quant à eux, sont près de 22 % à toucher une pension de vieillesse inférieure au prix moyen d'un CIPA et environ 28 % à ne pouvoir s'offrir les services d'une maison de soins ;*

- *estimant que les pensions de vieillesse devraient pouvoir être suffisantes pour que les citoyens âgés puissent résider décemment dans les structures d'hébergement adéquates ;*

- *rappelant que pour faire face à un manque de moyens pour aller en institution pour personnes âgées, les concernés peuvent demander un complément accueil gérontologique ;*

- *saluant l'existence de ce complément, mais sachant que bon nombre de pensionnés restent exclus de cette aide alors que ceux qui en bénéficient ne peuvent souvent pas couvrir leurs besoins personnels,*

*invite le Gouvernement*

- *à adapter le barème du complément accueil gérontologique au coût de la vie en structures d'hébergement pour personnes âgées.*

(s.) Marc Spautz, Paul Galles, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Georges Mischo.

► **M. Mars Di Bartolomeo** Président de séance.- Merci.

► **M. Marc Spautz** (CSV).- ... dass mer och do deenen eelere Leit, deene jonke vu fréier, déi Lëtzebuerg dohinnerbruecht hunn, wou Lëtzebuerg ass, dass mer och deenen dat zoukomme loosse, wat se brauchen, nämlech Fleeg, an dass se och déi gesondheetlech Hëllef kréien.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, mir schwätze vu Mobilitéit, mir schwätze vum Aarbechtsmaart, da misste mer och emol schwätzen iwwert den „design for all“, nämlech iwwert d'Mobilitéit fir eis Leit a mobilité réduite. Ganz vill Gemenge maachen Investor, och de Staat an d'Eisebunn investéieren. Mee och do mussen mer eis d'Fro stellen, ob mer heiansdo och d'Päerd vun hannen opsendelen. Da gëtt alles an d'Rei gesat, et gëtt neit Fuermaterial geholl, mee de Quai, fir dohinnerzekommen, ass net gerecht, et si keng Lifter do respektiv d'Lifter sinn nach net do, mee dass mer och do kucken, dass mer deene Leit a mobilité réduite déi Hëllef zoukomme loosse, déi se brauchen.

An et ass grad un eis als ëffentlech Hand, fir ze soe Staat, Gemengen, Eisebunn, fir do och mam gudden Beispill virzegoen. Et bréngt näischt, wa mer iwwerall investéieren an d'Fuermaterial a mir bréngen et duerno net fäerdeg, dass déi Leit, déi dee Problem hunn, op de Quai kommen, fir iwwerhaupt da kënne vun deem Fuermaterial ze profitéieren, mee dass mer och do zesumme mat deene Leit vum Terrain, zesumme mat den Associatiounen vun der Mobilitéé réduite an zesummen och mat den ëffentlechen Träger eng Diskussioun féieren, dass mer do vläicht d'Planung e bësse besser maachen, dass dann och d'Quaie fäerdeg sinn, ier d'Rullmaterial kënnt. Well et bréngt näischt, wann dat eent do ass an dat anert nach net.

Ech mengen, do müssen d'Aarbechten an d'Timing besser koordinéiert ginn, fir dass och déi Leit um normale Liewe kënne deelhuelen.

An dat selwecht, mengen ech, misste mer och maachen, fir dass och déi Leit, déi de Statut vum Travailleur handicapé hunn, méi e liichten Zougang kréie fir den éischten Aarbechtsmaart. Et ass net gutt, wa se allegueren an Atelierprotégé mussen goen, well et sinn och Leit, déi vum normalen Aarbechtsmaart kéinte profitéieren. An do ass et och u Staat a Gemengen, fir mam gudden Beispill virzegoen, fir dass mer och déi Leit a Beschäftegung kréien.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, „Lëtzebuerg geet et gutt“, seet de Staatsminister ëmmer. A mir sinn der Meenung, da soll et och sengen Awunner gutt goen. Elo ass eng grouss Steuerreform, déi soll jo elo kommen, soll bis

Enn vun dëser Legislaturperiod ëmgesat sinn. Et gëtt jo elo alles iwwert déi Steuerreform geleist.

Als Opposition wësse mir bis haut nach net, wou d'Regierung wëllt histeieren. „Eenzelbesteuerung“, dat hu mer héieren. „Kee soll eppes verléieren“, huet et am Ufank geheescht. Ech hunn awer de leschte Samschdeg den Här Gramegna op de Welle vu Radio Lëtzebuerg héieren, an do huet en dat schonn e bësse relativéiert, dass keen eppes géif verléieren. An den Här Gramegna huet sech do e bëssen aneschters ausgedréckt, wéi dass keen eppes géif ewechgeholl kréien.

Bei esou enger Reform wéi enger Steuerreform muss ee wëssen, wou ee wëllt ukommen, ier ee fortfiert. Well wann een net weess, wou ee wëllt ukommen, ass et och schwéier, fir déi néideg Etappen ënnerwee ze maachen. An dofir sinn ech - ech hat et scho gesot - enttäuscht, dass keng kloer Aussoe komm sinn, wat do geplangt ass, weeder vum Finanzminister nach vun de Majoritéitspolitiker, fir dass ee weess, wat d'Regierung do wëlle huet, well d'Land huet d'Recht ze wëssen, a wat fir eng Richtung et geet.

Ech sinn do batter enttäuscht! Ech mengen, ech sinn net deen Eenzeg. Verantwortung fir dëst Land a seng Bierger ze iwwerhuelen, do virun hat d'CSV nach ni gezéckt. Et geet hei net ëm eng Partei, et geet och net ëm soss eng Organisatioun. Et geet hei eenzeg an eleng ëm d'Zukunft vum Lëtzebuerger Land!

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn: Do fanne mir eis net erëm, an deem Budget, deen Der virgeluecht hutt! Et sinn nach vill Inconnuen dran an dofir ass et och net méiglech, dass mer deem Budget eis Zoustëmmung ginn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président de séance.- Merci och. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, wannechge-lift.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt u sech Positioun zu engem Theema huelen - kuerz Positioun, wëll ech direkt hei ënnersträichen -, wat fir eis als Demokratesch Partei net nëmme zënter gëschter, mee zënter Joerzëngte kann ee soen, eng ganz wichteg Positioun anhëlt, an zwar geet et ëm de Fonctionnement vum Staatsapparat. A wann ee Staatsapparat seet, dann denkt een natierlech och un d'Hauptakteure vun engem Staatsapparat, dat sinn d'Beamten.

Do denkt een natierlech selbstverständlech och un déi vill Gemengen, vill Gemeengebeamten. An et si jo genuch Kolleegen heibannen, déi och op Gemengenniveau eng Fonctioun hunn, an déi wëssen dat och ze schätzen, datt ouni gutt Beamten en Apparat net ka funktionéieren. Ech wollt dowéinst, wéi gesot, e puer Detailler méi genee belichten, déi am Budget 2020 virgesé sinn.

Ënner anerem kann een direkt festhalen, datt 760,5 Milliounen am Budget vun Dépense-courante fir d'Joer 2020 fir d'Fonction publique ageschriwwen sinn. Dat ass jo schonn net en onbedeidente Volet. Och wann een dat am globale Kontext kuckt, ass dat natierlech nach net dee riseg Chiffer, an trotzdeem beweist et, wat fir eng Wichtigkeit den ëffentlechen Déngscht hei zu Lëtzebuerg huet.

Wa mer dann eng Projektion maachen an déi nächst Joren, da gesäit een, datt 2021 mat enger Dépense courante vun 900 Milliounen gerechnet gëtt, an 2022 soll souguer de Cap vun der Milliard iwwerschritt ginn. Mir wäerten dann op 1,5 Milliard kommen.

Kierzlech hat den zoustänneg Minister, de Marc Hansen, eng interessant Etüd virgestallt, wéi u sech de ganzen Apparat vun de Beamte sech och zesummesetzt, eng Etüd, aus där ee vills kann erauslesen. Duerfir wollt ech op e puer Chifferen nach eng Kéier agoen: De Moment hu mer ronn 28.326 Leit, déi beim Staat schaffen. Dovunner sinn der 17.675 Fonctionnaires, 7.643 Employées an 2.498 Salariés. 50 % dovun schaffen am Enseignement. Wat och interessant ass: 52 % vu sämtlechen Agente si Fraen. Do kann een also soen, datt d'Quot zumindest beim Staat erreecht ass. Alldéngs gëllt dat net fir d'Fonctions dirigeantes. An ech mengen, dat soll eis trotzdeem e bësselchen interpelléieren, well an deene Positiounen sinn nëmme 27 % Fraen.

Par contre, wann een d'Karriär A2 hält, dat ass also déi Karriär, déi mer mam Gesetz vun 2015 geschaffen hunn, do mierkt een, datt awer en héije Prozentsatz vu Frae vertrueden ass.





Dann, wat den Temps partiel ubelaangt, och do, wéi gesot, sinn d'Frae majoritär present. (veuillez lire : Dann, wat den Temps partiel ubelaangt, och do, wéi gesot, sinn d'Frae majoritär present. Vis-à-vis vun de Männer kann een do vun engem Verhältnis vun 1:5 schwätzen.) Ech mengen, et brauch een net an den Detail anzegoen, wat dovunner d'Ursaache sinn.

An der Arméi hu mer de Moment 420 Volontairen. An dat gött engem awer och e bëssen ze denken. Well wann een do d'Entwécklung mécht, da gesäit een, datt déi Zuel allerdéngs réckleefeg ass.

Den Altersduerchschnitt läit bei 40,8. Mir kënnen also roueg behaapten, datt eis Fonctioun publique mat Sécherheet net iwweralter ass.

Et ass opfalend, datt d'Zuel vun den Employéen tëscht 2016 an 2018 sech méi schnell entwéckelt huet wéi déi vun de Fonctionnaires. Dat war allerdéngs virun der Reform vum Examen-concours vun 2018, well et bis dohinne méi schwéier war, Fonctionnaires ze rekrutéieren, a well déi Prozedur alt oft bis sechs Méint gedauert huet, wat natierlech ze laang ass.

Dann ass et och e relativ héijen Taux d'échec an den Épreuves générales ginn. Schwéier ass et och gewiescht, fir Selektionskrittären opstellen, fir Leit a verschidde Beräicher ze rekrutéieren. Ech denken do un d'Informatik, d'Ingenierie oder d'Santé. An dowéinst - an dat war och d'Ursaach - ass wéi gesot an deene Jore méi oft op Employéen zréckgegraff ginn. Dat ass dann eeben och d'Ursaach vun der Augmentatioun vun der Zuel vun den Employéé vis-à-vis vun de Fonctionnaires.

Da si mer natierlech séier beim Rekrutement. An och do muss ee leider feststellen, datt et net esou einfach ass, Leit ze rekrutéieren beim Staat. An och déi, wéi gesot, déi Fonctiounen hunn um kommunalen Niveau, wëssen, datt et a verschidde Karriären, an ech denke besonnesch un d'technesch Déngschter, ganz schwéier ass, haut och Ingenieuren aus der Karriär A1 oder A2 op de Gemengen ze rekrutéieren. Mir hunn allerdéngs do Efforten an deene leschte Jore gemaach beim Staat, wat d'Rekrutéierungszäit ubelaangt. Déi läit elo am Fong geholl praktesch bei maximum sechs Wochen.

Am Budget fir d'Joer 2020 ass da virgesinn, fir zousätzlech 1.830 nei Leit beim Staat anzustellen. Dat ass en enorme Chiffer. Dat ass am Fong praktesch eng Verduebelung vis-à-vis vun dem Exercice vum leschte Joer. Dat beweist och, datt et dëser Regierung esocht gemengt ass, net nëmmen, fir de Staatsapparat einfach esou opbléien ze loossen, mee virun allem och, fir méi Effizienz eranzebréngen, datt och déi Posten optimal kënne besat ginn. An ech wëll och hei drun erënneren, datt d'Chambre des fonctionnaires dat och ganz positiv an hirem Avis duergestallt huet.

Firwat stelle mer esou vill Leit an? Mee ech mengen, mir sinn natierlech nach ëmmer an engem Wuesstum vun der Populatioun. An dat heescht automatesch, datt mer och mussen d'Déngschtleeschunge besser kënne garantéieren. Mir brauchen op verschiddenen Niveaue zousätzlech Leit. Ech denken zum Beispill un d'Polizei, wou jo virgesinn ass, fir 800 nei Polizisten anzustellen. Ech denken un d'Justice. Ech denken un den Enseignement.

A besonnesch wat d'Polizei ubelaangt, muss ee sech natierlech och d'Fro stellen: Wéi kënne mer déi Leit rekrutéieren? Wou rekrutéieren mer se? An da si mer och ganz séier bei der Diskussioun, déi de Moien, mengen ech, den Alex Bodry schonn ugestouss hat: Muss net eng Kéier den Dag kommen, wou ee sech awer och muss d'Fro stellen, ob net aner Krittäre kënne gëllen, fir eeben zousätzlech Leit ze rekrutéieren?

Ech erënneren zum Beispill un d'Arméi, wou mer viru Joren d'Arméi opgemaach hu fir Netlëtzebuerger. Ech weess, datt dat deemools e Schrëtt war, deem net op alle Bänke gedeelt ginn ass. Haut héiert ee guer näischt méi vun deene Kritiker. Au contraire, et muss ee soen: Wou hätte mer déi 420 Volontairen, wa mer deemools net d'Arméi opgemaach hätte fir Netlëtzebuerger?

Wa mer elo mat Responsabelen aus der Arméi schwätzen, da kréie mer méi wéi eemol gesot, datt et och virun allem an den ieweschte Karriäre bei den Offizéier schwéier ass, zousätzlech Leit ze rekrutéieren. Mir brauchen allerdéngs an der Struktur vun der Arméi selbstverständlech och déi Fonctiounen. Also och do, mengen ech, muss een eng Kéier de Courage hunn, fir déi Diskussioun méi am Fong ze féieren.

ren. An ech géif soen, et sollt ee sech deem net verschléissen, wuel wëssend, datt et natierlech eng Diskussioun ass, déi soll sachlech gefouert ginn an net vu virera mat gewëssene Barrière schonn zoubetonéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann op e puer Haaptpunkten aus dem Budget agoen, wat d'Fonction publique vun dem nächste Joer ubelaangt.

Fir d'éischt emol d'Digitaliséierung. Ech mengen, e groussen Akzent gött op deen Aspekt gesat. Dat dierft jo ganz vill Leit heibanne freeën. Mir wëssen alleguer gutt, datt mer an enger Gesellschaft liewen, wou d'Digitaliséierung ëmmer méi grouss Bedeitung kritt. A wien do net op den Zuch opspréngt, dee kritt ouni Zweiwel och ganz grouss Problemer an Zukunft.

Lëtzebuerg ass jo amgaang, do eng Virreiderroll ze spillen. Ech weisen och do drop hin, datt mer ënnert dëser Regierung en eegene Ministère geschafen hunn, wat eng richtig, eng gutt Decisioun war.

Ech weisen awer och drop hin, datt et de sougenannten „DESI-Index“ gött, dat ass den Digital Economy and Society Index, wou mer entre-temps an der EU op der sechster Plaz sinn. Och dat ass e Beweis, datt Lëtzebuerg dee richtige Wee ageschloen huet. Mir mussen allerdéngs oppassen, datt et awer och net zu enger sougenannter Iwwerhëtzung kënnt. Bei aller Freed, bei aller Euphorie, déi ee fir d'Entwécklung vun der Digitaliséierung huet, soll een awer och de Courage hunn, och emol op eenzel negativ Aspekter hinzewiesen. Hei wëll ech dann och aus dem Budgetsrapport vum Yves Cruchten zitieren: « Il importe d'assurer que la cohésion sociale ne devient pas la victime d'une digitalisation excessive. » Ech mengen, dat ass eng Ausso, déi een ouni Zweiwel ka begrëissen.

A wann ech scho beim Här Cruchten sinn, wëll ech em selbstverständlech awer och e grouse Merci aussprechen. Ech hat d'Éier, hei virun 19 Jore och als Budgetsrapporteur ze stoen, ech weess also, wat et heescht, e Budgetsrapport opzestellen. Dat heescht wochen-, méintlaangt Engagement, dat heescht, ganz vill Entrevuë féieren. Dat heescht, sech ganz vill mat Zuelen ofginn. An dat mannst wat ee ka soen, an do kann een och nëmmen en Appell maache virun allem u jonk Deputéiert: Wann Der d'Chance eng Kéier sollt kréien ... Ech kucken elo éischer op déi dote Säit, huet mer dat awer net fir iwwell!

#### (Hilarité)

Wann Der eng Kéier sollt d'Chance kréien, notzt déi Chance, well et ass déi beschte Formation continue, déi een Deputéierte ka maachen hei an der Chamber, wann en eng Kéier Budgetsrapporteur gött. A wéi gesot, Här Cruchten, och nach eng Kéier Merci fir Äre Rapport, dee ganz interessant war an och mat Sécherheet liesenswäert ass. An e wäert och seng Bedeitung net nëmmen dëst Joer hunn, mee och nach vläicht an deenen nächste Joren.

Wa mer bei der Digitaliséierung sinn, da si mer natierlech och ganz séier beim Teletravail, och e Sujet, deem ëmmer méi staark an eisem Gesellschaftssystem present ass. Et sinn och schonn eenzel aner Kolleegen, déi dat de Mëtteg respektiv de Moien ugeschnidden hunn. A grad an der Fonctioun publique gött eeben do eng grouss Bedeitung drop gesat. A grad d'Fonction publique gött am Fong geholl e gudden Terrain hier, fir u sech Projeten auszuschaffen, wéi den Teletravail an Zukunft nach méi staark gefërdert ka ginn.

Natierlech baséiert den Teletravail op Vertrauen. Dat muss eng Vertrauensbasis tëschent dem Patron an dem Beamte sinn. Awer och do erm eng Kéier bei aller Euphorie, déi vläicht kéint opkommen, muss een e bësse virsichteg sinn an et gött och negativ Aspekter. Ech denken zum Beispill un eng eventuell sozial Isolatioun, déi sech do kéintustellen. Mee d'Virdeeler sinn ouni Zweifel déi, déi iwwerweisen. Mir hunn dat scho gesot am Kontext vun deene grouse Problemer, déi mer um Niveau vun der Mobilitéit hunn, woubäi een allerdéngs net esou naiv sollt sinn ze mengen, wa mer den Teletravail elo méi verallgemengeren, datt muer eis Problemer op de Stroosse geléist wäeren. Loin de là !

Mee et hält awer mat Sécherheet an deem ganze Konzept eng wichteg Plaz an, fir eeben d'Problematik um Niveau vun dem Verkéier besser kënne ze organiséieren. Natierlech, eng gewësse Presenz um Büro wäert ni ausbleiwen. Dat hânt natierlech och vun der Fonctioun of.

Iwwregens, am Budgetsrapport, wou den Här Cruchten jo och op deen Aspekt agaangen ass, konnt ee liesen, datt d'Zuel vun de Leit, déi den Teletravail de Moment maachen, ëm 8 % an d'Luucht gaangen ass, a ronn 17 % vun deenen, déi Teletravail maachen, géifen op

d'mannst 15 Stonnen doheem schaffen. Dat ass also schonn net onweesentlech. Do gesäit een also schonn eng gewësse positiv Entwécklung, wat déi Form vun Aarbecht ubelaangt.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt et gréisser Betriber ginn, déi den Teletravail schonn erm suppriméiert hunn, zum Beispill Yahoo, déi hunn dat gemaach. Par contre gött et awer och erm aner Beispiller, ech referéiere mech hei op Frankräich, bei Orange, do sinn am Moment 80.000 Leit engagéiert, déi do schaffen, an et sinn der 30.000, déi am Teletravail hir Aarbecht verrichten.

Wa mer natierlech vun enger moderner, enger effikasser Fonctioun publique schwätzen, da si mer ganz séier bei der Formation. Dat ass e weesentlechen, e wichtege Aspekt, net nëmme fir d'Fonction publique, mee besonnesch fir d'Fonction publique. An do si virun allem och gréisser Efforte gemaach ginn. Ech verweisen hei nach eng Kéier op dat Gesetz, wat mer elo hei kierzlech gestëmmt hunn, d'Ofschafe vun der 80-80-90-Reegelung. Do war jo een Aspekt awer d'Formation. Do goufen et och kritesch Stëmme, dat muss een hei ganz éierlech soen, well jo d'Formation générale do geännert huet.

Mir hunn awer als Kommissioun ... Do ware jo ursprénglech nëmmen nach 60 Stonne virgesinn, mir hunn awer dann en Amendement als Kommissioun gestëmmt, fir dat eropzesetzen op 90 Stonnen, mindestens 90 Stonnen. Déi kënne och duerch e Règlement grand-ducal nach méi an d'Luucht gesat ginn. Wéi gesot, et ass dat awer de Beweis, datt d'Formation eng ganz wichteg Roll och an der Fonctioun publique nach wie vor muss spillen.

Ech weisen an deem Kontext och op de Learning Center op Belval hin. An da gött natierlech net nëmmen, loosse mer soen, iwwer Gebailechkeeten, iwwer Stonne geschwat, wa mir iwwer Formation hei referéieren, mee da muss een natierlech och iwwert den Inhalt diskutéieren. Ech mengen, déi Form vun der „ex cathedra“ gehéiert natierlech lues a lues éischer der Vergaangenheet un. Haut gött aneschter enseignéiert. Dat ass och gutt esou. An et si ronn 906.000 Euro fir d'Formation eleng virgesinn, wat jo och keen onbedeitende Chiffer ass.

Vun der Formation ass een natierlech dann och séier beim INAP, do wou u sech dann och de Gros vun der Formation nach ëmmer gemaach gött, wou eng nei Approche pédagogique an d'A gefaasst gött. An och hei sinn eng Millioun Euro virgesinn, fir dëst Zil ze erreechen. Iwwregens sinn och déi Kreditter vun der Chambre des fonctionnaires et Employés publics begrësst ginn.

E weesentlechen Aspekt, an dat dierft wuel net verwonneren, vum Budget ass nieft den Traitement natierlech och d'Pensioun. Ech wollt do op e puer Chifferen agoen.

Am Fonds de pension si ronn 617 Milliounen virgesinn. Dat ass eng Erhéijung vu 26 %. U sech hu mer awer, reell gekuckt, fir d'Pensioun beim Staat Dépense vun 928 Milliounen. Elo frot Der lech natierlech: Majo wou kënnt dann elo déi Differenz do hier? Mee engersäits 188 Milliounen Cotisationen an anerersäits Validationen. Wat heescht dat, Validationen? Mee ganz einfach, dat sinn déi Beamten, déi bis 1999 agestallt ware beim Staat an an hirer Karriär awer och deelweis am Privatsecteur geschafft hunn. An dowéinst, wéi gesot, ginn dann déi Zäiten nach validéiert an do kommen zum Beispill fir den nächsten Exercice 120 Milliounen nach vun der Privatbeamtenpensiounskeess mat engem Zënsofouss vu 4 % an d'Staatskeess eran.

An do muss ee vläicht nach eng Kéier hei drun erënneren, dat ass jo bis 1999. An et sinn eenzel Kolleegen heibannen, déi kënne sech nach vläicht un déi turbulent Zäit erënneren an den 90er Jore mat deene grouse Streiken a Manifestatione, wou d'Pensionsreform an der Fonctioun publique duerchgezu ginn ass. An dat huet eebe mat sech bruecht, datt elo déi Recetten hei auslafen, well et sech eeben, wéi gesot, nëmmen nach limitéiert op déi Beamten, déi virun 1999 beim Staat waren, an déi Beamten, déi dann och een Deel vun hirer Aarbechtskarriär am Privatsecteur verbruecht haten.

Mir hunn och elo duerch dat neit Gesetz vun der 80-80-90-Reegelung, wann ech schonn elo bei dem Unerkenne vun der Aarbecht am Privatsecteur sinn, do eng nei Reegelung getraff, déi ganz wichteg ass. Mam Gesetz vun 2015 hate mer am Fong just d'Méiglechkeet geschaaft, datt, wann een am Privatsecteur geschafft huet an et huet ee seng Karriär nei verrecht krut beim Staat, dann déi Zäit am Privatsecteur hätt kënne theoreetesch ganz unerkannt ginn. Dat huet awer zu gewëssene Feelinterpretatiounen gefouert. An dowéinst hu mer jo elo d'Gesetz geännert. Dat heescht am Kloertext, wann e Beamte muer beim Staat agestallt gött an en huet virdrun am Privatsec-

teur geschafft, da gött déi Zäit, déi en am Privatsecteur verbruecht huet, integral imputéiert op seng nei Karriär beim Staat.

651 Leit waren 2018 an der Pensioun, 166 si leider gestuerwen. An de Moment hu mer 757 Agente beim Staat, déi méi al wéi 60 Jore sinn, also theoreetesch scho pensionsberechtiget sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst gutt, datt de 5. Dezember 2016 den Accord salarial mat der CGFP ënnerschrifwe gouf. Du kout et zu engem Avenant. Dee gouf de 15. Juni 2018 signéiert an deem huet do virgesinn, datt eng Verlängerung vum aktuellen Accord salarial bis Enn 2020 géif festgehale ginn.

Mir hu jo dunn, ech wëll elo net nach eng Kéier zréckkommen op dat Gesetz, wat mer elo kierzlech gestëmmt hunn, mee do hu mer jo réckwierkend op den 1. Januar eng Rei Ännerunge virgeholl, wat iwwregens de Budget, awer de lafende Budget mat enger Meerausgab vu 44,3 Milliounen belaauscht huet.

Déi Leit, déi bei der CGFP op de Comité des présidents waren - pardon, Conférence des comités, sou, mengen ech, heescht et richtig, ...

► **Une voix.** - Conférence des comités.

► **M. Gusty Graas (DP).** - ... Conférence des comités, jo -, déi hu jo och matkritt, datt d'CGFP jo awer do schonn duerchbléck gelooss huet mat zimmlecher Vehemenz, datt, wann den Accord salarial elo Enn des nächste Jores ofleeft, et dann awer misst zu enger Punkthéijung, also zum Erhéije vum Punktwäert kommen. Bon, ech mengen, ech sinn net en cause, fir doriwwer déi Diskussiounen ze féieren. Mee mir als Chamber wäerten awer fréier oder spéider mat engem Gesetz befaasst ginn, wou dann den Accord salarial dee Moment muss ëmgeseit ginn. Et kann ee sech also zumindest theoreetesch drop astellen, datt dann awer eng Punktwäerterhéijung eng Kéier erm wäert kommen. Dat géif natierlech dann eng zousätzlech Belaaschtung, net fir de Budget 2020, à moins datt e réckwierkend ass, ech weess et jo net, mee spéitstens fir 2021 awer mat sech bréngen.

Et muss een awer och hei ënnersträichen, datt et an der Fonctioun publique wichteg ass, datt den Dialog gefleegt gött. An hei muss een awer wierklech den Asaz vum Marc Hansen ënnersträichen. Dat war zwar am Accord salarial esou festgehale ginn, mee hien huet sech awer derzou verflucht, fir elo mat 65 Ënnerorganisatione vun der CGFP den Dialog ze sichen. En ass och amgaangen, déi Gespräicher ze féieren. An ech mengen, dat ass och e wichtege Exercice. Et ass e wichtege Exercice an deem Sënn, datt een awer och wierklech méi gewuer gött, wat fir Problemer um Terrain bestinn, wéi eng Verwaltunge vläicht mussen op déi eng Manéier oder déi aner reforméiert oder ugepasst ginn. An dowéinst kann een de Minister nëmmen u sech dozou begléckwünschen, datt en déi Initiativen och elo geholl huet.

Jiddefalls, wann een dat ënnert dem Stréch esou kuckt, da muss ee soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg awer an enger glécklecher Situation sinn. Ech mengen, et soll een och emol eng Kéier eppes Positives iwwert dat Land hei soen. Ech muss awer ganz éierlech soen, heiansdo huet ee sech de Mëtten d'Fro gestallt, ob net géif e bëssen iwwerdrifwe gi vun eenzelne Kolleegen heibannen, wéi wa Lëtzebuerg elo e Land wär, wou et sech bal net méi géif rentéieren ze liewen.

Ech gesinn dat awer ganz, ganz anescht, soen ech ganz éierlech, ouni déi Problemer ze minimiséieren, déi hei opgeworf ginn. Déi bestinn, jo. Mee et muss een awer och emol heiansdo d'Saach e bësselche méi realistesch gesinn an dann och emol op positiv Saachen hiweisen.

Zumindest a menger bescheidener Intervention hei wëll ech awer drop hiweisen, datt mer kënne frou sinn, datt mer e gutt funktionéierende Staatsapparat hunn, dee selbstverständlech net perfekt ass, mee deem awer trotzdem ënner Beweis stellt, wéi gesot, datt dat Land hei gutt dréint. A wa mer deen net hätten, hätte mer zousätzlech mat Sécherheet nach aner gréisser Problemer.

An deem Sënn, gesamt gesinn, dee Budget hei ass en equilibréierte Budget, ass e Budget, dee fir d'Zukunft opgestallt ginn ass. Et ass e Budget, deem déi grouss Defien an dëser Gesellschaft offensiv ugeet. Et ass mat Sécherheet kee perfekte Budget, well dee gött et nämlech net. Et ass awer een, deem een ouni Zweiwel an där Form ka matdroen.

An an deem Sënn bréngen ech dann no-dréiglech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun fir de Budget 2020.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance.** - Merci och. Här Graas, bleift just vläicht eng Sekonn, wann Der wëllt.





► **M. Gusty Graas** (DP).- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Den Här Kartheiser wollt lech eng Fro stellen.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Jo.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Jo, ech wollt dem Här Graas eng Fro stellen, well déi betrëfft ... En huet d'Thematik ugeschwat vun der Méiglechkeet vun der Rekrutéierung, fir auslännesch Offizéier an der Lëtzebuerger Arméi opzehuelen. En huet do gesot, hie géif mengen, déi Debatt sollt geféiert ginn. Ech wollt dofir e puer Froe stellen: Ass déi Meenung, déi hien hei geäussert huet, d'Meenung vun der Demokratescher Partei?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Eng.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, et ass dee selwechte Komplex.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Nee. Kee Referat. Eng Fro.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Nee, nee. Et geet ëm genau déi do Fro, d'Fonction régalienn. Also, ass dat d'Meenung vun der Demokratescher Partei, datt mer sollen auslännesch Offizéier an d'Arméi ophuelen? Gëllt dat och fir d'Polizei? Huet d'Demokratesch Partei wëlles, déi EU-Gesetzgebung iwwert d'Fonction régalienn an der Fonction publique hei anescht ze interpretéieren, ofzeschaffen oder méi wäit ze interpretéieren? Ass d'Demokratesch Partei der Meenung, datt an anere Beräicher, wou Fonctions régaliennes sinn a Rekrutéierungsproblemer existéieren, wéi zum Beispill an der Justiz, och sollen auslännesch Riichter engagéiert ginn? Wéi gesäit d'Demokratesch Partei ...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Ech mengen, dat war d'Fro, soss hätt Der lech missen aschreiwen, Här Kartheiser.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et waren nëmme Kommaen. Mee ech mengen, den Här Graas versteet, a wéi eng Richtung d'Fro geet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Voilà, ech mengen, den Här Graas huet verstanen, wat Der wollt wëssen. Merci. Här Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Also, Här Kartheiser, Dir sidd jo e ganz intelligente Mann.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Nee, dat ass ëmstridden!

(Hilarité)

► **M. Gusty Graas** (DP).- Dach. Nee, et ass net ëmstridden. Heiansdo maacht Der zwar Aussoen, wou ee kéint llicht drun zweifelen. Mee soit.

(Interruption par M. Sven Clement)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Wannechgelift!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Den Här Asselborn huet haut op der Televisioun gesot, ech wär dat net. Just datt Der dat wësst.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo, den Här Asselborn weess et.

(Interruption par M. Sven Clement)

► **M. Gusty Graas** (DP).- Wann Der mer ... A vu datt Der jo awer intelligent sidd an Der mer gutt nogelauschert hutt a mech net feelinterpretéiert, hutt Der jo awer verstanen, datt ech just Froe gestallt hunn. Ech hunn d'Fro gestallt, ob mer net um Punkt ukomm wieren, fir eis iwwert déi doten Diskussioun ze ënnerhalen, iwwert dee Punkt ze ënnerhalen. Wat elo zum Beispill, wou ech kann e bësse méi konkret ginn, d'Rekrutéierung vun Offizéier an der Arméi ubelaangt, ass dat eng Fuerderung, déi net vun der Demokratescher Partei kënnt.

Schwätzt emol ... An Dir sidd jo awer deenen Hären an Dammen nach méi no wéi ech, do ass déi Fuerderung awer relativ kloer formuléiert ginn. Déi gesinn also do net onbedéngt eng Atteinte à la souveraineté nationale et régalienn, mee dat ass awer do schonn an deene Kreesser en Thema, dee muss diskutéiert ginn. An ech schwätzen hei net am Numm vun der Demokratescher Partei, well d'Demokratesch Partei huet sech do nach net festgeluecht. Ech soe just, an do hunn ech mat Sécherheet den Aval och vu menge Kolleegen aus menger Partei: Mir mussen de politesche Courage hunn, iwwert déi Fro do ze diskutéieren.

Ech gi jo dann dovun aus, datt d'ADR vu vire ran ofleent - ofleent! -, fir sech fundamental Gedanken ze maachen, wéi mer d'Arméi, wéi mer d'Polizei am Fong geholl mat deene Leit, déi mer brauchen, kënnen opstocken, ouni zu-

mindest déi Fro do unzeschwätzen. Dir sidd also net bereet, dat ze maachen.

Da musst Der eis allerdéngs vläicht och emol Alternative soen: Wéi wëllt Der de Manko u Leit, déi mer awer brauchen, wéi wëllt Der dee Manko dann do awer opfëllen? Wéi kënnen mer do awer dozou hikommen, fir ...

(Interruption)

Jo, Dir sot ëmmer esou, mee mir waarden ëmmer vill op Är Aussoen. Ech hunn awer haut ... An dann halen ech op.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Jo.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Ech hunn awer haut festgestallt, Här Gibéryen, Dir hutt eng ganz Stonn geschwat. Ech wëll déi Ried net kommentéieren. Mee ech hunn awer eppes festgestallt, eppes hunn ech festgestallt: Alternativen, déi waren awer schnell ze erkennen, well et waren der net vill do.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci, dem Här Graas. Ech stelle fest, et si Froe gestallt ginn, et sinn aner Froe gestallt ginn, iergendwann kommen eng Kéier d'Antworten. Merci. Den nächste Riedner ass scho prett. Dat ass keen anere wéi den Här Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här President. Ech si berouegt, datt Dir hanner mer sëtz. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann een als Zweetleschte schwätzt, ass et schwéier, nach nei revolutionär Saachen ze soen. Ech wäert dann awer versichen, dëse Budget vläicht och e bësschen nach ënner enger anerer Perspektiv ze belichten, wëll awer meng Interventioun ufänke fir d'éischt mat zwee Mercien.

An „à tout seigneur tout honneur“ wëll ech mam Budgetsrapporteur ufänken. An ech fannen, an ech mengen, ech sinn ee vun deenen, déi scho ganz laang dobäi sinn, deen also forcement scho ganz vill Budgetsrapporte gelauschert huet, Are Rapport, Här Rapport, gehéiert zu deene ganz gudd Joergäng, gehéiert zu de ganz gudd Joergäng. An ech wëllt souguer weider soen, datt e bësse wéi beim gudd Wäin, heiansdo wann een e Rapport no enger Rei vu Jore liest, da gëtt e souguer nach besser, well een dann awer mierkt, datt dat, wat een deemools gesot huet, eigentlech guer net esou falsch war an datt dat sech vläicht och erfüllt huet. Ech fannen och, datt Der eng Rei ganz interessant Pisten opgezeechent hutt, soudatt ech lech nëmme fir Är Aarbecht ka felicitéieren.

Ech wollt lech awer just vläicht eng kleng Episod zielen, déi eigentlech ganz echt war. Gëschter sollt ech op eng Receptioun goen an de Cercle. Dunn hunn ech mäin Tierche gemaach iwwert de Chrëschtidsmaart an du kouw en Här do op mech zou. E sot: „Här Mosar, sot, ech hunn de Mëtten d'Télee gekuckt, d'Chamber-Télee, an do war dee Budgetsrapporteur. Sot, dee war nawell ganz gutt an deen huet der Regierung et richtig geblosen.

(Hilarité)

Ass deen an der Oppositoun?“ Du sot ech: „Nee, Monsieur, bis elo nach net, mee dat kann awer vläicht kommen.“ Mee wat ech einfach domat wollt soen: Dir hutt eng gutt Ried gehalen, déi eeben och net nëmme mat deem engen Hutt war, mee déi och nach mat aneren Hitt war.

A well ech bei menge Mercie sinn, wollt ech zu engem zweete Merci kommen. An deejéinegen, un deen ech de Merci wëllt adresséieren, kënnt dann och eran, dat ass de Kolleeg Alex Bodry. Den Alex an ech, ech weess net, ob jiddwereen dat weess, mir hunn e klengen Deel vun eisem Liewen zesumme gemaach.

► **Une voix**.- O! Elo gi mer eppes gewuer hei.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Mir waren nämlech déi selwecht Zäit zu Paräis op der Uni, op der Sorbonne.

(Exclamations)

► **M. Sven Clement** (Piraten).- D'Elitt vum Land!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- A mir hunn och zum Deel déi selwecht Coursé suivéiert a mir haten haaptsächlech, an ech mengen, dat kann ech soen, ee grouse Léiermeeschter, deen, ech mengen, eis allen zwee ganz staark influencéiert huet, de Robert Badinter, dee mer haten an deem seng Coursé mer ëmmer ganz passionéiert suivéiert hunn, well dat och eng Zäit war, wou en de Klaus Croissant verteidegt huet. An ech muss einfach soen, dat ware memorabel Momenter.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- An der Mëttesstonn freides.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Déi hu mir also materlief, den Alex an ech. Mir hunn herno aner politesch Weeër ageschloen, wat awer och net erstaunlech ass. Dat hat och e bëssen eppes mat eise Familljen ze dinn, datt dat esou gaangen ass. An ech mengen, mir hunn eis elo während ville Joren hei an der Politik ëmmer erëm gesinn. Mir haten natierlech eng ganz Rei vun Divergenzen, wou mer eis net ëmmer eens gi sinn.

Mee ech muss awer einfach soen, ech appreciéieren den Alex, well en, éischstens, en engagéierte Politiker ass, zweetens, e ganz kompetente Politiker ass, an dann zwou Qualitéiten, déi ech awer wierklech wëll ervirsträichen: Et ass e Politiker, deen Iwwerzeegungen huet. Dat mussen elo net onbedéngt déi selwecht si wéi meng. Ech sinn ëmmer frou, wann ech mat Leit ze dinn hunn, déi iwwerhaupt Iwwerzeegungen hunn.

An dat Zweet ass: Den Alex ass e Mann vun de Kompromisser. An haut geet et net ouni Kompromisser. Wa jiddweree säi Kapp wëllt duerchsetzen, da kënnt een net wäit. An hien huet jo vill Kompromisser a senger laanger Karriär gemaach, an ech mengen, déi meescht Kompromisser waren och emol guer net esou schlecht. Ech denken do awer haaptsächlech un déi, déi mat der CSV ëmmer gemaach gi sinn.

(Hilarité)

Ech wëll dem Alex gudd Wand am Staatsrot wënschen. Ech wäert dech vermessen, Alex! Mee ech freeë mech op deng Avisen am Staatsrot.

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, elo geet et awer duer mat de Mercien a mam Luef.

► **Une voix**.- O!

(Brouhaha)

► **Une autre voix**.- Elo geet et awer lass.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Elo komme mer zum Budget. An do ass et eigentlech e Constat, deen ech muss maachen, deen ech all Joers ëmmer erëm maachen, an et ännert och näischt. Et wäert och näischt änneren, nodeem ech et haut erëm eng Kéier gesot hunn. Ech hunn haut ganz vill interessant Budgetrieden héieren. Leider Gottes hunn ech ëmmer d'Gefill, datt déi meeschte Riedner sech haaptsächlech mat den Ausgabe vum Budget beschäftegen, an déi mannst maache sech eigentlech Gedanken iwwert d'Recetten a froe sech haaptsächlech, wou déi Recetten hierkommen.

An ech wollt do och haut meng Interventioun ufänke mat engem Punkt, dee quasiment an allen Avisen dëst Joer soulevéiert ginn ass - iwwregens de Rapporteur huet en och a sengem Rapport soulevéiert -, dat ass déi extreem grouss Ofhängegkeet vun eisen éffentleche Recetté vun der Banken- a Finanzplaz.

An ech wëll do just zwou Zuelen nennen. Ech kéint der zwar vill méi nennen, well se quasiment alleguerten an déi selwecht Richtung ginn. Wann ech nëmme d'Kierperschaftssteuer kucken, mat déi wichtegst, do hate mer nach 2014 eng Ofhängegkeet vun 71,7 %. Wann ech elo 2018 kucken, si mer op 76,1 %. Wann ech dann den IRCAP kucken, dat ass déi Steuer op dem Revenu des capitaux, do ware mer 2014 op 43,9 %, do si mer elo 2018 op 68,2 %, wou d'Recetten also ganz eleng vun der Finanzplaz stamen.

Wann een dann e bësselche méi genau an den Detail vun deene Recetté kucke geet, da stellt een och fest, datt do e klengen Decalage amgaangen ass, sech ze maachen, dat heescht, datt dee Volet SOPARFlen, Dénegschtleeschungssektor, Fongen, ëmmer méi importent gëtt au détriment vun de Banken, déi éischer ofhuelen. An ech mengen, et ass eng Tendenz, wou wahrscheinlech och de Finanzminister mat mer d'accord ass.

D'Fro, déi sech awer stellt, Här Finanzminister, an op déi ech net onfrou wär, vläicht och herno nach eng Rei Antworten ze kréien, ass, ob déi grouss Recetten, iwwert déi mer eis natierlech all freeën, déi vun der Finanzplaz kommen, och wäerten a Zukunft weider op deen doten Niveau kommen, a wann dat net de Fall ass, duerch wat se eventuell ersat ginn. An do, muss ech soen, deelen ech net gradesou Ären Optimismus.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Dir hutt gesot, déi däischter Wolleke wäeren amgaangen, iwwer eis ewechzezéien. Ech muss lech soen: Beim Brexit gesäit een e bësselche méi kloer, mee nach wësse mer net genau, wou mer do awer histeieren. An och eis Chinesen an eis Amerikaner, besonnesch mat engem Personnage wéi dem Här Trump, do weess een och ni, wou een drun ass. An deen Handelskrich ass och nach net onbedéngt definitiv eriwuer, soudatt ech einfach mengen, kommt, mir sinn awer méi virsiichteg a mir soen net: „Voilà, elo komme mer erëm an eng Schéiwiederperiod, dat geet elo alles gutt“!

Wat mech awer u sech vill méi besuergt mécht, an Dir wësst dat, Här Finanzminister, ass, datt eng ganz Rei vu wichtige internationale Regulatiounen op eis zoukommen. BEPS ass de Mëtten e puermol ugeschwat ginn, muer wäerte mer de Projet de loi ATAD 2 ofstëmmen, mir hunn den DAC 6, dee wäerte mer warscheinlech ufanks vum nächste Joer ofstëmmen. An dat sinn alles Projeten, an ech mengen, do sidd Der mat mer d'accord, déi sécherlech en Impakt op eis Finanzplaz wäerten hunn an déi haaptsächlech en Impakt op d'Recetté vun där Finanzplaz wäerten hunn.

An ech wëll mer do awer zwou Zuelen erlaben, déi och a verschiddenen Aise stoungen, nottamment am Avis vun der Cour des comptes. An ech bedauern eigentlech e bëssen, Här President, datt quasiment kee Riedner déi Zuele soulevéiert huet.

Déi eng Zuel ass déi - an do si jo Expertisen, déi gemaach gi sinn, a wann alleguerten déi Mesuren do implantéiert ginn, kommt, mir maachen eis näischt vir, déi wäerten implantéiert ginn, vläicht méi schnell, vläicht manner schnell, mee si wäerten implantéiert ginn -, do seet d'Kommissioun ganz kloer, datt dat eis 600 Milliounen Recetté kéint kaschten, dat heescht, 600 Milliounen manner, wann dat doten alles géif kommen.

Elo kann ee soen: Mon Dieu, 600 Milliounen, dat kënnen mer eventuell nach packen. Da gëtt et awer eng aner Etüd, Här Finanzminister, déi sougenannte WIFO-Etüd, déi vun der Europäescher Kommissioun an Optrag ginn ass. An déi kënnt mat vill méi dramateschen Zuelen. Déi seet nämlech, wann all dat dote géif kommen an all déi dote Mesure géifen implantéiert ginn, datt mer da kéinte rechne mat Perté bis zu 3,5 Milliarden. 3,5 Milliarden!

Elo soen ech lech, datt ech perséinlech mengen, datt déi Zuel iwwerdriwwen ass. Nach ass et en unerkannten éisträicheschen Institut, deen dat doten errechent huet. Iwwregens huet deen de selwechte Calcul gemaach fir all déi aner europäesch Länner. An ech muss lech awer soen: Wann een esou Zuelen héiert, 600 Milliounen, 3,5 Milliarden, déi mer eventuell risquéieren ze verléieren, da mengen ech, do misst een awer ufänken, sech gewësse Froen ze stellen!

An et ass do, wou ech dann nach eng Kéier wëll derbäi betounen: Wann ech bei déi europäesch, oder net nëmme déi europäesch, generell bei d'Betriebsbesteuerung kommen, do leie mir am Moment nach, wann ech d'Stad Lëtzebuerg huelen als Base, op 25 %. Dir wësst, Här Finanzminister, datt mer do schonn um Niveau vun der OECD nëmme méi op 21 % sinn. All eis Nopeschlänner sinn amgaangen, d'Betriebsbesteuerung erofzesetzen, souguer d'Fransouse setzen d'Betriebsbesteuerung erof.

Wann een also och nach dat Element mat a Consideratioun zitt, muss ech lech soen, datt mer awer risquéieren, an deenen nächste Joren an eng Situatioun ze kommen, déi vläicht net méi esou gutt ass, wéi mir eis dat alleguerte géife wënschen. An dat ass, wat ech der Regierung awer hei ganz kloer reprochéieren: Ech hunn e bëssen d'Impressioun, d'Regierung huet kee Plang, kee Plan B, wann dat dote géif kommen.

Dir sot ëmmer, Här Finanzminister: „Mir kucken dat do a mir reagéiere le moment venu.“ Ech soen lech just: Wa mir reagéieren, ass et ganz oft schonn ze spéit, well déi aner Länner hunn dann och reagéiert, an do risquéiere mer haaptsächlech, e ganz grouse Problem ze kréien um Niveau vun der Previsibilitéit a vun der Sécurité juridique, well - Dir wësst dat - d'Kapital ass ganz schnell fort. An ech gesinn dann aner Länner, déi leeën zum Beispill iwwer fënnf Joer den Taux vun hirer Betriebsbesteuerung fest. Dat heescht, jiddwereen, deen an dat Land geet, fir ze investéieren, dee weess ganz genau, wat en um Niveau vun der Betriebsbesteuerung bezilt. Dir hat dat och ee Moment envisagéiert. Ech géif dat eigentlech eng gutt Iddi fannen, besonnesch an deenen Zäiten, wou mer sinn.

(Interruption)

Op jidde Fall - ma neen -, ech soen, datt mir als CSV dat heiten net ganz gutt fannen. Mir hunn d'Impressioun, datt op dësem Plang d'Regierung eng Navigation à vue mécht. Si weess net, wou se histeiert, an et erënnert mech e bëssen, Dir Dammen an Dir Hären, un d'Situatioun op der Titanic. D'Titanic, wësst Der, déi ass och gefuer, den Äisberg huet ee scho gesinn. An ech hunn d'Impressioun, d'Regierung, déi steet uewen u Bord, den Här Premier hält nach eng groussaarteg Ried, mir fuere viru





mam Feieren a mir fuere stramm flang op den Äisbierg zou.

#### (Interruption par M. André Bauler)

Dat ass e bësselchen déi Impressioun, déi d'Regierung mir hei gëtt. An dat ass eppes, wat mer natierlech net gutt fannen. An duerfir wollt ech dat och haut de Mëtten hei eng Kéier ënnersträichen.

En zweete ganz wichtege Punkt ass deen, ech hu virdru gesot, mir sinn hei an deem Land vill ze vill ofhängeg vum Finanzsektor. Dat heescht awer och, datt déi Diversifikatiounspolitik, déi vun deenen zwou Regierungen, vu Bettel 1 a vu Bettel 2 ugekënnegt ginn ass, iwwerhaapt net gefrucht huet. Wann ech einfach kucken, wat vun neie Betriber an deene leschte Jore komm ass, do ass net vill geschitt.

Ech widderhuelen hei just „Rifkin“. Et ass groussaarteg ugekënnegt ginn. Wat ass am Moment mat Rifkin?

Logistik, ass 2013 gesot ginn, wéi déi éischt Bettel-Regierung an d'Amt komm ass, dat ass eng Prioritéit. Wat ass geschitt um Niveau vun der Logistik?

An da komme mer, Dir Dammen an Dir Hären, bei de Space Mining, ee vun deene groussen Aushängeprojete vun dëser Regierung. An ech muss lech soen, ech hunn do e bësselchen d'Zuele gekuckt. An ech schwätzen elo vläicht hei à l'attention vun deem falschen Adressat, well ech dat eigentlech alles misst dem Här Schneider soen, mee vu datt den Här Schneider jo permanent iergendwou an der Weltgeschicht ënnerwee ass, muss ech dat dann un lech maachen, Här Finanzminister. Ech hu just déi Zuele gesi vum Observatoire de la compétitivité.

#### (Interruption)

Wann Der déi Zuele kuckt, déi soen, datt vun deem Sektour, wéi den Här Schneider mat där Saach ugefaangen huet, dat war 2015, elo, 2017 an 2018, an dat sinn déi lescht Zuelen, déi virleien, d'Valeur ajoutée brute an deem dote Sektour erofgaangen ass. Contrairement zu deem, wat den Här Schneider ëmmer seet, ass et erofgaangen. Dat heescht, et si manner Aktivitéiten do komm. An ech wëll elo net, well ech och d'Zäit net hunn, erëm eng Kéier déi ganz Diskussioun do féieren. Mee wann ech einfach kucken, do sollen 200 Milliounen an dee Sektour investéiert ginn, 200 Milliounen. Déi eenzeg, déi bis elo investéiert gi sinn, déi ganz kloer sinn, waren déi 13,9 (veuillez lire : 13,7) Milliounen a Planetary Resources. An do wësse mer, wat mat deenen 13,7 Milliounen geschitt ass, iergendwéi am Weltall hunn déi sech opgeléist.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Wivill waren dat der?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- 13,7 Milliounen, Här Gibéryen, 13,7. Et ass en impressionnante Chiffer.

► **Une voix**.- Dir braucht en net ze soen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Et ass awer net nëmmen, et ass awer net nëmmen deen dote Chiffer, Här Finanzminister, dee mer ze denke gëtt. Mee ech wollt eigentlech ganz einfach hei nëmmen op de Rapport vun der Cour des comptes zum Budget vum leschte Joer, zum Budget vum leschte Joer kommen, deen dat doten alles incriminéiert huet, dee gesot huet: Esou kann et net virgoen!

An deem gesamte Sektour misst emol fir d'alleréischte e Bilan financier gemaach ginn. Et misst gesot ginn, wat d'Objektiver sinn. Hei kann net einfach esou an d'Blannt geplangt ginn. Et ass awer geschitt. An duerfir wäert ech och eng Motioun elo deposéieren, wou mir formell froen, datt genau dat geschitt, wat d'Cour des comptes gefrot huet an hirem Avis, nämlech datt endlech elo emol hei kloer Zuelen op den Dësch kommen, datt mer gesot kréien: Wéi ass et hei mam Bilan financier? Wéi ass et mat deenen 200 Milliounen? Wou ginn déi genau investéiert?

Mir wëllen natierlech och wëssen, wéi et ass mat deene verschiddenen Institutionen. Ech denken do haaptsächlech un d'Luxembourg Space Agency, déi bis elo nach ëmmer keng Personalitéit juridisch huet, Här Finanzminister. Do ass also villes, wat net esou leeft, wéi et misst. An duerfir erlaabt, datt ech eng éischt Motioun hei deposéieren.

#### Motion 8

La Chambre des Députés,

- saluant la volonté du Gouvernement actuel et des Gouvernements précédents de diversifier

l'économie luxembourgeoise pour réduire sa dépendance envers le secteur financier ;

- considérant que le Gouvernement précédent a ainsi tenté de faire décoller le secteur des technologies de l'espace ;

- considérant que suivant l'Observatoire de la compétitivité, ce secteur représentait en 2017 et 2018 environ 1,5 % de la valeur ajoutée brute du pays (en régression par rapport aux années précédentes) et environ 0,2 % de l'emploi en 2018 ;

- considérant que le Gouvernement précédent a adopté fin novembre 2016 un « plan d'action national en matière de science et technologie spatiales » ;

- considérant qu'il a également retenu un cadre financier pour la période 2017 à 2021 pour élaborer les activités destinées à soutenir le développement du secteur spatial ;

- que le Gouvernement avait annoncé mettre à disposition dudit secteur 200 millions d'euros ;

- qu'en septembre 2018, un cinquième de ce crédit avait été dépensé, dont les 13,7 millions ont été injectés dans la société Planetary Resources ;

- qu'aux termes de l'accord de coalition 2018-2023, l'initiative SpaceResources.lu, de même que la Luxembourg Space Agency continueront à être développées afin de positionner le Luxembourg sur le créneau de l'exploration et de l'utilisation des ressources spatiales et des activités relevant du « NewSpace » et que « l'agence spatiale aura tous les moyens nécessaires afin de développer ses activités dans l'avenir » ;

- déplorant toutefois que ni l'initiative SpaceResources.lu ni la Luxembourg Space Agency ne disposent de la personnalité juridique ;

- que plus récemment, les 22 États membres de l'European Space Agency (ESA) ont décidé d'augmenter le budget de cette organisation ;

- ignorant pour le reste les détails de ces plan, cadre et engagements financiers ;

- notant que dans son avis relatif au projet de budget pour l'année 2019, la Cour des comptes a tenté de procéder à une évaluation de l'initiative Space Mining ;

- notant qu'après avoir passé en revue les objectifs de la politique spatiale, son cadre légal, les principaux intervenants, la Cour des comptes s'est intéressée au volet financier ;

- considérant que, d'après la Cour des comptes, un bilan financier consacré exclusivement au Space Mining fait défaut ;

- qu'au niveau des retombées économiques, il est difficile, voire impossible de se prononcer sur la plausibilité des chiffres avancés par le Ministère de l'Économie (emplois créés et projetés, contribution dudit secteur à l'économie nationale, etc.) ;

- notant que deux des entreprises-phares établies à Luxembourg dans le domaine du Space Mining ont soit échoué, voire changé d'objectif et qu'un troisième acteur n'est pas actif dans le domaine de l'exploration et l'utilisation des ressources spatiales ;

- partageant au demeurant nombre des conclusions de la Cour des comptes exposées dans l'avis précité,

invite le Gouvernement,

- à fournir à la Chambre des Députés une mise à jour de la liste des entreprises travaillant actuellement déjà dans le secteur spatial, de même que des entreprises, institutions et centres de recherche souhaitant collaborer ou s'implanter au Luxembourg,

- à se doter d'indicateurs de performance appropriés permettant d'évaluer de façon claire et objective la réalisation des objectifs de l'initiative Space Mining qu'il convient de rendre plus explicites et mesurables,

- à dresser un compte-rendu mettant en évidence les résultats obtenus au regard des moyens mobilisés,

- à rendre compte à la Chambre des Députés de l'utilisation faite des crédits qui lui ont été confiés sur base d'un rapport comprenant des indicateurs de performance et indiquant, le cas échéant, les raisons pour lesquelles les objectifs préalablement fixés n'auraient pas été atteints,

- à fournir d'ores et déjà à la Chambre des Députés « le plan d'action national en matière de science et technologie spatiales », adopté en Conseil de Gouvernement le 25 novembre 2016, ainsi que le détail des moyens financiers déjà engagés au cours des années 2017 à 2019, de même que le cadre financier pour la période 2019 à 2021 et au-delà,

- à conférer la personnalité juridique à l'initiative SpaceResources.lu et à la Luxembourg Space Agency pour des raisons de transparence et d'accountability, notamment en matière financière.

(s.) Laurent Mosar, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Wann ech dann awer, Här President, elo scho beim Här Schneider sinn, da wëll ech och bei him bleiwen.

#### (Hilarité)

An zwar, Dir wësst et, hate mer virun enger Rei vu Méint eis relativ intensiv ofgi mam Dossier Join. Den Dossier Join, dat ass en Dossier, deen huet zwee Voleten, fir déi Kollegeinnen a Kollegen, déi dat net méi wëssen. Deen ee Volet ass e reng strofrechtlechen, op dee wëll ech elo net agoen, well do ass et un der Justiz, hir Aarbecht ze maachen.

Mee dee Volet, Dir Dammen an Dir Hären, deen huet awer och e finanziellen Aspekt! An do hunn ech mat, „Erstaunen“ geet net duer, mee bal an enger schockéierter Situatioun hunn ech do d'Konte gelies, Här Finanzminister, déi elo Enn Oktober 2019 publizéiert gi sinn - den Här Gibéryen kuckt mech ganz gespaant un -, an do kann een interessant Montante liesen, Här Finanzminister. Do ass et nämlech esou, datt d'Post, déi jo Haapt- an elengen Aktionär an deene Gesellschaften ass, 80 Milliounen Perten ofgesat huet.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Wivill?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- 80 Milliounen, Här Roth! Dir gleeft et och net!

#### (Brouhaha et Hilarité)

80 Milliounen sinn hei an de Sand gesat ginn, Här Finanzminister. An dat geet jo emol net duer, ...

#### (Interruption)

... well dann huet och nach déi eng Societéit Join eng Creance bei enger anerer, op déi se renoncéiert huet, déi huet 16 Milliounen. Dann ass och nach hei en Amortissement vun Avancen, et sinn nach Prêten, déi bei deene verschiddene Banke lafen. Wann een also alles zesummerechent, Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer op 125 Milliounen Euro, déi hei ...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat kann dach net sinn, dat do!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... an de Sand gesat gi sinn. An ech muss soen, ech kann och do net d'Attitud vum Här Wirtschaftsminister, ...

#### (Interruption)

... vum Här Wirtschaftsminister novollzéien, deen da kënnt a seet: „Ech hunn näischt domadder ze dinne. Dat doten ass just d'Schold vun enger schlechter Gestiou vum der Post.“

Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et ëm ëffentlech Gelder. Hei geet et ëm Är, ëm eis Steiergelder. An ech muss lech soen, datt dat heiten eigentlech e kleng Skandal ass, fir net ze soen e groussen, wann hei 125 Milliounen einfach esou an de Sand gesat ginn. An ech kann lech soen: Mir wäerten eis hei net ginn! Sou wéi mer eis net gi bei de Casieren, wäerte mer och weider un dësem Dossier schaffen, well mir fannen dat net normal, wat hei geschitt ass.

Mir froen elo scho säit Wochen a Méint, datt den Här Schneider endlech eng Kéier an d'Kommissioun kënnt. Mee wéi gesot, den Här Schneider ass e beschäftegte Mensch, hie fënnt also ni Zäit, fir hei an déi Chamber ze kommen.

#### (Interruption)

Wann ech awer bei der Diversifikatioun sinn, Dir Dammen an Dir Hären, da muss ech mech awer och e bësselche mat eise grénge Frënn beschäftegen.

#### (Exclamations!)

An eis gréng Frënn, déi mer par ailleurs sympathesch sinn, ...

#### (Hilarité, brouhaha et coups de cloche de la présidence)

... déi hunn eppes, wou ech lech muss soen: Ech sinn elo am 27. Joer hei an deem Haus, ech hunn ni eng Partei erlieft, an ech hunn der vill erlieft, well et waren der och scho vill, déi elo net méi hei sinn, ech hunn der vill erlieft, mee ech hunn ni eng Partei erlieft, déi esou vill waarm Loft geblosen huet.

#### (Hilarité)

D'Fro, déi ech mer just stellen: Wivill CO<sub>2</sub> ass an där waarmen Loft? Dat konnt ech bis elo nach net erausfannen. Dat eenzegt, wat ass, ech hunn d'Impressioun, datt eis gréng Frënn awer trotzdem e bësselche wäit ewech sinn, wat hir Positioun zu der Realitéit ubelaangt.

A wéi gesot, si si mer eigentlech net onsympathesch. Duerfir kucken ech dann ëmmer genau, wat se maachen. An do hutt Der ewell verschidde Grénger, an do gëtt et wierklech e Prachtexemplar, leider ass en net do, mäi Frënd, de François Benoy. Dat si Leit, déi, wa se

hei an der Chamber sinn, da si se ganz kleng, da sinn et esou Realoen. Et héiert ee se bal net. A wa se dann 100 Meter iwwert de Knuedler gaange sinn, da komme se uewen un an dann entpuppe se sech als kampfbereete Fundi.

#### (Hilarité)

Ech weess net, Dir Dammen an Dir Hären, ob dat eppes ze dinne huet mam Chrëschtmaart. Ech weess och net, ob den Här Benoy heiansdo vläicht en Zwëschestopp mécht, fir e kleng Glüwäin ze drénken. Op jidde Fall, op jidde Fall ...

#### (Brouhaha et hilarité)

... op jidde Fall, ...

#### (Coups de cloche de la présidence)

► **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Hien ass net hei.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... op jidde Fall erkennen ech, erkennen ech den Här Benoy net méi erëm.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Hien ass net hei.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech hunn dem Här Benoy et scho gesot, e weess schonn alles, Madamm, ech hat him et schonn am Gemen-gerot gesot. Dir kënnt d'Madamm Beissel froen, also et ass näischt Neies.

Ech wollt et awer nach eng Kéier widderhuelen, well, an dat ass eigentlech dat, wat mech e bësselchen opreegt, fir just e konkreet Beispill ze ginn, an ech schwätzen hei ënnert dem Contrôle och vu Membere vun Arer Majoritéit: Ech hu mat grousser Opmierksamkeet virun enger Rei vun Deeg den Här Kox héieren, deen dann hei seng Iddie virgestallt huet iwwert de Logement an deen dann och e groussen Appell gericht huet un d'Gemengen, si misste vill méi maachen um Niveau vum Logement, et misst vill méi gebaut ginn. Dat wär wichtig. Den Här Benoy a senger Budgetsried huet vun engem Triple-A-Budget gesot, hie géif ...

► **Une voix**.- Schwätzt Der vum Gemenge-rot?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Mee - lauschtert gutt no! - do sot den Här Benoy, hie géif der Gemeng opreechen, et géif ze vill gebaut ginn. Et géif ze vill gebaut ginn!

► **Une voix**.- O!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Hei, d'Madamm Beissel sëtzt do, déi kann dat bestätegen. Wann den Här Wilmes hei wär, dee kéint dat och bestätegen. Dat huet den Här Benoy gesot! En huet der Majoritéit ...

#### (Interruption)

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*).- Dat huet en net gesot!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- En huet dat gesot. En huet gesot, ...

#### (Interruptions)

... et géif ze vill gebaut ginn. Mir kënnen dat gär, kënnen dat gär no... Ech wëll domadder just soen, Här President, ...

#### (Interruptions et coups de cloche de la présidence)

Ech wëll just domadder soen, Här President, datt déi gréng Kollegen eng aner Sprooch hei schwätzen, wéi se e bësselche méi wäit da schwätzen.

#### (Interruption par Mme Josée Lorsché)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Mosar huet d'Wuert a soss keen.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech verstinn, datt d'Madamm Lorsché e bëssen nervös ass, mee dat ass awer net schlëmm.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Neen. Dir geheit dat ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Madamm Lorsché, Dir héiert net gär d'Wourecht.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Madamm Lorsché wëilt eng Fro stellen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Also hei si Leit, déi sinn an där Sëtzung derbäi gewiescht, Här Mosar, déi soe ganz kloer, datt Der hei Saache sot, déi net stëmmen. Hei ass och en Här Back, deen derbäi war. An ech sot just: Verdréit de Leit d'Wieder net am Mond, well dat passt sech net! Sot dat, wat ass, a sot net eppes, wat net war, just fir Leit hei an den Dreck ze zéien! Méi wëll ech net soen.

► **Une voix**.- O!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Madamm Lorsché, also et läit mer ganz wäit ewech, fir hei Leit an den Dreck ze zéien, ech hu just hei Fakten ...

#### (Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

A wéi gesot, an ech wëll d'Madamm Beissel hei guer net eranzéien, déi géif dat awer ouni Pro-





blem confirméieren, wat den Här Benoy do gesot huet.

Ech wëll awer, Här President, wann d'Madamm Lorsché dann erlaabt, virufueren, well et ass eigentlech net dat, wat mech bei deene Grénge am meeschte stéiert. Wat mech bei deene Grénge eigentlech fundamental stéiert, ass, datt et eng Partei ass, wéi ech virdu gesot hunn, déi ganz vill waarm Loft bléist an der Effentlechkeet, iwwerall seet, wat si alles fir de Klima géife maachen.

Abee, Dir hutt vun engem Klimapak geschwat, léif Kolleeginnen a Kolleegen vun deene Grénge. Also ech si jo bestëmmt elo net am Verdacht, e Member vum Fanclub vum Greta Thunberg ze sinn. An ech stinn och net mam Fändel an der éischter Rei bei Fridays for Future.

► **Une voix.** - Ech och net.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech sinn also elo keen, fir lech ze berouegen, dee groussaarteg iwwerdrifwe Fuerderungen hätt, wat de Klimaschutz ubetrëfft. Mee wann ech awer dat kucken, wat Dir do bréngt, dat ass kee Klimapak, dat ass e Päckelchen!

Ech ginn emol net gréng, ech gi rout, esou géif ech mech schommen, wann ech kucken, wat Dir do opzeweisen hutt!

(**Interruption**)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat ass wierklech net déck! Ech mengen, de Mëtten ass et hei vu verschiddene Riedner gesot ginn: Dir späit déck Téin, mee wat awer énnert dem Stréch erauskéint, dat ass wierklech ganz dénn!

An da wëll ech elo emol eppes soen: Dir sidd jo alleguete fir déi gréng Technologien. Ech héiere permanent „gréng Technologien“. Ech héieren dann awer och Ären Här Turmes! Den Här Turmes ass jo e Mënsch ..., ech hunn heiansdo d'Impressioun, wann een den Här Turmes héiert, dat erënnert mech un déi Zäit, wéi ech ... Do hat een nach Proffen, déi waren e bësse méi streng. Dee stoung als Proff ganz uewen an huet vun uewen erof op seng Schüler ageriet an et hat een ëmmer d'Impressioun, de Proff géif een als net ganz gescheit duerstellen. An hei den Här Turmes, dee mécht mer wierklech heiansdo d'Gefill, wéi wann en extreem arrogant wär, wann en anere Leit wëllt erklären, a wat fir eng Richtung datt seng Klimapolitik geet.

Wat mech awer am meeschten nervt, léif Kolleeginnen a Kolleegen vun deene Grénge: Et ginn zwou Technologien, déi wierklech extreem vill Potenzial hunn. Dat ass de Waasserstoff ...

► **Une voix.** - Jo.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat ass de Waasserstoff an dat sinn d'Batterien. Elo soen ech lech, Dir Dammen an Dir Hären: Lëtzebuerg ass néierens an engem Projet derbäi, wou Batterië produzéiert ginn. A mir haten - ech schwätzen hei och énnert dem Contrôle vun de Kolleegen aus der Ekonomieskommissioun -, mir hate virun e puer Wochen eng Diskussioun: Et ass en Trauerspill, muss ech soen, en Trauerspill, datt mir et hei mat deene finanzielle Moyenen - an ech kucken och do den Här Gramegna - emol net fäerdegbréngen, eis un iergendwéi engem Projet ze bedeelegen, wou et ëm d'Produktioun vu Batterië geet, wat wierklech en extreem zukunftschrägtege Sektour ass! Datselwecht gëllt fir de Waasserstoff.

Wann ech den Här Turmes héieren, hunn ech d'Impressioun, datt e fäert, fir dat Wuert Waasserstoff an de Mond ze huelen, datt e sech do géif iergendwéi e Virus oprafen, Dir Dammen an Dir Hären! Mir sinn dat eenzeg Land an der Europäescher Unioun, wat net op de Waasserstoff setzt.

(**Brouhaha**)

An dat ass net akzeptabel. Mir wäerte muer eng länger Diskussioun doriwwer hunn. Ech fannen, mir wëllen en innovatiiv Land sinn. Ma mir hunn d'Moyenen, mir hunn déi finanziell Moyenen! Mir bréngen et net fäerdeg, an déi dote Sektouren ze investéieren, an duerfir muss ech och déi gréng mat an d'Responsabilitéit huelen.

A wann ech da schonn do derbäi sinn, ass nach eppes, wat mech extreem opreegt, dat ass, wann ech dann héieren - an do huelen ech ...

(**Interruption par Mme Djuna Bernard**)

... den Här Finanzminister och mat an d'Boot -: ...

► **Une voix.** - Al!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... „Green Finance“! Dat ass dat neit Zauberwuert! Den Här Gramegna, d'Madamm Dieschbourg - ech gi jo och alt heiansdo op esou Konferenzen -, et gëtt sech ëmäärmelt, et gëtt hei an do. Mir sinn den Zentrum vun der Green Finance.

Abee, Dir Dammen an Dir Hären, sot mir ganz prezis, wat bis elo dës Regierung an déi viiregt Regierung konkreet, zum Beispill um steierleche Punkt, fir d'Green Finance gemaach hunn! Mir sinn effektiv gutt an der Green Finance. Dat ass awer de Meritt vum Privatsektour. Dat ass de Meritt vun der Lëtzeburgersecher Bourse. Dat ass de Meritt vu Banken, déi hei sinn an déi Green Bonds emetteiert hunn.

(**Brouhaha**)

Här Minister, Dir hutt lech de Moien op d'Schëller geklappt mam Sukuk, datt mer de Sukuk - de Sukuk, net de Guckuck, mee de Sukuk -, ...

(**Hilarité**)

... datt mer de Sukuk rembourséiert hätten. Mee, Här Gramegna, ech hätt léiwer, Dir hätt gesot: „Mir hunn deen éischte Green Fund rembourséiert“, wéi de Sukuk. Mat allem Respekt fir de Sukuk, ech fannen et traureg, datt mir ..., datt d'Lëtzeburger Regierung et bis elo emol nach net fäerdegbruecht huet, ee gréngen Emprunt ze lancéieren. Dat ass dach en Zeeche vun Aarmut! An duerfir, an allem Respekt, léif gréng Kolleeginnen, ech géif wierklech vläicht versichen, e bësseleche manner Loft ze blosen! Ech mengen, dat géif eis alleguete besser bekommen.

(**Interruption**)

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen da bei mäin drëtten Punkt, dee vun der Transparenz.

(**Interruption par M. Gast Gibéryen**)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- D'ADR huet vill Riedezäit ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dee vun der Transparenz, well dat ass och een, deen eis relativ vill Suerge mécht. Den Alex Bodry huet virdu a senger exzellenter Ried vun Transparenz geschwat, Transparenz vis-à-vis vun de Bierger. Abee, Här Bodry, ech wär emol frou, wa mer Transparenz hei an der Chamber hätten!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Well ech ginn lech elo e puer Beispiller, wat d'Transparenz an deem Haus betrëfft. Dat éischt Beispill, an ech muss datt awer nach eng kéier soen, och wa mer lech da vläicht langweilen, dat ass déi ganz Casiersdiskussioun. Ech kann net méi akzeptéieren, wann ech elo an déi Kommissioun ginn - an ech schwätzen do énnert dem Contrôle vun enger ganzer Rei vu Kolleegen, notament och Kolleeg vun déi Lénk, déi sech jo och an deem Dossier ganz staark engagéiert hunn -, wann ech elo permanent den Här Bausch do héiere sech op d'Schëller klappen a soen, si hätten alles an deem Casiersdossier gemaach a si hätte vun Ufank u gewosst, wat do ze maachen ass!

Dir Dammen an Dir Hären, si hu guer näischt gemaach! Wann hei net couragéiert Bierger dobausse gewiescht wären, déi relayéiert gi wäer vun der Oppositioun - an net nëmme vum Här Roth a vu mir, vu ville Kolleegen hei an der Oppositioun -, da wäer mir guer net esou wäit an deem Dossier do komm.

Dat mannst, wat ech awer géif erwaarden, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat wär wann zumindest eng kéier och d'Vertreider vun der Regierung géife soen: „Chapeau, Oppositioun! Mir si frou, datt Der deen doten Dossier instruéiert hutt, duerfir si mer virukomm.“ Ech fannen et e bësselechen traureg, well den Här Roth an ech, mir kënnen lech hei ganz vill Antwerte soen. Am Ufank ass et lächerlech gemaach ginn - Här Roth? -, wa mer Froe gestallt hunn, lächerlech gemaach vu Regierungsmemberen.

► **Plusieurs voix.** - O!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- A wann een elo kuckt, wat geschitt ass, da si mer Gott sei Dank méi wäit!

(**Brouhaha et interruptions**)

En zweete Punkt, dat ass déi ganz Thematik - d'Madamm Reding ass elo leider net do - 5G an Huawei.

(**Interruptions**)

Och dat, muss ech lech soen, ass am Moment eng Virwëtzttut. Mir hunn elo gefrot, datt do eng kéier déi zoustänneg Ministeren an d'Kommissioun kommen. Et ass en extreem wichtige Dossier, e wichtige Dossier och fir d'Wirtschaft hei an deem Land. Mir wëssen am Moment net, wat an deem Dossier do leeft. Dat gëtt heftegst diskutéiert um europäeschen Niveau. Et gëtt an eisen Nopeschlänner diskutéiert. Hei héiert ee quasiment näischt doriwwer. An och dat kënnen mir net akzeptéieren!

An dann, Dir Dammen an Dir Hären - an dat ass eigentlech dee wichtigste Punkt -, hu mer dee Punkt vun den MoUen. Et huet sech hei an deem Haus eppes agenëscht, wat mer soss ni kannt hunn. Mir hate soss ëmmer Traitéen, mir

haten international Accorden. Déi hu mer elo op eemol net méi. Elo ginn MoUe gemaach: Et ginn MoUe gemaach mat der chinesescher Regierung. Et ginn MoUe gemaach mat der amerikanescher Regierung. Et ginn MoUe gemaach mat Google. Et ginn iwwerall MoUe gemaach!

A wa mir da froen als Deputéiert, fir déi MoUen ze gesinn, da kréie mer gesot: „A, dat geet net! Déi si confidentiel, déi kënnen mir net kommuniquéieren.“

Den Hummer, Dir Dammen an Dir Hären, ass awer, datt mer deen MoU gefrot hu mat de Vereenegte Staaten. Den Här Schneider huet eis dee refuséiert. Den amerikaneschen Ambassadeur „himself“ huet am Mee Journalisten an aneren Deputéierten den MoU virgeluecht. Dat heescht, den amerikaneschen Ambassadeur huet kee Problem gehat. Den Här Schneider refuséiert haut nach, deem Haus, dëser Chamber deen MoU zur Verfügung ze stellen. Ech soen lech, datt dat net ka sinn! Mir hu kloer dosto: „Et kënnen keng geheim Ofkommesse ginn.“ An duerfir muss och dës Chamber déi MoUe kréien. Duerfir wäert ech och elo hei eng Motioun deposéieren, well wa mer vun Transparenz schwätzen, wa mer wierklech vun Transparenz schwätzen, ass dat doten total inakzeptabel!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen vun der Majoritéit, Dir sidd ugetrueden, fir ze léften, d'Rolluede grouss eropzeloossen. Ech muss lech soen, wann ech kucken, wat do gelaf ass: Di Rolluede sinn esou erof, wéi se nëmme kënnen erofgoen! Elektresch gi se schonn net méi erop an et kritt ee se emol net méi mat der Hand erop, ...

(**Hilarité**)

... esou fest sinn déi Rollueden zou!

Ech géif soen - den Här Finanzminister schwätzt ëmmer vum Triple-A -, ech géif soen, wann d'Regierung een Triple-A verdéngt, dann ass et den Triple-A vun der Intransparenz!

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat ass en Triple-A, dee se op jidde Fall vun eis iwwerrecht kritt.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert, wéi gesot, also och dozou eng Motioun hei deposéieren.

**Motion 9**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la prolifération de memorandums of understanding et autres documents similaires signés par le Gouvernement avec d'autres États, voire des multinationales et autres acteurs privés ;*

*- considérant que ce phénomène a pris de l'ampleur depuis la dernière législature, notamment dans le contexte des tentatives de développement du secteur de l'exploration des ressources spatiales ;*

*- prenant acte de la réponse du Gouvernement à la question parlementaire n° 0681 laquelle indique :*

*« Par opposition à un accord international créateur de droits et d'obligations de part et d'autre des parties signataires et pour la conclusion duquel notre loi fondamentale règle tant la phase internationale (négociation, signature, ratification) que la phase nationale (loi d'approbation et publication au Journal officiel), un MoU constitue une déclaration d'intention sur une volonté commune de nature politique des parties à l'égard d'un projet concret. Ces déclarations ne contiennent aucun engagement de type juridique, ne sont pas opposables aux tiers et ne sont justiciables devant aucune juridiction.*

*La conclusion de telles déclarations n'est partant pas soumise au respect d'une procédure particulière et relève de la responsabilité politique du pouvoir exécutif.*

*Si ces déclarations ne sont pas per se confidentielles, elles documentent néanmoins la volonté conjointe des parties signataires qui au moment de la signature ont légitimement pu s'attendre à ce que le document ne sera pas rendu public par après. » ;*

*- considérant qu'il en ressort donc notamment que ces déclarations d'intention ne sont pas per se confidentielles ;*

*- rappelant par ailleurs que le Gouvernement en place a voulu être exemplaire en termes de gestion de la res publica en mettant l'accent sur la transparence,*

*invite le Gouvernement*

*- à mettre à disposition des députés les déclarations d'intention et documents similaires et annexes déjà signés et à venir ;*

*- à faire en sorte que les parties signataires soient à l'avenir informées de ce que ces documents seront mis à disposition des députés luxembourgeois pour éviter tout malentendu.*

(s.) *Laurent Mosar, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.*

Ech wäert och nach eng Demande maache fir eng Interpellatioun iwwert d'Diversifikationspolitik, well ech haut natierlech elo net d'Zäit hunn, fir dat alles auszuféieren.

A well ech weess, datt Der ongedëlleg gitt, kommen ech dann zum Schluss, wou ech awer nach e puer Bemierkunge wëll maachen, an zwar wëll ech awer hei een, zwee Wieder verléieren iwwert déi Regierung, déi mer hei hunn.

(**Interruptions**)

De Mëtten ass hei geschwat gi vum Här Étienne Schneider. Ech wëll net déi Diskussioun féieren, déi den Här Gibéryen hei geféiert huet. Ech akzeptéieren och, datt all Politiker wéi den Här Schneider zu engem Moment seet: „Et geet duer, ech maache gären eppes aneres am Liewen. Ech halen elo op an engem gewëssene Moment.“ Dat ass parfaitement an der Rei. A wann den Här Schneider herno wëllt bei eng Rei vu Gesellschafte schaffe goen, ass dat fir mech och okay, natierlech ëmmer esou, datt dat och mat de Reegelen vum Comité éthique an der Rei ass.

Wat awer net an der Rei ass, an do kucken ech haaptsächlech d'Kolleeg vun der LSAP, dat ass dat Schauspiel, wat am Moment vum Här Schneider do opgeféiert gëtt. Den Här Schneider seet, e géif demissionéieren, seet awer net, wéini datt en demissionéiert. Dann, wann e gefrot gëtt, deméitéiert en erëm. Et lafe Rumeuren, e géif den 3. Februar demissionéieren.

Ech muss lech soen, léif Kolleeg vun der LSAP, dat ass en onwürdegt Schauspiel, wat den Här Schneider do opféiert. Dat ass en onwürdegt Schauspiel fir lech! An ech bedauern lech, léif Kolleeg vun der LSAP. Et ass en onwürdegt Schauspiel fir eis gesamt politesch Welt. Well lauschtert emol, wat d'Leit dobausse soen iwwert den Här Schneider! Et fält eis alleguerten op de Kapp.

Wann den Här Schneider keng Loscht huet, ma da soll en et soen! Da soll en ophalen a soll engem anere Kolleeg vun der LSAP d'Chance ginn! Mee wannechgelift, kommt mir hale mat deem Pingpongs- an deem Verstoppschesspill do op! Dat ass einfach onwürdegt fir eist Land!

A wann ech da bei der Regierung sinn, kommen ech awer och net laanscht den „homme invisible“, den Här Bettel, dee mer elo während Wochen ...

► **Plusieurs voix.** - Wien?

► **Une voix.** - „Inconnu au bataillon“!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech hat och den Numm scho bal vergiess.

(**Hilarité et coups de cloche de la présidence**)

Den Här Bettel, deen een net méi ganz vill gesäit, zumindest hei an der Chamber. Op anere Plazen ass en zwar ganz wibbeleg, mee hei zumindest héiert een a gesäit een net vill vun em.

(**Hilarité**)

En huet gesot, den Här Bettel, an engem Interview vum Lëtzeburger Land, hien hätt gär Rou. Elo froen ech: Hätt e gär Rou a senger Regierung? Hätt e gär Rou am Land? Oder hätt hien einfach gär Rou fir sech? Wann ech esou kucken, datt en net do ass, hunn ech d'Impressioun, datt e warscheinlech haaptsächlech Rou fir sech wëllt!

Mee, Dir Dammen an Dir Hären, mir brauchen eng Regierung, déi gestalt an net nëmme verwalt. Wann déi Regierung da keng Loscht méi huet oder si wëllt hir Rou hunn oder si huet es genuch, ma da soll se et soen! Mee eist Land verdéngt awer eng aner Regierung wéi déi do!

(**Brouhaha**)

An ech géif vläicht ophale mat enger Ausso vun engem berühmte Fußballtrainer, an déi passt exzellent op Bettel 2: Dës Regierung ass „Flasche leer“! An duerfir wäerte mir dese Budget och net stëmmen.

► **Une voix.** - Giovanni Trapattoni.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Giovanni Trapattoni.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Nach laang net! Dir wäert lech nach vill wonneren, Här Mosar!

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Merci villmools, Här Mosar.

► **M. Gilles Baum** (DP).- Den Här Berger huet de Moien alles gesot.

► **M. Fernand Etgen**, *Président.*- Leschten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Ma-





damm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, léif Kolleeinnen a Kolleeen, ...

(Brouhaha)

► **M. André Bauler (DP).**- Lauschtert der Madamm Hartmann dach no!

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Setzt lech duerch!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Fayot, d'Madamm Hartmann huet d'Wuert.

(Hilarité et interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ganz gutt, Här President!

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Léif Kolleeinnen a Kolleeen, an den Interventiounen, déi vun de verschiddene Fraktiounen a Sensibilitäten zum Budget 2020 gemaach goufen, ass bis elo nach net vill vun der Santé a generell vum Gesondheitswiesen hei zu Lëtzebuerg geschwat ginn.

Den Här Cruchten huet a sengem ganz gudde Rapport - ech hunn nach net d'Erfahrung, fir esou vill Rapporten héieren ze hunn, ech kann awer soen, dass e mer och ganz gutt gefall huet -, Dir hutt an Ärem Rapport d'Augmentatioun, déi eise Budget fir de Gesondheitsberäich virgesinn huet, kuerz duergeluecht.

D'Madamm Hansen huet zu der Santé gemengt, dass „d'Regierung e Brëll bräicht fir hir Kuerzsiichtegkeet“. Abee, ech hu mir dese Votet vum Staatsbudget e bësse méi genau ugekuckt a keng Kuerzsiichtegkeet, mee au contraire Wäitsicht erkannt. Ech wäert a menger Interventioun op déi wichtegst Punkten am Budget agoen an ervirhiewen, wat fir d'Demokratesch Partei wichteg ass.

Direkt am Ufank vun der aktueller Legislaturperiode huet de Gesondheitsministère eng Etüd an Opdrag ginn, déi den aktuellen Zoustand vun de Professions médicales an de Professions de santé hei zu Lëtzebuerg analyséiert huet. D'Madamm Marie-Lise Lair huet hire ganz déif gräifende Rapport dozou am Oktober dëst Joer presentéiert. Hir Conclusiounen soen eis, dass mer eng seriö Penurie u lëtzebuergeschem medezinnesche Personal hunn, dass mer eis mat auslänneschen Dokter an Infirmieren iwwer Waasser halen an dass mir, also d'Politik, gefuerdert sinn, fir dass des Situatioun net chronesch gëtt an d'Prise en charge vun all de Patienten hei zu Lëtzebuerg och an Zukunft garantéiert bleift.

Éischt Patiente leiden awer haut schonn ënnert dëser Penurie, wa si immens laang mussen op Rendez-vous bei Doktere waarden oder souguer net méi kënnen als Patient ugeholl ginn, well den Dokter einfach schonn ze vill Leit ugeholl huet.

Et gëllt dowéinst, schnell ze reagéieren. D'Madamm Lair preconiséiert déif gräifend Reformen an eise Gesondheitssektor, dorënner nei Formen vum Zesummenaarbecht/Synergien tëschent Dokter an medezinneschem Personal, besser Konditiounen, fir de liberale Beruff vum Dokter auszeüben, an Investor an d'Soins primaires, déi eise Patienten zeguttkommen.

Parallèl dozou mussen mer un der Attraktivitéit vun de Gesondheitsberuffer schaffen an dës och an d'Vitriinn stellen an eis méi breet opstellen, wat d'Ausbildung vu medezinneschem Personal ugeet.

Här President, eis Regierung huet sech d'Etüd iwwert d'Démographie médicale zu Häerz geholl an am Budget 2020 scho wichteg Akzenter fir d'Zukunft gesat. Fir dem Mangel un Dokter entgéintzewierken, ass ee wichtegt Element, dass mir deene jonke Leit hei am Land e Medezinnstudium ubidden. Bis elo, an dat ass och dëst Joer nach de Fall, kann een hei zu Lëtzebuerg just ee Joer Medezinn studéieren a muss de Rescht vun de Studien am Ausland maachen. Ab nächstem Joer ass dat anescht, wann déi éischt Studenten op der Uni Lëtzebuerg e Bachelorstudium an der Medezinn kënnen maachen a Spezialisatiounen an der Allgemengmedezinn, an der Onkologie an an der Neurologie ugebuede ginn.

De Staat investéiert 8,5 Milliounen fir dës Formatiounen, eng dältlech Hausse vun iwwer 50 %, déi mir als DP-Fraktioun ganz staark begreissen. Do dernieft si säit der Rentrée vum September d'Indemnitéite fir d'Medezinnstudenten, déi hire Basismedezinnstudium hanner sech hunn, an d'Luucht gaangen op 3.300 Euro an der Médecine générale an op 2.700 Euro an anere Spezialisatiounen pro Mount. Am Staatsbudget si fir dës Indemnitéiten iwwer 2,5 Milliounen virgesinn, wat eng Millioun méi ass wéi nach d'lescht Joer. Dobäi kënn, wéi an der leschter

Froestonn un d'Regierung vun eise Santésministère annoncéiert, eng besser finanziell Ënnerstëtzung vun de Maîtres de stage, déi sech ëm dës Studente këmmern.

► **Une voix.**- Très bien !

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Mir dierfen eis awer net op d'Formatiounen vun den Dokter beschränken. Mir mussen un der Attraktivitéit vun alle Beruffssparten aus dem Gesondheitssektor schaffen. An deem Sënn begreisse mir als DP-Fraktioun, dass de Santésminister an der Kommissioun bei der Presentatioun vum Santésbudget dorop insistéiert huet, dass et op der Basis vun der virgestallter Etüd zu enger Revaloriséierung vun de Gesondheitsberuffer wäert kommen an dass iwwer divers Campagnen nei Talenter sollen ugezunn a fir de lëtzebuergesche Gesondheitssektor solle gewonne ginn. Och heifir sinn am Staatsbudget méi Moyene virgesinn.

Här President, e weidere Punkt am Santésbudget ass dee vun der Digitaliséierung, well och eise Gesondheitssystem muss administrativ moderniséiert an informatiséiert ginn. Dofir ass ënner anerem d'Agence eSanté zoustänneg, déi iwwert d'Plattform eSanté eng méi effizient Notzung vun de Gesondheitsdate garantéiere soll an den Austausch vun Donnéeën vu Patienten ënner Dokter, Apdikten an anere Prestataire an engem securiséierten an RGPDKonforme System erméigleche soll. Dëst leeft iwwert de sougenannten „dossier de soins partagé“, kuerz DSP, a soll esou schnell wéi méiglech Realitéit ginn.

Fir d'Digitaliséierung vum Gesondheitssystem weiderzebréngen an den DSP fäerdegstellen, kritt d'Agence eSanté 2020 iwwer 3,8 Milliounen zur Verfügung gestallt.

D'DP ënnersträicht, dass d'Digitaliséierung doruwwer eraus nach weider Virdeeler bitt, dat souwuel fir d'Patienten wéi och fir d'Dokteren. Am Koalitionsaccord ass zum Beispill d'Telemedezinn festgehalen, well si virun allem am ländleche Raum vu Virdeel ass. Hei sinn oft manner Dokter disponibel a bei engem Noutfall brauch och de CGDIS oft méi Zäit, fir ze intervenéieren.

Mat der Telemedezinn wier et zum Beispill méiglech, sech bei engem Noutfall mam CGDIS ze verbannen an esou duerch déi richteg Prozedur gefouert ze ginn. D'Vereenegung vun den Dokter an vun den Zännokteren huet da virun net allze Laangem eng Applikatioun presentéiert, déi et de Patienten erlabe géif, complémentaire zum DSP an digitaliséierten Accès zu hire medezinneschen Donnéeën ze hunn an iwwert dës securiséiert App och zum Beispill Dokteschrechnungen ze bezuelen oder Krankeschäiner vun Dokter ze kréien an direkt un de Patron weiderzeleeden.

D'Demokratesch Partei hat an hirem Walprogramm eng änlech Iddi presentéiert, nämlech déi vun enger Gesondheitskaart, mat där d'Leit deen Deel vun den Dokteschrechnungen kéinte bezuelen, deen net vun der Krankekeess rembourséiert gëtt. Ob et elo eng App ass oder eng Gesondheitskaart, d'DP gesäit hei zwou Digitaliséierungspisten, déi virun allem dem Patient zeguttkommen, well se villes méi einfach a villes och méi schnell kéinte maachen.

Här President, ech wëll op dëser Plaz als nächst de Secteur extrahospitalier uschwätzen, deen och seng Plaz am Staatsbudget huet.

Virop wëll ech awer betounen, dass Spideeler natierlech en integrale Bestanddeel vun all Gesondheitssystem sinn an an Zukunft och hei zu

Lëtzebuerg hir Wichtigkeet behalen. Ech erënnere kuerz un dee leschte Spidolsplang, wou d'DP-Vertrieder Lex Krieps, Edy Mertens a Gusty Graas sech fir eng regional flächendeckend Versuergung an eise Spideeler agesat hunn. Doropshin ass jo d'Offer u basismedezinneschen Dëngschter weider ausgebaut ginn. Dat war richtig an och néideg.

Fir de Secteur hospitalier ze entlaaschten, ass et awer gradesou wichteg, dass et och Strukturen ausserhalb vun de Spideeler ginn. De Secteur extrahospitalier ass dofir an eisen Ae weesentlech fir e moderne Gesondheitssystem. Zu Lëtzebuerg si mer op deem Punkt par rapport zu anere Länner awer nach wäit hannendran. No engem Urteel vun eise Verfassungsgeriicht am Juli dëst Joer a ganz rezent dëse Mount enger éischer Decisioun vum Verwaltungsgeriicht no dësem Arrêt vun dem Verfassungsgeriicht muss awer elo eppes geschéien.

Zanter 1993 gouf et zu Lëtzebuerg iwwer e Règlement grand-ducal eng Lëscht mat all de medezinneschen Ekipementer an Apparater, déi net vun Dokter fir hir Praxis konnter ugeschaaft ginn, dat well et dës Ekipementer an Apparater exklusiv an de Spideeler sollt ginn. Eist Verfassungsgeriicht huet elo decidéiert, dass dës Aschränkung vun der fräier Ausübung vum Dokteschberuff géint eis Verfassung verstéisst. An Zukunft misst et also méiglech sinn, zum Beispill an IRM oder e Scanner fir e Cabinet médical ze kafen.

(Interruption)

Op Nofro, wéi et no dësem Urteel elo weidergeet, huet eise Gesondheitsminister an der Santéskommissioun erkläert, dass déi ganz Lëscht vun de verbuedenen Ekipementer zesumme mat der CNS op de Leescht geholl gëtt an dass et hei zu enger Ouverture wäert kommen.

De Minister huet ënnerstrach, dass dës Evolutioun virop de Patienten zeguttkënn an enger Rei Leit d'Liewe wäert méi einfach maachen. Et erméiglecht nämlech, verschidde medezinnesch Interventiounen an Zukunft baussent de Spideeler ze maachen an esou besser Disponibilitäten, manner laang Waardezäiten an en insgesamt bessere Confort fir d'Patienten hei am Land ze bidden.

De Santésminister huet awer och richtegerweis ënnerstrach, dass dës Ouverture vum Secteur extrahospitalier zu der Attraktivitéit vum Dokteschberuff hei zu Lëtzebuerg ka bäidroen. D'DP-Fraktioun gesäit dat och esou an encouragéiert eis zoustänneg Ministeren an der schneller Ausschaffung vun der neier Lëscht vu medezinneschen Ekipementer an Apparater, déi d'Doktere kënnen an Zukunft an hire Praxissen installéieren.

Am selwechte Sënn gesi mir de sougenannte „virage ambulatoire“, deen do wou et méiglech ass, Alternativen zu der Hospitalisatioun soll fërderen. De medezinnesche Fortschritt erlaabt et eis haut, datt vill Leit no enger Operation just nach e puer Stonnen am Spidol bleiwe mussen. D'Noversuergung an d'Kontrolle kënnen ëmmer méi oft doheem oder an externe Strukturen gemaach ginn. Et kéint ee souguer nach méi wäit goen a verschidden Agrëffer och ausserhalb vun de Spideeler ubidden.

Doriwwer eraus mussen d'Soin-primairé méi an de Fokus geréckelt ginn, fir datt d'Leit bei engem Problem net direkt an d'Urgence ginn. D'DP ënnersträicht op dësem Punkt de Rôle vun de sougenannte „cabinets de groupe“, also Regruppementen vun Dokter, déi dem Patient

eng besser Disponibilitéit a Flexibilitéit garantéieren. D'selwecht wéi d'lescht Joer stinn am Budget fir d'Fërderung vun de Gruppepraxissen nees 250.000 Euro. 2019 goufen dës Suen awer leider net beusprocht. Fir d'DP-Fraktioun ass et dofir wichteg, dass gepréift gëtt, firwat d'Dokteren nach keng Demandé gemaach hunn an ob et vläicht aner Incitatiounen brauch.

Här President, ofschléissend nach e puer Wuert iwwert d'Preventioun an domat verbonnen d'Beweeegung an de Sport. Preventioun ass schlisslech déi bescht Medezinn. Eis ganz Gesellschaft, Jonk an Al, muss dozou animéiert ginn, sech méi ze beweegen.

Ech si frou, dass de Budget wichteg Akzenter an dësem Beräich setzt. D'Ënnerstëtzung vum Bredesport ass all Su wäert. Besonnesch effikass ass et natierlech, direkt bei de Kanner unzesetzen. Dowéinst solle Mesurë fir déi motorech Educatioun mat 205.000 Euro subventionéiert ginn. Och dat fanne mir natierlech ganz gutt.

De „Long Term Athlete Development“ ass e weidere Programm, deen en aktiivt Liewe vun der Kandheet bis an den héijen Alter fërdert an dowéinst och weider ausgebaut sollt ginn. Déi richteg Mesuren an der Beweeegungs- a Sportpolitik hunn e positiven Effekt op d'Gesondheitspolitik. D'DP begreist dowéinst d'Efforten, déi an dësem Beräich vun eiser Regierung gemaach ginn.

Léif Kolleeinnen a Kolleeen, d'Gesondheitspolitik muss fir eis alleguerten eng absolutt Prioritéit sinn. Am Staatsbudget gesi mir als DP-Fraktioun eng ganz Rei Punkten, déi an déi richteg Richtung ginn an déi, Madamm Hansen, net kuerzsiichteg, mee wäitsiichteg sinn.

(Interruption)

Wa mir de Leit hei am Land och an Zukunft eng exzellent Versuergung wëlle garantéieren, da mussen mer d'Wäitsicht aus dem Budget awer och ëmsetzen. Et ginn nämlech, wéi a menger Interventioun ugeschwat, eng ganz Rei Schrauwen, un deenen an eise Gesondheitssystem gedréit muss ginn. Mir dierfen hei keng Zäit verléieren. Et gëllt also, direkt ze agéieren!

Domadder soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a confirméieren natierlech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dem Budget.

Merci.

► **Une voix.**- Ganz gutt, ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. An da kritt d'Wuert nach den Här Fernand Kartheiser. Um Kont vum Groupe technique stinn nach dräi Minuten.

► **Une voix.**- Dräi Minuten ...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Ma da soen ech lech nach eng Kéier Merci.

(Hilarité)

Ech wollt just op e puer Saache reagéieren, déi mer haut héieren hunn, Dir Dammen an Dir Hären. Dat Éischt, dat ass vläicht eng Bemierkung opgrond vun deem, wat den Här Mosar gesot huet iwwert déi international Accorden.

(Brouhaha)

## Le saviez-VOUS ?

### ADMINISTRATION PARLEMENTAIRE

L'administration de la Chambre des Députés se compose du Secrétaire général, des Secrétaires généraux adjoints ainsi que des fonctionnaires et employés de la Chambre. Le Secrétaire général, qui est le chef de l'administration parlementaire, est élu par la Chambre alors que les deux Secrétaires généraux adjoints qui l'assistent dans l'accomplissement de ses missions sont nommés par le Bureau. L'administration parlementaire comprend actuellement quelque 100 agents.

### BUREAU DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Le Bureau, élu par la Chambre, se compose du Président, de trois Vice-Présidents et de neuf membres au plus. La Chambre élit également des membres suppléants permanents, dont le nombre maximal est fixé à neuf. Le Secrétaire général fait partie du Bureau sans toutefois pouvoir participer aux votes. Le Bureau représente la Chambre sur le plan national et international et règle les questions financières et d'organisation concernant les députés, le Parlement et ses organes. Par ailleurs, il s'occupe de la gestion des affaires de la Chambre et prend les décisions relatives au personnel de l'administration parlementaire.





## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Saisie de texte :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech muss soen, ech freeë mech ausdrécklech doriwwer, datt d'CSV dat opgeworf huet. Mir haten dat hei och scho gesot, an zwar gëllt dat fir all d'international Accorden, och fir d'Programmes indicatifs de coopération. D'Verfassung ass an deem Punkt ganz kloer. An dat, wat mer am Abléck hei erliewen an där Tatsaach, datt d'Chamber déi Accorden net virgeluecht krut, ass einfach eng Verletzung vun der Verfassung. Dofir wäerte mer d'CSV - oder si eis an ëmgekéiert - ënnerstëtzen an deem Dossier.

Iwwert d'Égalité des chances, do huet den Här Clement gesot, datt en der Meinung ass, mir bräichte méi Foyere fir Fraen. Ech sinn och der Meinung, datt dat eng gutt Saach ass. Do wou Leit musse gehollef kréien, musse se gehollef kréien, och iwwert d'Foyeren. Allerdéngs soe mir och als ADR: Mir hunn hei nach kee Foyer fir Männer an Noutsituatiounen! Et gëtt ganz weineg Zëmmeren. Mir hate viru Kuerzem eng Question parlementaire doriwwer gestallt. An et gëtt Zäit, datt mer och deenen Affär ënnert d'Aerm gräifen an och e Foyer grënne fir Männer, déi an esou enger Situatioun sinn.

Iwwert d'Armée, do wëilt ech op dat agoen, wat den Här Graas gesot huet. Éischstens emol brauch ee sech net ze wonneren, sou wéi d'Lëtzebuenger Regierung am Abléck dat mécht, datt et net vill Interessi gëtt - leider net vill Interessi! -, fir sech als Fräiwëllegen an d'Armée ze mellen. Well et sinn des Regierung an déi Regierung virdrun, déi eng ganz Rei Incentives ofgeschaaft hunn, wéi d'Prioritéits-rechter an Exklusivitéitsrechter, déi d'Leit motivéiert hunn, an d'Armée ze goen. Also musse mer kucken, datt mer vläicht op deem Punkt ... Mir musse Karriärspektive bidden a mir müssen och d'Virbereedung op e Militärdéngscht gutt maachen, also COPRAL, a Filiëren an de Schoule schafen, déi d'Leit op e Beruff am Sécherheessektor virbereeden, an der Armée, an der Police, bei der Douane oder och a Privatdéngschter. Mee ech mengen, datt dat néideg wär, fir dat ze maachen.

Bei den Offizier gëtt et och Méiglechkeeten, déi ee ka maachen. Et kann een zum Beispill hi-goan a Leit, déi op net militäreschen Universitéit sinn, déi op enger ziviller Universitéit iergendwou sinn, soen: „Hei, Dir kritt esou vill Ënnerstëtzung, wann Der lech fir esou vill Joer als Offizier spéider an d'Armée mell.“ Mir kënne Wëssenschaftssektiounen an d'Armée aféieren, well mer hei zu Lëtzebuerg en héijen technologesche Grad a militäresche Karrière kënne offéieren: Cyber Security, Weltraumaktivitéiten, alles dat sinn interessant Beruffer, déi eventuell och kéinte benotzt ginn, fir méi Leit a Secteuren ze bréngen, wou mer och eng reell Plus-value am Verdeedegungssektor kënne hunn.

Alles dat si just e puer Iddien, fir dem Här Graas op eng ganz einfach Manéier ze äntwerten, datt net d'Äntwert ass, op Auslänner zréckze-gräifen an domadder Grondprinzipie vun der Organisatioun vum Staat a Fro ze stellen, mee einfach Mëttelen ze huelen, déi iwwerall an alliierten Arméien och benotzt ginn, fir Leit ze motivéieren, sech fir eng militäresch Karriär ze engagéieren. An ech mengen, et gëtt genuch Méiglechkeeten, mee et muss ee se och wëlle benotzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vill-mools, Här Kartheiser. An elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, et ass ëmmer schwéier, esou en Debat ze concluéieren. Ech géif gäre fir d'éischt ufänken - fir herno net de Fue dem ze verléieren -, fir och e puer Wuert vu bonne Chance dem Alex Bodry matzeginn. Ech kennen en och scho ganz laang, ech war zur selwechter Zäit och zu Paräis op der Uni.

#### (Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Et war e gudde Joergang.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Jo, ech géif dat soen, jo: Et war e gudde Joergang! An den Alex ass ganz jonk an d'Politik gaangen an huet do villes bewierkt. Ech si ganz spët an d'Politik komm. Eis Weeër hu sech awer oft gekräizt.

#### (Brouhaha)

Ech géif der gäre alles Gutts wënschen am Conseil d'État, wann dat sech da soll réaliséieren. Ech halen der d'Daimcher. An ech freeë mech, deng Avisen ze liesen. Nun ass et esou, beim Conseil d'État weess een net, wien den Avis schreift. Mee ech hoffen, dass dat jo eng Kéier méi transparent gëtt. Alles Gutts, Alex!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Merci!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Ech hu sechs Punkten, déi ech wëll uschneiden. Deen éischten ass den Elefant, deem am Raum ass, oder deem „net“ am Raum ass, well iwwerhaupt keen driwwer geschwat huet. An dat ass dee Sujet, deem eis während sechs Joer am allermeeschte beschäftegt huet: d'Staatsfinanzen. Et huet bal keen Orateur méi wéi vläicht zwou, dräi Zeile gewidmet dem Defizit vu 640 Milliounen Euro!

Dat ass eng gutt Noriicht, well Dir schéngt jo dann endlech an der Oppositioun och elo d'accord ze sinn, dass eis Staatsfinanze sanéiert sinn. Et ass awer elo ganz rezent, well ech ka mech nach un Debatten am Abrëll erënneren, do hu mer haaptsächlech doriwwer geschwat. An ech ka mech erënneren, dass souwuel vun der CSV-Säit wéi och vun der Säit vum ADR gesot gi war, dass de Budget 2019 irresponsabel wär - irresponsabel! - an net zoumuttbar wär fir déi nächst Generationen. Do gesitt Der, wat fir eng Wonner kënne a sechs, siwe Méint geschéien!

Mee ech hu schonn deemools gesot, dass dat iwwerdriwwer wär. Ech sinn awer da frou, dass mer hei e gewëssene Konsens schéngen ze hunn, dass mer déi finanziell Problemer, déi mer säit 2013 matgeschleeft hunn, dass mer déi geleist hunn an dass mer haut Finanzen hunn, déi op zolitte Féiss stinn. Dat schéngt och d'Oppositioun elo anzegesinn.

Dofir ass d'Oppositioun och ermontert, ganz vill Motiounen ze proposéieren, déi lauter nei Pensée maachen, ouni ze soen, wéi se déi wëllt contrefinanzéieren oder wéi se wëllt Erspurnisser maachen. Wa mer da géifen op dee Wee goen, dann hätte mer erëm en Desequilibrium! Dat ass mäin éischte Constat.

Mäin zweeten ass, dass mer - an dat war eng gutt Diskussioun, fannen ech - eis konzentréiert hunn op e ganz wichtege Aspekt vun den Depensen: op dat Sozial. Mir hunn eis konzentréiert op d'Investissementen an op d'Prudence, sief et an de Recetten, sief et an den Depensen, sief et, wéi mer d'Zukunft wëllen organiséieren.

Ech wëilt kuerz op déi dräi Punkten zréckkommen, fir ze soen, dass mer iwwert dat Sozialt effektiv vill geschwat hunn. De Rapportier huet eis vill Piste gemoolt. Hien huet och eng Rëtsch Kritik gemaach. Mee ech hu seng Kriticken immens konstruktiv fonnt. An ech hu jo och

gesot, dass d'Regierung dat wäert ganz seriö analyséieren a verschiddene Piste wäert no-goën. Mee hie selwer souwéi den Deputéierte Berger, wéi den Deputéierte Bodry hunn awer och ganz kloer gewisen, dass des Regierung an dese Budget ganz vill maachen am Sozialen: 47 %, dat ass d'Hallschent praktesch! Weineg Länner maachen esou vill an deem Beräich. A wann een de Mëtten e bëssen nogelauschtert huet, hat ee bal ee Moment d'Gefill kritt, mir wäeren an engem Land, dat immens sozial ongerecht wär. An ech mengen, dat ass net de Fall!

Zu den Investitiounen - ech mengen, et ass den Deputéierten Alex Bodry, deem dat richtegerweis ënnerstrach huet. Elo kann een e spatze Mond maachen a soen: „2,8 Milliarden, dat ass awer net esou spektakulär; 4,3 % vum PIB, dat ass och net immens. Et misst ee méi maachen.“ Et sinn der vill, déi gesot hunn, et misst ee méi maachen, souwuel op der Säit vun der Regierungspartei wéi an der Oppositioun.

Jo, et ass ëmmer licht gesot: „Et muss ee méi maachen.“ Och do muss een da Prioritéite setzen. Wou spuert een dann op där enger Plaz, fir da méi Investissementen ze maachen?

Mee mir komme vu wäit hier: Mir haten, an ech mengen, et war och den Alex Bodry, deem dat ënnerstrach huet, 2013 1,5 Milliarden. Mir waren do natierlech amgaangen, aus der Kris erauszekommen. Ech wëll dat gären zouginn. Mee mir sinn op 2,8 Milliarden elo! Dat heescht, mir hunn dat bal verduebelt a sechs Joer. Dat kann een awer och net klengrieden!

An dat Allerwichtigst ass natierlech, dass déi Investitiounen och qualitativ gutt sinn. Dat ass och ënnerstrach ginn.

Ech wëilt ganz e bëssen och drop insistéieren, dass, wa mer e Budget hunn, deem am Equilibre ass oder net wäit dovun, dann ass dat, well mer eng Croissance zu Lëtzebuerg hunn. Well d'Croissance generéiert d'Revenuen! An da wëll ech nach eng Kéier zur Croissance ënnersträichen, dass mer haut eng Moyenne vu Croissance zwëschen 2,5 % an 3 % fir Lëtzebuerg hunn, 2019/2020. Wann ech déi fënnf, sechs lescht Joer kucken, hu mer och eng Moyenne vun 3 % Croissance. Dat ass gutt, dat ass dat Duebelt vun der Moyenne vun Europa. Mee dat ass vill manner wéi d'Moyenne vun 1990 bis 2008! Do hate mer eng Moyenne vu Croissance zu Lëtzebuerg vu 5 % ! Mir hunn also elo eng Croissance ronderëm 2,5 % an 3 %, dat ass bal d'Hallschent. An elo féiere mer eng Debat, fir ze soen, mir hätten ze vill eng héich Croissance. Ma déi Debatt hätte mer scho virun 20 Joer da solle féieren!

Mee ech soen awer net, dass déi Debatt onnéideg ass, well mir brauche qualitativ Croissance. An ech mengen, den Émweltaspekt, de Klimaspect passt natierlech komplett an déi Diskussioun do eran, wann een iwwer qualitative Wuesstum schwätzt. An d'Croissance, wëll ech dem Här Gibéryen soen, déi dekrétéiert een net. Elo kann ee sech natierlech immens ustrengen an immens onattraktiv sinn als Land an da kënnt kee bei lech investéieren, da kënnt och kee bei lech schaffen. Mee en Taux de croissance dekrétéiert een net! A grad e klengt Land wéi Lëtzebuerg, wat jo ganz vill Traitéen huet mat sengen Nopeschlänner an der EU - alles éffentlech Traitéen! -, Traitéen huet an Obligatiounen huet par rapport zur Weltbank, zur OCDE, ech kéint déi Lëscht ganz laang maachen, Netduebelbesteuerungsokommessen an esou weider an esou fort.

Mir sinn e Land, wat eng Verflechtung vun Traitéen huet wéi ganz weineg anerer op der Welt. An all déi Traitée si gemaach, fir dass eist Land soll op sinn, attraktiv si fir Investissementer, fir Leit, fir heihinner schaffen ze kommen, fräi sinn, fir dass d'Servicer an d'Gidder kënne hin- an hiergoen. Dat ass dorop, wou mir de Rächtum vun deem Land an de leschten 130 oder 150 Joer opgebaut hunn. Eise Stol, schonn am 19. Joerhonnert, mir hunn e jo misen enzwousch hi verkafen. An ech gesinn eis schlecht dee ganze Modell a Fro stellen!

An ech muss soen, ech sinn oft an Europa ënnerwee, ech ginn oft an Italien. Wann ech d'Debaten an Italien héieren, wou op den Titelsäite steet: „Erëm esou vill Honnertausenden Italieener, déi all Joer d'Land verloossen“ ... An déi, déi haut Italie verloossen, fir an d'Ausland schaffen ze goen, dat sinn net déi, déi virun 100 Joer op Lëtzebuerg komm sinn, déi keng Diplomer haten. Dat sinn déi, déi d'Matière grise hunn, déi gutt Studie gemaach hunn. A mir kréien där awer och eng ganz Rëtsch hei op Lëtzebuerg. Dat ass e richtege Debat bei hinnen: „Wat kënne mer maachen, fir dass eis beschte Käpp an Italie kënne bleiwen?“!

A mir hunn hei eng ëmgekéiert Debatt, mir soen: „Mir hunn ze vill Leit, déi heihinnerkommen, et muss ee lues maachen.“ Et ass e richtege Paradox! An Italien ass net wäit ewech an et ass e Land, wat mat eis an der EU ass a Grënnungsmember ass. Ech mengen, mir hunn e

positiven Zyklus. Mir hunn eng Croissance, déi rasonabel ass, déi muss qualitativ sinn an déi generéiert nei Aarbechtsplazen all Joer. An alles dat garantéiert den Equilibre vun de Finanzen, den Equilibre vun de Pensiounskeesen, den Equilibre vun de Gemengen. Dat kann een, mengen ech, a soll een och net klengrieden. Eng Debatt kann ee roueg driwwer hunn, mee et soll een awer dat en perspective setzen.

Den drëtten Punkt, d'Prudence, ech soen dat, also d'Virsicht, wéi mer all d'Recetten ageschat hunn, wéi mer d'Ekonomie zu Lëtzebuerg oder an Europa aschätzen, d'Diskussioun, ob de Brexit ... Ech mengen, et war de Laurent Mosar, dee gesot huet, et wär nach alles net gereegelt. Dat ass richtig. Mee kommt, mir freeën eis, dass mer do Kloorheet kréien! Wa mer nämlech e Brexit ouni Accord gehat hätten, dann hätten haut d'Orateurs allegueren iwwert de Brexit geschwat, fir ze soen: „Dat do ass eng Katastroph! Mir wëssen iwwerhaupt net, wéi dat gereegelt gëtt.“

An dat ass typesch! Dat ass net nëmmen typesch fir Lëtzebuerg, et ass och typesch fir d'Medien: Wann eppes riichtgeet, da gëtt dat klenggeriet oder iwwerhaupt net kommentéiert. Wann eppes schifgeet, dann ass et ganz grouss an et kann ee bal net méi rasonéieren. Dofir: Kommt, mir freeën eis doriwwer, well dat mécht eis d'Liewe méi einfach! Jo, et ass eng Transitionperiod. Jo, mir wëssen net, wat hannen erauskënn. Jo, si ass kuerz. Mee dat ass déi beschten Ausgangslag, déi mer hätte kënne hunn! An ech muss lech éierlech soen, wann Der mech virun zwee Méint gefrot hätt, ob mer e Brexit mat Accord géife kréien: Do hunn ech d'Chancen ënner 50 % gesinn. An iergendwéi huet de Wand gedréit an et ass elo gelongen.

Ech freeë mech och, dass de Fonds de rééquilibrage budgétaire, wat eng nei Mesure ass, och esou positiv opgehoill ginn ass.

Mäin drëtten Punkt ass ganz kuerz, mee en ass wichtig. Ech géif gären de Lien maachen zwëschen der Diskussioun, déi mer hunn iwwert de PIB du bien-être, wat eng ganz valabel a wichteg Diskussioun ass, mat der Proposition vum Rapportier fir en Observatoire des inégalités, well ech mengen, dass déi zwou Saache matenee verbonne sinn.

Wéi moosse mer dann d'Aarmut? Wéi moosse mer de Rächtum? Wéi gëtt déi Distributioun vu 47 % vun eise Budget gemaach? Kënnt se un? Kënnt et bei deene Leit un, fir déi et geduecht war? Dofir mengen ech, dass een dat soll zesumme kucken. Wéi mer dat solle kucken, mat wellchen Akteuren, soll ee sech gutt iwwerleeën. Mir hunn, dat ass och hei gesot ginn, vill Instituter, déi schonn dorobber schaffen. Mir brauche vläicht net d'Rad nei ze erfannen.

Ech wëll lech awer vläicht just unhand vun engem Beispill soen, dass déi Saachen net einfach sinn, an zweeten, dass se international gekuckt ginn. Eng vun de grouse Froen, déi sech säit siwen, aacht Joer stellen, säitdeem mer ganz niddreg Zënse hunn an Europa an an der Welt, ass folgend - an ech stellen der Europäescher Zentralbank déi Fro reegelméisseg -, dat ass dat heiten:

Wann een elo an Europa kuckt, mir hunn an deene leschte véier Joer 14 Milliounen Aarbechtsplaze geschafft; de Chômage ass halbéiert ginn a véier, fënnf Joer. Dat hate mer nach ni gesi säit de 60er Joren, eng Kreatioun vun Aarbechtsplazen, déi esou séier ass. Wat geschitt normalerweise, wa vill Aarbechtsplaze geschafft ginn? Majo, da ginn d'Salären an d'Luucht, well d'Entreprises ëmmer méi Leit brauchen a wa se manner Leit um Marché fannen - mir gesinn dat jo och zu Lëtzebuerg -, da missten d'Salairé ganz séier an d'Luucht goen. Or, si ginn net méi séier an d'Luucht! An et weess een net richtig firwat. Also kënnt een net méi an en normale Rhythmus vun Inflation, vun enger gesonder Inflation.

An d'Erklärungen dozou sinn zu engem Deel fir verschidde Leit multipel, dat heescht, déi richtig Cause versteet een net, oder et ass eng Ratlosegkeet. An dat ass de Genre Froen, déi ee sech muss stellen, fir d'Equation vun der Aarmut och zu Lëtzebuerg ze léisen.

Mäi véierte Punkt ass och ganz kuerz, well ech mengen, dass et wichtig ass, dass een dat nach eng Kéier an deser Ried kuerz ënnersträicht. Mir hunn e Klimagesetz ausgeschafft, am November ass dat presentéiert ginn, an de Klimaplang ufank Dezember. Mir hu méintlaang als Koalitioun dorobber geschafft. Ech kann lech soen - ech hu selwer vill drop geschafft -, dass mir e Gesetz hunn, wat extreem ambitiéis ass, op där enger Säit, an extreem equilibriert!





► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ambitiéis, well mer minus 55 % Gas-emissioune virgesinn, liicht iwwert deem, wat Europa selwer sech virgeholl huet. An zweets, mir hunn zwou Saachen drageschriwwen, déi awer fundamental sinn an déi awer all Mënsch misste berouegen. Dat ass, dass mer sozial Equitéit do ustriewen, dat heescht déi Mesuren, déi mer wäerten huelen, wat de Klima ubelaangt, wäerten ëmmer mat Offiederingen am soziale Beräich verbonne ginn. Dat hu mer an d'Gesetz geschriwwen.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An dat Zweet, wat mer drageschriwwen hunn, dat ass: Déi Klimaplangdecisiounen - an do kommen der ganz vill am Laf vum Joer, haaptsächlech vum Joer 2020 - mussen natierlech budgetsmeisseg verdrobar sinn. Déi kënnen net à tout prix, egal wéi, egal wéi séier, egal wéi deier ëmgësat ginn. Dat heescht, mir mussen d'Reegele vum Stabilitéits-a Wuesstumspakt anhalen. A mir sinn eis eens doriwwer ginn. Et ass eng Saach vu Rhythmus, wéi mer dat maachen. Mee ech mengen, mir hunn eis de richteg Kader geschaaft.

Mäi fënnefte Punkt ass d'Fiskalitéit. Do sinn eng Rëtsch Saache gesot ginn. Fir d'éischt wëll ech deenen, déi sech e bësse geiergert hunn, dass mer ëmmer op déi Réforme fiscale hiweisen, soen: Déi Réforme fiscale steet am Koalitiounsprogramm. Mir sinn amgaang drop ze schaffen. Dat gëtt déi déifste Steuerreform, déi mer säit ganz laanger Zäit zu Lëtzebuerg gemaach hunn, a mir si matten dran.

A wann ech dann dorop äntweren, wann ech gesot kréien: „Wat macht Der do? A wat macht Der do?“ - „Mir maachen do dat doranner“, dann ass dat jo dat Eenzezt, wat Sënn mécht! Ech ka jo net ufänken, u kleng Rieder ze dréien, fir verschidde Saache bei de Persounen ze änneren, fir verschidde Saache bei den Entreprises ze änneren, wann herno eng grouss Reform kënnt. Ech maache mer d'Liewen doduerch net méi einfach. Mee dat ass awer dat Eenzezt, wat Sënn mécht.

Dofir, déi Virschléi, déi komm sinn - ech versichen, dat esou onpoleemesch wéi méiglech ze soen -, fir verschidde Mesuren elo kuerzfristeg direkt ze änneren: Den 1A schleefe mer säit Joerzénge mat, dee Problem. Dee kënne mer elo net am Handëmdréien änneren.

Den Här Roth huet sech vill Méi ginn, en huet ganz vill Propositione gemaach. An oft huet e jo och selwer gesot: „Dat ass säit 1990 net ugepasst ginn.“

(**Brouhaha**)

Säit 1990, richtig. Majo, dat heescht, Dir hat jo während 23 Joer de Finanzministère ...

(**Protestations et interruptions**)

... an Dir hutt et net ugepasst!

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **Une voix.**- An d'Regierung elo säit fënnef!

(**Brouhaha et interruptions**)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Dir hutt et 23 Joer laang jo net ugepasst. Ech soen dat jo ..., et ass jo reng faktuell. Dofir ass et awer elo net néideg, dat am Stress elo dëst Joer, an den nächsten dräi Méint unzepassen!

(**Interruption**)

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Mee mir wäerten an der Steuerreform all déi Saache kucken a mir wäerte vill vun deene Saachen änneren.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Elo hunn ech dat esou calme gesot, wéi een dat ka soen, well ech hat nach vill aner Iddien.

An dann och d'Progressivitéit! Also eis d'Progressivitéit vun der Steiertabell virzeweieren, déi mer säit 1967 hunn, an elo entdeckt d'CSV op eemol, dass mer eng Progressivitéit hunn, déi eng Katastroph ass! Jo!

(**Hilarité**)

Jo! An dofir hu mir jo och an der Steuerreform vun 2016, déi 2017 agetrueden ass, de Crédit d'impôt pour salariés gemaach, de Crédit d'impôt pour pensionnés an de Crédit d'impôt monoparental, well dat déi eenzeg Aart a Weis war, fir eng Steuerreform ze maachen, wou een dem Mëttelstand entgéintkënn, ouni jidderengem Geld auszedeele bis an d'Onendlecht. De Crédit d'impôt wäerte mer nach oft erëmbegéinen, well dat e Kärstéck wäert gi vun dem Barème unique an där eenzeger Steuerklass. An natierlech musse mer op där Progressivitéit do schaffen. Erëm eng Kéier hei mäi Message: Mir fänken elo net un, do ganz spezifesch Saachen ze maache mam System, dee mer elo hunn. Mir hunn d'Intentioun, méi eng vast Reform ze maachen.

Zu den Akzisen. Ech mengen, dass mer transparent gehandelt hunn. Mir hunn eng éischt Augmentatioun vun den Akzisen - 1 Cent um Bensinn, 2 Cents um Diesel - am Mee gemaach. Mir sinn amgaang ze kucken, wéi dat sech repercutéiert op de Quantitéiten. Mir gesinn, dass dat wierkt. Enfin, do kann ee sech doriwwer freeën, wann een un den Environnement denkt, manner freeën, wann een un d'Finanzen denkt. Mee mir wëlle jo den Tanktourismus reduzéieren. A mir gesinn, dass dat en Effet huet. Elo wäerte mer waarde bis Ufank vum Joer, bis Mäerz, Abrëll, fir ze kucken, wéi mer eis do ajustéiere fir eng Forschett.

Et sinn elo ganz vill Rasonementer gemaach ginn, dass dat dem Klima näischt bréngt, wa Lëtzebuerg manner Spritt verkeeft an dee Spritt gëtt am Ausland kaaft. Dat ass richtig. Mee ëmgekiert: Solle mir dann de Kapp an de Sand stiechen a guer näischt maachen, wa mer international Obligatiounen hunn, déi mer ënnerschriwwen hunn? Dat ass dach net ze verteidegen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Wann awer een eng besser Iddi huet an der Oppositioun, wéi mer dat sollen handhaben: Kommt, mir schwätzen driwwer!

(**Interruption**)

Da wollt ech ...

► **Une voix.**- Ech hunn näischt héieren.

(**Hilarité**)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- An ech mengen, dass mer ...

(**Interruption**)

... de Moment amgaang sinn, do dat Richteg ze maachen.

Da kommen ech zum sechsten a leschte Punkt virun der Konklusioun: d'Finanzplaz, déi gréng Finanzplaz. International Klassementer hunn eis als déi véiertgréngst Finanzplaz klasséiert. Ech weess net genau, wéi si dat maachen, ech sinn awer frou iwwert d'Resultat.

Ech strenge mech elo säit sechs Joer un, soute-nabel Finanzen zu Lëtzebuerg ze promovéieren. An ech kann lech soen, Här Mosar, mir hu vill gemaach! Ech wäert och elo e puer Saachen opzielen.

A wann et de Privatsektor ass, deen den Hauptmotor ass dovun, ma da soen ech: „Tant mieux!“, well wann en dat dann och vu Lëtzebuerg aus mécht, heescht dat, dass d'Ramebedéngungen zu Lëtzebuerg gutt sinn. A si sinn et och. An der Fongenindustrie si Fongen, déi ESG sinn oder déi klimaorientéiert sinn oder déi Mikrofinanze sinn - alles dat, do si mer Leader an der Welt.

D'Bourse hutt Dir selwer genannt, mee do ass de Staat och Aktionär, an ech kann lech soen, deen dréckt an déi selwecht Richtung. Mir hu mat der BEI eng Klimaplattform gemaach, déi unique op der Welt ass! Mir hunn elo dat renouveléiert, mir hunn dat dräi Joer finanzéiert, mir finanzéieren et elo eng zweete Kéier. Mir maachen et op fir aner Länner. A mir wëssen, dass aner Länner an Europa dat dote wëlte matmaachen.

Mir hunn, well mer och Ramebedéngungen hunn, déi ganz gutt sinn, déi gutt Noriicht - déi ass net nëmme gréng, mee et ass eng Noriicht fir d'Finanzplaz -, dass de Méchanisme europäen de stabilité säit dem leschte Mount

alleguerte seng Obligatiounen elo erausgëtt no Lëtzeburger Recht. Virdu war et englescht Recht. An Europa an Euratom hunn dat rezent och annoncéiert, dass se géifen op lëtzeburger-gescht Recht ëmklammen. Da kann eist Recht jo net esou onattraktiv sinn, soss géif dat jo net geschéien.

E Wuert zum Brexit nach, och fir ze soen, mir mussen op där enger Säit oppassen, ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Minister, den Här Mosar wëllt lech nach eng Fro stellen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo.


► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Entschëllegt! Merci! Här Minister, ech wollt awer nach eng Kéier op déi Fro do vun der Green Finance agoen.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat, wat Der gesot huet, dat ass alles richtig. Ech sinn och frou, dass mer eigentlech do där selwechter Meenung sinn, dass do ganz vill Efforte vum Privatsektor gemaach gi sinn. Allerdéngs wësst Der, an Dir hutt dat selwer schonn e puermol verteidegt, dass et wichteg wär, dass mer eventuell fir Fongen, déi gréng wäeren oder sozial nohalte, eng speziell Besteuerung géifen aféieren, wat d'Taxe d'abonnement betrëfft.

Dir wësst, ech hunn am Abrëll vun dësem Joer eng Proposition de loi dozou deposéiert. An déi ass erstaunlecherweis souguer um Staatsrot aviséiert ginn, wat jo net esou oft de Fall ass, dass d'Proposition-de-loie vum Staatsrot aviséiert ginn, wa se vun der Oppositioun kommen. Dat ass awer hei geschitt an ech géif lech och vläicht bieten, deen Avis eng Kéier ze liesen, well awer do e Problem ass - ech hat lech dat jo scho gesot -, dass ech do gesot kréien, dass deen Artikel 176, deen d'Taxe d'abonnement fixéiert, eigentlech net méi konform wär zu der Verfassung. An dofir kréien ech dann eng Opposition formelle do opposéiert.

An ech wollt lech eigentlech just déi Fro stellen, éischters, wéi Dir dat gesitt. Ech mengen - elo net, fir mech hei ze luewen -, ech hunn hei eng Viraarbecht gemaach, déi och, mengen ech, appreciéiert ginn ass vum Staatsrot. Et schéngt awer e Problem ze si manner um Niveau vu menger Proposition de loi, mee einfach um Niveau vun deem Artikel 176. An do géif ech lech och froen, wat Der gedenkt ze maachen, well den Här Roth an ech - dee sech jo och ganz vill mat deenen Theemen do beschäftegt -, mir stellen eis d'Fro, ob iwwerhaupt nach d'Taxe d'abonnement eng Base légale huet, wann de Staatsrot der Meenung ass, dass deen Artikel, deen d'Taxe d'abonnement



CHAMBRE  
DES DÉPUTÉS

d'Chamber live op  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

## d'Chamber online op **www.chd.lu**

- L'actualité parlementaire sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu)
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les pétitions, les émissions « Chamber aktuell » et les vidéos des séances publiques sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- La Chambre et les jeunes : si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu), avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse ? Consultez le site de la Chambre [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- Comment est créée la loi ? Toutes les explications en texte et en images sur [www.chd.lu](http://www.chd.lu).
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui : retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages « organisation et fonctionnement » de la Chambre des Députés.





Sommaire des séances publiques n°s 13, 14 et 15

<b>13<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 188
Communications	p. 188
7503 - Proposition de loi portant modification	
1° de la loi modifiée du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d’habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil	
2° du Code civil	p. 188
Ordre du jour	p. 188
Changement de composition d’une commission parlementaire	p. 188
7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2020 et modifiant :	
1° la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung ») ;	
2° la loi du 27 juillet 1938, portant création d’un fonds de réserve pour la crise ;	
3° la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu ;	
4° la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d’une inspection générale des finances ;	
5° la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;	
6° la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d’une bonification d’impôt sur le revenu en cas d’embauchage de chômeurs ;	
7° la loi modifiée du 28 avril 1998 portant	
a) harmonisation de l’enseignement musical dans le secteur communal ;	
b) modification de l’article 5 de la loi du 24 mai 1989 sur le contrat de travail ;	
c) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l’État ;	
8° la loi électorale du 18 février 2003 telle que modifiée ;	
9° la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d’accise et les taxes assimilées sur les produits énergétiques, l’électricité, les produits de tabacs manufacturés, l’alcool et les boissons alcooliques ;	
10° la loi modifiée du 29 avril 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2014 ;	
11° la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d’avancement des fonctionnaires de l’État ;	
12° la loi du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile ;	
13° la loi du 10 août 2018 portant organisation de l’Administration de l’enregistrement, des domaines et de la TVA	
et	
7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023	
- <i>Rapport de la Commission des Finances et du Budget : M. Yves Cruchten</i>	p. 188-192
<b>14<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 192
7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2020 et modifiant [...] (suite)	
et	
7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)	
- <i>Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances</i>	p. 193-194
- <i>Discussion générale</i>	p. 195-205
<b>15<sup>e</sup> séance</b>	
Ouverture de la séance publique	p. 206
7500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2020 et modifiant [...] (suite)	
et	
7501 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2019-2023 (suite)	
- <i>Discussion générale (suite)</i>	p. 206-227
- <i>Prise de position du Gouvernement</i>	p. 227-229
Ordre du jour	p. 229

fixéiert, eigentlech net méi konform zu eiser Verfassung wär.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, dat ass elo en additionelle Sujet. Ech soen lech vläicht zwou Saachen zur Taxe d’abonnement, et war och souwisou virgesinn, ech war nach net fäerdeg. Ech hunn dat effektiv e puermol schonn ugedeit a Rieden, wann ech d’Akteure vun der Finanzplaz begéint hunn, an et steet och am Koalitiounsprogramm, dass mer géifen an d’A faassen, d’Taxe d’abonnement méi gönschteg ze maache fir soutenabel Finanzen, fir soutenabel Fongen. Ech stinn dozou!

Dat Eenzezt, wat Sënn mécht, ass, dass mer dat ubannen u Krittären, déi incontestabel sinn. An Dir wësst vläicht, dass Europa amgaangen ass, eng Direktiv auszuschaffen - a mir sinn um leschte Stéppel, dat wäert nach vläicht viru Chrëschttag geschéien -, déi d’Definitioune gëtt: Wat ass „soutenabel Finanzen“, wat sinn d’Krittären, zum engen, vun de Produite selwer, an dann zweetens, wat ass de „reporting“ a wat sinn d’Konditioune vun „disclosure“, dat heescht d’Informatioun erausginn an de Suivi an der Zäit, andeem een zréckkuckt, ob ee sech un d’Obligatiounen, un d’Contrainté gehalen huet? Dat alles wäert spëtstens, géif ech soen, am Januar fäerdeg sinn. An da kenne mer jo den europäesche Kader. Da gëtt dat iwwersat an da gëtt dat op den Instanz-zewee geschéckt; bis dat publizéiert gëtt. An da wäert dat en vigueur trieden 2021 oder 2022, dat ass nach net bestëmmt.

An ech sinn der Meinung, à partir du moment, wou mer déi Krittäre kennen, kënnen eis Akteuren, kënnen sech d’Akteuren zu Lëtzebuerg preparéieren a Produiten entwéckelen, déi där neier Reegelung do, deene Standarden do ge-

recht ginn. A fir dat ze encouragéieren, wär ech bereet, an der Steuerreform d’nächst Joer, fir 2021 en vigueur ze kommen, dass déi Taxe d’abonnement soll erofgesat ginn.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Très bien !

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Also do stinn ech derzou. An dat ass och extreem wichteg. Well ech maache gär d’Parallèll mat deem, wat mer 1985, 1986, 1987 hei zu Lëtzebuerg gesinn hunn: D’Fongen-industrie ass doduerch zum Deel zustane komm, net nëmme well mir d’Direktiv als Éischt ëmgosat hunn - dat war nämlech wouer an dat ass och deemools gutt gemaach ginn -, mee well d’Akteure sur place schonn een, zwee Joer virdru Fongen entwéckelt hunn. Dat wëlle mer hei repetéieren.

Zum Artikel 176: Wann ech dat an där kuerzer Zäit, wou ech dat elo gekuckt hunn, gutt verstanen hunn, ass d’Kritik vum Conseil d’État, dass een net e méi gönschtegen Taux ka ginn op Basis vun engem Règlement grand-ducal. Dat muss een iwwer Gesetz maachen. Dat, wat ech elo grad gesot hunn, wa mer dat géifen d’nächst Joer maachen, da maache mer dat iwwert d’Voie légale an net iwwer Règlement grand-ducal.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat ass déi aner Opposition formelle, vun där Dir elo geschwat hutt, déi ass och dran. Mee déi aner huet eppes generell - liest dat! - mat der Konformitéit vum Artikel 176 ze dinn.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Da kucke mer dat och no.

Sou, an da sinn ech bal fäerdeg. Elo wollt ech awer, well den Här Mosar mech do - enfin mech, also eis alleguerten - e bësse gezësst

huet an d’Bild vun der Titanic gebraucht huet, wou ech natierlech fonnt hunn, dass et liicht iwwerdrifwe wär.

**(Hilarité)**

Well d’Titanic, déi geet jo schliisslech ënner zum Schluss. Déi rett sech jo net, d’Titanic.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Dat häntk vun lech of!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, mee ech mengen net, dass mir op der Titanic sinn, Här Mosar.

**(Interruption)**

An ech muss soen, déi Angscht, déi Dir hutt, dass mat all deenen neie Reegelen an der internationaler Steuerlandschaft dat en Impakt op Lëtzebuerg huet, op eis Recetten: Ech deelen déi Analys, awer net an deem Mooss an an deenen Zifferen, déi Dir genannt hutt!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- ... déi Zifferen, et sinn net meng. Et sinn déi vun der Europäescher Kommissioun.

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Jo, jo, do gëtt et eng ganz Panoplie vun Zifferen.

Mee wat hu mer dann elo déi zwee lescht Joer festgestallt? Elo wou déi Landschaft amgaangen ass ze changéieren, hu mer de Moment méi Recetten erakritt, wéi mer jee geduecht haten. Mee mir sinn awer virsiichteg. Ech hunn dat jo a menger Ried haut an och schonn am Oktober gesot: Mir si ganz virsiichteg an der Kierperschaftssteuer, well mer justement déi Risike gesinn.

An elo maachen ech lech net ganz zefridden, mee ech muss dat awer hei soen: Dir schwätzt

vun engem Risk, dee méiglech ass, mee deen een nach net kann ëmfaassen. Wéi d’Regierung Bettel 1 ugetrueden ass, dunn hate mer en Äisbierg virun eis, dee war clairement identifié, an dat war d’Taxation électronique. An do wousst ee genau, wéini e géif kommen a wéi vill e géif kaschten.

**(Interruption)**

An do ass näischt gemaach ginn! Dofir wëll ech soen, dass Der esou virsiichteg mat eis sidd a sot: „Passt op!“, ech akzeptéieren dat 100%eg. An ech kann lech soen: Als Finanzminister ass et mäi Rôle, fir dat seriö ze huelen!

Als Konkusioun wollt ech soen, dass ech ganz geéiert sinn, dass ech mat engem oder mat zwee Moler verglach gi sinn. Fir d’éischt, d’Madamm Hansen huet mech mat zwee Moler verglach, well si huet vun engem Artiste contemporain geschwat, deen e wäisse Carré op e wäisst Blat setzt. Dat ass de Kasimir Malewitsch gewiescht, deen dat gemaach huet. An ech muss lech soen, dat erënnert mech drun, wéi ech Finanzminister gi sinn, do hunn ech nämlech esou e Bild fonnt. Ech hu gekuckt a gekuckt a gesot: „Wéi méchs de et elo, fir dass de déi Finanzen hei erëm an d’Rei kriss?“, well d’Suen hunn ech net fonnt!

**(Hilarité)**

Deen Zweeten, den Dalí, do sinn ech och ganz frou driwwer. Den Dalí ass e Surrealist, deen - ech weess net, wien ënnerstrach huet, dass en awer net abstrakt gemoolt huet - ganz detailléiert gemoolt huet. An ech ka mech och mam Dalí ufrënnen, well ech deen Artist och ëmmer gären hat. En erënnert mech u meng Zäit zu Paräis. Do war eng grouss Ausstellung vum Dalí am Centre Beaubourg, wéi mer do Studente waren. Dat war eng super Ausstellung, wierklech eng super Ausstellung! An den Dalí, deen ass also extreem prezis a sengen Zeechnungen, mat ganz vill Imaginatioun. An ech soe mer: „Dat passt och bei e Finanzminister!“

**(Hilarité)**

An dat Drëtt, dat ass dann de Kolleg Berger, deen dat gesot huet: den Hattrick! Den Hattrick, jo, dat ass jo da Fussball, dräi Goler an enger Halbzeit ...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Wann et alt keng Selbstgoler sinn!

**(Hilarité)**

► **Plusieurs voix.**- Nee, nee, nee!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Also, ech akzeptéieren d’Kompliment natierlech och. Ech géif da warscheinlech eng blo Box undoen. A well eis gréng Kolleegen esou fonnt hunn, dass ech e grénge Minister sinn, géif ech e gréngt Hiem undoen an dann natierlech rout Strëmp.

► **Plusieurs voix.**- A!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Well wann e Stiermer vill Goler schéisst, dann ass dat, well d’Ekip gutt ass. A mir hunn eng gutt Ekip a mir hunn e gudde Budget fir 2020!

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Finanzminister. D’Diskussioun ass elo ofgeschloss. Ier mer zum Vott iwwert de Budget 2020 an iwwert d’Programmation financière pluriannuelle kommen, musse mer muer de Moien nach fir d’éischt iwwert de Projet de loi 7447 iwwert de Compte général fir den Exercice 2018 diskutéieren an ofstëmmen.

**3. Ordre du jour**

Wat elo den Ordre du jour vu muer ubelaangt, hunn ech en Uleies erakritt: Et gëtt proposéiert, fir de Projet de loi 7494, eng Ofännerung vum Regëster fir den État civil, dee muer de Mëtten als leschte Projet um Ordre du jour steet, op den Ordre du jour vu muer de Moien ze verreckelen. De Projet de loi 7494 géif dann als leschte Punkt vum Ordre du jour vun der Sitzung vu muer de Moien drukommen.

Ass d’Chamber mat deser Ofännerung averstanen?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

D’Chamber kënnt muer de Moien um 8.00 Auer nees zesummen. D’Sitzung ass opgehewen.

**(La séance publique est levée à 19.44 heures.)**